Le projet de loi a pour objet d'autoriser le Gouvernement à procéder à la transformation et à l'extension des bâtiments du Lycée Hubert-Clément à Esch-sur-Alzette. Selon le devis estimatif, le coût total des travaux s'élève à la somme de 46.500.000 euros à la valeur 685,44 de l'indice semestriel des prix de construction au 1er octobre 2010.

Selon le programme de construction, le lycée comportera, après transformation et extension, 39 salles de classe ainsi que de nombreuses salles spéciales, ateliers, bureaux, infrastructures sportives, cantine et locaux annexes.

Le programme de construction comprend, outre les aménagements extérieurs, la réalisation et l'aménagement des locaux nécessaires pour la structure d'enseignement, la structure d'administration, la structure d'accueil et les infrastructures sportives.

Dans sa configuration architecturale actuelle, le Lycée Hubert-Clément se compose de plusieurs bâtiments. Tous ces bâtiments seront conservés, sauf celui du gymnase. La cantine et la piscine, ayant récemment été rénovées, ne font pas l'objet de travaux.

À côté des travaux de réfection aux bâtiments existants à conserver, le projet de loi comporte aussi des nouvelles constructions. Une nouvelle aile sera construite entre les bâtiments. Elle fait essentiellement fonction de nouvelle entrée principale. À la place du gymnase à démolir seront construites deux nouvelles ailes.

Le choix des matériaux s'est porté sur des matériaux solides, durables et écologiquement sains. Le concept énergétique prévoit de maintenir l'actuelle installation de cogénération. Il prévoit en plus des isolations thermiques efficaces et il est fait usage d'énergies renouvelables produites sur place par des panneaux photovoltaïques. Les isolants mis en œuvre seront des plus performants, les fenêtres seront remplacées par des ouvrants du type triple vitrage. Tout ceci permettra de garantir un confort optimal aux utilisateurs et une réduction des coûts énergétiques. C'est dans ce même esprit que l'utilisation de la lumière naturelle sera exploitée au maximum.

Dépôt par M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 27.10.2011

Rapporteur: M. Marc Spautz

Travaux de la Commission du Développement durable (Président: M. Fernand Boden):

01.12.2011 Désignation d'un rapporteur
07.03.2012 Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État
13.03.2012 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 27.03.2012

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

SÉANCE 22

JEUDI,
29 MARS 2012

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente • M. Gast Gibéryen, Doyen

Sommaire

1. Constitution de la Sous-commission «Modernisation du droit luxembourgeois des sociétés»

- *M. le Président*

2. Débat de consultation sur les orientations de la politique budgétaire du Gouvernement à la lumière du «Semestre européen»

Débat de consultation sur le Programme national de réforme (PNR) à soumettre par le Luxembourg dans le cadre du processus communautaire «Europe 2020»

- *Exposés: M. Luc Frieden, Ministre des Finances, M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*
- *Débat: M. Marc Spautz, M. Claude Meisch, M. Lucien Lux, M. François Bausch, M. Gast Gibéryen (dépôt d'une motion)*
- *M. François Biltgen, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative (M. François Bausch lui pose des questions)*
- *Débat (suite): M. Serge Urbany, M. Henri Kox, M. Jacques-Yves Henckes*
- *M. Luc Frieden, Ministre des Finances*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

3. 6339 - Projet de loi modifiant les articles L. 126-1 et L. 541-1 du Code du Travail

- *Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi: Mme Vera Spautz*
- *M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 6261 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Nancy Arendt*
- *Discussion générale: Mme Marie-Josée Frank, M. Paul Helminger, M. Marc Angel, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser (dépôt d'une motion)*
- *Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

5. 6337 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas (les États du Benelux) et la République du Kosovo relatif à la reprise et à la réadmission des personnes en situation irrégulière (Accord de reprise et de réadmission) et du Protocole d'application, signés à Bruxelles, le 12 mai 2011

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Claude Wiseler, Nicolas Schmit, Marco Schank, Romain Schneider et Etienne Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.05 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Neen, Här President.

1. Constitution de la Sous-commission «Modernisation du droit luxembourgeois des sociétés»

M. le Président.- D'Presidentekonferenz schléit vir, op Propositioun vun der Commission juridique eng Sous-commission «Modernisation du droit luxembourgeois des sociétés» ze schafen.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Als zweete Punkt vun eisem Ordre du jour beschäftege mer eis haut de Mëtteg an enger gemeinsamer Diskussioun mam Débat de consultation iwwert d'Politique budgétaire am Kader vum Semestre européen a mam Débat de consultation iwwert de Programme national de réforme (PNR) am Kader vun der Strategie „Europe 2020". D'Riedezäit ass hei nom Modell 3 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz, Meisch, Lux, Bausch, Gibéryen, Wolter, Kox an Henckes.

Elo kritt fir d'Alleréischt d'Wuert de Finanzminister, den Här Luc Frieden.

2. Débat de consultation sur les orientations de la politique budgétaire du Gouvernement à la lumière du «Semestre européen»

Débat de consultation sur le Programme national de réforme (PNR) à soumettre par le Luxembourg dans le cadre du processus communautaire «Europe 2020»

Exposés

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den neien däitsche Bundespresident huet am Däitsche Bundestag a senger Untrëttsried d'Fro gestallt: „Wéi soll dat Land ausgesinn, vun deem eis Kanner eng Kéier soen, dat ass eist Land?" An dat ass, mengen ech, och déi Fro, déi mir eis musse stellen am méi begrenzte Beräich vun den öffentleche Finanzen, wëssend awer, datt d'öffentlech Finanzen - d'Einnahmen, d'Ausgaben - d'Grondlag si vu ganz ville Politikberäicher, vun der Gestaltung vun eisem Land, haut an an der Zukunft.

Déi Debatt, déi mer de Mëtteg hei an deem Kontext féieren, ass eng nei Debatt. Et ass fir d'éischte Kéier, datt mer - am Virfeld vun dem Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm, dee mer all Joers op Bréissel schécken, an deem mer soen, wéi eis Statsfinanze sollen an deenen nächste Joren evoluéieren - an d'Chamber kommen, fir mat alle Fraktiounen an domadder am Fong mat alle Bierger am Land ze diskutéieren, wéi si d'Zukunft vun eisem Land a puncto Statsfinanze gesinn a wéi mer op dee Wee wëllen hikommen.

Dës Debatt ass eng Konsultatiounsdebatt. Dat ass eng Debatt, wou solle vill Iddien zesummekommen, deene mer da wëlle Rechnung droen, wa mer de Stabilitéitsprogramm schreiwen, mä och wa mer am zweeten Deel vum Joer de Budget an deem gewinnte Kalenner maachen.

Mä dee Wee, dee mer mussen zeechnen, muss zilführend sinn, an zilführend ass, datt mer an Zukunft och zu Lëtzebuerg gesond Statsfinanze mussen, sollen hunn, datt mer an Zukunft och zu Lëtzebuerg keng héich Schold hunn an datt mer och an Zukunft zu Lëtzebuerg eng gutt Cohésion sociale an en Ëmfeld behalen, wou Aarbechtsplaze kënnen erhalen a geschafe ginn.

D'Situatioun vun de Lëtzebuerger Statsfinanzen ass net gutt. Si ass besser wéi an enger ganzer Rei vu Länner vun Europa, mä si ass net gutt am Verglach mat der Vergaangenheet. An dat huet dermat ze doen, datt iwwert déi lescht puer Joren d'Relatioun tëscht den Ausgaben an den Einnahme vum Stat net méi matenee geotemt huet, datt dat Lach tëscht den Ausgaben an den Einnahme méi grouss ginn ass.

Mir hunn an de Joren 2009, 2010 an 2011 souwuel bei de gesamtöffentleche Finanze wéi beim Stat selwer en Defizit gehat. Ech kann haut hei der Chamber matdeelen, wéi de Kont vum Joer 2011 ausgesäit: D'Joer 2011 schléisst of bei de gesamtöffentleche Finanze mat engem Defizit vun 0,6% - dat sinn 250 Milliounen Euro -, mä um Niveau vum Zentralstat, vum Stat selwer, hu mer en Defizit vun 2,5% oder enger Milliard an 43 Milliounen Euro. Op ee Joer gekuckt ass dat sécherlech keng Katastroph; op e puer Joer gekuckt, mengen ech, muss et eis Suerge maachen.

Mir hunn an de Joren 2009, 2010 an 2011 - dat sinn also definitiv Chifferen - beim Zentralstat all Kéiers en Defizit vu ronn enger Milliard Euro gehat, an et ass fir deen Defizit ze decken, wou de Stat muss Sue léine goen.

Datt den Defizit bei de gesamtöffentleche Finanze méi kleng ass, huet mam Iwwerschoss vun der Sécurité sociale, virun allem der Pensiounskeess, ze doen, mä mat deem Iwwerschoss kënne mer net Strooss bauen, kënne mer keng Schoule bauen a kënne mer keng Paie bezuelen. Also musse mer eis mat deem ufänkende strukturellen Defizit beim Zentralstat an deenen nächste Jore méi geziilt a vun elo u méi zilstrebeg auserneesetzen.

Wien en Defizit mécht, muss dee finanzéieren, a wann een dee wëllt finanzéieren, da gëtt et nëmmen zwee Weeër. Dat eent, dat ass, et muss ee massiv Schold maachen. Déi Schold, déi ass kuerzfristeg bal net ze bemierken, mä laangfristeg ass se eng richteg Belaaschtung fir d'Bevölkerung, well wann d'Schold muss zréckbezuelt ginn, muss een dee Moment d'Steiere ganz vill héijen.

Derbäi kënnt, datt, wann een eng niddreg Schold huet, da kritt ee mat engem gudden Zënsfouss geléint. Dat ass fir de Moment de Fall zu Lëtzebuerg. Mir hu viru Kuerzem, wéi d'Chamber weess, eng Milliard geléint. Mir kruten déi zu engem Taux vun 2,25% fir eng Lafdauer vun zéng Joer geléint.

Wa mer méi eng héich Schold maachen, wa mer iwwer Joren eng héich Schold maachen, wann eise Scholdestand méi grouss gëtt, da geet och d'Zënslaascht erop, net nëmmen an der Zomm vun den Zënsen, déi mer musse bezuelen, mä och am Zënssaz. An dat sinn natierlech Suen, déi mer net hunn, fir kënnen domadder Leit ze bezuelen, Saachen ze bauen, Sozialtransferten ze maachen.

Duerfir ass déi Optioun vun der Méischold fir d'Regierung keng Optioun. Op jiddwer Fall muss de Scholdestand wäit ënnert där Limite bleiwen, wéi en an Europa toleréiert ass - en fait, net toleréiert ass, mä wou deemools gesot ginn ass, wou ee sech muss hibewegen.

Mir hu fir de Moment e Scholdestand vun ongefeier 20% vum Bruttoinlandsprodukt, an ech sinn der Meenung, datt mer net sollen zouloossen, datt dee wäit doriwwer erausgeet.

Wann een déi Optioun vu vill neier Schold ausschléisst, da gëtt et nëmmen eng aner Optioun, an dat ass den Defizit ze reduzéieren duerch en Ofsenke vun den Dépensen oder en Eropsetze vun de Steieren oder eng Mixtur vu béiden.

D'Regierung ass gewëllt, den Defizit iwwert déi nächst puer Joer substanziell ze reduzéieren. Wa mer de Chiffere vum Comité de prévision, deen d'Zesummesetzung ass vun alle Verwaltunge vum Stat, déi Finanzdonnéeën hunn, géifen integral Rechnung droen, da misste mer an deenen nächste Jore deen Defizit pro Joer ongefeier ëm 1,5 Milliarden Euro reduzéieren.

Nun ass et schwiereg an enger esou wirtschaftlech onsécherer Zäit, millimetergenau Previsiounen oder wëssenschaftlech Hypotheesen iwwert dräi Joer millimetergenau ze maachen. D'Regierung mengt duerfir, datt mer op d'mannst am Joer 2013 den Defizit ëm 500 Millioune misste reduzéieren, an och am Joer 2014 nach eng Kéier ëm 500 Milliounen Euro den Defizit reduzéieren. A virun allem musse mer dat - dovunner sinn ech fest iwwerzeegt an dat beweisen d'Beispiller am Ausland -, wa mer wëllen durabel, strukturell eis öffentlech Finanze verbesseren, da musse mer dat maachen, andeem mer d'Ausgaben am Grëff behalen.

Jo, mir brauchen eng nei Dépensëkultur. Dat heescht, mir ginn net méi keng Suen aus, mä mir mussen d'Suen anescht ausginn. An anescht ausginn heescht, datt mer net einfach kënne Joer fir Joer mat engem Wuesstumssaz vun den Dépensen déi einfach weider an d'Luucht schnelle loossen.

Eis Dépensë sinn net all Joers ganz schnell geklommen, mä mir hunn iwwert déi lescht Joren eng Rei Weiderschreiwungen, jo, Automatisme gehat, déi zu staarkem Uklamme vun den Dépensë geféiert hunn. Ech plädéieren also ganz kloer als Finanzminister fir en Ëmdenke bei den Dépensen! Anescht ausginn, vläicht méi, jo, no der Effikassitéit vu verschiddenen Dépensen nach eng Kéier kucken, kucken och no e puer Joer, ob dat, wat gutt gemengt agefouert ginn ass, wierklech säin Zil erreecht huet, oder ob een net am Kontext och vun anere Politiken, déi och agefouert gi sinn, muss dat Ganzt nach eng Kéier iwwerkucken.

Ech hätt gären, datt, wa mer déi Dépensen nach eng Kéier iwwerkucken, wa mer ëmdenke bei den Dépensen, datt mer dat no virun allem dräi Kritäre maachen. Dat Éischt ass ee Kritär vun der sozialer Gerechtegkeet. Et ass evident, datt an engem Land, wou d'Situatioune vun de Mënschen ënnerschiddlech sinn, ee muss kucken, datt déi, déi et am meeschte brauchen, am meeschten op Solidaritéit ugewise sinn, datt déi och vun där Solidaritéit kënne profitéieren. Mä net alles, wat mer maachen, ass fir jiddwereen an an allen Ëmstänn ëmmer an zu jidder Zäit d'selwecht noutwendeg.

Mir brauchen och, wa mer ëmdenken, eng intergénérationnel Solidaritéit. Dat heescht, datt, wa mer kucken, wou mer kënne verschidden Dépensen anescht strukturéieren, a wa mer wëllen - an dat ass mäi Wëllen -, datt jiddwereen am Land säi Bäitrag zu dësem schwierege Wee vun der Gesondung vun eise Statsfinanze leescht, datt mer dann all d'Alterskategorien oder all déi eenzel Gruppe vu Leit, déi et an enger Pyramid vum Alter an enger Gesellschaft gëtt, datt mer déi mat un deen Effort ubannen: déi, déi nach net schaffen; déi, déi um Schaffe sinn, an déi, déi an der Pensioun sinn. Duerfir musse mer an deenen eenzelnen Dépensen, wa mer se iwwerkucken, och déi intergénérationnel Solidaritéit mat berücksichtegen.

An drëttens - ech hunn et scho gesot - d'Effikassitéit vun der Dépense: kucken, ob dat, wat mer wollten zu engem gewëssene Moment, säin Zil erreecht huet oder ob een et net anescht kann op eng méi finanzgënschteg Aart a Weis nach eng Kéier erreechen. Dozou soll och d'Budgetsreform féieren, déi ech hoffe bis zum Enn vum Joer kënnen an de grousse Linnen der Chamber virzestellen, wou ech wëll och méi Evaluatioun vun den Dépensen im Nachhinein kënne maache respektiv wou déi eenzel Departementer och méi Flexibilitéit an, domat verbonnen, och méi Responsabilitéit an der Ausgabekultur kréien, wéi dat bis elo de Fall war.

Mir mussen also bei den Dépensen usetzen. A bei den Dépensen huet de Stat am Fong véier grouss Dépensëbléck, an ech mengen, datt mer wierklech a jiddwerengem vun deene véier Bléck mussen eis Dépensen iwwerdenken a kierzen.

Ee Block sinn d'Investitiounen. Do musse mer d'Prioritéit leeën op déi Investitiounen, déi der wirtschaftlecher Entwécklung vun eisem Land

am meeschten nëtzlech sinn. Mir kënnen net alles bauen, wat mer vläicht wollten. An duerfir musse mer do pro Joer och Aspuerunge maachen.

En zweete Block ass dee vun de Sozialtransferten. Dat ass en Term, dee ganz villes beinhalt. Dat geet vu Familljenzoulagen iwwer Chômage, iwwer RMG, iwwer Moossnamen am Wunnengsbau an esou weider. Iwwer all déi Moossname musse mer och kucken, fir se no de Kritäre vun der sozialer Gerechtegkeet, der intergénérationneller Solidaritéit an der Effikassitéit nach eng Kéier ze iwwerkucken.

D'Zomm, déi mer duerfir ausginn, ass grouss. Et ass bäi Wäitem dee gréissten Deel vun de Statsausgaben, wann ee se no grousse Kategorië kuckt. Duerfir musse mer och do no enger manner grousser Dépense kucken an och zu engem manner groussen Uwuessen op jährlecher Basis vun der Dépense kommen.

Eng drëtt Kategorie sinn d'Rémunératioune beim Stat. Och déi sinn déi lescht Joren ëmmer erëm duerch eng Rei vu Mechanismë geklommen. Mir musse kucken, datt se net ze schnell uwuessen.

A véiertens, d'Fonctionnementskäschte vum Stat. Do muss all Minister, all Ministère Joer fir Joer an engem intensive Screening, deen een nach ka verbesseren, kucke bei all eenzelner Dépense, wat ee kann net méi ausginn, an awer selbstverständlech och kucken, kënnen déi Aarbecht, déi de Service public, wat de Stat ass, muss maachen, op eng adequat Aart a Weis ze maachen.

Niewent den Dépensë gëtt et d'Recetten. Mä ech soen nach eng Kéier: Den Akzent muss op der Reduktioun vun den Dépensë leien. An ech wär och frou, wann d'Chamber an deem Consultatiounsdébat och géif soen, ob si och der Meenung ass, datt a jiddwerengem vun deene véier Bléck soll gespuert ginn, an ob si och eis Meenung deelt, datt den Haaptakzent op der Limitatioun oder der Reduktioun vun den Dépensë muss leien, oder ob se der Meenung ass, datt méi en Akzent op d'Augmentatioun vun de Steiere muss geluecht ginn.

Ech als Finanzminister sinn en fait der Meenung, datt den Haaptakzent muss op den Dépensë leien, well d'Erfahrung am Ausland weist, datt, wann een iwwer eng länger Zäit d'Steieren héicht, dat normalerweis direkt erëm an d'Dépensë leeft an datt een den Ënnerscheed, d'Relatioun tëscht Dépensen a Recetten, déi mer jo versichen, méi kleng ze kréien, datt dat meeschtens nëmme kuerzfristeg derzou féiert, längerfristeg awer net. Och duerfir ass d'Noutwendegkeet, méi op der Dépensësäit an eisen Aen ze maache wéi op der Recettësäit.

Op der Recettësäit kënnt eng aner Contrainte derbäi. Mir musse kucken, datt mer souwuel bei de Privatpersoune wéi bei de Betriber eng Steierlandschaft virfannen, déi eis wettbewerbsfäeg par rapport zum Ausland behält. Mir sinn eng ganz oppen Ekonomie. Vill vun deene Leit, déi hei an d'Land schaffe kommen, vill vun deene Betriber, déi hei op Lëtzebuerg kommen, déi sinn net onbedéngt mat Lëtzebuerg bestuet a mussen net hei bleiwen.

Mir mussen also kucken, datt eis Steierlandschaft e bësse méi attraktiv ass wéi déi an den Nopeschlänner, fir datt mer d'Délocalisatioun vun Aarbechtsplazen an d'Ausland évitéieren.

A bei de Privatpersoune kënnt derbäi - ech mengen, dat ass och kloer a jiddwerengem säi Wonsch och, mengen ech -, datt natierlech deen, dee schaffe geet, och e Maximum wëllt netto matheemhuelen. Jiddweree muss e Bäitrag zur Kollektivitéit leeschten. Et kann een ëmmer doriwwer diskutéieren, wéi héich dee Bäitrag muss sinn. Mä eng Steierlaascht muss fair sinn, muss räsonabel sinn, an ech mengen, muss novollzéibar fir de Bierger sinn. Duerfir ass eng gewësse Leeschtungsfrëndlechkeet, eng Ënnerstëtzung vun der Aarbecht och an der Steierpolitik noutwendeg.

D'Fro stellt sech och an deem Kontext, ob et méi richteg ass, ob een eppes bei der indirekter Besteierung mécht oder op der direkter Steiersäit, wann een hei un déi eng oder déi aner Steierschrauf muss dréie goen, oder bei deenen zwou. D'Regierung huet sech an dësem Moment dorobber nach net definitiv festgeluecht, well mer mengen, datt mer elo emol fir d'Éischt musse kucken, wéi vill mer kënnen un deem Defizit reduzéieren iwwer eng Rei Ännerungen op der Dépensësäit. Mä et ass evident, datt am Endeffekt och eng Rei Steiere mussen am indirekten an am direkte Steierberäich ugepasst ginn.

Den Exercice, dee mer virun eis hu fir déi nächst dräi Joren, ass keen einfachen Exercice; keen einfache fir d'Regierung, keen einfache fir d'Chamber a keen einfache fir d'Leit dobaussen.

Wësst Der, och fir e Finanzminister wär et vill méi einfach, de Leit kënnen ze soen: „Dir kritt méi bei de Sozialtransferten; mir baue méi a mir kënnen eng ganz Rei vu Fonctionnementskäschten an der Zukunft och weider an d'Luucht lafe loossen." Dat ass méi einfach fir jiddwereen. Et mécht ee sech och sécherlech méi beléift, well de Contraire soen ass mënschlech schwiereg, ass an der Saach net evident, an et weess een, datt villes vun deem, un dat mer eis gewinnt hunn, muss geännert ginn.

Dat betrëfft awer am Fong nëmmen dat Kuerzfristegt. Wann een awer laangfristeg wëllt, datt mer an dësem Land e System kënne bäibehalen, wou mer gesond Statsfinanzen hunn, déi d'Grondlag si vun der wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung; wa mer wëllen, datt mëttelfristeg Lëtzebuerg e Land bleift, wou mer kënnen eis Sozialausgabe finanzéieren, ouni mussen duerfir Sue leinen ze goen; wa mer kënnen Investitiounen tätegen, ouni mussen déi nächst Generatiounen durablement ze belaaschten duerch héich Steieren, well se musse Schold zréckbezuelen, dann, mengen ech, gëtt deen Exercice, dee mer musse maachen, vläicht e bësse méi einfach.

En fait ass d'Situatioun eescht. Mir haten ni virdru während esou vill Jore beim Stat en Defizit vun där doten Héicht.

Ech maachen duerfir en Appell u jiddwereen, deen dës Debatt suivéiert, haut an an deenen nächste Wochen, an déi Debatt geet déi nächst zwee Joer weider, et sief dann, et géif en enorme Boom an der Ekonomie kommen, deen een awer an der Weltwirtschaft, an der europäescher Wirtschaft fir de Moment net gesäit, an da mengen ech, musse mer eis alleguerten an engem solidareschen Effort zesummendoen, an da mengen ech och, datt mer et packen!

Domadder fält Lëtzebuerg net zesummen, mä wa mer näischt maachen, da riskéieren déi nächst zéng Joer fir eist Land ganz schwiereg ze ginn. Mir sinn haut an der Verantwortung, an duerfir musse mer elo mat där neier Dépensëkultur ufänken; duerfir musse mer elo fir de Budget 2013 an 2014 ëmdenken.

An engem solidareschen Effort wäerte mer dat och packen, an duerfir begréissen ech, datt mer de Mëtteg hei kënnen an der Chamber eng breet Debatt doriwwer hunn. An ech kann Iech soen, datt all déi Iddien, déi hei de Mëtteg bruecht ginn, an d'Aarbechte vun der Regierung bei der Ausaarbechtung vum Stabilitéitsprogramm bis Enn Abrëll wäerten afléissen.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Finanzminister. Als Nächste kritt d'Wuert den Här Wirtschaftsminister, den Här Etienne Schneider. Här Schneider, Dir hutt d'Wuert.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Budgetspolitik brauch Wuesstum an Europa brauch eng Wuesstumsstrategie. Duerfir ass den Nofolger vun der Lissabon-Strategie definéiert ginn, an deen heescht haut „EU 2020", an hie setzt de Kader fir eng gemeinsam Wuesstumsstrategie fir d'Joren 2010 bis 2020 an Europa.

„EU 2020" ass a fënnef wichteg Beräicher ënnerdeelt ginn: Dat ass fir d'Éischt Recherche an Innovatioun, dann den Enseignement, dann Ëmwelt a Klima, de Beschäftegungstaux, an de fënnefte Punkt ass d'Begrenzung vun der Aarmut. Fir all déi Beräicher do hu mer eis quantitativ Ziler fir déi nächst Jore gesat.

Elo ass et esou, dass all Memberstat déi Strategie, déi Objektiver, déi am „EU 2020" definéiert gi sinn, op eng national Strategie soll ëmdeite respektiv eng national Strategie soll dorauser kreéieren, déi heescht dann „Plan national de réforme", a mir hunn deen hei zu Lëtzebuerg logescherweis dann net „EU 2020", mä „LU 2020" genannt.

Reforme mussen am Intérêt vu méi Wuesstum geholl ginn, an dat souwuel mëttelfristeg wéi laangfristeg. Den Niveau vum Wuesstum huet eng direkt Inzidenz op d'Statsschold. De Luc Frieden ass elo just dorobber agaangen. Duerfir gëtt de PNR och an Zukunft vill méi enk verbonne mam PSC. Dat ass net zulescht de Grond, firwat mer haut déi zwee Programmer och zesumme wëllen diskutéieren.

Wat wäert elo am PNR oder am „LU 2020" fir dëst Joer stoen? Dir wësst, nom éischten Exercice, dee mer 2011 gemaach hunn, krute mer vum Conseil véier Recommandatiounen.

Déi éischt Recommandatioun huet déi budgetär Effortë concernéiert, déi mer musse maachen. De Luc Frieden ass dorobber agaangen. Deen zweete Punkt war eng Pensiounsreform, déi gefuerdert ginn ass. Do läit e Projet de loi vir. Deen drëtte Punkt war eng Reform vun der Indexatioun vun de Salairen. Ech mengen, och do hu mer duerch d'Indexmodulatioun eng wichteg Etapp geholl, déi eis zumindest elo emol bis 2014/2015 ofséchert. An da war de véierte Punkt, de Chômage vun deene jonke Leit erofzesetzen, fir d'Qualifikatioune vun de Jonken och besser mat der Demande vum Aarbechtsmaart ofzestëmmen. Hei sinn eng ganz Rei Mesuren och vum Aarbechtsminister geholl ginn, ënner anerem nach rezent de Plan d'action „Jeunes".

Wann ech elo op déi fënnef Beräicher kommen, déi mer haut sollen diskutéieren, da fänken ech u mat deem éischte Beräich. Dat ass dee vu Fuerschung an Entwécklung. Do läit eisen Objektiv bei 2,3% bis 2,6% Investitiounen - also, par rapport zum PIB - fir 2020 an dem Beräich Recherche an Développement. Mir stellen awer fest, dass mer de Moment eréischt bei 1,63% sinn, obschonns mer eis Efforten erhéicht hunn, mä de PIB ass méi staark geklomme wéi déi Efforten, déi mer do gemaach hunn. Also hu mer do nach eng ganz Rei Saache fir d'Zukunft ze maachen.

Mä den zoustännege Minister huet och eng Lëscht definéiert mat Projeten, déi amgaang sinn, déi ënnerwee sinn. Dat ass zum Éischten am öffentleche Beräich, an der öffentlecher Recherche den zweete Contrat d'établissement mat der Uni, d'Contrat-de-performancë mat de CRPen, dem CEPS, mam FNR a mat Luxinnovation. Da wollt ech nach nennen d'Kooperatioun mat dräi amerikanesche Rechercheinstituter am Diagnostic moléculaire an d'Ëmsetze vum „Triangle de la connaissance" zu Esch/Belval.

Wat elo déi privat Recherche ugeet, do sinn d'Efforten, fir déi agereechten Dossieren am Kader vum RDI-Gesetz an dem Gesetz iwwert d'Protection de l'environnement an der Utilisation rationnelle des ressources ze erhéijen. D'Participatioun vun den Entreprisen un internationale Programmer wëlle mer och do verbesseren. Dat sinn op alle Fall ënner anerem eng Rei vun de Projeten, déi den zoustännege Minister eragereecht huet.

Dir wësst vläicht - just Klammer op -, dass de Wirtschaftsminister soll alleguerten déi Reformvirschléi sammelen, déi vun deene verschiddene Ressorte kommen, a se dann an deem Plan national de réforme oder „LU 2020" zesummeféieren.

Deen zweete Beräich, op deem mer wäerten nach méi aktiv ginn an nächster Zäit, dat ass dee vum Enseignement. Do hu mer zwee Ënnerobjektiver. Deen éischten ass dee vun de Schoulofbriecher. Do ass d'„Objektiv 2020" dat, dass net méi wéi 10% - also, et soll ënner 10% leien - vu Jonken d'Schoul fréizäiteg ofbriechen. Deen Taux hu mer elo schonn erreecht, well mir leien do bei 9%. Dat ass also e positive Punkt.

An och den Taux, wat d'Bierger tëschent 30 a 40 Joer ugeet, déi en Diplom am Enseignement supérieur hunn, do ass et esou, dass den Taux op 40% festgeluecht ass. Laut dem Statec sengen Zuele leie mer do iwwer 40%. Et muss ee soen - vläicht just als awer interessanten Detail -, dass den Taux bei de Lëtzebuerger bei 40% läit, a bei den Netlëtzebuerger, déi zu Lëtzebuerg wunnen, läit e méi héich wéi 40%.

Wat sinn nach Objektiver, déi d'Ministesch mer eragereecht huet? Dat ass d'Promotioun vun der Réussite an der Schoul. Dat ass iwwert d'Reform vum Enseignement fondamental, d'Kreatioun vun der Maison de l'orientation a vun der École de la deuxième chance, d'Reform vun der Formation professionnelle vun 2008 mat der Introductioun vun der Formation professionnelle de base. Dat sinn, wéi gesot, e puer vun deene Sujeten, déi am Beräich Éducatioun wäerte realiséiert ginn.

Drëtte Beräich ass de Beräich Energie a Klima. Dir wësst, dass mer e Klimaobjektiv hunn, wat d'Emissioun vun Zäregasen ugeet. Do solle mer e Minus vun 20% hunn bis d'Joer 2020. Do leie mer laut de leschte Statistike vun 2009 bei nëmmen engem Minus vun 9%. Firwat d'Statistike vun 2009? Well mer eis de Moment nach net op déi vun 2010 kënne baséieren, well déi nach net offiziell ugeholl sinn. Duerfir baséiere mer eis de Moment op Eurostat-Zuele vun 2009.

Ech ginn awer dovunner aus, dass déi 2010ter Zuelen eigentlech méi schlecht sinn, well 2009 dat eigentlech gréisste Krisejoer war, wou och an der Stolindustrie vill manner Produktioun war an doduerch wahrscheinlech dat Zil do besser war wéi dat Joer duerno.

Am Beräich vun erneierbaren Energien hu mer en Zil vun 11% bis d'Joer 2020 och. An do louch 2009 eisen Taux bei 2,7%. Dir gesitt, dass hei nach ganz vill Efforten néideg sinn, an ech hunn och annoncéiert, dass ech deen Taux bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod wëll verduebelen, dat duerch eng besser, virun allem méi eng intelligent Förderung vun den Investitiounen an deem dote Beräich.

En drëtte Punkt am Beräich Energie a Klima ass d'energetesch Effizienz. Do ass am PNR 2011 en Zil gesat gi vun 10,38%, dat fir 2016 ze erreeche wier. Mir hunn awer elo geduecht, mir géifen deen doten Taux an d'Luucht hiewen. Dat heescht, mir hu fräiwëlleg eist Zil do erhéicht op 14,06%, wou mer mengen, dass mer dat misste kënnen erreeche bis 2016.

Ech wëll och do un déi Energieeffizienzdirektiv erënneren, déi de Moment op europäeschem Niveau diskutéiert gëtt. Déi soll ënnert dänescher Présidence am Juni gestëmmt ginn, mä do gesäit et ganz derno aus, dass eng ganz Rei Länner dat do wëlle blockéiere mat alle méiglechen Argumenter, an dohier och de Lëtzebuerger Virstouss, fir ze soen: „Majo, da kommt, mir mussen eng Rei méi flexibel Mechanismen do aféieren, wa mer iwwerhaapt wëllen, dass et zu där Direktiv kënnt."

D'dänesch Présidence huet mer och dowéinst e Bréif geschriwwen, fir Merci ze soen, dass Lëtzebuerg se esou staark doranner ënnerstëtzt, an et ass also net esou, wéi e gewëssenen Europadeputéierte sech indigniéiert huet: mir géifen déi Direktiv futtimaachen. Mir maache just de Contraire, mir wëllen nämlech derfir suergen, dass iwwer esou e Kompromiss et iwwerhaapt zu där doten Direktiv kënnt, duerfir…

(Interruption)

Gelift?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Wie war dat dann?

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Den Här Turmes huet sech doriwwer opgereegt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Net datt een aneren, e Falschen, a Verdacht géif kommen!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Neen, neen, neen! Dat wier net schéin. Dat wier net schéin.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, et ass besser, et nennt een d'Nimm.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Dir sidd schonn ëmmer esou oft am Verdacht fir alles.

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Ech hat gemengt, et wier den Här Engel.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Neen, neen, neen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Oder d'Madame Lulling. Et weess ee jo net.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Et ass op alle Fall esou, dass déi dänesch Présidence bis elo een eenzegen Alliéierten an hirem Projet huet, an dat ass Lëtzebuerg. Duerfir ass déi Kritik, déi deemools oder viru Rezentem koum, net richteg. Dovun ofgesinn hunn ech och annoncéiert am Conseil vun den Energieministeren, dass, même wann et net zu där Direktiv kënnt, Lëtzebuerg wäert en Engagement huelen, fir an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung esou eng Energieeffizienzklausel dranzeschreiwen.

Dovun ofgesinn hu mer och am Beräich vun der Energieeffizienz e Projet elo lancéiert zesumme mat der FEDIL, oder mir wäerten deen deemnächst zesumme mat der FEDIL lancéieren, fir eng Léierfabrik fir Energieeffizienz am Produktiounsprozess op Lëtzebuerg ze kréien. Mir waren eis do e Modell op München ukucken, op d'Technesch Universitéit oder Héichschoul zu München. A mir wëllen esou e Projet hei zu Lëtzebuerg maachen, deen dann alle Betriber hei zur Verfügung steet, fir ebe just hir Energieeffizienz ze verbesseren.

Da kommen ech zum véierte Punkt. Dat ass dee vun dem Beschäftegungstaux. Do ass den Objektiv bei 73% fir d'Joer 2020. 2000 hate mer en Taux vu 67,4%, 2010 ware mer eropkomm op 70,7% an 2011 si mer erëm liicht erofgefall op 69,8%, wat domadder ze dinn huet, dass dat do awer d'Auswierkunge ware vun enger ganzer Rei Failliten, speziell och an der Baubranche, déi do natierlech eisen Taux verschlechtert hunn. Mir sinn also op der richteger Schinn. Mir ginn no uewen. Mä och hei hu mer nach e bëssen ze schaffen, fir déi 73% ze erreechen.

Den Aarbechtsminister huet jo och do eng ganz Rei Initiativë lancéiert. Fir d'Éischt emol eng organesch Mesure, wat d'Reform vun der ADEM eemol ass, d'Kreatioun vum Observatoire du marché de l'emploi, dat rezent Gesetz iwwert d'Weiderbildung, déi Initiativ „Fit4job". Doriwwer eraus sinn nach eng Rei Mesuren annoncéiert an och scho geholl fir déi Jonk, Mesurë geholl, fir méi Fraen op den Aarbechtsmaart ze kréien, an och Mesurë lancéiert, fir méi Senioren am Aarbechtsmaart ze halen.

Dann hu mer dee fënneften a leschte Beräich. Dat ass den Aarmuts- an Exklusiounsrisiko. Do

hate mer eis 2011 kee quantitativt Zil ginn, mir hunn eis awer fest virgeholl, dat dës Kéier ze maachen. Duerfir ass d'Familljeministesch amgaang, do en Zil auszeschaffen. Dat ass awer nach net offiziell, well et nach net duerch de Conseil gaangen ass, mä do wäert awer een offiziellt quantitativt Zil kommen, zu deem mer eis als Regierung wäerten engagéieren.

Eng Rei Initiativë gi gestart oder sinn zum Deel scho gestart vun der Familljeministesch. Dat ass ënner anerem eng besser Offer vu sozioéducativë Structures d'accueil fir Kanner, eng Sensibilisatioun vun Elteren, déi den RMG kréien, iwwert d'Chèques-services Accueil, eng Augmentatioun vum Taux d'activation vu Leit, déi den RMG kréien, an eng Kreatioun vun 30 Offices sociaux, fir ebe just de Cercle vicieux vun der Exclusion sociale ze briechen.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Objektiver sinn enk matenee verbonnen. Besser Resultater an der Schoul verbesseren d'Chancen, fir eng Aarbecht ze fannen, wat natierlech eise Beschäftegungstaux verbessert an domat och den Aarmutsrisiko reduzéiert.

Ech mengen elo, wat de Kalenner ugeet, Iech kënnen ze soen, dass mer - net „kënnen" ze soen, mä „mussen" ze soen -, dass mer musse bis Enn Abrëll spéitstens dee Plan national de réforme an der Kommissioun zu Bréissel ofginn. D'Kommissioun, déi kuckt sech deen dann un a schafft eng Rei Recommandatiounen aus. Déi ginn dann am Conseil européen diskutéiert. Déi ginn dann erëm validéiert vum Conseil. An dann Enn Juni, uganks Juli misste mer déi Recommandatiounen dann zougestallt kréien, op déi mer dann alt erëm musse reagéieren. Mä domat wier dann dat Europäescht Semester fir 2012 ofgeschloss.

D'Zil vum PNR ass, eist Land gestäerkt aus dëser Kris ze féieren an eise Wirtschaftswuesstum méi intelligent, méi nohalteg an och méi inklusiv ze gestalten. Allerdéngs wëll ech hei soen, dass, wa mer vun engem Wuesstum schwätzen, dee méi intelligent, méi nohalteg a méi inklusiv soll sinn, dass mer net op déi Schinn wäerte goen, fir null Wuesstum ze prônéieren.

Ech mengen, mir hunn alleguerten déi lescht Jore gesinn, wat et bedeit, wa mer net méi genuch Wuesstum hunn: Mir hu méi en héije Chômage, mir hunn exzessiv Defiziter, an och eis Statsschold klëmmt. Duerfir mengen ech, dass fir all déi, déi ëmmer plädéiert hunn a Richtung Nullwuesstum, dass am Fong déi Kris, déi 2008 lassgaangen ass, eis gewisen huet, dass dat kee Modell fir Lëtzebuerg ka sinn.

De PNR ass a sech kee Selbstzweck, et ass keng Fin en soi, mä d'Zil ass, wéi gesot, méi Wuesstum a Beschäftegung ze kréien.

(Interruption)

Pardon?

(Interruption)

Ech hunn elo keen heibanne gemengt, mä déi Diskussioun gëtt ganz generell jo awer gefouert vun enger ganzer Rei Leit, déi mengen, dass de Wuesstum eis néierens méi hifiert an dass ee soll an eng Richtung vun Nullwuesstum goen. Ech wollt domadder net hei ee Member aus dësem héijen Haus viséieren, mä et ass awer eng Diskussioun. An ech mengen einfach, dass déi lescht Jore gewisen hunn, dass dat kee Modell ka si fir Lëtzebuerg.

D'Zil ass, wéi gesot, vun deem ganze PNR oder „LU 2020", méi Wuesstum a Beschäftegung am Intérêt vum Wuelstand vun eise Bierger ze schafen an och vun den zukünftege Generatiounen. Duerfir soen ech Iech elo scho Merci fir Är Interventiounen an eventuell och nach fir Är gutt Iddien, déi mer am Laf vun deem Débat hei wäerten héieren, déi mir dann och nach ganz gären an dee Plang wëlle mat afléisse loossen, éier mer deen da Mëtt vum nächste Mount wäerten op Bréissel aschécken.

Ech soen Iech villmools Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Wirtschaftsminister. An als éischte Riedner ass den Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. Marc Spautz *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir befaassen eis haut mat engem Débat de consultation, wou d'Regierung gären Impulser hätt, wéi déi budgetär Orientatioun vun eisem Land soll ausgesinn. Gläichzäiteg steet och eng Debatt iwwert de PNR 2012 um Ordre du jour. Dass déi zwou Debatten zesumme stattfannen, läit kloer op der Hand. Souwuel déi budgetär wéi och déi strukturell Politike sinn enk matenee verbonnen. Dofir ass et a mengen Ae wichteg, als Éischt e kuerze Résumé vun dem ganzen décisionnelle Kader ze maachen.

D'Finanz- an d'Wirtschaftskris 2008/2009, wéi och déi europäesch Scholdekris hunn d'Schwächte vun der EU ervirgehuewen, notamment wat d'Koordinatioun vun de wirtschaftlechen a budgetäre Politiken an der Eurozon ugeet. Dës Krisen hunn eis kloer gewisen, wéi vernetzt déi 27 EU-Wirtschafte sinn, a virun allem déi aus der Eurozon, a wéi bluttnoutwendeg et ass, gemeinsam no Léisungen ze sichen, fir aus der Kris erauszekommen a gemeinsam Strategien ze entwéckelen, fir dass Europa, ergo all europäescht Land, de Wee vun engem intelligenten, nohaltegen an inklusive Wuesstum aschléit.

Dëst ass d'Zil vun der Strategie „Europa 2020", déi d'Lissabon-Strategie ofléist an déi eng éischt Äntwert op d'Krise war. Dës Strategie soll nees d'europäesch Wirtschaft relancéieren. Si geet awer net duer, notamment fir d'Scholdekris an Europa anzedämmen. Esou ass d'Iddi vun engem Semestre européen opkomm, vun engem Instrument, dat déi wirtschaftlech a virun allem déi budgetär Politike vun den EU-Länner besser an am Virfeld koordinéiere soll.

Dësen neie Werdegang, dës nei Prozedur ass d'lescht Joer fir d'éischte Kéier ufanks Januar mat der Publikatioun vum jährleche Wuesstumspabeier vun der Kommissioun, dem Examen annuel de la croissance, oder kuerz dem EAC, an d'Wee geleet ginn. Dës Publikatioun ass op verschiddenen europäeschen Niveauen diskutéiert ginn, notamment um Niveau vum Conseil, wou och déi strategesch Ausriichtunge festgehale gi sinn, un deene sech d'EU-Länner orientéiere sollen, wann et drëms geet, fir déi mëttelfristeg budgetär Strategien am Kader vun hire Stabilitéitsprogrammer ze definéieren.

De Semestre européen huet eng Rei vu prozedurale Modifikatioune mat sech bruecht. All Land soll spéitstens bis Enn Abrëll souwuel säi Stabilitéitsprogramm wéi och säi Reformprogramm zesummen op Bréissel schécken. Op Basis vun dëse Programmer huet déi Europäesch Kommissioun och d'lescht Joer ufanks Juni eng Rei Recommandatiounen un d'EU-Länner formuléiert, déi vum Conseil Enn Juni iwwerholl gi sinn an déi an déi national Budgete missten afléissen.

Fir komplett ze sinn, muss een och drun erënneren, dass d'Länner vun der Eurozon plus verschidden aner EU-Länner sech ausserdeem engagéiert hunn, am Kader vum Euro-plus-Pakt Moossnamen ze huelen, fir hir Kompetitivitéit ze verbesseren. Dëse Pakt schléit eng gréisser wirtschaftspolitesch Koordinéierung a Konvergenz vir.

An Enn d'lescht Joer ass och nach dee sougenannten „Sixpack", deen als Zil huet, d'Gouvernance économique ze renforcéieren, a Kraaft getrueden. Iwwert de Wee vun engem neien Alarmmechanismus, dem sougenannten „MIP", deen op enger Rei vun Indicateure baséiert, solle makroekonomesch Ongläichgewiichter verhënnert ginn. De „Sixpack" soll als Support fir d'Emsetzung vum Semestre européen déngen.

De Wuesstumspabeier fir 2012, deen am November 2011 presentéiert ginn ass an dee während dem Fréijoerssommet vun dësem Joer um Niveau vum Conseil diskutéiert ginn ass, ass den Optakt vun der zweeter Editioun vum Semestre européen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an der Note, déi mir vum Wirtschaftsministère kruten, steet dran, dass de PNR 2012 de Recommandatiounen, déi vun der Kommissioun am Kader vun de Stabilitéits- a Reformprogrammer fir d'Joer 2011 u Lëtzebuerg adresséiert a vum Conseil guttgeheescht goufen, Rechnung dréit. Ech erënneren drun an dësem Kontext, dass no dëse Recommandatiounen eist Land: eng ëmfaassend Reform vu sengem Pensiounssystem aleede misst - Stéchwuert verstoppte Sozialschold -, de System vun de Salairen iwwerkucke sollt a Moossnamen ergräife misst, fir de Jugendchômage ze reduzéieren.

Dat sinn éischter strukturell Reformen. Eng Recommandatioun huet awer och kloer eng budgetär Konnotatioun a steet am Zesummenhang mat dem Stabilitéitsprogramm an de Stabilitéitskritären: An zwar soll Lëtzebuerg méi ambitiéis sinn a Saache budgetär Consolidatioun a mir sollen, no Bréissel, e gréisseren Effort maachen, fir den Defizit méi schnell ofzebauen, fir mëttelfristeg ab 2012 en Iwwerschoss ze schreiwen.

Fairerweis muss ee soen, dass d'Kommissioun, wéi se dës Recommandatioune geschriwwen huet, vu wesentlech besseren Zuelen a Prognosen ausgaangen ass, wéi déi, déi mir aktuell um Dësch leien hunn. An dat zielt iwwregens net nëmme fir eist Land. Europawäit huet sech déi wirtschaftlech Situatioun zënter dem leschte Summer verschlechtert.

Effektiv sinn eng Rei vun de Moossname geholl ginn, déi am Kader vun dëse Recommandatiounen ze gesi sinn. Esou huet d'Regierung Enn Januar e Projet déposéiert, deen de Pensiounssystem soll reforméieren. Mir kënnen net de System, esou wéi en ass, weiderlafe loossen, soss renne mer an eng Mauer.

De Gesetzesentworf gesäit eng Rei vu Mechanismë vir, déi der Regierung erlabe wäerten, méi séier anzegräifen, wann et noutwendeg ass. Esou zum Beispill gesäit d'Reform d'Méiglechkeet vun enger Hausse vun de Cotisatioune vir, och wann dëst net haut oder muer geschéie soll, mä wann d'Situatioun et erfuerdert. D'Mesuren, déi d'Reform virgesäit, léisen awer net all Problemer, déi an Zukunft op eis duerkomme wäerten. D'Problemer ginn zäitlech no hanne geréckelt, wat net fundamental falsch ass, wann een dat fir dat hëlt, wat et ass. Nämlech duerch d'Reform hu mir nees e gewëssenen Zäitraum, dee mir notze sollen, fir méi strukturell an déif gräifend Reformen unzegoen.

Mat der Reform ass nämlech net alles gedoen; bei Wäitem net! Ausserdeem geet d'Reform vun extrem positive Basisdonnéeën aus. Si fousst op enger Croissance vun 3% vum PIB a vun 1,5% vum Emploi pro Joer. Wann een d'Zifferen hëlt, déi zënter der leschter Woch zirkuléieren, kann ee sech d'Fro stellen, ob d'Parameteren, déi geholl gi sinn, net ze optimistesch sinn. Au pire, wäert Dir mer soen, wäerten dann all déi Mechanismen éischter gräifen. Dat heescht awer och, dass eisen Handlungsspillraum net méi esou grouss wäert sinn.

Fir eis ass et kloer, dass d'Reform, déi vum Sozialminister proposéiert gëtt, an déi richteg Richtung geet, mä et ass gradesou kloer, dass se net laangfristeg iwwer Jorzéngten eraus wäert duergoen. Nieft der Pensiounsreform sinn eng Rei aner Mesurë geholl ginn, déi de Recommandatiounen aus Bréissel Rechnung droen, wéi d'Modulatioun vum Index bis 2014 oder déi verschidde Mesuren, fir de Jugendchômage ze bekämpfen.

Nom Pabeier vum Wirtschaftsminister respektéiert de PNR 2012 och d'Engagementer vum Euro-plus-Pakt. De Wirtschaftsminister zitéiert nees d'Modulatioun vum Index an d'Reform vum Pensiounssystem souwéi d'Neutralisatioun vun der Hausse vum Mindestloun duerch d'Ausgläichszuelunge vun der Mutualité des employeurs, d'Stabilitéit vun de soziale Cotisatioune vun de Patronen, d'Reform vun der ADEM - wou d'Zukunft eis soe wäert, ob dat just Makulatur ass oder ob se wäert eppes bréngen -, oder nach d'Simplification administrative, déi vill ze lues ëmgesat gëtt a wou d'Regierung endlech Gas muss ginn, wa mir net wëlle weider e puer Plazen a Saache Kompetitivitéit verléieren.

Wat déi grouss strukturell Orientatiounen ugeet, esou wieren déi national Objektiver fir 2020, déi am Abrëll 2011 festgeluecht goufen, mat zwou Aktualisatiounen nach ëmmer valabel. Ech erënneren drun, dass mir eis a puncto Emploi en Taux d'emploi vun 73% bis 2020 als Objektiv festgesat haten, deen iwwert de Wee vu verschiddene Moossname realiséiert sollt ginn, dovunner d'Modernisatioun vun den institutionelle Strukturen oder d'Verbesserung vun der Employabilitéit vun deene Jonken, zum Beispill duerch eng besser Orientéierung.

Effektiv spillt déi initial Formatioun wéi och d'Orientatioun vun deene Jonken eng kruzial Roll. Mir hunn et endlech fäerdegbruecht, eng Maison de l'orientation op d'Been ze setzen, déi awer nach ëmmer keng legal Basis huet. Mir mussen och déi künstlech Differenz zwëschen Orientation scolaire an Orientation professionnelle opginn. Eng effikass Orientatioun ka just eng Orientatioun sinn, déi dee Jonken no senge Wënsch a Facultéiten an no de Besoinë vum Aarbechtsmaart orientéiert.

Et kann net sinn, dass de SPOS an de Schoule just eng schoulesch Orientéierung ubitt: wat fir eng Sektioun oder wat fir eng Uni. Si mussen och à même sinn, déi Jonk iwwer konkret Beruffsperspektiven ze informéieren a se an hirem Choix guidéieren. An do besteet en enormen Nohuelbedarf!

En Taux d'emploi vun 73% bis 2020 kréie mir just hin, wann den Taux d'emploi vun de Fraen eropgeet. D'Diskrepanz zwëschen der Evolutioun vum d'Taux d'emploi vun de Fraen an deem vun de Männer ass an de leschte Joren zréckgaangen. Eng positiv Evolutioun mat engem grousse Bémol: Den Temps partiel ass nach ëmmer eng wesentlech weiblech Aarbechtsform. Ronn 35% vun de Fraen zwësche 25 an 49 Joer, déi beruffstäteg sinn, hunn eng Deelzäitaarbecht. Dësen Taux klëmmt mam Alter a läit bei ongeféier 40% fir d'Fraen iwwer 50.

Wa mir also wëlle weiderhin d'Insertioun vun de Fraen um Aarbechtsmaart favoriséieren, da musse mer derfir suergen, dass d'Rahmebedéngunge stëmmen, dass et méiglech ass, d'Familljeliewen an d'Beruffsliewen ënner een Hutt ze bréngen. An dësem Beräich ass villes ënnert dem Impuls vun der Ministesch Marie-Josée Jacobs geschitt.

D'Offer u Betreiungsméiglechkeeten, virun allem fir déi ganz Kleng zwëschen null an dräi bis véier Joer, ass bal explosiounsaarteg an d'Luucht gaangen. D'Aféierung vun de Chèques-services huet zu dëser Evolutioun bäigedroen. Et bleift, dass et nach ëmmer Enkpäss gëtt an der Betreiung vun deene méi Alen - wann een dierf esou soen, wa se iwwer véier Joer hunn -, déi nach ëmmer net déi Betreiung fannen, déi se oft mussen hunn.

De Chèque-service huet mat sech bruecht, dass vill Kannerbetreiung méi abordabel ginn ass, dass d'Ausübe vun engem Beruff fir béid Eltere sech rentéiert. Dat muss och esou bleiwen, well wann de Käschtepunkt vun der Kannerbetreiung ze vill grouss gëtt, da kréie mir och manner Fraen op den Aarbechtsmaart. Dës negativ Tendenz wier net nëmmen net kompatibel mat eisen Ziler, déi mir eis op europäeschem Niveau gesat hunn, au vu vum demografesche Wandel an der Pénurie u qualifizéierte Salariéë wier dat eng Katastroph fir eist Land.

Op där anerer Hand huet natierlech d'Kannerbetreiung an de Chèque-service säi Präis. An dat ass e stolze Präis. D'Fonctionnementskäschte leie bei ronn 200 Milliounen Euro fir 2012. 2007 louche se nach bei ronn 53 Milliounen, 2008 waren et 83 Milliounen an 2009, d'Joer, wou de Chèque-service agefouert gouf, waren dat 165 Milliounen. Wann een och nach nieft de Fonctionnementskäschten d'Frais d'investissement derbäirechent, da leie mer fir d'Joer 2012 bei ronn 223 Milliounen.

Wa mir vun Orientations budgétaires schwätzen, da musse mer selbstverständlech kënnen iwwert d'Ausmooss vun de Prestations familiales au sens large schwätzen. Dozou gehéiert d'Participatioun vum Stat un der Kannerbetreiung. Mä mir mussen eis awer och iwwert d'Ausriichtung vun eiser Politik a vun eise Prioritéiten am Kloere sinn. Mir musse wëssen, wat mer wëllen, an eis Décisioune musse kohärent sinn.

E weidert Objektiv fir d'Zukunft ass, d'Fuerschung an d'Innovatioun ze förderen. Wann ee weess, wéi wichteg et ass fir e klengt Land, da mécht et Sënn. An do hu mir op deem Niveau nach vill nozehuelen. Mir schwätzen hei vun engem Niveau vun 2,3% bis 2,6% vum PIB bis 2020. Dat ass e bësse manner wéi déi europäesch Virgab vun 3%. Et ass awer fir Lëtzebuerger Verhältnisser net schlecht.

Mir hu bei eis am Land keng grouss Industriebetriber mat entspriechender Fuerschungsaktivitéit. Déi privat finanzéiert Fuerschung läit bei eis manner héich wéi am Ausland. Mir kënnen also net genee déiselwecht ambitiéis Ziler hunn. Et bleift, dass d'Investissementer an dësem Beräich stagnéieren, an dëst, obwuel déi öffentlech Investissementer an d'Luucht gaange sinn. Mir mussen also kucken, dass de Privatsecteur méi agebonne gëtt an dësem Beräich.

Dofir brauche mir eng kohärent, global a konzertéiert Politik am Beräich vun der Fuerschung an der Innovatioun. En Element vun esou enger Politik ass dat, dass d'Investissementer, déi gemaach ginn, effikass a Projeten agesat ginn, déi eist Land an eis Ekonomie och weiderbréngen. Mir mussen hei vill méi selektiv virgoen. A wa mir wëlle vill méi de private Secteur fir d'Fuerschung an d'Innovatioun gewannen - an ech denken net nëmmen un den nationale private Secteur -, da mussen déi öffentlech concernéiert Acteure vill méi a Prospektiounsmissiounen am Ausland agebonne ginn. An da musse mer dat, wat mer eis virhuelen, och a räsonabelen Délaien ëmsetzen. Mir hu keng Zäit méi ze verléieren.

De fréiere Wirtschaftsminister hat viru genee zwee Joer 65 Propose gemaach, fir d'Kompetitivitéit vun eisem Land ze verbesseren. Eng dovu war d'Schafung vun engem Institut de la propriété intellectuelle. Moossnamen, déi een am PNR vum leschte Joer ënnert dem Kapitel „Fuerschung" erëmfënnt. Esou e System kéint effektiv der Fuerschung zeguttkommen a kéint och d'Base si vun neien Nischen, wou mir et kënne fäerdegbréngen, eppes ze kréien, wa mir d'Propriété intellectuelle géife stäipen. Ech hunn héieren, dass do eppes um Wee wier - wat begréissenswäert ass.

Wou si mir awer, par contre, mam Volet „Entreprises" vum Guichet unique drun? Dee sollt jo verbessert ginn a complétéiert ginn. Et ass nach ëmmer net evident, all Informatiounen direkt ze fannen, an net all Formulaire, dee fir e Betrib wichteg ass, kann een direkt eroflueden. Doriwwer eraus ass et nach ëmmer net méiglech, iwwer Internet de ganze Suivi vun den administrativen Démarchen ze maachen, an dat misst onbedéngt nogekuckt a verbessert ginn.

Här President, wat d'Objektiv „Changement climatique et énergie" ugeet, dee gëtt aktualiséiert, an zumindest den Objektiv, dee sech

Lëtzebuerg a Saachen Energieeffizienz ginn huet. Do sollt den Taux vun der Ennbenotzung bei 10,38% fir d'Joer 2016 leien. Dësen Taux soll eropgesat ginn op 14,06%. Wat d'Reduktioun vun der CO_2-Emissioun ugeet, sou musse mir awer nach ganz vill Effortë maachen, fir eis Ziler ze erreechen, idem wat déi erneierbar Energie ugeet; och wann ee weess, dass do gëschter an der Stoltripartite verschidde Moossnamen nach diskutéiert gi si fir méi eng grouss Energieeffizienz, a wou mer jo och wëssen, mat där Décisioun, dass Schëffleng soll agemott ginn, dass och do beim CO_2-Ausstouss vill Quoten, déi Lëtzebuerg zougesprach kritt hat bis 2012, elo um Marché soi-disant sinn.

Am Volet „Éducatioun" ass gesot ginn, mir sollen den Décrochage scolaire ënner engem Taux vun 10% halen; dat ass och déi europäesch Virgab. Et schéngt esou, wéi wa mir dësen Taux erreecht hunn. Zënter 2008/2009 géif den Taux bei 9% leien, dat geet aus dem Pabeier vum Wirtschaftsminister ervir. Or, no der 6. Editioun vun der Publikatioun «Le décrochage scolaire au Luxembourg» vum Statec hätten am Joer 2009 awer 13,1% vun de Schüler d'Schoul ouni Ofschloss verlooss, an 2010 waren et der 12,6. Et geet och nach aus dëser Publikatioun ervir, dass den Taux vun 9% e reng theoretesche Taux wier.

No dësen Zuelen hu mir eist Objektiv verfeelt. Souguer wa mir ënner 9% wieren, ass dat nach ëmmer kee Grond, fir zefridden ze sinn. Dat sinn nämlech nach ëmmer 9% ze vill Schüler, déi all Joer ouni eng valabel Formatioun de Schoulsystem verloossen an déi esou gutt wéi keng Chance op dem Aarbechtsmaart hunn. Dat sinn d'Chômeure vun haut a vu muer.

Wat déi sozial Inklusioun ugeet, do sinn e puer Mesuren opgezielt, déi dës Inklusioun solle förderen, wéi zum Beispill d'Offer vun de Betreiungsméiglechkeete fir Kanner zwëschen null an zwielef Joer oder Mesuren, déi déi Jonk solle motivéieren, zréck an d'Schoul ze goen, wa se d'Schoul zum Beispill virzäiteg ofgebrach hu respektiv wa se ze vill Éiereronne gedréit hunn. Do ass och nach eng Aktualisatioun virgesinn, an zwar soll Lëtzebuerg säin Objektiv quantifizéieren, wat jo u sech logesch ass, fir kënne laangfristeg d'Zil an dësem Beräich ze verfollegen an ze bewäerten.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, no der Note vum Wirtschaftsministère loosse sech zwee vun dräi Déséquiliberen, déi am Kader vum MIP festgestallt goufen - et geet hei ëm d'Iwwerschreide vun der Leeschtungsbilanz a vun der privater Schold -, duerch national Spezifissitéiten erklären. Wat den drëtten Déséquiliber ugeet, dee Verloscht vun der Kompetitivitéit, do wiere jo Mesuren am Dezember geholl ginn, notamment wat d'Modulatioun vum Index ugeet.

Ech wëll just drun erënneren, dass d'Entscheedung, dass bis 2014 all Joer just eng Indextranche ausbezuelt gëtt, eng temporaire Mesure ass. Dat ass keng grondleeënd strukturell Reform. Bis 2014 wëssen d'Betriber an och d'Salariéen, wou se dru sinn. Dat gëtt hinnen eng gewësse Garantie. Déi eng wëssen, wéi hir Käschtestruktur wäert bis 2014 evoluéieren, déi aner, wéi de Contenu vun hirem Portmonni ausgesäit.

Mä dat geet net duer, well mir mëttel- a laangfristeg wëllen de Standuert Lëtzebuerg méi attraktiv maachen an eis Kompetitivitéit verbesseren. Wou si mer mat der Emsetzung vun de Proposen, déi de fréiere Wirtschaftsminister gemaach huet, drun? Net all Propos ass ëmgesat ginn. De Problem ass, dass eis Zäit net éiweg zur Verfügung steet an dass eis Noperen och net schlofen an och d'Schwellelänner ëmmer méi staark ginn. Do ass et wichteg, dass mer schnellstméiglech dat ëmsetzen.

De PNR 2012 dréit och de politesche Prioritéiten, esou wéi se am Kader vum jährleche Wuesstumspabeier opgezeechent sinn, Rechnung. Dëse Pabeier zielt fir 2012 fënnef Prioritéiten op, op déi sech d'EU an d'Memberstate solle konzentréieren: Et geet als Alleréischt drëms, weider eng differenzéiert a wuesstumsfrëndlech budgetär Konsolidéierung unzestriewen, de Wuesstum an d'Kompetitivitéit weider ze förderen, de Chômage an déi sozial Konsequenze vun der Kris ze bekämpfen, d'Moderniséierung vun de Verwaltungen unzegoen an ze kucken, dass déi normal Kreditaktivitéiten, déi der Wirtschaft zeguttkommen, erëm nees hiergestallt ginn.

D'Prioritéite vun der Kommissioun am Kader vum Wuesstumspabeier 2012 si vum Conseil ufanks Mäerz iwwerholl ginn. Während dem Fréijoerssommet ass festgehale ginn, dass d'Memberstate méi séier missten d'Objektiver vun der Strategie „Europa 2020" ëmsetzen an dass se méi intensiv d'Reformen ugoe missten, déi an de jeeweilege Recommandatioune fir d'Joer 2011 géife stoen. D'Länner misste konkret an hirem PNR an an hirem Stabilitéitsprogramm d'Moossnamen opzielen, fir dëst ze erreechen.

An der Note vum Wirtschaftsminister kann een och nach noliesen, dass de PNR mat gesonden a laangfristeg liewensfäege Statsfinanze verbonnen ass. De PNR kann nëmmen am Kader vum makroekonomeschen Zeenario vum Stabilitéitsprogramm ëmgesat ginn.

Wa mir also vu budgetären Orientatioune schwätzen, da geet et net nëmmen drëms ze kucken, wat zum Beispill eis Prioritéite sinn, wou mir investéiere wëllen oder wéi mir de roude Stëft usetze wëllen.

Mir musse kucken, dass eis Orientatiounen ënner Berücksichtegung vun dem europäeschen décisionnelle Kader formuléiert an ëmgesat ginn. D'Politik bestëmmt weider de budgetäre Choix. Mä am Kader vun deenen Engagementer, déi se um europäeschen Niveau geholl hunn, ass dëse Choix ganz kloer een, deen an déi national makroekonomesch Gegebenheeten anzefügen ass.

Aus béide Kadere geet ervir, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass weider Effortë gemaach musse ginn, fir eise Budget ze sanéieren, quitte dass och an Europa d'Erkenntnis opkënnt, dass ee sech net zu Doud spuere soll. Et bleift awer, dass den Équiliber vum Budget weider eng grouss Prioritéit an Erausfuerderung vun der Politik ass, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä iwwerall.

E Bléck op déi Previsiounen an Evolutioune vun den öffentleche Finanze fir déi nächst Joren, an op deenen den nationale Stabilitéitsprogramm fousst, weist, dass eise Spillraum méi kleng gëtt an dofir d'Noutwendegkeet ze handele méi grouss ass.

Mir sinn offiziell an enger Rezessioun. Fir d'Joer 2012 geet de Comité de prévision vun engem negative Wuesstum vun 0,9% aus. Ech erënneren drun, dass nach am Dezember, wou de Budget gestëmmt ginn ass, ee vun enger Croissance vu plus 2,1% ausgaangen ass. Dat ass eng Differenz vu ronn 3%. Zwar soll sech no de virleiende Previsiounen d'Lag viraussichtlech während der Period 2013-2015 verbesseren. Do soll den ekonomesche Wuesstum eng Croissance moyenne vun 3,7% verzeechnen, mä dofir soll während dem gläichen Zäitraum och d'Aarbechtslosegkeet an den Defizit vum Gesamtstat an d'Luucht goen.

De Chômage soll bis op 7,8% am Joer 2014 klammen. Eleng d'Hausse vum Chômage während de Joren 2011 an 2012 ass méi grouss wéi während de Krisejoren 2009-2010. Wa weider Aarbechtsplaze geschafe ginn, esou geet den Emploi awer fir d'Joer 2012 zréck, vu plus 2,8% d'lescht Joer op plus 1,3% dëst Joer. Och fir d'Joren 2013 bis 2015 soll d'Evolutioun vum Emploi manner dynamesch sinn.

D'Inflatioun wäert viraussiichtlech bei 2% leien, mä villes hänkt vun der Evolutioun vum Pëtrolspräis of. Wie ka schonn heibannen eng grouss Kris am Mëttleren Osten ausschléissen, déi d'Präisser vun de Rohstoffer doudsécher wäert no uewen dreiwen?

De Coût salarial moyen, trotz Moduléierung vum Index, wäert bis 2015 méi héich leie wéi d'Inflatioun. Bréissel huet schonn op dës Problematik an op d'Konsequenz, déi vun dësem Constat ofzeleeden ass, higewisen, an zwar, dass Lëtzebuerg weider u Kompetitivitéit wäert verléieren.

Mir hunn am Verglach mat deenen aneren EU-Länner während der Period 2008-2010 déi héchst Croissancë vum Coût salarial réel ze verzeechnen, mat plus 17,3%. An Däitschland läit dësen Taux bei 6,6%, an der Belsch bei 8,5% an a Frankräich bei 7,2%. Ech erënneren och nach hei un déi sëllechen international Etüden, déi ech am Kader vun de Budgetsdebatten am Dezember zitéiert hunn.

Um Niveau vun de Statsfinanze gesäit et och net gutt aus. Wann näischt geschitt, wäerte mir ab 2013 net méi kënnen d'Stabilitéitskritäre vu Maastricht respektéieren. De Comité de prévision geet nach vun engem Defizit vu minus 1,7% vum PIB fir dëst Joer aus, mä am Joer 2013 soll dësen Taux op 3,5% (veuillez lire: minus 3,5%) eropgoen.

D'Prognose fir 2014 an 2015 sinn net vill besser: 3,1% respektiv 3,3% (veuillez lire: minus 3,1% respektiv minus 3,3%). Mir sinn da kloer net méi am Kader vun deene Maastricht-Kritären a riskéieren, mat engem Defizitverfahre vu Bréissel konfrontéiert ze ginn, wa mir d'Situatioun net esou schnell wéi méiglech ënner Kontroll kréien.

Doriwwer eraus riskéiere mir och, eis Topbonitéit, eisen Triple-A ze verléieren. An enger méi laangfristeger Perspektiv kënnt och déi verstoppte Sozialschold, déi besonnesch an eisem Pensiounssystem ass an déi net derzou wäert bäidroen (veuillez lire: an déi derzou wäert bäidroen), den Defizit weider wuessen ze loossen.

Nodeems d'Dépensë vu 6,3% am Joer 2010 op 5,2% d'lescht Joer erofgaange sinn - wat méi mam Bremse vun den öffentlechen Investissementer ze dinn huet wéi mat der Reduzéierung vun den Dépenses courantes bei den Administration-publiquen -, stagnéieren d'Dépensë bei ronn 5%.

Et kann een elo higoen a soen, dat wieren negativ Prognosen, et misst jo net alles esou schlëmm kommen, et kéint jo sinn, dass déi wirtschaftlech Situatioun sech awer besser entwéckele géif wéi virgesinn. Dat huet de Comité de prévision och a Betruecht gezunn.

Mä souguer, wann ee vun enger besserer Situatioun ausgoe géif, zum Beispill enger Verbesserung vum Wuesstum vum PIB an der Eurozon vun 0,5% bis 2015 oder enger méi dynamescher Entwécklung vun de Finanzmäert, da géife mir nach ëmmer negativ Zuele schreiwe respektiv d'Scholde géifen nawell weider zolidd wuessen. Den Impakt vu bessere Perspektiven ass limitéiert an d'Konklusioune vum Comité de prévision sinn ëmsou méi beängschtegend.

Här President, d'Verschlechterung vum Defizit, notamment ab 2012, berout op villen Elementer. Dat huet domadder ze dinn, dass d'Wirtschaft méi lues dréit an dofir manner Recetten erakommen: eng Differenz vu minus 4,2% bei den indirekte Steieren a souguer vu 7,6% (veuillez lire: minus 7,6%) bei den direkte Steieren, wann een d'lescht Joer mat dësem Joer vergläicht.

Dernieft hunn awer eng Rei vun Entscheedungen derzou bäigedroen, dass manner Recetten do wäerte sinn, wéi zum Beispill d'Ofschafe vun der Krisesteier ab dem 1. Januar, wat ronn e Minus vun 220 Milliounen Euro ab 2012 ausmécht, oder d'Décisioun, eng Indextranche ze garantéiere bis 2014. Dat mécht 115 Milliounen Euro aus. Dernieft wäerten eis all Joer bis 2015 (veuillez lire: ab 2015) 600 Milliounen Euro TVA vum E-Commerce am Budget feelen.

All dat brëngt mat sech, dass mir all Joer viraussiichtlech bis d'Joer 2015 eng Milliard Euro léine musse goen, fir d'Finanzbedierfnisser vum Zentralstat ze finanzéieren. D'Käschten, fir d'Sue léinen ze goen, wäerte bei ronn 330 Milliounen Euro 2015 leien. A mir dierfen net vergiessen, dass all dës Zuelen, déi ech lech elo grad opgezielt hunn, net d'Käschte vun den zukünftegen Engagementer am Pensiounswiese beinhalten, geschweig Noutkreditter, déi gegebenenfalls néideg wäerte sinn, fir gréisser Enkpäss ofzefiederen.

Wann d'Dépensë méi séier klamme wéi d'Recetten, dann huet dat och domadder ze dinn, dass déi allermeescht Konsolidéierungsmoossnamen, déi bis elo getraff goufen, net struktureller Natur waren. Soulaang mir awer keng konsequent Strukturreform uginn, soulaang wäert sech d'Situatioun net fundamental änneren. An deem Sënn huet de Finanzminister recht, wann hie vun enger neier Dépensëkultur schwätzt.

Eng nei Dépensëkultur beinhalt och strukturell Moossnamen a soll vum Prinzip vun der Selektivitéit guidéiert ginn. Dat ass net en neit Schlagwuert, wat de Gilles Roth bei de Budgetsdebatten erfonnt huet, mä deen eenzege Wee, fir eenegermoossen aus der Kris erauszekommen, ouni dass déi sozial Gerechtegkeet, de Generatiounevertrag, op deem eis Gesellschaft baséiert, implodéiert.

Dat beinhalt och Moossnamen, déi net jiddwerengem wäerte gefalen. Mä d'Alternativ ass: Mir waarde weider, verléiere weider Zäit, verschëllen eis weider, an am Endeffekt si mer gezwongen, Moossnamen ze huelen, déi eis net nëmmen net gefale wäerten, mä déi eis wéidinn. An dat heite sinn elo keng Blutt-, Schweess- oder Tréinewierder.

Jo, mir brauchen eng Kur, vläicht keng Rosskur, mä sécherlech méi wéi dat, wat munchen heibannen esou vu Reform oder Reformettë virschwieft. Wien heibanne kee Problem huet, wann eist Land sech weider verschëllt, dann ass dat éischtens net nëmme schwéier kompatibel mat deem, wat sech d'Regierung virgeholl huet - an zwar déi ganz Regierung! -, an zwar bis 2014 an den Équiliber ze kommen - Zil, wat souwisou au vu vun deenen neien Zuele schwéier ze erreeche wäert sinn -, mä dat ass zweetens och schwéier mat eisen Engagementer kompatibel.

Dat ass iwwregens genee d'Virgoensweis vun de Griiche während Joren a Jorzéngten: Si hu monter op Scholde gelieft. Just, dass mir net wëlles hunn, enges Dags an därselwechter Situatioun jo ze si wéi d'Griichen! An dofir heescht et, och haut schonn derfir ze suergen, dass mir net dierfe weider nei Scholde maachen, mä dass mir schnellstméiglech mussen eis Ausgabe gebremst kréien. An dat heescht virun allem, dass mir mussen oppassen, eis net ze iwwerschëllen. Dat heescht, dass mir d'Schold net dierfe banaliséieren. An et ass genee dat, wat riskéiert ze geschéien, wa mir de Leit dobaussen d'Gefill ginn, dass et ni an zu kengem Zäitpunkt e Problem ass, Sue léinen ze goen.

Wien heibannen där Meenung ass, mir solle weider Sue léine goen, dee soll fairerweis och iwwert de Käschtepunkt schwätzen. D'Scholde musse bedéngt ginn, do muss mat Zëns an Zënseszënsen zréckbezuelt ginn. Deen, dee mengt, mir kéinte weider Kreditter ophuelen, dee soll dann och soen, dass, wa mir haut am Genoss vun der Topbonitéit sinn, dat och domadder ze dinn huet, dass eis Schold am Verglach mat deenen anere Länner relativ kleng ass, dass sech awer dës Situatioun ganz schnell kéint änneren, wa mir ufänke géifen, am grousse Stil Scholden ze maachen.

An da soll en och nach soen, dass fir e klengt Land, wat exportéiert (veuillez lire: exportorientéiert) ass a wou déi intern Demande limitéiert ass, eng Verschëldung vun iwwer 25% vum PIB, wou mir histeieren, wa mir näischt maachen, eppes aneschters ass wéi fir e grousst Land. D'Verschëldung kann an dierf net zu engem laangfristege Moyen ginn, fir eis Dépensen ze decken. Et dierf och net d'Excuse sinn, fir eis virun déif gräifende Reformen ze drécken.

Op engem Punkt si mir eis eens: Mir dierfen net nëmmen op Spuere setzen. D'Léisung besteet aus engem gesonde Mix zwësche Spueren a steierleche Moossnamen, dat gekoppelt un intelligent, selektiv, zukunftsorientéiert Investissementer. Iwwerhaapt muss d'Selektivitéit all Décisioun, all Reform guidéieren!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, kommt, mir bleiwen emol bei de Steieren. Do sinn e puer Saachen denkbar. Wéi wier et mat enger Adaptatioun vum Spëtzesteiersaz bei der Akommessteier? Mam Prinzip selwer gëtt et jo kee gréissere Problem. Wat d'Ausmooss vun där Adaptatioun selwer ugeet, do soll een awer net iwwerdreiwen.

(Interruption)

Wann een eng Propos mécht, dierf een ni déi aner europäesch Länner, virun allem eis Nopeschlänner, aus den Ae verléieren. Mir dierfen op deem Niveau net méi schlecht dostoe wéi si. A wie behaapt, dass ënnert dem Pierre Werner och Spëtzesteiersätz vu 50% méiglech waren, da stëmmt dat, mä da muss een och soen,…

(Brouhaha général)

…dass esou en héije Spëtzesteiersaz deemools iwwerall an Europa gang und gäbe war.

Haut versicht jiddwereen, op dësem Niveau kompetitiv ze sinn.

(Interruptions)

A mir mussen net vergiessen, dass mir eng Finanzplaz hunn, déi an engem globale Wettbewerb steet, wou d'Besteierung e Standuertargument ass.

Et dierf een och net vergiessen, wann een esou eng Mesure proposéiert, dass déi, déi vill verdéngen, déi sinn, déi schonn emol am meeschten an d'Keess erabezuelen. 5% vun de Leit bezuele 50% vun de Steieren. Et pour mémoire: 40% vun de Leit oder Stéit bezuelen iwwerhaapt keng Steieren! Dat ass Steierpolitik mat enger sozialer Nout. Dat ass eng Steierpolitik, déi vu successiven CSV-Finanzministere geschafe ginn ass.

Au vu vun der Gravitéit muss jiddwereen eng Contributioun liwweren. Zum Beispill iwwert de Wee vun enger - wéi et se emol ginn ass - Krisesteier; eng Moossnam, déi éischtens, wéi den Numm et scho seet, temporaire ass, an zweetens de Virdeel huet, d'sozial Kohäsioun net ze zerstéieren, vu dass jiddwereen en fonction vun deem, wat e verdéngt, déi Steier bezilt.

Oder wéi ass et mat enger Erhéijung vun der Solidaritéitssteier? Et ass emol eng Zäit ginn, wou d'Solidaritéitssteier 10% war. Et kéint ee sech och virstellen, d'Solidaritéitssteier un d'Héicht vum Chômage ze koppelen. Wann de Chômage zouhëlt, geet dës Steier erop, a wann de Chômage ofhëlt, geet d'Steier erëm erof. Dat si just Iddien. An et ass och kloer, dass all dës Iddien, falls déi eng oder déi aner guttgeheescht géif, net kënnen alleguerten ëmgesat ginn an net alleguerte kéinte realiséiert ginn.

(Brouhaha)

Et huet een och e gewëssene Spillraum…

(Interruption)

Hei, den Här Etgen wollt sech aschreiwen, fir herno nach kënnen ze schwätzen.

(Hilarité)

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Et bleift nach villes ze soen, wann Dir fäerdeg sidd.

M. le Président.- Här Spautz, loosst Iech net aus Ärer Rou bréngen.

M. Xavier Bettel *(DP).*- D'CSV gëtt deier…

M. le Président.- Fuert virun, wann ech gelift.

M. Xavier Bettel *(DP).*- …mam Här Spautz.

(Interruption)

M. Marc Spautz *(CSV).*- Et huet een och e gewëssene Spillraum bei den Abattementer. Ech denken, déi misst een iwwerkucken, et sief éischtens emol um Niveau vum Plaffong, mä et muss een och bei verschiddenen Abattementer bei de Steieren iwwert d'Daseinsberechtegung dierfen nodenken.

Ech weess, dass deem engen oder deem aneren dat vläicht manner gutt gefält. Muss all Mënsch kënne véier, fënnef Autoen ofschreiwen? Wier et net besser, wann et géif duergoe mat engem? Fir och emol nëmmen un esou Saachen ze denken, dass iwwer een Auto eraus et éischter e Luxus ass. Wa mer wëllen och eng Mobilitéit maachen, déi méi grouss ass, muss een och kënnen doriwwer nodenken, ob dat alles muss bestoe bleiwen.

Wa mir scho vu Reforme schwätzen, ass et net och un der Zäit, iwwer strukturell Reformen um steierleche Plang nozedenken? Ass eise Steiersystem nach ëmmer zäitgeméiss?

(Interruptions)

Oder misste mer net dëse System un d'21. Jorhonnert adaptéieren?

Ass et nach ëmmer zäitgeméiss, dass ee steierlech Avantagë kritt, just well ee bestuet ass, oder sollen déi steierlech Avantagen net un d'Kanner gekoppelt sinn? Déi Fro ass berechtegt, wann ee weess, dass d'Gesellschaft, d'Familljeliewen an d'Familljeform sech an deene leschte Jorzéngten enorm geännert hunn. Et ass eng strukturell Reform, mat där een och eventuell kéint Sue spueren.

Et kann een och dee ganze Volet „Steieren" um Niveau vun de Betriber iwwerkucken an iwwerdenken. Mä wann een dat ugeet, muss een ëmmer d'Konkurrenz aus dem Ausland a virun allem aus eisen Nopeschlänner am Hannerkapp behale souwéi d'Gesamtbild vun all de Laaschten, déi eis Betriber ze droen hunn. Wann een also un enger Schrauf dréit, muss ee wëssen, wat fir Konsequenzen dat mat sech bréngt. An et muss ee sech froen, ob mir dat wëllen, ob mir wëllen, dass duerch de Fait, ëmmer alles op d'Patronat ze wälzen, d'Betriber léiwer an d'Ausland ginn oder léiwer am Ausland bleiwen. Mir mussen oppassen, dass eist wirtschaftlecht Ëmfeld och steierméisseg weider attraktiv bleift.

Ech soen net, dass de Patron eng helleg Kou ass. Ech soen, dass d'Fuerderungen un d'Patronat, y compris wat hir Contributioun un der Bewältegung vun der Kris an un der Konsolidéierung vum Budget ubelaangt, net kënnen derzou féieren, dass d'Betriber eis einfach fortlafen. Dat zielt ëmsou méi fir de Finanzsecteur. Wann ee sech fir eng Finanztransaktiounssteier ausschwätzt a sech doduerch erhofft, eng nei Einnahmequell ze erschléissen, muss een och wëssen, wat dat fir de Finanzsecteur bedeit.

Op där anerer Säit warnen ech awer d'Patronat, d'Kris net als Virwand ze huelen, fir sech aus senger Verantwortung erauszemanövréieren!

Un dat Steierlecht, un d'Gesamtrecetten drunzegoen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass einfach. Ech hunn dat schonn eng Kéier gesot, just dass meng Ausso aus dem Kontext geholl ginn ass. Alles wat a priori einfach ass, ass nach laang net gutt an huet nach laang net meng oder der CSV hir Preferenz!

Un d'Recetten ze goen, huet op där enger Säit seng Limiten an op där anerer geet dat net duer. Ech hu virdru vun engem gesonde Mix vu Moossname geschwat. Et muss een och op der Dépensesäit méi staark virgoen an dobäi selektiv virgoen. Mir kënnen net alles finanzéieren. Mir musse Prioritéite setzen a mir mussen - an dat ass e ganz kloren Appell -, mir mussen och kohärent bleiwen. Mir kënnen net vu Spuere schwätzen an am selwechte Moment Gesetzesprojeten deponéieren oder Gesetzer stëmmen oder Fuerderunge geltend maachen, déi nach mat méi Ausgabe verbonne sinn.

Une voix.- Très bien!

M. Marc Spautz *(CSV).*- All Gesetzesprojet, all Gesetz,…

(Interruptions diverses)

…all Fuerderung muss hannerfrot ginn.

Här Gibéryen, schreift Iech an; den Här Mosar huet nach Zäit.

(Brouhaha général)

All Gesetzesprojet, all… Majo, gitt mer eng Chance!

Une voix.- Okay.

M. Marc Spautz *(CSV).*- All Gesetzesprojet, all Gesetz, all Fuerderung muss hannerfrot ginn, ob mir dat brauchen, ob dat geet, ob mer dat net kéinten aneschters maachen. Zum Beispill um Niveau vun den Investissementer, e Posten, fir deen ëmmerhin 1,85 Milliarden Euro virgesi sinn. Do gëtt et bestëmmt nach flott „Nice-to-have"-Projeten, déi mir awer elo net onbedéngt brauche respektiv déi eis Problemer, zum Beispill vun der Mobilitéit, net léisen.

Et muss een hei selektiv virgoen an et muss ee just déi Projete realiséieren, déi noutwendeg sinn, déi zukunftsorientéiert sinn, déi der demografescher Entwécklung vun eisem Land an der Wirtschaft Rechnung droen, woubäi een d'Prioritéit zumindest fir déi nächst Joren op Infrastrukture soll leeën, déi néideg sinn, fir dass eis Wirtschaft weider ka wuessen.

Ech schwätzen hei bewosst vun Infrastrukturen, déi der Wirtschaft zeguttkommen, well d'Wirtschaft d'Base ass vun eisem Wuelstand a vun eiser Zukunft. Wann d'Betriber feelen, wa se fortlafen oder net wëlles hunn, op Lëtzebuerg ze kommen, da brauche mir guer net iwwer all déi aner Mesuren ze schwätzen, well dann ass näischt méi do, iwwert dat ee kéint schwätzen.

A wa mir Prioritéite festleeën, da musse mer och kucken, dass déi programmatesch (veuillez lire: pragmatesch) ëmgesat ginn ouni Schnickschnack - och oft horrend deier, a wat en plus nach net ëmmer super ausgesäit.

En anere groussen Ausgabeblock, deen onbedéngt muss iwwerkuckt ginn, well een amgaangen ass, aus dem Rudder ze lafen, ass och dee vun de Sozialtransferten. D'Sozialtransferten - also den RMG, d'Pensiounen, d'Kannergeld an esou weider - maachen 3,6 Milliarden Euro, 35% vun de Gesamtdépensen aus; Tendenz steigend, well vill vun hinnen op engem Automatismus baséieren, wéi zum Beispill d'Pensiounen. Laangfristeg ass dat doten net méi ze finanzéieren. Choixe musse getraff ginn, woubäi ech do virdru warnen, alles op eng Kategorie vun de Leit ofzewälzen. Et muss een nom Motto „jiddwereen e bëssen a keen ze vill" verfueren.

An anere Wierder: Wann een un d'Familljenzoulagen eppes réckele geet, da musse mer och eppes um Niveau vun de Pensioune respektiv un deenen aneren Transferte maachen. Soss riskéiere mer, d'sozial Kohäsioun hei am Land ze strapazéieren. Esou dierf keng Fro, weder de Rentenajustement nach d'Besteierung vum Kannergeld oder d'Ausbezuele vun engem Montant unique pro Kand oder de Montant vum RMG vu vireran en Tabu sinn.

Ech soen net, dass och meng Fraktioun fir d'Besteierung vum Kannergeld ass oder dofir, den Ajustement bei de Renten ofzeschafen, mä mir hätte gären, dass all Optioun op den Dësch kënnt an duerchdiskutéiert gëtt ouni Virbehalt, fir dass dann am Endeffekt herno e Spuerprogramm dosteet, deen équilibréiert ass.

An dësem Zesummenhang kann ee sech natierlech och d'Fro stellen, ob de geplangten Accord salarial mat der Fonction publique zu dësem Zäitpunkt opportun ass. Mir dierfen awer net de Feeler maachen, wéi d'Fransouse géife soen: «de déshabiller Pierre pour habiller Paul». Mä sécher ass awer och, dass, wéi deen Accord gemaach ginn ass, déi Zuelen an déi Prémissen, déi deemools virlouchen, anerer ware wéi haut.

(Interruption)

Ier een an awer Spuermoossnamen op dësem Gebitt ergräift, soll een Instrumenter, déi do sinn, och op hir Lacunen hi kontrolléieren. Ech denken do zum Beispill un de System vum Chèque-service. Ech héieren a gesinn all Dag, dass Leit sech entpacsen, fir kënne vum System vum Chèque-service ze profitéieren, well wann d'Eltere weder bestuet nach gepacst sinn, da gëtt just de Revenu vun der Mamm, oft dee klengste vu béiden Elteren, gekuckt. Wann dann nach d'Mamm, wat gang und gäbe ass, de Congé parental geholl huet, ier d'Kand an d'Crèche geet, baséiert ee sech op d'Akommes vun der Mamm während deem Joer, wou se am Congé parental war. Dat Akommes ass dat Joer an deene meeschte Fäll manner héich wéi virdru respektiv nom Congé.

Do kréie mir cocasse Situatioune vu Leit, déi nawell e gutt Akommes hunn, déi awer zumindest fir dat éischt Joer sech just minimal un de Bäitragsstrukture (veuillez lire: Betreiungskäschten) bedeelegen. Do besteet a mengen Aen Nohuelbedarf, do muss een dat eng Kéier kucken an iwwerschaffen.

Et muss een och genee d'Präisentwécklung am kommerzielle Secteur ënnert d'Lupp huelen. Déi privat Crèchë froen neierdéngs praktesch déiselwecht Tariffer wéi de konventionéierte Beräich. Or, si offréieren awer ganz oft net déiselwecht Prestatiounen, ugefaange bei de Raimlechkeeten, mä och um Niveau vum Personal. Am Géigesaz vum konventionéierte Secteur, wou vill Éducateuren an Éducateurs gradués schaffen, gräifen dës Strukturen op onqualifizéiert respektiv op manner qualifizéiert Personal zréck, dat net déi Qualifikatioun huet, fir Éducateur oder Éducateur gradué ze sinn. Wat u sech net problematesch ass a wat och net fir eng manner gutt Betreiung steet; ech hunn awer e Problem, wann all Prestatioun gläichgestallt gëtt um finanziellen Niveau, y compris déi, déi net gläichzestelle sinn.

Woubäi mir bei der nächster Fro sinn: Wa keen heibannen d'Noutwendegkeet vu gudde Betreiungsstrukturen a Fro stellt, muss ee sech awer d'Fro stellen, ob eng héichwäerteg Betreiung eleng eng Saach vu Qualifikatioun ass. Dat dierf een nofroen an et muss ee sech och bewosst sinn, wat fir eng Gebailechkeeten een ëmmer brauch an ob all Gebailechkeet och fir déi Kannerbetreiung ugepasst ass.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Stat muss och bei sech selwer kucken, wou gespuert soll ginn. Woubäi ech den Akzent virun allem op déi méi effizient Aart a Weis wëll leeën, wéi d'Moyenen agesat a benotzt ginn. Ech weess am Endeffekt net, ob esou vill Posten do wieren, wou ee kéint substanziell spueren. Ech sinn awer iwwerzeegt, dass d'Moyenen inklusiv d'personell Moyenen net ëmmer gutt zum Asaz bruecht ginn.

Et geet hei net drëms, de Stat a seng Verwaltungen ze schikanéieren, fir vun hinnen e prezise Compte rendu ze kréien, wéi vill Bicen a Pabeier se brauchen. Et geet hei drëms ze verhënneren, dass d'Moyenen einfach net effizient agesat ginn.

Här President, dat war elo ganz vill. Ofschléissend wéilt ech awer nach eemol op d'Gravitéit vun der Situatioun hiweisen, wéi och de Minister Frieden se schonn ënnerstrach huet, an op d'Noutwendegkeet ze reagéieren. An zwar schnell, ouni awer a Panik ze verfalen. Et ass wichteg, dass mir elo alleguerten éierlech mat eis selwer sinn an éierlech mat der Situatioun, mat där mer ëmginn. All Wee fir weiderzekommen, fir net stoen ze bleiwen, fir net zréckzefale soll diskutéiert ginn.

An zu gudder Lescht musse mir mat gesondem Mënscheverstand eis Konklusiounen zéien an Décisiounen huelen, an dat am Interesse vum Land an deene künftege Generatiounen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Spautz. Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Partei, d'Demokratesch Partei,…

Une voix.- Wou ass se dann?

M. Xavier Bettel *(DP).*- Ma, si ass hei!

(Brouhaha)

M. Claude Meisch *(DP).*- …warnt zënter Joren, datt mer en Ëmsteiere brauchen hei zu Lëtzebuerg, datt mer en anert Ëmfeld brauche fir eis Betriber, datt mer méi aktiv musse ginn, fir de Chômage ze bekämpfen, datt mer méi Effortë musse maachen, fir de Statsbudget an den Équiliber ze kréien.

Mir hunn 2006 - an dat si jo schonn eng Rei vu Joren hier - duerfir 33 konkret Propositiounen op den Dësch geluecht, wou mer…

(Interruption et hilarité)

Neen, neen, neen! Ech kann Iech se…

(Interruptions)

Ech kann Iech se…

(Interruption)

Jo, jo, ech kann Iech se alleguerten nach eng Kéier opzielen. Passt elo op, wat Der sot,…

(Interruption)

…well et ass nämlech munches derbäi, wat Äre Fraktiounspresident grad hei widderholl huet.

Ech wëll nämlech drop hiweisen, datt mer deemools scho vun „zero-based budgeting" geschwat hunn,…

M. Xavier Bettel *(DP).*- Très bien!

M. Claude Meisch *(DP).*- …wou mer dat mengen, wat hei ugeschwat ginn ass, nämlech d'öffentlech Finanzen aneschters ze organiséieren an d'Budgeten aneschters opzestellen.

Mir hu schonn deemools vun enger aktivéierender Aarbechtsmaartpolitik geschwat. Mir hu schonn deemools vun enger Simplification administrative geschwat. An ech kéint esou weiderfueren. A kaum eppes vun deenen 33 Punkte gouf ëmgesat, well, Här President, deemools war de Statsminister hei - deen ass déi Zäit nach e puermol an d'Chamber komm, wa mer esou wichteg Debatten haten, dat schéngt haut net méi de Fall ze sinn, op jidde Fall net méi d'Regel ze sinn -,…

(Interruption et hilarité)

M. Claude Meisch *(DP).*- …deen huet deemools, genausou wéi de Parteipresident vun der CSV hei mat genau deenen dote Propositiounen de Geck gemaach. En huet gesot: „Dat eent, dat maache mer jo souwisou." Et ass bis haut zwar nach net gemaach. Et ware jo schonn e puer Méint entre-temps. A fir déi aner huet e gesot: „Dat kënnt jo guer net an d'Tut, well et hëlleft näischt."

M. Michel Wolter *(CSV).*- Dir hutt eng Kéier 33 Punkte gemaach, a virdrun hutt Der während sechs Joer just de Contraire gesot.

M. Claude Meisch *(DP).*- Op jidde Fall, Här President…

M. Michel Wolter *(CSV).*- Esou ass d'Realitéit. Wann Der de Parteipresident vun der CSV elo hei…

M. Claude Meisch *(DP).*- Här President, ech hunn d'Impressioun, wéi wann den Här Wolter wéilt eng Fro stellen.

M. Michel Wolter *(CSV).*- Neen, ech wëll lech keng Fro stellen. Ech wëll Iech just soen, dass et net duergeet, fir eemol 2006 33 Punkten ze maachen an da bei all Debatt, déi duerno an der Chamber kënnt, quasi de Contraire ze soen.

M. Claude Meisch *(DP).*- Maja. Neen, neen, neen!

M. Michel Wolter *(CSV).*- An dann nees op seng 33 Punkten zréckkommen.

M. Claude Meisch *(DP).*- Neen, neen, neen!

M. le Président.- Neen, elo huet den Här Meisch d'Wuert. Här Meisch, fuert virun, wann ech gelift.

M. Claude Meisch *(DP).*- Här Wolter, mir kënnen déi Debatten do noliesen. An ech kann lech soen, a mir kënnen all Dezember hei an all Abrëll oder all Mee nokucken: Zënter 2006 sinn all déi dote Punkten nees erëm eng Kéier hei diskutéiert ginn aus mengem Mond oder aus dem Mond vun de jeeweilege Fraktiounspresidenten, déi zënterdeem hei am Numm vun eiser Partei geschwat hunn.

Wat allerdéngs och eng gewëssе Konstanz hat, dat war, datt d'CSV an d'LSAP daf waren op deem Ouer do, datt se näischt wollten héieren, datt se näischt gemaach hunn entre-temps. Well wéi wär et jo soss méiglech, datt mer grad an deene Beräicher, wou mer eis drop konzentréiert hunn, wou mer gesot hunn: „Do musse mer ëmdenken, do musse mer eppes aneschters maachen, beim Chômage, bei de Statsfinanzen, bei der Kompetitivitéit", datt mer haut e Rekordchômage hunn, datt mer e Prozess vun der Desindustrialiséierung amgaangen hunn hei zu Lëtzebuerg an datt mer iwwer eng Milliard Defizit pro Joer maachen. An dat ass jo keen Eenzelfall! De Finanzminister huet eis hei grad gesot: Dat huet fir déi lescht véier Joer hannertenee gegollt. An d'Situatioun soll jo net besser ginn, wann een deenen Zuele vun der leschter Woch ka gleewen.

Haut ass also wierklech nun héich Zäit, fir d'Noutbrems ze zéien. Mä wat mécht d'Regierung? Kee weess et esou genee. De Minister ass och haut a senger 20-minüteger Deklaratioun, déi net am Verhältnis, mengen ech, zu der Durée vum spezielle Regierungsrot vun de Moien, deen awer a Preparatioun vun dëser Debatt hei jo nach ofgehale ginn ass, stoung, ganz allgemeng bliwwen.

A wann et dann emol eng Kéier konkret gëtt - den Här Spautz hat e puer Saachen hei ugedeit -, dann huet een awer direkt op där anerer Bänk vun der LSAP gesinn, datt een do nervös hin an hier gerëtscht ass, datt déi éischt Tëscheriff komm sinn.

(Interruption)

Et geet also hott an har an där doter Regierung vun CSV an LSAP.

De Finanzminister ass d'lescht Woch an d'Chamber komm. En huet gesot, datt et an Zukunft net méi eng Milliard Defizit pro Joer wär, mä wann näischt geschitt, da wär et annerhallef Milliard Defizit pro Joer. An eréischt op Invitatioun vun der Demokratescher Partei huet en dunn - an do war en effektiv méi konkret, virun e puer Deeg um Radio - eng Rei vu Piste virgeluecht, iwwert déi misst méi konkret nogeduecht ginn.

Et ass een allerdéngs ganz, ganz wäit vun enger Eenegkeet am Regierungslager ewech, well

wann ee jo mat deem engen oder aneren aus de Regierungsparteien do schwätzt, dann héiert een, datt munches vun deem, wat vum Finanzminister do ugekënnegt ginn ass, mat hinnen net wäert an d'Tut kommen.

De Finanzminister seet dann och mëttes um Radio, datt ee kéint drun denken, den 13. Mount fir d'Fonction publique ofzeschafen. Owes allerdéngs décidéiert déi representativ Gewerkschaft vun der Fonction publique, datt se deen Accord vun der Regierung, deen hir proposéiert ginn ass, fir d'Statsgehälter ëm 2,2% d'nächst Joer an d'Luucht ze setzen, datt se dee géif unhuelen.

De Finanzminister ass grad emol eng Milliard Euro léine gaangen, fir seng Trésorerie opzebesseren, gläichzäiteg gëtt awer eng Pensiounsreform op de Wee geschéckt vun där doter Regierung, wou jo d'Leeschtunge fir déi Pensionéiert nach eropgesat solle ginn, obschonn den Usproch vun der Reform jo deen ass, fir de System laangfristeg ofzesécheren.

All Finanzminister, dee sech eigentlech selwer eescht hëlt, dee misst demissionéieren, wann en esou vu senge Ministerkolleegen, a ganz besonnesch a ganz prezise Fäll och esou vum Premierminister am Stach gelooss gi wär a jiddwereen an der Regierung an an der Majoritéitspartei seng Spuerappeller, déi en nu wierklech méi wéi eng Kéier schonn hei lancéiert huet, ignoréiert hätt.

An dat, wat de Finanzminister haut als Appell gemaach huet, jo, dat erënnert ee jo awer ganz staark un dat, wat an deene leschte Joren - och vum Finanzminister -ëmmer nees hei op dëser Plaz gesot ginn ass. Ech hat de Mëtteg wierklech hei e puermol en Déjà-vu.

Ech wëll de Finanzminister zitéieren, en huet op dëser Plaz gesot: „An dat bréngt mech zu de groussen Erausfuerderunge fir déi nächst Joren. Erausfuerderungen, déi zum Zil hunn, gesond Statsfinanzen ze erhalen. Wat sinn dann do eis Problemer mëttelfristeg an der Finanz- a Budgetspolitik? Problemer, déi iwwregens, wann ech verschidde Saache liesen an héieren, net jiddweree wëllt gesinn. Ech gesinn der virun allem véier Stéck. Éischtens, eis Dépensë si méi héich wéi eis Recetten an de mëttelfristege Wuesstum vun eiser Wirtschaft. Zweetens, de Wuesstum vun den Dépensë gëtt ze vill gesteiert vun Automatismen. Drëttens, mir mussen an deenen nächste Joren eng Rei nei Dépensen tätegen, déi fir d'Zukunft vun eisem Land wichteg sinn. A véiertens, mir hunn eis europäesch, an der Eurozon, zu engem Stabilitéitspakt verflicht, deen et ze respektéiere gëllt, an dat verlaangt Aspuerungen."

Dat doten, Dir Dammen an Dir Hären, ass alles richteg. An et ass net nëmmen haut richteg, et war och scho richteg de 6. Dezember 2005, wou deen deemolege Budgetsminister Luc Frieden, deen haut Finanzminister ass, dat op dëser Plaz hei dem Land ugekënnegt huet. D'Resultat allerdéngs vun där Politik, déi zënterdeem gemaach ginn ass, dat hu mer de Mëtteg hei héieren. Dat ass nämlech, datt 2009, 2010, 2011 a méi wéi sécher och 2012 - an et nach schlëmmer gëtt fir d'Zukunft - nämlech iwwer eng Milliard Defizit beim Zentralstat gemaach ginn ass!

Da froen ech mech, wou mer ageschnidden hu bei den Dépensen, wou mer méi lues gaange sinn, wou mer d'Automatismen ofgebremst hunn, wéi mer kloer Prioritéite bei den Investitioune gesat hunn, fir déi europäesch Zilsetzungen do kënnen ze erreechen. Mir brauchen also net nach eemol hei Spuerappell op Spuerappell, an d'Politik hannendrun, déi changéiert net! Wann d'Politik déiselwecht bleift, da bleift d'Situatioun déiselwecht. Si gëtt nämlech ëmmer méi schlëmm vu Budgetsdefizit zu Budgetsdefizit.

An et war net nëmmen déi dote Ried, Dir Dammen an Dir Hären, déi ech hei kéint zitéieren. Ech kéint de Parteipresident vun der CSV hei zitéieren, deen 2005 hei e groussen Numero gemaach huet mat senger Motioun, wou en d'Regierung forcéiert huet als Parlament, datt se manner Dépensen dierft tätegen, wéi am Budget ageschriwwe sinn: Nämlech 150 Milliounë missten agespuert ginn dat Joer. Wa mer de Kont kucke ginn, da sinn däitlech méi Dépensë gemaach ginn, wéi do am Budget gestëmmt gi sinn. Keng Spur vun deenen 150 Milliounen Aspuerungen! Dat war also och eng Interventioun an eng Motioun fir d'Galerie.

(Interruption)

Gradesou wéineg sinn hei déi sëlleche Rapporten aus all deene Jore vun der Banque centrale, vum Statec, vun der Cour des Comptes a vu villen aneren eescht geholl ginn. An dat, wat mer an där Note vun der leschter Woch gelies hunn, dat stoung zu groussen Deeler jo awer och schonn an der Note un de Formateur vun 2009.

Mä firwat ass d'Regierung deemools net higaangen, déi grad an der Phas war, wou se sech e Programm ginn huet fir fënnef Joer, fir do e Programm ze maachen, deen drop reagéiert? Neen, dat hu se net gemaach! Dat hu se net fäerdegbruecht. Datselwecht, dat stoung nach eng Kéier an der Note, déi an d'Tripartite 2010 gaangen ass. Mä et ass jo bekanntlecherweis och do an och duerno vun de Majoritéitsparteien ignoréiert ginn.

Wat ass da geschitt am Laf vun deene leschte Joren? Wat fir eng Initiativë sinn da geholl ginn? Nun, et ass eng Krisesteier agefouert ginn; 2010 décidéiert. Den 1. Januar 2011 ass se a Kraaft getrueden. Esou Juni dorëmmer, 2011, gouf dunn annoncéiert, datt se erëm géif ofgeschaaft ginn. Den 1. Januar 2012 war se dunn ofgeschaaft.

Am Februar - am Februar! -, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, vum Joer 2012, also zwee Méint nodeems se ofgeschaaft war, ass deen Éischte mat der Iddi komm, déi Krisesteier, déi géif jo elo erëm agefouert gehéieren. Si wäert also wahrscheinlech dann um 1. Januar 2013 spéitstens hire Comeback feieren.

D'Studiëbäihëllefe sollte reforméiert gi mam Zil, fir 19 Milliounen Euro ze spueren. Mam Resultat, datt een an engem Joer awer zéng Milliounen Euro insgesamt méi ausginn huet, wéi dat virdru bei deem ale System de Fall war, a mam Nieweneffet, datt et manner selektiv ass an datt mer gläichzäiteg och nach de Risiko lafen, datt mer do vun der EU dee ganze System gekippt kréien an herno nach eng Kéier e Multiple vun deene Gelder do mussen an d'Grenzgebitt verséieren.

Et ass eng fir mech net onsënneg Propositioun gemaach ginn am Joer 2010, mat deem deemolege Spuerpak, fir d'Pendlerpauschal zréckzeschrauwen, dat am Sënn vun enger nohalteger Landesplanung. Et war eng grouss Opreegung bei Eenzelnen am Land, manner, mengen ech, hei an dësem Haus, op jidde Fall net op der Säit vun der parlamentarescher Oppositioun oder engem gudden Deel dovunner. Mä déi fir mech sënnvoll Reformustrengung, déi ass net bäibehale ginn. Déi ass am Pabeierkuerf gelant.

Wann da geschwat gëtt, mir misste kucken, datt beim Stat gespuert gëtt, an de Stat, dee géif dat dann och elo selwer maachen - mir si jo ganz d'accord domadder! A mir hunn zënter Jore proposéiert, datt dat dat Alleréischt misst sinn, wat misst gemaach ginn. De Finanzminister hat dann och en Effort gemaach. En ass nämlech beim Budget 2011 an d'Chamber komm an huet gesot, deen Effort, dee wär dann och wierklech doranner resultéiert, datt géife 34 Milliounen Euro agespuert ginn op engem Joer. Dat op Gesamtdépensë vun 12 Milliarden! Dir Dammen an Dir Hären, dat maache grad emol dräi Promille aus vun de Gesamtausgabe vum lëtzebuergeschen Zentralstat!

Et ass dann och dee ganz grousse Problem, datt d'Dépensen, d'Ausgabe vum Stat, déi leschte Jore fortgelaf sinn, datt se däitlech méi an d'Luucht gaange sinn, wéi d'Wirtschaftscroissance dat zougelooss hätt, an och däitlech méi an d'Luucht gaange sinn, wéi d'Recetten dat zougelooss hätten.

De lëtzebuergesche Stat huet am Joer 2005 8,9 Milliarden ausginn. Mat deem konnt een am Joer 2005 villes maachen, vill gutt Politik maachen. De lëtzebuergesche Stat soll am Joer 2012, also siwe Joer duerno, 13,7 Milliarden ausginn. Dat ass eng säfteg Hausse vu 54%. Déi läit jo awer wuel däitlech iwwert der ganz normaler Deierecht. An anscheinend hate mer jo awer schonn 2005 - ech hu virdrun de Luc Frieden zitéiert -, hate mer deemools schonn erkannt, datt mer e budgetäre Problem hätten, datt d'Ausgabe misste méi lues lafen, datt mer d'Automatisme misste bremsen.

Et goufen dann awer och an deene Joren do nei Ausgaben décidéiert, meeschtens esou kuerz virun enger Wahl. An et kann engem jo scho bal Angscht ginn, wann 2014 virun der Dier steet, wat d'Regierung sech dës Kéier afale léisst. D'leschte Kéier war et eppes wéi de Kannerbonus, wou meng Partei net matgestëmmt huet, well mer eis scho laang virdrun eens gemaach haten, datt een an der Familljepolitik net alles ka maachen, datt ee virun allem Serviceleeschtunge soll ubidden a manner Geldleeschtungen.

D'Regierung ass awer higaangen an huet do e Projet lancéiert, deen nach eng Kéier honnert Milliounen Euro méi kascht huet. An et weess keen, ob et de Kanner finalement wierklech eppes bruecht huet. Honnert Milliounen Euro d'Joer! Wa mer dat doten an aner Saachen net gemaach hätten, géife mer haut sécherlech besser dostoen.

A wou 2011 dann d'Wolleke sech fir ee Momentche verzunn haten, wou e puer Sonnestrahle Lëtzebuerg erëm erwiermt hunn, dunn ass awer de Krunn nees voll opgedréit ginn. Du sinn déi éischt Dépensëprogrammer schonn nees décidéiert ginn, allem virop eben do dee berühmten Accord salarial an der Fonction publique. Wou een zwar 2011 nach keng Ahnung hat, wat d'Finanzsituatioun 2013 géif hierginn, mä et gouf awer dunn emol schonn décidéiert, datt all déi, déi beim Stat géife schaffen, 2,2% méi sollten 2013 kréien a jo och doriwwer eraus eng linéaire Augmentatioun sollte kréien.

Dobäi hat de Premierminister 2010 op dëser Plaz gesot, an en huet all Fraktioun hei opgefuerdert, Stellungnahm dozou ze huelen, datt et jo eng Selbstverständlechkeet wär, datt et zu kenger Punktwäerterhéijung fir d'Fonction publique bis 2014, also bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod, géif kommen.

Meng Partei an och anerer hunn eng responsabel Haltung ageholl. Mir sinn net dohinnergaangen an hu gesot: „Dir musst de Leit hei am Land méi ginn." Neen, mir hu gesot: „Soulaang Statsdefiziter gemaach ginn, soulaang dëse Stat muss Joer fir Joer léine goen, kann et net sinn, datt déi, déi wierklech net zu deenen Ärmsten am Land gehéieren, nach méi géife bäikréien."

Nun, weder déi Ukënnegung vum Statsminister nach eis, mengen ech, awer courageiert a konstruktiv Ennerstëtzung vun der Säit vun der Demokratescher Partei huet do ganz vill gehollef. An trotz der Ukënnegung, datt mer 2013 1,5 Milliarden Defizit sollte maache beim Zentralstat, wäert et also zu där Augmentatioun do kommen: 2,2% linéaire Augmentatioun, 2,5% Index, dee jo och schonn ofgemaach ass dat Joer, also bal 5% méi Personalkäschte fir de Stat.

A mir wëssen, wann dat fir de Stat gëllt, da wäert dat ganz schnell och bei de Gemengen esou sinn. Da wäert dat ganz schnell och bei deenen anere konventionéierte Secteuren esou sinn. Do muss ee sech wierklech froen: Wa mer op där enger Säit iwwer eng Milliard musse léine goe pro Joer, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, hu mer se dann nach all, fir esou eng Ausgabepolitik wéi déi doten ze décidéieren? Déi, Dir Dammen an Dir Hären, ass nu wierklech emol irresponsabel!

An ech mengen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ka keen der Demokratescher Partei virwerfen, mir hätten e gestéiert Verhältnis zur Fonction publique. Et ass der Fonction publique eigentlech ni vill besser gaange wéi zu deene Momenter, wou d'Demokratesch Partei an der Regierung war,…

(Interruptions)

…well mer der fester Iwwerzeegung sinn, datt, wann et dem Land gutt geet, datt dann och d'Fonction publique, déi, déi do schaffen, datt déi hire Mérite dorunner hunn. Wann d'Entreprisë gutt schaffen an dësem Land, wa se sech gutt weider kënnen entwéckelen, wann déi eenzel Particulieren an dësem Land, d'Bierger vun dësem Land, zefridde sinn, dann huet och jiddwereen, deen op där enger oder op där anerer Plaz bei Stat, Gemeng oder do an deem Perimeter ronderëm schafft, dann huet deen och säi Mérite dorunner an da muss en och e Stéck vun deem, wat zesummen erwirtschaft ginn ass, kënne profitéieren.

Mä wann et awer net gutt geet, wann awer kee Geld do ass a wa mer eng schwiereg Duuschtstreck ze iwwerstoen hunn, jo dann, mengen ech awer, muss een deen dote Rhythmus eng Kéier aussetzen. Duerfir proposéiere mir, datt een den Accord salarial do soll op Äis leeën, bis et eis dann nees besser geet, bis mer nees gesonde Buedem ënnert de Féiss hunn. An da kënne mer och nees iwwer Augmentatioune bei der Fonction publique an op villen anere Plazen hei am Land schwätzen.

All déi schéin Ziler, all déi schéi Sloganen, déi mer an deenen diverse Rieden a Stellungnahme vun der Regierung iwwert déi lescht Joren héieren hunn: „Mir sollen d'Kris notzen. Mir solle méi staark aus der Kris erauskommen, wéi mer eragaange sinn", waren eigentlech nëmmen eidel Sloganen an et war näischt hannendrun.

All Spuerappeller vum Finanzminister a vun e puer anere Vertrieder - e puer anere Vertrieder! - vun dëser Majoritéit goufen ignoréiert. An där doter Majoritéit gëtt et, wann et ëm d'Budgets- a Finanzpolitik geet, wierklech en déiwe Gruef: op där enger Säit déi, déi probéieren, iergendwéi - an ech zielen do wierklech de Finanzminister un éischter Stell mat derzou - d'öffentlech Finanzen, d'Statsaffären en bon père de famille hei zu Lëtzebuerg ze géréieren, an awer déi aner, déi weider fir de Schlendrian sinn, déi „Weider esou!" soen, déi voll op Risiko wëlle setzen an hoffen, d'Situatioun géif sech vum selwen da besseren, an deenen et eigentlech egal ass, wat dann duerno op Lëtzebuerg alles wäert zoukommen.

Leider huet déi zweet Richtung déi lescht Joren dominéiert. An och wann de Finanzminister Luc Frieden recht huet mat deem, wat en hei seet, datt mer mussen ëmdenken, datt mer mussen ëmsteieren, fäerten ech, datt et och dës Kéier nees net dozou wäert kommen. Mä ech géif him wënschen, datt en dës Kéier méi staark wäert sinn, fir sech kënne géint seng Regierungskolleegen an an der Regierungskoalitioun duerchzesetzen.

Finalement awer gesäit een, datt déi gesamt Regierung do kee Plang huet, datt se keng Strategie huet, datt Schwaarz a Rout kee gemeinsame Projet hunn, datt se kee Rezept hunn, fir Lëtzebuerg aus der Kris ze féieren. An et geet nun eben emol net vum selwen, ze hoffen, datt d'Situatioun sech däitlech géif besseren an datt d'Sonn géif opgoen an all eis Problemer, déi wäre fort. Déi doten Hoffnung, déi ass nu wierklech héich riskant. Dat ass e Spill mam Feier.

Well et si jo bei Leiwen net nëmme konjunkturell Ursaachen, déi derzou bäigedroen hunn, datt et eis déi lescht Jore wierklech net esou gutt gaangen ass, datt mer Rekordchômage hunn, datt Betriber fortginn, datt mer d'Enner am Statsbudget net méi beienee kréien. Et si wierklech strukturell Schwächten, déi laang bekannt sinn, déi oft hei diskutéiert gi sinn, déi d'Ursaach duerfir sinn. Duerfir maache mer d'nächst Joer 1,5 Milliarden Defizit am Zentralstat; an dat trotz eigentlech nach ganz akzeptabele Wuesstumsprognose fir déi Joren duerno. Mir brauchen nu wierklech eng Rei vu courageierte Reformen hei am Land.

Wat mécht, Här President, d'CSV an d'LSAP? Si maache bis ewell weider Scholden. Si ginn also elo dat Geld aus, wat déi nächst Generatioun eréischt muss verdéngen, fir da Steiere kënnen ze bezuelen, fir datt de Stat déi Scholden do iergendwann eng Kéier kann zréckbezuelen. Mir sinn also amgaangen, de Spillraum vun deenen nächste Generatiounen dramatesch anzeengen.

Mä och déi nächst Generatioune wëllen dësem Land hire Stempel opdrécken. An och déi nächst Generatioun wäert Problemer hunn an dësem Land a wäert an engem schwieregen Émfeld dëst Land mussen duerch gutt an duerch manner gutt Zäiten navigéieren. Mä wa mer hinnen de Spillraum duerfir net loossen, wäert dat nu wierklech infiniment schwéier ginn.

An dës Regierung wäert dann och… Et ass de Mëtteg schonn e puermol ugeklongen, an de Fraktiounspresident vun der CSV hat et um Radio schonn eng Kéier an aller Däitlechkeet gesot, well e sot: „Et ass méi einfach, un der Steierschrauf ze dréien, wéi anzespueren." Also wäert et och nees zu Steiererhéijunge kommen.

(Interruption)

Et muss also nees jiddwereen hei am Land de Rimm e Stéck méi enk schnallen, fir datt de Stat deen Effort do net brauch ze maachen, fir datt de Stat säin eegene Rhythmus net e bëssen aschränkt, fir datt de Statsfonctionnement net eng Kéier iwwerduecht muss ginn!

Wa mir elo net ëmsteieren a schwéier Hypothéiken op d'Zukunft ausstellen, dann, Dir Dammen an Dir Hären, da wäerten déi nächst Generatioune wierklech de Präis duerfir musse bezuelen. Da wäert et mam Wuelstand wierklech riskéieren, d'Baach erofzegoen hei zu Lëtzebuerg.

Zënter dem Zweete Weltkrich hu mer eigentlech eng Situatioun hei zu Lëtzebuerg, datt et enger Generatioun no där anerer besser gaangen ass. An et war den Usproch vun all Generatioun, datt et hire Kanner e Stéck besser géif goen, datt dee Misär, dat, wat een nun eben emol net gären op sengem Liewenswee erlieft huet, datt dat der nächster Generatioun géif erspuert bleiwen.

Ech fäerten, datt, virun allem awer och duerch déi dote Politik, déi nächst Generatioun déi éischt Generatioun zënter dem Zweete Weltkrich ass, déi et méi schlecht wäert hu wéi hir Elteregeneratioun.

Et gëtt eigentlech hei am Land awer nach esou vill Potenzial, fir Neies ze maachen, fir ëmzedenken, fir dat Land nees fit ze maachen, och fir déi global an déi stiermesch Zäiten, an deene mer liewen. Et gëtt nach villes, wat broochläit, wat mer kënnen opbauen. Et ass eigentlech nach ëmmer e formidabelt Land, mä mat där doter Politik riskéiere mer, et awer dach e Stéck wäit ze ruinéieren an zugrond ze riichten.

De Finanzminister hat all Fraktiounen opgefuerdert, ganz konkret Proposen hei virzeleeën. Ech hu bis ewell de Mëtteg jo nach net alles héieren. Dat, wat awer de Fraktiounspresident vun der CSV hei zerwéiert huet: En huet gesot, mir mussen iwwer alles schwätzen an alles muss op den Dësch kommen. Jo, mä wann alles muss

op den Dësch kommen, dat ass, wéi wann näischt drop wär. Dat ass, wéi wa seng Partei eigentlech keng prezis Meenung hätt zu dem Reformkurs, deen awer hei vum Finanzminister gefuerdert ginn ass.

Op jidde Fall, meng Partei huet hei schonn x-mol ganz kloer gesot, wéi mir et géife maachen, an ech wëll herno et nach eng Kéier kuerz résuméieren, fir datt jiddweree sech et och nach eng Kéier kann opschreiwen, da verhält en et vläicht och besser.

Mä eigentlech hu mer vun CSV a vun LSAP hei bis ewell nach näischt héieren, well se sech net trauen, well se sech net eens ginn, well se op jidde Fall een deem aneren net trauen a well se eigentlech scho mat engem Fouss am Wahlkampf fir 2014 stinn. An dat ass schlecht fir dëst Land, well et muss elo Politik gemaach ginn!

Duerfir soen ech hinnen nach eng Kéier: Wann Der et net kënnt a wann Der et net wëllt, da loosst et einfach sinn a maacht enger anerer Regierung Plaz, déi weess, wéi een dëst Land aus der Kris ka féieren, déi weess, wat fir eng Reforme wou ze maache sinn!

Dëst, wäert deen een oder deen aneren denken, dat kléngt no bëlleger Oppositiounsrhetorik, dat ass eng typesch Ried vun engem Oppositiounspolitiker. Ech mengen, Dir gesitt, datt déi dote Situatioun mech net kalléisst. Dat doten, dat reegt mech op: Ze gesinn, datt et Potenzial gëtt, ze gesinn, datt et eigentlech esou kloer ass, wat misst gemaach ginn, mä kee mécht et! Jiddweree blockéiert sech géigesäiteg. Mir kéinten zesumme wierklech hei e Stéck Zukunft fir Lëtzebuerg preparéieren, mä mir kucken einfach alleguerten zesummen no, wéi dach eppes fundamental falsch leeft an dësem Land.

Dat reegt mech op! Besonnesch, wann ech weess a fest dru gleewen, datt et eng Alternativ zu där doter Politik gëtt.

(Interruption et hilarité)

An deene leschte Méint a Joren hunn d'Demokratesch Partei a vill aner Oppositiounsparteien, mengen ech, méi Courage gewise wéi d'Majoritéit es hat, wann et drëms gaangen ass, fir kloer ze soen, wat muss gemaach ginn. Mir hu couragéiert an awer och konstruktiv Virschléi hei op dëser Plaz an op anere Plazen ëmmer nees abruecht.

Mir hu gesot, datt déi alleréischt Prioritéit déi wär, datt mer misste spuere beim Stat, datt de Stat säin eegene Liewensrhythmus misst e bësse méi zügelen. Bei deenen zwielef Milliarden Euro, déi de Stat pro Joer ausgëtt, muss dach e bësse méi dra sinn, mussen nach e puer Prozent wierklech dra sinn, wéi een do kéint och mat manner Geld op d'mannst datselwecht Resultat erzilen. Ob een dat elo de Screening nennt vun den Dépensen, ob een dat elo „zero-based budgeting" nennt - kommt, mir maachen all Joer deen Exercice an all Ministère, an all Verwaltung, an all Établissement public, fir wierklech ze kucken, wou ass nach eng Grëtzelchen dran, fir mat manner Geld datselwecht fir d'Bierger vun dësem Land kënnen ze erreechen!

Deen Exercice ass bis ewell nach net gemaach ginn. Virun allem, wann ee gesäit, datt d'Dépensë vum lëtzebuergesche Stat zënter 2005 ëm iwwer 50% an d'Luucht gaange sinn, da ka kee mer soen, datt do näischt méi dran ass. Da ka kee mer soen, datt all Spuereffort bei de Fonctionnementskäschte vum lëtzebuergesche Stat scho realiséiert ginn ass!

Spuere fänkt dach virun allem domadder un, keng nei Ausgabe wëllen ze tätegen, ze décidéieren.

Ech hunn de Mëtteg hei scho kloer gesot, wat mer hale vun där Augmentatioun vum Punktwäert an der Fonction publique. Et ass net méiglech, op där enger Säit ze soen, mir musse spueren, an op där anerer Säit ze soen, déi Leit, déi beim Stat schaffen, déi verdéngen d'nächst Joer méi. Entweder stëmmt dat eent oder et stëmmt dat anert. Wa mer d'Moyenen hunn, fir do méi ze bezuelen, da brauche mer och all anere Spuereffort net méi weider ze poursuivéieren. Da kënne mer déi Spuerpolitik do komplett an den Eck stellen, well dann ass se jo wierklech net noutwendeg.

Gradesou versti mir et net, datt bei der Rentereform do deen Ajustement elo weiderleeft, datt mer souguer soen, e leeft weider an enger Zäit, wou mer dovunner ausginn, datt mer keng groussaarteg Croissance méi hunn. Mä déi Reform, déi geet dovunner aus, datt mer eng Croissance hätte vun 3%. Wär et dann net méi logesch, amplaz ze soen, den Ajustement ass d'Regel, ma kommt mir soen, en ass d'Ausnahm? An dann, wa mer wierklech eng Kéier ganz gutt Zäit hunn, da kann een och nach iwwert d'Kafkraafterhalung vun de Pensionäre vläicht doriwwer eraus nach eng Kéier eppes maachen.

Leit, déi mengen ech, eng Grimmel Sachverstand matbréngen, wéi zum Beispill de President vun der lëtzebuergescher Zentralbank, dee jo och net am Verdacht steet, menger Partei besonnesch no ze stoen, deen huet gesot, mir hätten e groussen, e groussen Effort gemaach fir d'Sanéierung vun de gesamtöffentleche Finanzen, wa mer den Ajustement beim Pensiounssystem net weider géife poursuivéieren.

An ech mengen, och do ass et esou, datt e groussen Deel vun deene Leit, déi haut an der Pensioun sinn, géifen akzeptéieren, datt se dat bësse Plus, wat se do kréien, datt se op dat géife verzichten, wa se géife gläichzäiteg wëssen, datt hir Kanner an hir Enkelkanner herno och nach vun engem gesonde Pensiounssystem kéinte profitéieren.

D'Leit wëllen haut net op d'Käschte vun hire Kanner an hiren Enkelkanner liewen. Mir ass nach keen esou een hei am Land begéint, Dir Dammen an Dir Hären!

Da gëtt et en enormt Aspuerpotenzial, eiser Meenung no, wa mer de ganze Subventiounsdschungel, wa mer deen duerchforsten, wa mer kucken, wat huet de lëtzebuergesche Stat vu Subsiden en place gesat déi lescht Joren a Jorzéngten. Well et ass jo ëmmer oft derbäikomm an et ass seelen eppes ewechgeholl ginn. Do emol eng Kéier och d'Auer op null dréien a kucken: Wat brauche mer wierklech?

A wa mer Subside wëlle ginn, fir zum Beispill d'Leit bei der Sanéierung vun hiren Haiser ze ënnerstëtzen, fir an d'Zäitalter vun den erneierbaren Energien eranzekommen, dann, Dir Dammen an Dir Hären, wär et emol sënnvoll, vläicht déi Subsiden do eng Zäit laang ze accordéieren an awer gläichzäiteg och zäitlech ze limitéieren, fir dann ze soen: Deen éischten, dee matmécht, deen ënnerstëtze mer finanziell. Awer deen, deen hannendrugetrëppelt kënnt, jo, do ass et dann iergendwann eng Kéier eng Obligatioun, a per Gesetz musse mer d'Leit dann dozou zwéngen, dat ze maachen.

Da wëlle mer ganz genau an deem dote Beräich en anere Modell aféieren, nämlech dee vun der Virfinanzéierung amplaz vun der Subsidiéierung. Well mer et méi sozial gerecht fannen, well mer et net sozial gerecht fanne wéi et haut ass, datt eigentlech deen, dee sech de groussen Deel vum Invest, sief et fir d'Sanéierung vum Haus, sief et fir d'erneierbar Energien, selwer ka leeschten, datt nëmmen deen och d'staatlech Subside kann ofruffen, datt nëmmen déi Leit dovunner profitéieren; an dat sinn der dann net ganz vill.

Duerfir wëlle mer, datt jiddwereen d'Méiglechkeet huet, dat iwwer e Virfinanzement ze maachen. An dee Prêt, deen en do mécht, zum Beispill bei enger Klimabank, wéi mer dat virgeschloen hunn, dee kann e rembourséiere mat deem Geld, wat e Mount fir Mount bei senger Energierechnung, bei senger Heizrechnung, bei der Gasrechnung géif spueren.

Dat schéngt eis Politik ze sinn esou wéi mer se gären hätten: nämlech wou mer mat manner Geld, mat vill manner Geld awer e vill méi grousst Resultat maachen! E grousst Resultat, well dat doten e System wär, wou jiddweree kéint profitéieren.

Ech froen d'ailleurs de Finanzminister, wou d'Iwwerleeungen op der Säit vun der Regierung dru sinn. Mir wëssen, datt ech bei enger leschter Debatt, déi mer hei haten - an dat weist, Här Wolter, nach eng Kéier, eng gewësse Konstanz vu menge Proposen -, datt ech déi Klimabank hei per Motioun agefuerdert hunn. An d'Regierung war och d'accord, déi Motioun do unzehuelen. Wéi wäit déi Iwwerleeungen do op der Säit vun der Regierung gaange sinn?

Da brauch d'Demokratesch Partei sech sécherlech net verstoppen ze goen, wann et ëm eng selektiv Sozial- a Familljepolitik geet. Ech wëll Iech do emol nach eng Kéier un eng Propos erënneren, déi mer gemaach hate virun de Wahlen. Dir kënnt Iech selwer ukucken, wéi d'Vertrieder vun der Majoritéit, notamment de Premierminister, dorobber reagéiert hunn.

Mir haten nämlech gesot, kommt, mir ginn hin a mir senken d'Kannergeld e Stéck wäit of op den Niveau vun den Nopeschlänner a mir féieren duerfir e Wunngeld an, wat sozial gestaffelt ass: wou deen, dee méi Kanner huet, och méi kritt, mä deen, dee manner Geld an der Täsch huet, deen e manner grousse Revenu huet, wou deen och méi kritt.

Dat wär nämlech méi sozial gerecht a méi selektiv, well deen, dee méi Hëllef brauch, dee kréich méi gehollef. A virun allem wësse mer, datt jo och ee vun de grousse Problemer haut hei zu Lëtzebuerg - an dat net nëmme fir déi Leit, déi betraff sinn, mä an deem globale Kontext, iwwert dee mer hei diskutéieren -, dat ass de Logement, datt et kaum nach méiglech ass fir Leit mat klengem oder mëttlerem Akommes, hei dezent kënnen ze wunnen zu Lëtzebuerg. Do hätte mer och eppes gemaach, fir do Entlaaschtung ze bidden. Da wär vläicht och…

(Interruption)

Da wär vläicht och herno, Här Boden, wär vläicht… Also, Här Boden…

Här Boden, wann Dir hei iwwer Loyeren…

(Interruption)

Wann Dir hei iwwer Loyeren a Baupräisser schwätzt a Wunnen zu Lëtzebuerg! Wann ech vum Premierminister gesot kritt hätt eng Kéier - vu mengem eegene Premierminister! -, wou Dir Wunnengsbauminister waart, den totalen Échec vun Ärer Politik do…

(Interruption)

…vun Ärer Politik do certifiéiert kritt hätt, da wär ech awer esou grouss, wann et drëms géif goen, wéi et méiglech ass, mat wat fir enge Methode mer probéieren hei am Land, d'Leit nach kënnen zu dezente Präisser wunnen ze loossen!

(Interruptions)

Ech mengen awer wierklech, datt Dir dee Leschte sidd, datt Dir deen Allerleschte sidd, deen hei nach iergendengem muss Beléierungen…

M. Fernand Boden *(CSV).*- Wéi sinn d'Loyeren dann zu Déifferdeng? Sinn déi niddreg oder héich?

(Interruptions)

Hutt Der e Klimapakt ënnerschriwwen, jo oder neen? Hutt Der en exekutéiert, jo oder neen? Pardon, e Wunnengsbaupakt.

M. Claude Meisch *(DP).*- Jo, mir hu villes…

M. Fernand Boden *(CSV).*- Wat hutt Dir dann agefouert vun Taxen?

M. Claude Meisch *(DP).*- Jo, Här Boden. Här Boden, mir hu villes vun deem, wat Dir an Ärem Wunnengsbaupakt proposéiert hutt, do ware mir scho laang do, wou Dir wollt hikommen.

(Brouhaha)

Mir hunn net op Iech gewaart, mir hunn net op d'Regierung gewaart, fir eng proaktiv Wunnengsbaupolitik ze maachen. Mir wären haut vill méi wäit. Mir wären haut vill méi wäit, wa mer net duerch dat 2004er Aménagementsgesetz blockéiert gi wäre bis 2011. Wa mer net ëmmer erëm duerch gewëssen Insécurités juridiques bei de PAPe ganz Projeten, grouss Projeten, géifen zréckgehäit kréien, da wäre mer haut vill méi wäit!

An d'Resultat vun eiser Politik ass, datt mer bei enger Populatioun vun 22.000 Awunner der 500 méi pro Joer hunn. A mir akzeptéieren dat. Dat ass eng schwéier Laascht fir eng Stad wéi Déifferdeng, déi nach ganz aner Aufgaben huet, wat de Strukturwandel ubelaangt.

Här Boden, ech weess net, ob Der Iech eenegermoosse kënnt virstellen, wat ech domadder wëll soen.

Mir akzeptéieren dat doten…

M. Fernand Boden *(CSV).*- An ech hat Iech vill gehollef…, ganz, ganz vill!

M. Claude Meisch *(DP).*- Jo, jo. Bon, mir kënnen dat eng Kéier zesummen…, mir kënnen dat doten eng Kéier zesummerechnen. D'Peschkopp ass an de 50er Joren, Här Boden, vun der Gemeng gebaut ginn…

M. Xavier Bettel *(DP).*- Dir waart deemools Minister!

M. Claude Meisch *(DP).*- …an Dir hutt dat…

M. Fernand Boden *(CSV).*- Neen, du war ech net Minister!

M. Xavier Bettel *(DP).*- Oh, awer esou just.

M. Claude Meisch *(DP).*- …an de Stat huet dat du vun der Gemeng iwwerholl. Ech mengen, Dir kommt do mat Ären Avancen net un.

Ech wëll Iech awer nach op eng Fro äntwerten.

(Interruptions)

Mir hunn et fäerdegbruecht zu Déifferdeng, datt d'Loyerspräisser an datt d'Präisser fir ze kafe stabil bliwwe sinn iwwert déi lescht Joren. Elo sinn ech do net zefridden, well ech nach ëmmer fannen, datt et relativ héich ass, mä fuert haut duerch Déifferdeng, da gesitt Der eng grouss Annonce, datt do ab 2.700 Euro de Meter carré ze kafen ass. Sot mer eng aner Gemeng am Land, wou dat nach méiglech ass!

Dat ass net eleng mäi Mérite. Mä et ass virun allem awer doduerjer, datt vill gebaut ginn ass déi lescht Joren an datt mer déi Projeten ënnerstëtzt hunn, datt mer d'Präisser net weider no uewe gedriwwen hunn.

(Interruptions)

M. le Président.- Ech mengen, elo huet den… Här Meisch, fuert elo emol an Ärer Ried virun, wann ech gelift.

Une voix.- Wat musst Dir Iech nach opreegen an Ärem héijen Alter!

M. Fernand Boden *(CSV).*- Mä den Här Meisch seet Saachen, déi net richteg sinn…

(Interruptions)

Wann Der mengt, vun dem Wunnengsbau…

(Brouhaha général)

M. le Président.- Här Boden, loosst elo den Här…

(Brouhaha général)

Den Här Meisch huet elo d'Wuert. Ech mengen, all Fraktioun huet nach genuch Zäit, fir sech anzeschreiwen, fir da Positioun ze huelen. Här Meisch, fuert Dir elo emol wann ech gelift virun.

(Interruption)

M. Claude Meisch *(DP).*- Ech war bei der selektiver Familljen- a Sozialpolitik, wat dat fir d'Regierung heescht, déi dat zwar aschreift an hire Regierungsprogramm 2009, déi dann duerno eng Rei vu Mesuren hélt - dat hunn ech virdru bei de Studiëbäihëllefe jo gewisen: Et ass weder selektiv, sozial, et ass weder eng Aspuerungsmesure, neen, béides ass genau an déi falsch Richtung gaangen!

Da brauche mer wierklech awer och zu Lëtzebuerg, fir d'Dépensen iwwert de Fonds pour l'emploi kënnen eenegermoossen an der Gidd ze halen, net dat, wat den Här Spautz hei proposéiert huet, nämlech, datt d'Solidaritéitssteier automatesch un d'Héicht vum Chômage gekoppelt ass. Well dann hu mer jo eigentlech keen Ureiz méi, als Stat hinzegoen an ze kucken, duerch eng aner, eng besser Politik de Chômage gedréckt ze kréien. Well et sinn einfach d'Leit an d'Betriber an dësem Land, déi dat dote musse bezuelen.

Neen, mir sinn der Meenung, datt mer nieft där Reform vun der ADEM, déi noutwendeg war, eng aner Aarbechtsmaartpolitik brauchen, eng Aarbechtsmaartpolitik, déi aktivéiert amplaz datt se d'Leit oft encouragéiert, länger vum Aarbechtsmaart ewechzebleiwen. Well jiddwereen, deen e Mount weider inaktiv ass, bei deem geet d'Chance erof, fir erëm eng Kéier an den éischten Aarbechtsmaart eranzekommen.

Duerfir musse mer déi Mesuren do eng Kéier op de Leescht huelen. Duerfir musse mer dee Prinzip, dee mer hunn, datt een eigentlech awer zwielef Méint de Chômage emol kritt a sech esou op eng Aart a Weis vläicht och emol ka virstelle goen - dat ass nëmmen eng Minoritéit, wuelverstanen -, datt een déi Plaz net kritt, op déi ee sech da virstelle gaangen ass, ech mengen, et muss een deen iwwerdenken.

Et muss ee kucken, ob een, wann een no enger gewëssener Zäit keng Plaz fonnt huet, ob een net fir déi Hëllef, déi ee kritt, nämlech déi 80% vu sengem Loun, déi ee jo vum Stat dann zur Verfügung gestallt kritt fir ze iwwerliewen - an déi ass absolut richteg -, fir déi Hand, déi een eigentlech gereecht kritt vun der Allgemengheet, ob een net selwer muss d'Hand entgéinthalen a soen: „Jo, ech maache selwer en Effort. Ech ginn zum Beispill an eng Weiderbildung."

Wat ass jo de Problem vum lëtzebuergesche Marché de l'emploi? Et ass net, datt mer keng Aarbechtsplazen hätten. Et ass net, wéi wa keng géife geschafe ginn. Mä déi 15.000 an déi Dausenden, déi a Mesurë sinn, fir eigentlech kënschtlech beschäftegt ze ginn, an déi Dausenden, déi och scho vum Aarbechtsmaart ausgescheet sinn, déi d'Hoffnung opginn hunn, nach jee vun der ADEM och eng Kéier eng Plaz proposéiert ze kréien, déi wären eigentlech gären och iergendwou esou preparéiert, datt se herno op eng Plaz op dem éischten Aarbechtsmaart kéinte passen.

Duerfir, mengen ech, muss een déi Zäit notzen, wou se indemniséiert ginn, fir Weiderbildung ze maachen, fir se ze aktivéieren. An et gëtt der och, déi fir déi dote Weiderbildung net a Fro kommen. An duerfir, mengen ech awer, musse se och aktiv un engem Dagesliewe kënnen deelhuelen an zum Beispill Aarbechten am öffentlechen Interessi maachen.

Aner Länner hunn eng Rei vu Reformen, vun duerchgräifende Reformen, heiansdo och vu schmäerzleche Reformen an der Aarbechtsmaartpolitik gemaach. Si sinn net schlecht domadder gefuer, well d'Resultater loosse sech weisen.

Da gëtt et eng ganz Rei vun Domänen, do musse mer e klore Choix treffen. Entweder maache mer eng nohalteg Landesplanung a mir ënnerstëtzen déi a mir entwéckelen e kohärent Mobilitéitskonzept, oder mir subventionéiere weider d'Zersiedlung vun der Landschaft. Duerfir verstinn ech eigentlech net, wéi mer op där enger Säit d'Pendler nach ëmmer subventionéieren iwwert d'Pendlerpauschal an op där anerer Säit awer gläichzäiteg Milliounen an Abermilliounen an den öffentlechen Transport wëlle stiechen.

Mir mengen, datt den öffentlechen Transport do Prioritéit misst hunn. Et gëllt do, dann och eng Kéier ganz kloer ee Choix ze maachen!

Mir mengen, datt mer och eng Kéier musse klären, ob mer entweder op där enger Säit wëlle Famill a Beruff ënner een Hutt kréien, virun allem de Fraen erméiglechen, datt se esou schnell wéi méiglech an d'Beruffsliewe kënnen zréckgoen, oder ob mer weiderhin déi Familljen ënnerstëtzen, finanziell och staark ënnerstëtzen, wou nëmmen ee schaffe geet.

Momentan maache mer béides. Fir déi Beruffstäteg, do ass et de Congé parental, dee mer ubidden. Fir déi, wou awer een doheem bleift, ass et d'Allocation d'éducation. D'Demokratesch Partei hat 2008 an hirem Familljepabeier emol eng Kéier virgeschloen, déi zwou Mesuren do ze fusionéieren zu engem kohärente Konzept.

Mir ënnerstëtzen - a mir mengen, datt mer dat musse méi maachen - op där enger Säit d'Crèchen an d'Maisons relais méi an der Quantitéit a méi an der Qualitéit. Op där anerer Säit ënnerstëtze mer awer gradesou nach ëmmer, wann d'Mamm oder de Papp doheem bleift, aus dem Beruffsliewen ausscheet, iwwer zum Beispill e Steiersplitting oder e Kannerbonus. Dee jo och dozou gefouert huet, datt nëmmen déi konnte profitéieren, déi ënner zweemol de Mindestloun leien, wou also déi zwee Elterendeeler net zesummen an enger regulärer Aarbecht aktiv waren.

D'Regierung muss sech hei décidéieren. Et kann een net ëmmer dat eent a gläichzäiteg de Géigendeel förderen. Hei gi mer ganz, ganz vill Geld aus. A mir hunn déi lescht Joren och eng Tendenz gehat, fir mat vill Geld oft Problemer zouzedecken, amplaz datt mer politesch Choixe gemaach hätten.

Ech mengen, datt an der Politik duerfir, well elo kee Geld méi do ass, déi Problemer awer méi staark wéi jee erëm optauchen. Ech mengen, datt duerfir d'Politik hei zu Lëtzebuerg erëm e Stéck méi interessant gëtt, datt mer manner Décisiounen am grousse Konsens hei an dësem Haus wäerten huelen an datt et schonn erëm eng Kéier en Ënnerscheed mécht, op wat fir enger Säit an dësem Haus een hei sëtzt an op wat fir eng Richtung een dëst Land hei wëll preparéieren. Den Débat public an och deen hei an de Chamber wäerten doduerjer sécherlech net manner animéiert ginn déi nächst Joren.

Mir mussen an deem Débat public do awer och d'Lëtzebuerger mat op dee Wee huelen. Duerfir ass et wichteg, datt mer kohärent Messagë ginn. Duerfir ass et net verständlech, datt deen ee Minister deeselwechten Dag vu Spuere schwätzt a vun Defizit schwätzt an deen anere Minister higeet an dann nees nei Ausgabeprogrammer décidéiert.

Dat ass wierklech déi grouss, no baussen oppe gelieften Inkonsequenz vun dëser Regierung! Wéi wëlle mer et da fäerdegbréngen, datt am Land nach iergendee versteet, wat d'Situatioun da wierklech ass, wat d'Auer wierklech geschloen huet a wat dann elo déi grouss an déi éischt Prioritéit do soll sinn? Mir mengen, mir brauchen do méi Kohärenz vun der Regierung, e klore Message a kloer Transparenz, wat d'Situatioun ass, an dann en oppenen an en animéierten Débat, wou d'Politik, wou d'Press, wou d'Société civile hir Participatioun soll dra fannen.

Fir d'Demokratesch Partei, hunn ech kloer gesot, ass d'Prioritéit ze spueren, strukturell Reformen ze maachen, mat manner Geld eng besser Politik ze maachen. Mir soen awer gradesou däitlech, datt et hei net drëms ka goen, eis kapottzespueren. Mir hu vun Ufank u gesot, datt mer deen Delta, dee mer hu bei den öffentleche Finanzen tëschent Einnahmen an Ausgaben, datt mer deen nëmme beieneekréien, wa mer souwuel Effortë maachen, fir manner Geld auszeginn, wéi awer och Effortë maachen, fir es méi eranzekréien, nämlech duerch eng ganz kohärent Wuesstumsstrategie.

Do vermësse mer dat Industriekonzept vun der Regierung, a mir hu virun e puer Deeg heiriwwer kënne schwätzen: Wéi ass et méiglech, datt an engem Land wéi Lëtzebuerg, mat héije Léin, weiderhin industriell Aktivitéit ka stattfannen? Wéi ass et mat deenen Nischen, vun deenen oft geschwat gëtt, déi awer oft entweder nach e Schattendasein féieren op där enger Säit, oder op där anerer Säit, wa se dann emol eng Kéier grouss gi sinn, ganz schnell riskéieren ewechzebriechen, wéi dat beim Commerce électronique jo deemnächst wäert de Fall sinn.

Wat fir eng Weeër musse mer goen, fir d'Finanzplaz nei opzestellen? Ech erënneren do - Här Wolter, passt op - un déi 31 Propositioune vun der Demokratescher Partei iwwert déi nei Ausriichtung vun der Finanzplaz no der Finanzkris. Well jo duerch d'Finanzkris ganz villes duercherneegerëselt ginn ass, wat déi international Finanzarchitektur ubelaangt, ware mir der Meenung, datt een och do eemol muss kucken: Wéi kënne mer d'Lëtzebuerger Finanzplaz do nei ausriichten? Wat sinn d'Risiken? Wat sinn awer och Opportunitéiten, déi sech do fir eis bidden?

Wa mer eis Klimabank hätten a wa mer géife bei der Albausanéierung a bei den erneierbaren Energien e grousse Coup no vir kënne maachen, da wär dat en eemolege Konjunkturprogramm fir dee ganze Lëtzebuerger Mëttelstand!

Mir mussen, wann et ëm d'öffentlech Finanze geet, an ech mengen awer och ëm d'Kompetitivitéit hei vun eise Betriber, besonnesch déi op der Finanzplaz, awer och déi aner, mengen ech, méi staark en A drop riichten, wéi ee mat den europäesche Steierdossieren ëmgeet. Mir hunn do oft ganz schnell, ganz spontan Positiounen ageholl, déi, mengen ech, aus dem Bauch eraus komm sinn, déi een och nëmme ka verstoen heiansdo, well se aus dem Bauch eraus komm sinn.

Wann ee seet, mir si fir eng international Finanztransaktiounssteier, wou net all aner Konkurrenzplaz vu Lëtzebuerg matmécht, dann, mengen ech, muss een awer och eng Kéier kucken, wat riskéiert Lëtzebuerg do derbäi, an dat géigeniwwer vun deem stellen, wat Lëtzebuerg op där anerer Säit vläicht kéint profitéieren. Dat ass bis ewell nach net gemaach ginn!

An och do hu mer jo eng Motioun hei am Parlament abruecht virun enger Rei vu Wochen, wou d'Regierung opgefuerdert ginn ass, emol déi Analys do ze maachen iwwer Dossiere wéi d'europäesch Finanztransaktiounssteier, iwwert d' Steierharmoniséierung, iwwert d'Harmoniséierung vun der Base d'assiette um europäeschen Niveau, fir ze dokumentéieren, wat riskéiere mer do, wat si vläicht fir Chancen doranner, an dann eréischt eng Debatt ze féieren an dann eng Décisioun ze huelen. Soss, fäerten ech, deet sech am Laf vun deenen nächste Joren - einfach, well mer onvirsiichteg waren, well mer net preparéiert waren - nach dat eent an dat anert Milliounen- oder Milliardegraf an eisen öffentleche Finanzen hei zu Lëtzebuerg op.

Dann, mengen ech, wa mer d'Leit wëllen iwwerzeege vun enger Spuerpolitik, wa mer d'Leit wëlle matkréien op deen dote Wee, fir munches nei ze denken an emol eng Kéier aneschters d'Problemer unzegoen, da musse mer och erklären, firwat mer dat maachen. Mir maachen dat net: spuere fir ze spueren. Et geet net dorëms! Et geet och net dorëms, herno de Spuerchampion ze sinn. Et geet och net dorëms, nëmme méi eng schéi statistesch Kurv herno derbäi erauszekréien, mä et geet eigentlech ëm net manner wéi ëm d'Zukunftsfäegkeet vun dësem Land!

Et geet dorëms, datt mer eis Margen erhalen, fir och an Zukunft nach kënnen ze reagéieren. Et geet dorëms, do kënne weider ze investéieren, wou et haut noutwendeg ass, well mer e Besoin hunn, well mer hei Opportunitéite gesi fir Lëtzebuerg, well mer awer och Gefore gesi fir Lëtzebuerg. Ech mengen, datt, wat déi öffentlech Investitiounen ubelaangt, een et net einfach kann esou maachen, datt ee seet, mir investéiere generell manner, wat jo da géif heeschen, mir strecken déi Programmer, déi mer hunn. Ech mengen, mir musse virun allem kloer eng Prioritéitelëscht maachen: Wat brauche mer wierklech?

Fir eis sinn déi Investitiounen am wichtegsten, déi wierklech dem Term vun der Investitioun entspriechen. Investéieren heescht, ech ginn haut eppes, fir muer eppes erëmzekréien. Ech investéieren also e Stéck an d'Zukunft an duerfir geet et dem Land muer hei besser. Dat missten eigentlech déi éischt Projete sinn, déi realiséiert ginn! An da muss ee kucken, wat fir eng aner duerno nach kommen.

Ech mengen och, et kann ee méi gënschteg bauen hei am Land. Well, wann een d'Chiffere vergläicht vu munchem Bau pro Meter carré, deen déi lescht Jore gebaut ginn ass, a wat op anere Plazen awer méiglech ass, dann ass do och nach Loft dran. Ech mengen och, datt dee Modell, deen d'Regierung beim Mierscher Lycée geholl hat, de PPP-Modell, datt en eng interessant Pist ka sinn, fir eng gutt Qualitéit zu engem konkurrenzfäege Präis och kënnen ze kréien an och vun der Erfahrung kënnen ze profitéieren, zudeem mat deenen aner Bauhären international och scho Gebaier opgeriicht hunn.

Dann, mengen ech, muss et och drëms goen, fir, wa mer spueren, Moyenen ze hunn, fir an anere Beräicher méi kënnen ze maachen. Mir hunn e grousse Mobilitéitsproblem hei am Land. Dat mierke mer all Dag, wa mer selwer an d'Stad gefuer kommen. Dat mierke mer all Dag, wa mer mat de Leit schwätzen. Dat mierke mer, wa mer mat Chefs d'entreprise schwätzen, wa se sech iwwerleeën: Wou loossen ech mech nidder? Wa mer och do Lëtzebuerg nach weider wëllen développéieren, wa mer nach méi Aarbechtsplazen an dësem Land hei wëllen hunn - a mir hätten do op jidde Fall näischt dergéint, zu deene gehéiere mir bekanntlecherweis net -, dann, mengen ech, musse mer och de Mobilitéitsproblem an de Grëff kréien.

Mir mussen och nach do investéieren, wann et dorëms geet, nei wirtschaftlech Standbeen kënnen opzebauen, fir déi fragil Situatioun, déi mer hunn duerch déi grouss Expositioun par rapport zur Finanzindustrie, fir déi dach e bësse méi staark kënnen ofzefiederen.

Mir musse weider investéiere ganz besonnesch a Bildung an a Kannerbetreiung. Ech erspueren lech hei nach eng Kéier all déi Propositiounen, déi mer scho gemaach hunn an der Vergaangenheet. D'Demokratesch Partei wëllt och, datt déi Uni, déi amgaangen ass sech ze fannen, déi amgaangen ass sech ze positionéieren, datt déi e Succès gëtt, well se wäert och zu engem wirtschaftleche Motor vun dësem Land kënne ginn.

An allen anere Regioune queesch uechter Europa, wou an de 60er an an de 70er Joren eng Universitéit opgaangen ass, hat dat en enormen Impakt op déi ganz Regioun. Do sinn aber an aber, Honnerte vun Honnerte vu Betriber dohinnerkomm, hu sech wéinst der Universitéit do ugesiedelt, et sinn Dausende vun Aarbechtsplaze geschafe ginn. Och musse mer d'Universitéit aus deem dote Bléckwénkel, däerfen a musse mer se kucken. A mir mussen, mir däerfen déi Efforten, déi mer um Niveau vun der Fuerschung maachen, net zréckschrauwen, well et ass dat d'Zukunft vun der wirtschaftlecher Stabilitéit vu muer a vun iwwermuer! Mir mussen awer kucken, datt mer déi privat Partner méi staark och nach hei zu Lëtzebuerg mat an d'Fuerschung erugezu kréien.

Mir brauchen also och an deenen doten Domänen, wann et drëms geet, Geld auszeginn, eng kloer Spuerpolitik, mä wann et drëms geet, méi ze maachen op eenzelnen Domänen, ganz kloer Prioritéiten, déi op d'Zukunft ausgeriicht sinn. Wann also an Zukunft nach Zukunftsgestaltung hei zu Lëtzebuerg méiglech soll kënne sinn, da brauche mer en Emsteieren, da brauche mer en Ëmdenken, da muss et och emol eng Kéier erlaabt sinn, eng Kéier eppes, wat vläicht net esou populär ass, hei op dëser Plaz ze soen an duerno an d'Realitéit kënnen ëmzesetzen.

Da musse mer un déi nächst Generatiounen denken, datt si net ze vill belaascht ginn. An da muss dat, wat eigentlech fir jiddweree selbstverständlech ass, datt een op Dauer net ka méi Geld ausgi wéi een es erakritt - well fir eis doheem gëllt dat jo och -, och fir e Land wéi de lëtzebuergesche Stat gëllen! Wa mir privat doheem emol eng Kéier an en Enkpass kommen, dann hu mer Reserven. Wa mer dauerhaft an en Enkpass kommen, sinn déi Reserve ganz schnell opgebraucht. A wa mer da musse bei de Banquier goen, da kréie mer am Ufank och nach eng Kéier Geld geléint. Wa mer dann dauerhaft musse bei de Banquier goen, well et nach ëmmer bei eisem Joresbudget net opgeet, da seet och de Banquier eng Kéier: Elo ass et eriwwer! Dat gëllt fir jiddwereen hei am Land, dat muss och fir de Lëtzebuerger Stat gëllen. Dir Dammen an Dir Hären, duerfir musse mer eng aner Politik maachen!

De Budgetsdefizit, Dir Dammen an Dir Hären, ass jo net vum Himmel gefall komm, en ass d'Resultat vun der Politik vun deene leschte Joren. An ech hunn et gesot: Do wou kee Spuereffort gemaach ginn ass, do wou déi, déi gewarnt hunn, éischter belächelt gi sinn, do wou déi, déi wollten emol eng Kéier en neie Wee goen, wou déi jo op der Säit stoegelooss gi sinn, do huet dat derzou gefouert, datt mer haut pro Joer riskéieren, eng Milliard musse léinen ze goen. Et ass net déi grouss international Kris, déi eleng duerfir responsabel ass. Mir haten eng Rei vu strukturelle Problemer virun der Kris, mir hu se haut a mir däerfe se net weider einfach bestoe loossen!

Et ass d'Resultat vun enger verfeeltener Politik. Et ass d'Resultat vun der Politik vun der roueger Hand, vun der vill ze roueger Hand, déi jo awer op d'mannst vun der Majoritéit aus dem Regierungslager hei gefuerdert ginn ass. D'CSV an d'LSAP ganz besonnesch mussen hire Politikmodell aus de leschte Jore vun dem „d'Problemer mat Geld zoudecken" iwwerdenken!

Et ass méiglech, mengen ech, en anere Politikmodell en place ze setzen. Et gëtt an eisen Aen eng Alternativ zur Scholdepolitik, et gëtt an eisen Aen eng Alternativ zu Steiererhéijungen, et ass méiglech, e wierkleche Politikwiessel kënnen erbäizeféieren.

Ob dat mat CSV an LSAP méiglech ass, Dir Dammen an Dir Hären, do hunn ech allerdéngs meng Zweifel dorunner, ganz besonnesch, well ech awer och héieren hunn, datt de Spriecher vun der gréisster Majoritéitspartei hei der Opfuerderung vum Finanzminister net onbedéngt mat ganz vill Courage nokomm ass, nämlech fir ganz konkret Propositiounen op den Dësch ze leeën.

Ech soen et nach eng Kéier: Deen, deen hei seet, et soll iwwer alles geschwat ginn, dee ka gradesou gutt soen, et soll iwwer näischt geschwat ginn. Mir hätten eis do méi Courage erwaart!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Meisch. Als nächste Riedner ass den Här Lux agedroen. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, véier Joer laang si mer amgaang ze diskutéieren iwwert déi gutt Weeër, déi effikass Weeër aus der Wirtschafts- a Finanzkris, der Kris vun den öffentleche Finanzen, der Kris vum Euro. An ech hunn elo zum Schluss, an domadder wéilt ech a sech dann ufänken, déi Fro opzefänken, déi mäi Virriedner, den honorabele Kolleeg Claude Meisch, hei genannt huet: firwat mer dat eigentlech alles géife maachen.

A sech d'Fro ze stellen: déi Hetz, déi mer hunn, politesch, vu Sommeten zu Sommeten, Rettungspaqueten zu Rettungspaqueten, Regierungskrisen zu Regierungskrisen, engem ëmmer méi grousse Vertrauensschwund, dee mer dobaussen an den Opinions publiques spieren, en Demokratiedefizit an Europa an och heiansdo an deenen eenzelne Länner. Dofir, mengen ech, ass et gutt, déi Fro ze stellen an ze versichen, wat fir eng Äntwert een drop gëtt, firwat mer Banke retten, firwat mer öffentlech Budgete wëlle sanéieren, firwat mer d'Währungsunioun wëlle vervollstännegen, den Euro krisefest maachen, d'Kompetitivitéit vun eisen Entreprisen erhalen an d'sozial Kohäsioun stäerken; déi Wierder, déi Maximen, déi de Finanzminister am Ufank vun dëser Debatt hei genannt huet.

An ech mengen, et wär gutt, de Leit dobaussen ze soen an eis selwer, dass alles dat dote keng Fin en soi ass, dass et kee Selbstzweck ass, firwat dass mer dat maachen, mä dass alles dat zum Wuel vun de Leit dobausse geschitt, de Salariéen an den Entreprisë geschitt, de Famillje geschitt, deene jonke Leit geschitt, de Pensionéierte geschitt an dass mir - an dat wëll ech och als LSAP-Fraktioun haut als roude Fuedem duerch meng Interventioun goe loossen - och der Meenung sinn: Et ass do net nëmmen, wéi et heiansdo politesch korrekt scho bal ass, dass et kee Choix géif ginn, wéi d'Madame Merkel et zum Beispill zur Ideologie an Europa gemaach huet, dass et a sech nëmmen eng Politik géif ginn, fir zu de Resultater ze kommen.

Mir mengen net, dass et kee Choix gëtt. Mir mengen net, dass et nëmmen eng Politik gëtt, mä mir menge schonn, dass jo an deene leschte Méint a virun allem an de leschte Wochen och an Europa sech dach ëmmer méi och e Choix mécht téschent engem Modell, deen ech géif e liberale Maartmodell nennen, wou e schwaache Stat um Enn dovunner wäert stoen, an op där anerer Säit dem Festegen, dem Stäerke vun dem europäesche Sozialmodell, dee mer säit Jorzéngte kennen an deen och virausschéckt, dass een e staarke Stat brauch. E staarke Stat kann een nëmmen hunn, wann en ebe just öffentlech Finanzen huet, déi an Uerdnung sinn, wann en eng bonne Gouvernance huet, wann e Strukturen am soziale Beräich, am éducativen, intellektuelle Beräich huet an doriwwer eraus, fir all deene Folgen, déi mer spieren dobaussen, an där zerrassener sozialer Kohäsioun, déi een op ville Plazen an Europa an doriwwer eraus spiert, kënne Meeschter ze ginn.

Mir rette Griichenland an aner Memberstaten net virun der Statsfaillite wéinst deene schéine Gesiichter vun de Griichen oder anerer wéinst, mä well mer der Meenung sinn, dass eng onkontrolléiert Statsfaillite vun engem oder vu méi EU-Länner katastrophal Konsequenzen - politescher, finanzieller an och ekonomescher - fir Europa hätt!

Mir hunn och als LSAP-Fraktioun 2008 an 2009 net Jo gesot zur Rettung vu Banken, well mer

onbedéngt dat internationaalt Finanzkapital oder iergendwelch Spekulante wëlle schützen, mä well mer der Meenung sinn, dass och dat eng Kettereaktioun op d'Banken- a Finanzsystemer gehat hätt, déi onweigerlech zum Kollaps an eisen Ekonomië gefouert hätt a virun allem déi kleng Leit, déi sougenannte kleng Leit, d'Salariéen an den Entreprisen a Mëttelschichten ëm d'Friichte vun hirer Aarbecht bruecht hätt.

A genausou wéi de Krisemanagement op europäeschem Plang kee Selbstzweck ass, esou sinn, mengen ech, och déi Moossnamen, déi mer an deene leschte Jore säit 2009 zu Lëtzebuerg geholl hunn - engersäits 2009/2010, fir d'Kafkraaft an d'Investitiounen ze stäerken an op där anerer Säit awer och déi öffentlech Finanzen an de Gréff ze kréien -, kee Selbstzweck. Neen, dat nach eng Kéier ganz kloer: Ausgeglache Budgeten an eng niddreg Statsverschëldung sinn d'Viraussetzung selwer, fir dass déi öffentlech Hand, Stat a Gemengen och nach an Zukunft, an deenen nächste Joren eng voluntaristesch Politik kënne maachen, Investitioune kënne maachen, Sozialpolitik gerecht kënne maachen, eng Wirtschaftspolitik kënne maachen, Bildungspolitik an esou weider. Dat nëtzt virun allem deene populäre Couchen, an ech mengen, dofir ass et noutwendeg, dass mer ëmmer erëm drop hiweisen, wéi mer Akzeptanz dobausse bei de Leit kënne gewannen.

Ech hunn en Dënschdeg an der Debatt iwwert d'Stolindustrie hei zu Lëtzebuerg de Riedner vun eiser Fraktioun, de Kolleeg Georges Engel, héiere soen, dass sech d'Manager vun ArcelorMittal hir Bonussen an deene leschte Wochen ëm 139% an d'Luucht gesat hunn. Ech muss soen, fir eng Entreprise, déi vill Profitter mécht, héich Gewënner afiert an zu Lëtzebuerg kee Frang Steiere bezilt - kee Frang Steiere bezilt! -, fir eng Entreprise, déi dorëmmer amgaang ass, och hei zu Lëtzebuerg, Wierker zouzemaachen a Leit domadder och an eng sozial schwiereg Situatioun ze bréngen, ass et onverschimt - sonnergläichen onverschimt! -, wann d'Bonusse vun de Manager ëm 139% an d'Luucht ginn. Dat zertrümmert an ënnerhielegt, an dat ass eis lwwerzeegung, dat zertrümmert dee Minimum vun Akzeptanz, dee mer brauchen, fir déi Politik, déi mer wëlles hunn an der Sanéierung vun den öffentleche Finanzen, an deenen nächste Méint a Jore weiderzedreiwen.

Et ass dofir, mengen ech, noutwendeg, dass mer dobaussen och kloermaachen, dass d'Maxime vun där Politik, déi mer wëlle maachen, op Gerechtegkeet baséiert - an ech hunn dat Wuert och virdrun aus dem Mond vum Finanzminister héieren -, dass d'Basis vun deem, wat mer maachen, un alleréischter Stell de Fait ass, dass d'Leit et kënnen novollzéien, dass d'Leit d'Gefill hunn, dass schmuel Schëllere manner droe wéi staark a breet Schëlleren, an dass se d'Gefill hunn, dass dat alles ee Sënn huet, dass dat alles zu iergendeppes féiert, dass et fir d'Leit, och fir d'Zukunft, fir hiert Liewen, fir hiert Beruffsliewen a fir d'Éducatioun vun hire Kanner e Sënn gëtt.

Ech mengen, dass dat eng Debatt ass, déi mer an Europa jo ëmmer méi féieren. No dem Traité, dee signéiert ginn ass an deen elo an eng Ratifizéierungsphas geet, ginn d'Stëmmen ëmmer méi haart, fir ze soen: Ass deen Traité, ass de „Sixpack", sinn all déi Mesuren, déi mer geholl hunn, net ze vill ausschliesslech an eesäiteg nëmmen op dat Monetäert, op dat Finanziellt ausgeriicht? Si se net ze vill eesäiteg an unilateral ausgeriicht op eng Austeritéitspolitik, déi en fait dozou féiert, dass dee ganz liichten Hauch vu Croissance, dee mer spieren, déi puer Hoffnungsschimmeren, déi ee gesäit, dass déi kapottgemaach ginn, well d'Kaz sech hei an den eegene Schwanz bäisst?

An ech war frou ze héieren, dass virun e puer Deeg och de Lëtzebuerger Premier Jean-Claude Juncker sech an d'Rei vun deenen agereit huet - éischter wär besser gewiescht -, fir kloerzemaachen, dass dee ganze Krisemanagement vun de leschte Joren dem Wirtschaftswuesstum ze wéineg Bedeitung bäigemooss huet an dass et dofir luewenswäert wär ze kucken - a vläicht gi jo déi franséisch Presidentschaftswahlen d'Geleeënheet fir do herno mat dem Succès, dem eventuellen an hoffentleche Succès vum Kandidat François Hollande -, d'Méiglechkeet ze ginn, fir nozebesseren do, wou nogebessert muss ginn.

Net dat a Fro ze stellen, wat mer do leien hunn, mä nozebesseren och d'Elementer vun der Croissance, d'Elementer fir ze kucken: Wéi brénge mer et fäerdeg, déi Ukuerbelungen, déi Ureizer, déi Investitiounsprogrammer opzeleeën, déi noutwendeg sinn, fir dass mer net op där enger Säit nëmme sanéieren a sanéieren an - wéi et hei gesot ginn ass, a meng zwee Virriedner hunn dat gesot - eis kapottspueren zulaaschte vun engem héije Chômage, zulaaschte vu sozialen a politesche Krisen?

Ech mengen och, dass doriwwer eraus déi Fro, déi sech stellt, och eng ass vun der Psychologie. Ech mengen, et war - an ech hunn et schonn hei gesot - de Jacques Delors, deen déi Maxime geprägt huet, dass 50% an der Wirtschafts- a Finanzpolitik Psychologie ass.

Dofir, mengen ech, ass et och noutwendeg, an esou enger Debatt kloerzemaachen, dass mer awer net... - an ech soen net, Här Meisch, dass Der dat maacht, mä trotzdeem! -, dass mer eis och ëmmer erëm soen, dass et wichteg ass, fir den Däiwel net un d'Wand ze molen, net dohinner ze goen an d'Leit dozou féieren, fir sech an eng Schleekenhausmentalitéit zréckzeféieren, de Konsum doduerch och a Gefor ze bréngen, d'Investitiounen a Gefor ze bréngen doduerch, dass kee Vertrauen, dass keng Hoffnung méi do ass, fir derfir ze suergen, dass mer Wuesstum kréien, dass dee Wuesstum een nohaltege soll sinn, dass dee Wuesstum soll dofir do sinn, fir Aarbechtsplazen ze erhalen, nei Aarbechtsplazen ze schafen.

An ech mengen, dofir ass et noutwendeg, dass mer an esou Debatten och ëmmer derfir suergen, fir kloerzemaachen, dass mer eng positiv Grondstëmmung wëllen hunn, ouni déi Froen, déi berechtegt Froen, déi berechtegt Décisiounen, och oft onpopulärer, déi mer mussen huelen.

An ech wäert Iech herno net enttäuschen. Ech wäert net hei soen: „Alles läit um Dësch." Fir eis läit net alles um Dësch. Fir eis steet net alles zur Dispositioun, mä dat, wat zur Dispositioun steet, wäert ech Iech, Här Meisch, mä och deenen anere Kolleeginnen a Kolleegen, net virenthalen. Et ass iwwregens net fir d'éischte Kéier, mä et gëtt net ëmmer gutt nogelauschtert.

De Bilan vun de Krisejoren hei zu Lëtzebuerg fält an eisen Ae positiv aus, well dat, wat mer gemaach hunn, war keng simplistesch Rhetorik an och keng simplistesch Politik vu sozialem Ofbau. An ech soen och dobaussen deenen, déi an dëse Wochen amgaang sinn, sech iwwer eenzel Themen opzereegen, hir sécherlech ëmmer erëm legitim Fuerderungen ze stellen, an déi dann oft soen: „D'Politik vum sozialen Ofbau"…

Ech wëll dofir bei dëser Geleeënheet och soen, dass mer an deene leschte Joren… A wann ech dann nëmmen d'Nopeschlänner kucken, net de Verglach mat der Tschechei oder mat Estland maachen, mä de Verglach mat den Nopeschlänner maachen, da stellen ech fest, dass et kee Sozialofbau gouf!

Mir wäerten den 1. Januar 2013 fir d'zweete Kéier de Mindestloun unhiewen. Ech mengen, dass dat noutwendeg ass, fir e kloert Signal ze ginn - och an der Akzeptanz dobausse vun de Leit -, dass mer déi niddreg Gehälter, déi, déi wierklech au bas de l'échelle sociale sinn, net am Ree stoeloosse bei all deene Problemer, déi se kennen.

Ech wëll soen, dass mer den Ajustement vun de Renten a Pensioune gemaach hunn. Mir hunn en an zwou Kéiere gemaach. An iwwert dat, wat mer mam nächsten Ajustement maachen, dozou wäert ech herno nach e Wuert soen. Mä och do ware mer bereet, deen Équiliber ze fannen tëschent, op där enger Säit… An en fait ass alles, wat mer ze maachen hunn, eng intelligent Gratwanderung tëschent der noutwendeger Sanéierung op där enger Säit, sief dat vum Statsbudget oder sief dat an der Sécurité sociale, an op där anerer Säit awer Impulser ze ginn, Vertrauen ze ginn, Croissance méiglech ze maachen.

An ech mengen, an deem Équiliber hu mer den Ajustement gemaach, hu mer de Mindestloun a wäerte mer de Mindestloun nach eng Kéier unhiewen, an hu mer och - egal wat de Kolleeg Gast Gibéryen eis herno och zu deem Punkt vläicht nach eng Kéier wäert soen - den Indexsystem hei zu Lëtzebuerg mat deem Wuerekuerf, deen e kennt, als System erhalen a suerge mer derfir - an ech géif gären nach e Land gesinn, wou dat an deenen nächste Jore stattfënnt! -, dass mer garantéieren, dass an deenen nächsten dräi Joer, 2012, 2013 an 2014, den 1. Oktober garantéiert d'Léin an d'Gehälter ëm 2,5% an d'Luucht ginn!

Och dat ass, genau wéi ech et gesot hunn, engersäits eng Décisioun vun der Sanéierung an der Stäerkung vun der Kompetitivitéit doduerch, dass dat der Ekonomie vill Geld wäert bréngen, an op där anerer Säit, mengen ech, awer och e kloert Signal, dass mer de Sozialstat a seng wichteg Aggregater och wäerten an Zukunft erhalen.

Ech wëll och nach e lescht Beispill soen, wat wichteg ass an der Fro vun der Rhetorik, déi een dobaussen heiansdo héiert vum Sozialofbau, deen anscheinend iwwer Lëtzebuerg géif goen: dass an dem öffentlechen Déngscht an all deene Länner ronderëm - vis-à-vis vu finanzielle Situatiounen, déi oft natierlech vill méi dramatesch si wéi bei eis -, dass do d'Personal am öffentlechen Déngscht a Servicer am öffentlechen Déngscht éischter zréckgefuer ginn, ofgebaut ginn, an dass mer hei zu Lëtzebuerg an deene leschten dräi Joer all Joer 300 nei Posten an den öffentleche Servicer geschafen hunn, also och dat beim Stat geschafen hunn.

An et kéint een dann nach an d'öffentlech Hand, an d'Gemengen an doriwwer eraus goen - da wär de Chiffer nach vill méi héich -, fir och hei ze soen, dass et déi dobaussen oft duergestallte simplistesch Politik net ginn ass. Et war eng Politik, fir deen Équiliber ze sichen tëschent deenen zwee Défien, déi mer gläichzäiteg mussen erreechen.

Et besteet keen Zweifel, an de Kolleeg Claude Meisch huet dat virdrun unhand vun enger Rei vun Zuelen - an och de Kolleeg Marc Spautz - gesot, déi ech net alleguerten erëm well widderhuelen, dass d'Lëtzebuerger Ekonomie net esou richteg vum Fleck kënnt, dass déi Croissancezuelen..., och wa '14 a '15 laut dem Comité de prévision jo erëm Wuesstumszuele sinn, wou mer alleguerten, mengen ech, iwwerrascht waren, dass mer erëm iwwer 3%, bal souguer iwwer 4% solle goen. Mä Tatsaach ass, wann een eng Rei vu Parametere kuckt, dass et dach schonn e Miniwuesstum ass, dee mer 2012 wäerten afueren. Ob en dann 1% ass, oder wéi am Comité de prévision gesot, dass et eng Rezessioun ass, also bei 0,9%...

Une voix.- Minus!

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- ...bei minus 0,9% wäert sinn, dat wäerte mer da gesinn.

Tatsaach ass - ob et dann ee klenge Wuesstum ass, eng Stagnatioun oder eng technesch Rezessioun, wéi mer et och erkläert kritt hunn -, eise wirtschaftleche PIB wäert och 2012 net deen Niveau vun 2007 erreechen. Eréischt dann, wéi gesot, ab 2013, Previsioun 2,3%, 2014, Previsioun 4% plus, an 2015 souguer 4,8% - do komme mer schonn op Héichten, déi mer da viru Jore kannt hunn -, soll e kräftege Wuesstum hannendrukommen. En moyenne, 2013 a '15, wäerten dat 3,7% sinn. Dat ass awer däitlech ënnert deene Croissancezuelen, déi mer an de Rekordjore während Joren hei kannt hunn.

Sektoriell allerdéngs - an dat ass e Plädoyer, dee mer der Regierung ëmmer erëm ginn hu bei der Geleeënheet vun esou Debatten -, sektoriell gesäit dat Bild oft ganz ënnerschiddlech aus. D'Finanzplaz huet mat Sécherheet net méi déi Rekordzommen un Nettogewënn, wéi et 2007 de Fall war mat 4,7 Milliarden, mä trotzdeem, d'Gewënner vun 2,9 Milliarden 2011 sinn dach awer nach Gewënner op engem relativ héijen Niveau, och wa méi kleng Bréidercher gebak wäerte ginn.

Mä ech mengen, och do gesäit een, dass laut dem Comité de prévision de Bäitrag vum Finanzsecteur um PIB 2012 ëm 1,5% wäert zréckgoen. Et ass eent vun deenen éischte Joren, wou mer e Réckgang ze verzeechnen hunn.

An der Industrie hu mer eng Situatioun, déi e Suergekand duerstellt. Am Verglach zu de Virkrisenzäiten - zum Beispill dem 2008 - ass d'Industrieproduktioun am Dezember 2011 ëm 20% zréckgaangen, bal agebrach. A wann ech dat kucken op deenen zwee Beräicher, déi eis an deene leschten Deeg hei am Land interesséiert hunn, an der Stolindustrie, esou hu mer et jo gëschter an der Stoltripartite fäerdegbruecht - an ech wëll dem Wirtschaftsminister och dofir félicitéieren, déi kloer Sprooch geschwat ze hunn -, fir ze soen, wa mer eis hei zu Lëtzebuerg weider un engem Coût social bedeelegen, dee leider Gottes op eis zoukënnt, iwwert dat eraus, wat den Droit commun duerstellt, da kann dat nëmme méiglech sinn, wann och Investitiounen, wa kloer Zousoe fir Investitiounen an deenen eenzelne Siten hei zu Lëtzebuerg och festgeschnürt kënne ginn.

An ech géif souguer drunhänken, dass et iwwert déi Investitiounen eraus noutwendeg ass, mat ArcelorMittal eng aner Sprooch ze schwätzen, och wat d'Terrainen ubelaangt. Et muss Schluss sinn domadder, dass an der Offäerdegung vun esou Situatiounen, wéi mer se elo erëm wäerte kennen, ArcelorMittal sech ëmmer nëmmen d'Filetsstécker bei der Verdeelung vun den Terrainen hélt an dem Lëtzebuerger Stat d'Sanéierung vun de verpeschten a vergëften Terrainen iwwerléisst an och net gesäit, dass mer e Pollueur-payeur-Prinzip hunn a gesetzlech Virgaben hunn, déi hei relativ däitlech sinn!

Wann een et esou mécht, wéi ArcelorMittal et mécht, dass d'Gewënner privatiséiert ginn, fir si selwer sinn, an awer d'Käschten, souwuel déi sozial Käschte wéi d'ekologesch Käschte vun der Sanéierung, dass déi der Allgemengheet zougeschoustert ginn, ech mengen, esou léisst et sech natierlech gutt liewen, esou léisst et sech, mengen ech, och gutt Situatiounen a gutt Zuelen erausschaffen!

Eng zweet Situatioun, ouni an den Detail ze goen, mécht eis Suergen, dat ass déi vun der Cargolux. An ech wëll dat hei ganz däitlech soen, dass am Zesummenhang mat der Cargolux, mä hannendrun och mat der Situatioun vun der Luxair an der Situatioun vum Standuert vum Flughafen insgesamt - dee fir déi industriell Zukunft vun eisem Land vu kapitaler Bedeitung ass a wäert sinn an deenen nächste Joren; eis Plaz op der Landkaart wäert sech do entscheeden -, mengen ech, et noutwendeg gëtt, an ech wëll et net mat där brutaler Rhetorik hei kommentéieren, wéi de Leitartikel vum „Lëtzebuerger Wort" virun enger Woch, mä ech wëll awer ganz däitlech soen, dass et héich Zäit gëtt, dass d'Lëtzebuerger Regierung a virun allem déi Ministeren, déi implizéiert sinn an deem Dossier, eng kloer Strategie kréien, souwuel eng Strategie innerhalb vun der Gesellschaft, wéi och eng Strategie, wéi déi eenzel Aktionären, déi jo zum gudden Deel vum Stat a vun der Regierung ofhänken, wéi déi och d'Intérête vu Lëtzebuerg an d'Intérête vun enger Lëtzebuerger Gesellschaft - nach ëmmer Lëtzebuerger Gesellschaft! - an deem Zesummenhang och maachen.

Ech halen et fir positiv an eis Fraktioun och, dass e kloert Zeeche komm ass, fir d'Verdeelung vun dem Aktiëpaquet och iwwert den Dag eraus bei 65% fir déi Lëtzebuerger Aktionären a 35% fir déi kataresch Säit ze loossen. Mä ech wëll gradesou däitlech soen, dass mer eis mat dem Katar agelooss hunn, mat enger Gesellschaft, déi och gläichzäiteg e Konkurrent ass, an dass een also ganz gutt muss oppassen an der Strategie, inwieweit et hei och ëm eng Neiverdeelung vu Parts de marché geet. Ech mengen och, dass et noutwendeg ass, an der Gouvernance an och an der Présidence derfir ze suergen, dass mer eng Lëtzebuerger, eng national Strategie an engem europäeschen, internationalen Emfeld hunn, déi noutwendeg ass.

Wat de Bausecteur ubelaangt, si mer a sech - dat wonnert een, wann een d'Zuele kuckt - gutt duerch déi Kris komm. D'Optragsbicher si voll, an ech wëll och hei ganz däitlech soen, dass d'Failliten, déi mer an deene leschte Méint erlieft hunn, Faillitë waren, déi meeschtens d'Resultat vu schlechter Gestioun oder awer souguer frauduleuse Faillitë waren, wat natierlech extrem bedauerlech ass a wou een nëmme kann hoffen, dass d'Regierung zesumme mat de Syndikater och eng kloer Sprooch schwätzt, fir d'Responsabilitéite vun esou Situatiounen och op de Punkt ze bréngen.

Kuerz nëmme wëll ech am Commerce de leschte Bulletin vun der Zentralbank zitéieren: «La bonne santé du secteur du commerce est maintenue tout au long de l'année 2011». Ech wëll an der Automobilsbranche soen - 2011: 49.881 nei Immatrikulatiounen, dat ass bis op 1981 zréckgekuckt dat véiertbescht Resultat an en Indiz dofir, dass d'Kafkraaft vun de Leit nach ëmmer intakt ass.

Ech wëll e puer Wuert iwwert d'Kompetitivitéit soen, well se extrem wichteg wäert si fir eise wirtschaftlechen Tissu, mä och eise finanziellen, well béides ganz kloer mateneen zesummenhänkt. Dir wësst, ech kucke ganz gären international Wettbewerbsrankingen, fir ze kucken, wéi Lëtzebuerg sech op deem Gebitt hält a wat och déi eenzel Autoritéiten, déi esou Rankingen ausstellen a Ratinge maachen, och dann iwwer Lëtzebuerg soen.

Den „Institute for Management Development" huet Enn 2011 Lëtzebuerg an der Kompetitivitéit vun 59 Länner op der eelefter Plaz situéiert. De „World Economic Forum" huet an der Entwécklung vun dem Kompetitivitéitsindex Lëtzebuerg vun 142 Länner op der 23. Plaz gesinn. D'„Heritage Foundation" huet am Index vun ekonomescher Fräiheet a Flexibilitéit Lëtzebuerg op der 13. Plaz gesi vun 188 Länner. An an der Fro vun eenzelne Rankingen, déi gemaach gi sinn, wëll ech awer och däitlech soen, dass an der Produktivitéit, an der gerechenter Produktivitéit pro geschafftener Auer (veuillez lire: Stonn), dass do Lëtzebuerg vum „Conference Board" vun 39 entwéckelte Länner op déi éischt Plaz gesat ginn ass! An dass beim „Manager Magazin" Lëtzebuerg vun „Contor" an der Wiel vun deene beschte Wirtschaftsstanduerter an Europa vun 100 Regiounen - an et ass op Regioune genannt ginn - vun 100 Regiounen op déi éischt Plaz mat där beschter Kompetitivitéit an där beschter Wettbewerbsregioun vun Europa gesat ginn ass!

An och, wann een den Triple-A eng Kéier kuckt, an ech si bei „Fitch" kucke gaangen, fir ze kucken: Wéi kommentéiert „Fitch" dann d'Tatsaach, dass se eis weiderhin en Triple-A zoukomme léisst? Och do ass et ganz kloer, dass se schwätzt vun enger robuster Ekonomie, vun enger niddreger Statsschold, vun engem gudde Scholdnerstatus no baussen a vun

engem laangfristeg gudde Bilan bei der Budgetspolitik. Dat ass de Wäert, dee „Fitch" dem Triple-A fir Lëtzebuerg wäert ginn a ginn huet.

Um Niveau vun… an och dat, mengen ech, sollt een an de Berechnungen net vergiessen, dass an eiser Lounentwécklung, an eisem Coût salarial nominal vun 2008 bis 2010 e Verglach gemaach gëtt vun deenen eenzelne Länner, deen zum Schluss kënnt, dass zu Lëtzebuerg d'Lounstéckkäschten ëm 17,3% an d'Luucht gaange sinn! Dat ass vill méi héich wéi an Däitschland bei 6,6% plus oder wéi och a Frankräich, 7,2%. A wann ech dat vergläiche mat deem, wat d'Europäesch Kommissioun de 14. Februar 2012 an hirem éischte Rapport iwwer Lëtzebuerg gesot huet, nämlech dass een e Seuil sech soll ginn, fir 9% net ze iwwerschreiden an engem Zäitraum vun dräi Joer, dann hu mer mat 17% an der Entwécklung vun dem Coût salarial déi Entwécklung do largement iwwerschratt!

An dofir, mengen ech, ass et och wichteg, an dat huet nom Prinzip „tout cela se tient" mat villen aneren Indicen ze dinn: Mir erlaben eis eng héich Lounentwécklung hei zu Lëtzebuerg. Mir hu gutt Léin an deenen eenzelne Secteuren, an der Industrie an op villen anere Plazen och. A mir mussen derfir suergen, dass aner Trëmp, déi mer hunn an déi am Verglach zu deenen anere Länner ganz niddreg sinn - zum Beispill d'Lounniewekäschten, an der Sécurité sociale, mä och eis Fiskallandschaft; och op där anerer Säit bei der Aarbechtszäit, dass mer an der Aarbechtszäit ganz héich leien an der Groussregioun, souguer an eenzelne Secteuren op der éischter Plaz leien -, dass mer dat Ëmfeld do, dass mer eis dat mussen erhalen.

Ech wëll an der sozialer Situatioun vun eisem Land no dem Motto: „Firwat maache mer dat?" - déi Fro, déi de Kolleeg Claude Meisch am Ufank vu senger Interventioun gesot huet - och kloermaachen, dass de Chômage, an dat däerfe mer net vergiessen, dat kënnt oft ze kuerz an deenen Diskussiounen, dass déi sozial Situatioun zu Lëtzebuerg net onbedéngt ëmmer ganz roseg ass.

An et bleift - dat ass e grousse Problem, an ech wëll de Kolleeginnen a Kolleegen hei meng Iwwerzeegung aus 25 oder 30 Joer Erfahrung soen -, dass de grousse Problem hei zu Lëtzebuerg, deen eis all Indikatoren an all Situatiounen dobausse kapottmécht, dass dat d'Situatioun vum Logement ass. D'Tatsaach, dass d'Präisser, souwuel wat d'Loyeren ubelaangt, erëm eng Kéier - erëm eng Kéier! - an deene leschte Wochen ëm bal 7% an d'Luucht gaange sinn, d'Tatsaach, dass d'Präisser dobausse vum Wunnen, vun de Bauterrainen esou an d'Luucht ginn, dat mécht eis um Niveau vun der sozialer Kohäsioun esou munches kapott!

Datselwecht gëllt och um Niveau vum Chômage, wou et eis, mengen ech, net däerf egal sinn, dass mer eng Previsioun gemaach kréie vum Comité de prévision, dass mer 2015 bal bei 8% Chômage kënne leien. Dofir ass et, dass d'Géigesteiere mat deene Moossnamen, déi den Aarbechtsminister Nicolas Schmit an d'Wee geleet huet, net nëmme mat der Reform vun der ADEM - ech géif bal soen, do ass Pabeier gedëlleg an et muss een dat lues a lues elo ëmsetzen an et zu engem neien Esprit maachen -, mä virun allem mat all deenen Décisiounen, déi scho geholl gi sinn um Terrain, fir derfir ze suergen, aus der ADEM, haut der Agence, e méi proaktiivt Instrument ze maachen, fir d'Aarbechtsplaze bei d'Leit an d'Leit bei d'Aarbechtsplazen ze bréngen, dass dat gutt Schrëtter, dass dat wichteg Schrëtter waren.

Ech wéilt awer och soen, dass den Aarmutsrisiko - an ech beruffe mech do op de „Panorama social" vun der Chambre des Salariés, déi gerechent huet, dass den Aarmutsrisiko vun 1995 bis 2010 ëm 2,5% an d'Luucht gaangen ass -, dass de Rapport vun deenen ënneschten 20 Akommesbezéier an deenen 20 meescht- a beschtverdéngenden Akommesbezéier sech an deene leschte 15 Joer verschlechtert huet an dass dee Facteur do, deen ënner véiermol louch tëschent deenen Niddregsten an deenen Ieweschten, elo op iwwer véiermol läit, mat enger Tendenz, déi steigend ass. Och dat muss eis an der Fro, firwat mer dat alles maachen a wéi mer et maachen, interpelléieren, fir zu deene richtegen Décisiounen ze kommen.

Ech well, wat den institutionelle Kontext ubelaangt, keng Wierder méi do verléieren. De Semestre européen, de „Sixpack" an dann dat, wat am Traité elo décidéiert ginn ass, ech mengen, dat ass heibanne bekannt, ech wëll doriwwererausgoen. Ech mengen och, all dat… Mir wäerten eis nach wonneren iwwer eenzel Saachen, déi an der Ëmsetzung, der konkreter Ëmsetzung vum „Sixpack" nach op eis wäerten zoukommen an der Budgetspolitik, déi mer an deenen nächste Jore wäerten ze maache kréien.

Et ass net nëmmen d'Fro vun der Scholdebrems, déi mer an eise gesetzleche Kader anzebréngen hunn. Dat sinn och déi nei Kompetenze vum Europäesche Geriichtshaff; dat sinn déi Bedéngungen, déi gestallt gi fir d'Hëllefe vum ESM; dat ass awer och, mengen ech, dass mer erëm iwwer eng Budgetsnorm wäerten diskutéieren, well déi Budgetsnorm wäerte mer elo vu Bréissel geliwwert kréien, fir ze kucken, wéi mer an Zukunft wäerten do fonctionnéieren.

Mä ech mengen, dee Kader ass gewosst, an ech mengen, mir hunn déi Aufgaben do an deenen nächste Wochen a Méint institutionell ze maachen, mä virun allem och an der Ëmsetzung vun der Praxis.

Ech wëll ee Wuert, och wann de Finanzminister net heibannen ass, mä et kann een him et dann herno zielen,…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- E rifft den Här Schäuble un.

(Interruption)

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Ech wëll soen, dass an der Fro - an dat ass och eng Fro vu Glafwierdegkeet vun de Politiken, et ass och eng Fro vun der Akzeptanz -, um Ufank vun der Bankekris Resolutioune geschriwwe si ginn op allen institutionellen Niveauen, vum G7 iwwert de G20, iwwert d'Europäesch Conseilen an esou weider, déi gestrotzt hunn dovunner, a wat fir engem Mooss mer elo Léiere géifen zéien aus där Bankekris an a wat fir engem Mooss mer elo géifen derfir suergen - dat war dat Wuert, wat ëmmer erëmkomm ass -, dass dat alles ni méi dierf virkommen, dass mer elo Regele géife maachen, déi dat Monster do géife bändegen. Dat ass gesot a geschriwwe ginn.

Ech mengen, dozou huet och gehéiert, dass mer géifen dem Prinzip nogoen, dass d'Banken och hiren Obolus sollte matbezuelen, fir d'Schied, déi volkswirtschaftlech an déi budgetär Schied och zum Deel matzedroen duerch en Obolus, dee se géife leeschten, virun allem op hire Risikogeschäfter, déi se géife maachen. Et muss een haut, dräi Joer duerno, feststellen - an dat ass dat Feinst, wat ech dozou kéint soen -, dass Pabeier gedëlleg ass. Mä leider Gottes hu mer aus deem meeschten dovunner keng wierklech praktesch, konkret Schléss gezunn.

Eent vun de Beispiller ass dat vun der Finanztransaktiounssteier, wou mer um Ufank eis eens waren. A mir hunn hei zu Lëtzebuerg oft d'Gefill, dass de Premier, dee gläichzäiteg och als President vum Eurogroup do um Gas sëtzt, ëmmer erëm derfir gesuergt huet, dass déi Debatt am Rahme vun den Euro 27 oder och am Rahme vun der Eurozon ëmmer erëm géif op d'Dagesuerdnung kommen. En huet elo nach virun e puer Deeg gesot, wa mer bei der Finanztransaktiounssteier net weiderkommen, da musse mer eis mat deemselwechten Zil, mat deemselwechte Resultat aner Moyenë ginn. Et ass du vun enger Börsesteier elo nach geschwat ginn, mä och déi ass net méi sécher.

Ech mengen, dass dat bei de Leit dobaussen, beim Vollek dobaussen, fir et einfach ze soen, ee ganz fade Bäigeschmaach hannerléisst, dass drop gewaart gëtt, bis déi Kris erëm hannerun eis ass, d'Volkswirtschaften an d'Ekonomien an d'Stéit an d'Budgeten hiren Obolus geleescht hunn, fir d'Banken ze retten, an dass herno d'Léieren awer net gezu ginn, wéi se hätte misse gezu ginn, fir derfir ze suergen, dass dat net méi an Zukunft nach eng Kéier soll virkommen.

An ech hu wéi vill anerer och de „Spiegel" gelies an der leschter Woch. Am Bericht iwwert d'Sitzung vum Europäesche Conseil vum „Spiegel" stoung, dass den däitsche Finanzminister d'Debatt ugefaangen huet a gesot huet - ech zitéieren: „Wir riskieren die Legitimität des europäischen Modells der Demokratie." Dat ass elo ganz héich gesat an deem Apostrophéiere vun der politescher Responsabilitéit

Duerno huet de „Spiegel" geschriwwen, als zweete Riedner war de Lëtzebuerger Finanzminister ageschriwwen, an de „Spiegel" schreift: „Danach zeigte der Luxemburger Finanzminister, weshalb an diesem Tag nicht die Demokratie, sondern die Lobbyisten triumphieren würden." Zitatenn. Wat drop hiweist, an dat bedauere mer, dass de Lëtzebuerger Finanzminister net eng Volontéit weist, sou wéi et politesch och hei zu Lëtzebuerg geduecht war, fir eng Finanztransaktiounssteier weiderzedreiwen, sécherlech eng, déi net gemaach soll ginn, ouni dass London soll derbäi sinn. Dat ass kloer eis Meenung, dass se um Niveau vun den EU 27…

(Interruption)

…soll geschéien, mä dass et, mengen ech, och kloer wär, dass een an den europäeschen Enceinten derfir suergt, politesch, dass déi Iddi do weidergedriwwe gëtt, an net, dass ee permanent op der Brems steet, fir se a Fro ze stellen.

Ech kommen dann zum Kapitel vun de Finanzen, den öffentleche Finanzen…

(Interruption)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Dat bréngt guer näischt, déi Finanzen!

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Ech hu gelies, Här Henckes, dass Der nach ageschriwwe sidd, fir herno ze schwätzen. Ech wär wierklech interesséiert, herno dozou Är Meenung ze héieren. Sot eis dat herno, an da si mer interesséiert, ze kucken…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Et ass bal déiselwecht wéi d'Regierung se huet. Mä et schéngt, wéi wann Dir net méi dra wiert!

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Bei de Previsioune vun den öffentleche Finanzen hei zu Lëtzebuerg ass oft bedauert ginn, dass mer, an ech hunn dat genannt heiansdo d'„Lofthoheet" iwwert d'Zuelen net géife gewannen, dass mer et net géife fäerdegbréngen, fir Zueleprevisiounen ze maachen. Mä ech hunn an der Tëschenzäit agesinn, dass et schwéier ass hei zu Lëtzebuerg, an enger klenger Ekonomie, an deem klengen Deel vun öffentleche Finanzen an deem groussen europäesche Mier zu kloren Ziler an zu klore Previsiounen do ze kommen.

Ech wëll och elo hei net méi drop agoen, wat fir eng Situatioun mer hunn. Ech wëll just mam Claude Meisch soen, an och mam Marc Spautz, an ech mengen, do si mer eis driwwer eens, an och mam Finanzminister eens, dass déi Situatioun vun den öffentleche Finanzen, déi mer hunn, keng gutt Situatioun ass an dass mer där musse géigesteieren.

Ech wëll awer gradesou däitlech soen…

(Interruption)

Ech wëll awer gradesou däitlech soen - an och dat weist de Comité de prévision -, a wat fir engem Mooss deen éischte Spuerpaquet, deen dës Koalitioun 2010 opgeluecht huet, a wat fir engem Mooss dee schonn seng Effeten hat op déi Situatioun, déi mer haut hunn.

An ech wëll soen, dass et fir eis als LSAP-Fraktioun ganz kloer an däitlech ass, dass mir zu där Zilsetzung, fir bis d'Joer 2014 en ausgeglachene Statsbudget ze kréien, also vun de gesamten öffentleche Finanzen natierlech, dass mir dat Zil weiderhi politesch wäerte mat ënnerstëtzen a bereet sinn, och en zweete Spuerpaquet opzeleeën, wann dat fir '13 a '14 - an d'Previsioune vun dem Comité weisen dat kloer - noutwendeg ass.

Ech wëll awer gradesou däitlech soen - an ech hunn dat virdrun als Bemierkung op dem Claude Meisch seng Bemierkung vun dem „Alles op den Dësch leeën heescht a Wierklechkeet, näischt op den Dësch leeën" gesot, dass dat heescht, dass ee kloer Choixen op enger Rei vu Gebidder muss maachen.

Mir kënnen et net zouloossen, dass mer an deenen nächste Joren, bei enger Politique inchangée, dass mer 2013 d'Limite vun de Maastricht-Kritäre beim Defizit vun 3% iwwerschreiden, dass mer 2013 an 2014 jeeweils ronn 1,5 Milliarden Defizit maachen, souguer 2015 1,7 Milliarden, mat engem Solde structurel, deen nach méi schlecht wäert sinn, bei minus 4,3% am Joer 2014 (veuillez lire: 2015).

Wichteg wär et - dat ass eng éischt technesch Bemierkung, déi awer och politesch wichteg ass -, fir ze soen, et wär am Comité de prévision sengen Zuele wichteg gewiescht, am gesamtöffentlechen Haushalt och eng Ënnerdeelung ze maache vun deenen dräi Kompartimenter, déi dat bedeit: den État central, d'Sécurité sociale an d'Gemengen. Déi hu mer leider net, an et mécht et dofir och méi schwéier, fir kloer Resultater a kloer Konklusiounen dobäi erauszezéien. Et wär awer den ABC vun all Basisinformatioun gewiescht, fir kloer ze gesinn, wéi dat op deem Plang sech opdeelt.

Natierlech wësse mer, dass d'Sécurité sociale en Excédent schreift an dass d'Differenz am Gesamtstatsdefizit bal exklusiv aus dem Zentralstat, aus dem Statsbudget kënnt, an dat wäert sécherlech vill vun eis verlaangen, fir an deenen nächste Wochen a Méint en vue vum Budget 2013 an deem vun 2014 zu politeschen Décisiounen ze kommen.

Ech wëll och heibanne soen, ech hunn de Moien dem President vun der FEDIL nogelauschtert, deen der Politik a virun allem der Regierung eng schlecht Zensur ausgestallt huet a gesot huet, mir wäre reformonfäeg a mir géifen op deem Gebitt och vun der Sanéierung vun den öffentleche Finanzen an doriwwer eraus net weiderkommen.

Ech wëll mech drun erënneren, eppes Klenges iwwer e Joer huet de Sozialminister Mars Di Bartolomeo mat grousse Schwieregkeeten, politesche Schwieregkeeten eng Reform gemaach vun der Krankekeess, haut d'Gesondheetskeess, mat dem Zil, fir derfir ze suergen, dass mer eng Sanéierung géife kréien, dass mer aus engem Defizit och erëm géifen an de Boni erakommen an dass mer géifen derzou bäidroen, dem Zil vun engem ausgeglachenen öffentlechen Haushalt méi no ze kommen.

Ech wollt lech emol d'Fro stellen: Wat fir eng Couchen hei zu Lëtzebuerg waren et, déi mat aller Muecht versicht hunn, fir dee Reformprojet do ze boykottéieren? Wie waren déi Couchen hei zu Lëtzebuerg, déi bei där Geleeënheet gestreikt hunn a mat alle Mëttele versicht hunn, den Équiliber vun den Efforten, déi vu jiddwerengem, vun den Assuréen, vun den Zouliwwerer an den Apdikten an esou weider an och vun den Dokteren ze maache waren, ze stéieren?

Ech mengen, et waren net déi Couchen, op déi oft dobausse mam Fanger gewise gëtt, dass se reformonfäeg wären, mä et waren d'Dokteren, déi bestëmmt net zu deene gehéieren, déi déi Schlechtstbezuelten oder wierklech déi sinn, déi en bas de l'échelle vum soziale Liewen hei zu Lëtzebuerg stinn, déi alles gemaach hunn, fir dat ze boykottéieren.

Ech géif dofir gären all deene Leit soen, dass déi Efforten, déi gemaach gi sinn an deene leschte Wochen a Méint a Joren, virun allem gedroe ginn - an ech wäert herno e puer Zuele bei de Steieren nennen - an dass déi bezuelt gi si vun de Salariéen, dass déi virun allem bezuelt gi vun de Familljen, vun den einfache Familljen dobaussen, vun deenen, déi éierlech a brav hir Steiere Mount fir Mount bezuelen, an dass et ausgerechent - mengen ech - Couchë waren, deenen et wierklech ganz gutt an eiser Gesellschaft geet.

An ech wëll deenen et iwwerhaapt net net vergënnen! Ganz am Géigendeel, ech hale virun allem d'Medezin fir esou e responsabelen, schwieregen Job, dass déi Leit roueg sollen och gutt bezuelt ginn, mä et waren déi Couchen - Här Dennewald -, déi derfir gesuergt hunn, dass mer Reformonfäegkeet hei am Land un den Dag geluecht hunn, an net anerer.

Ech wëll dofir och soen, bei der Rentereform, déi elo virun eis steet: Deeselwechten Effort kënnt vun deemselwechte Minister, deen iwwregens enger Partei zougehéiert, vun där och oft gesot gëtt, si géif zu deene gehéieren, déi reformonfäeg sinn. Wann ech kucken, wat an deene leschte Méint hei am Land reforméiert ginn ass, wou Onpopuläres un den Dag geluecht ginn ass, sief et bei der Reform vun de Krankekeesen, sief et haut an der Diskussioun vun de Renten, sief et an der Diskussioun iwwert d'Indexmodulatioun, hat ech heiansdo d'Gefill, dass d'Ministere just aus där Partei komm sinn, déi gesot huet: „Mir mussen eng Rei vu Sujeten an dësem Land upaken!", an déi och d'Responsabilitéit an de Courage gewisen huet, oft schwierege politesche Courage, fir déi Reformen do och wierklech ze maachen.

Ech wëll also soe fir d'LSAP-Fraktioun: „Jo!" zu där Zilsetzung vun dem équilibréierte gesamtöffentleche Budget, och wann déi Null net a Granit wäert gemeesselt sinn, mä si wäert och an anere Länner an den Zilsetzungen net a Granit gemeesselt sinn.

An och, mengen ech: „Jo!" zu enger Politik, déi soll verhënneren - an hei ënnerstëtze mer de Finanzminister - eng Scholdepolitik, de Wee an d'Scholdefal, de Wee, fir déi zukünfteg Generatiounen ze hypothéquéieren, mat hire Méiglechkeeten a mat hire Spillräim, fir Politik ze maachen. Dat wär eng Politik, déi mer net wëlle matmaachen, wou mer och d'Responsabilitéit wëlle matdroen, fir an eng aner Richtung ze goen.

Eng Bemierkung, Här Finanzminister, déi ech lech direkt um Ufank wëll maachen: Mir ënnerschreiwen haut de Mëtteg déi Zilsetzung, déi Der genannt hutt an deene leschten Deeg, fir eng nei Dépensëkultur hei zu Lëtzebuerg ze kréien. Awer mir soen lech gradesou däitlech, dass mer gradesou haut de Mëtteg hei soen: Mir hätten als LSAP-Fraktioun och gären eng nei Kultur um Niveau vun de Recetten. A mir wëllen Iech de Mëtteg an enger Rei vu Punkten och soen, wou mer der Meenung sinn, dass déi noutwendeg ass.

Wa mer wierklech bereet sinn, fir alles a Fro ze stellen an alles op den Dësch ze leeën, musse mer et um Niveau vun den Dépensen an um Niveau vun de Recettë maachen. Nëmmen esou ass et méiglech, fir eng Politik ze maachen, déi e kloert Bild gëtt, déi eng kloer Visioun soll zeechne vun eisem Land an deenen nächste Joren.

An ech denken, dass an der Fro vun dem Réckgang vun de Recettë jo eng Rei vu Saache geschitt sinn an deene leschte Wochen a Méint. Si si schonn hei genannt ginn: d'Ofschafe vun der Krisesteier - e Minus vun 105 Millioune fir de Budget 2012; d'Modulatioun vum Index; d'Andreiwe vun de Soldes bei der Kollektivitéitssteier; awer och an Zukunft an de Previsioune bis 2015 manner TVA-Recetten um Ni-

veau vum E-Commerce, dat wäerten 2015 nach 30% vun de Recettë sinn, mä 2017 nach 15%, an duerno ass da ganz Schluss. Mir mussen also wëssen, wou mer dee Verloscht vu bis zu 600 Milliounen dann och an deenen nächste Jore siche ginn.

D'accord also mat enger neier Kultur vun den Dépensen, mä ech wëll fir d'Éischt awer och iwwert déi nei Kultur vun de Recetten e Wuert verléieren. An ech wëll ufänke bei de Betribssteieren.

Den Alex Bodry huet eis an deene ville Gespréicher, déi mer an deene leschten Deeg an där Fro do haten, ëmmer erëm ee Beispill genannt: Wann en als Buergermeeschter zu Diddeleng d'Lëscht kuckt vun der Gewerbesteier, déi do bezuelt gëtt, da fält eppes op. An et ass mir schonn opgefall - dat si schonn e puer Joren hier - zu Beetebuerg, do war et net aneschters. A wann de Claude Meisch de Versuch géif maachen zu Déifferdeng, an anerer géifen dat op hire Plaze maachen, da stelle mer eppes fest, nämlech dass de Metzler vun niewendrun, dass de Coiffeur an dass de Bäcker, dass déi Steiere bezuelen, an dass doriwwer eraus awer international Konzerner, grouss Konzerner, déi Milliarde Bonië maachen an déi och an deene Gemenge sinn - an zu Diddeleng géifen déi dann heesche Luxguard a Galvalange a Giebel, op anere Plazen Arcelor -, dass déi kee Frang, säit Jore kee Frang Steiere bezuelen!

Ech soen Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass déi Situatioun do eng Situatioun ass, déi am héchste Mooss ongesond ass. Wann 83% vun eisen Entreprisë keng Steiere méi bezuelen, wann de klenge Metzler Steiere bezilt, mä niewendrun ArcelorMittal säit Jore kee Frang Steiere méi bezilt, well se profitéiere vun alle méiglechen Nischen hei an do an esou virun, fir zu deem Resultat ze kommen, dann ass um Niveau vun eise Recetten eppes faul an dësem Land.

An da brauche mer, Här Finanzminister, net nëmmen eng nei Kultur vun den Dépensen, mä och eng nei Kultur vun de Recetten!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Dofir soe mer dat ganz däitlech de Mëtteg hei a mir kucken dat och um Niveau vun dem Undeel vun der Kollektivitéitssteier un de gesamte Recetten. An och do mierke mer, dass am Joer 2000 - dat ass nach net laang hier - den Undeel vun der Kollektivitéitssteier um gesamte Steieropkommes hei zu Lëtzebuerg bei 20% louch. Am Joer 2012 wäerten et nach 14% sinn, Tendenz och do eroffalend, sou dass mer bis ënner 10% wäerte komme vun der Kollektivitéitssteier um gesamte Steieropkommes. Dat ass keng normal Situatioun méi!

A wann ech Iech eng aner Zuel soen, dann ass vun 2000 bis 2009 d'Kollektivitéitssteier ëm 40% an d'Luucht gaangen, an d'Akommessteier vun deenen also, vun deenen ech gesot hunn, déi trei a brav all Mount hir Steiere bezuelen, déi ass ëm 71% an d'Luucht gaangen.

Dofir ass eis Propositioun...

M. le Président.- Här Lux erlaabt Der, datt den Här Urbany Iech eng Fro stellt?

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Loosst mech just an enger Minutt dee Punkt weidermaachen...

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Et ass zu deem Punkt awer, wou ech eng Fro hätt.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Ech wëll jo just dee Punkt weidermaachen an ofschléissen.

Dofir menge mer, dass ee sech elo ganz schnell muss drusetzen, fir Modeller ze kucken an ze analyséieren, déi zu enger Mindestbesteierung vun den Entreprisë solle féieren. Mir hunn dat fir d'Lescht 2010 bei de Finanzgesellschafte gemaach, de sougenanntenen „SOPARFIen", wou mer eng Mindesttax, eng Mindeststeier vun 1.500 Euro agefouert hunn - 1.500 Euro! -, déi an eisen Aen och sécherlech nach Sputt no uewen zouloossen. Mir mengen, dass et dofir noutwendeg ass, och derfir ze suergen, sief et och um Niveau vum Impôt de solidarité, och déi Froen nach eng Kéier ze stellen.

An ech wëll och - an ech bleiwe bei de Betribssteieren; Här Urbany, vergiesst Är Ried net! -, ech mengen och, dass an der Fro vun der Verméigenssteier vun de Betriber, déi, déi mer jo opgelooss hunn, nodeems mer d'Verméigenssteier fir d'Personnes physiques ofgeschaaft hunn, dass mer do... An ech mengen an Erënnerung ze hunn - mä hie wénkt elo mam Kapp jo oder neen -, ech mengen, dass de Budgetsrapporteur Gilles Roth a sengem Rapport zu där dote Fro vun der Verméigenssteier vun den Entreprisë bemierkt huet - an ech huelen un, dass en et bemierkt huet, fir eppes wëllen domadder ze soen -, dass déi Bewäertungsbasis, déi Valeurs unitaires, déi hei geholl gi sinn, dass déi datéiere vun 1941!

Ech denken, wann de Gilles Roth eis dorobber wëllt opmierksam maachen - an ech wollt haut nach eng Kéier den Test bestoen, dass ech de Budgetsrapport vum Gilles Roth wierklech gelies hunn, gutt gelies hunn -, da wëllt dat heeschen, dass och bei der Verméigenssteier sech d'Fro stellt, ob mer net och eng Kéier kucken, déi Valeurs unitaires vun 1941 och do op de Métier ze huelen.

Wann ech dat soe bei der Capacité contributive vun den Entreprisen, mengen ech, muss ee Modeller sichen, och bei enger Mindestbesteierung, dass een de Metzler an de Coiffeur an de Bäcker, déi ech virdru genannt hunn, dass een déi net nach eng Kéier duebel trëfft, dass also dat, wat si bezuelen natierlech deementspriechend immuniséiert muss ginn oder deem Rechnung muss gedroe ginn. Mä ech mengen, mir hunn, an ech wëll dat ofschléissend bei deem Punkt soen, hei keng gutt Situatioun.

Datselwecht gëllt, de Finanzminister huet virun dräi Joer, am Ufank vun dëser Legislaturperiod, eng Circulaire geschéckt un d'Inspection - d'IGFF, oder wéi heescht se? -, fir hinnen ze soen an enger Circulaire, dass se sollen an dem Secteur, am Bankesecteur och bei de Bonussen eng gewësse Retenue un den Dag leeën a sech och hei Regele ginn. Ech mengen, och do wär et wichteg ze kucken: Wat ass da mat där Eegeresponsabilitéit, mat där Eegekontroll do och wierklech geschitt?

Alles dat, mengen ech, ass wichteg fir déi Décisiounen, déi mer duerno op anere Pläng huelen, fir ze kucken: Wéi ass den Équiliber hei zu Lëtzebuerg op deem Plang do a Wierklechkeet?

An elo ass et um Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Ech soen Iech Merci. Här President, den Här Lux huet elo ganz interessant Saachen hei gesot iwwert d'Aart a Weis, wéi an de Gemengen d'Gewerbesteier vun deene Betriber - déi jo Betriber sinn, déi Benefisser maachen, wëll ech awer hei betounen - bezuelt gëtt. An hie seet, et sinn am Fong geholl déi kleng Betriber oder de klenge Geschäftsmann, déi Gewerbesteier bezuelen, an d'Néierloossunge vu grousse Konzerner bezuele keng.

(Interruption)

Ech wëll dem Här Lux d'Fro stellen - vu dass dat jo just d'Buergermeeschtere sinn am Prinzip, déi kënnen déi Donnéeën do kucke goen -, ob hien net der Meenung ass, am Interessi vun der Steiergerechtegkeet an de Gemengen, dass et noutwendeg wier, dass och an de Gemengeréit an an der Öffentlechkeet déi doten Donnéeën emol eng Kéier kéinten diskutéiert ginn, fir dass een emol wierklech kann, wat d'Betribsbesteierung ugeet, Virschléi konkret op den Dësch leeën.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Ech hu perséinlech domadder iwwerhaapt kee Problem, well ech mengen, dass an der Fro vun der Festleeung vun den Hiewesätz, déi jo an de Gemengeréit Joer fir Joer décidéiert ginn - ech sinn elo siwe Joer net méi an deem kommunale Geschäft dran, mä ech mengen, soss war et jo bis den 1. November, wou mer déi Hiewesätz hu misse fixéieren, an ech mengen, et ass näischt geännert -, ech mengen, dass et noutwendeg ass, mä ech denken awer, dass et eng Responsabilitéit net hei vun de Gemengen ass.

Ech mengen, dass et eng Responsabilitéit vum Stat ass, fir ze kucken, ob mer, wéi mer et bei de Finanzgesellschafte gemaach hunn, Minimumen effektiv fixéieren, déi et erlaben, dass mer hei an dësem Land den Équiliber behalen tëschent der Responsabilitéit, déi d'Entreprisen hunn, där sozialer, gesellschaftlecher Responsabilitéit, déi d'Entreprisen hunn, an op där anerer Säit, déi d'Personnes physiques hunn. Dass dat an totaler Transparenz geschitt, do hunn ech kee Problem!

Tatsaach ass jiddefalls, dass dat doten d'Resultat an deene Gemengen ass, déi ech elo hei genannt hunn. Dat kann op anere Plazen..., ech denken, wann een hei an der Stad kuckt, um Niveau vun de Banken ass et sécherlech eng aner Situatioun. Mä ech wëll nëmme soen, dass, wann ech ArcelorMittal huelen an aner Betriber am Süden an de Gemengen, dann ass dat doten d'Resultat, dat mer effektiv feststellen. An ech hu gesot, dass 83% vun den Entreprisë keng Steiere bezuelen! Dat geet jo duer als Zuel fir ze nennen, dass et der da 17% sinn, déi Steiere bezuelen, fir ze weisen, dass mer hei e seriöe Problem hunn!

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Jo, mä et ass ëmmer gesot ginn, dat wieren d'Banken, Här Lux, déi géifen d'Steiere bezuelen. Et ass awer ni gesot ginn, et wieren déi kleng Geschäftsleit...

M. le Président.- Här Urbany, loosst elo emol den Här Lux virufueren a sengen Développementer. Här Lux wann ech gelift.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Ech wëll zweetens soen, um Niveau vun der Akommessteier ass d'Steieropkommen insgesamt an deene leschte Jore konstant bliwwen. 2000 louch dat bei 24,2%, mir leien elo bei 24,9%. Ech mengen, dass dat also scho weist, dass mer hei eng gewësse Rou hunn um Niveau vun dem Tarif an der Akommessteier. Ech wëll hei och ganz prezis Saache soen, Här Meisch, soss sot Dir herno erëm, mir hätte keng prezis Saache gesot.

Ech wëll fir d'Éischt emol soen - well ech gesot hunn, ech soen och hei, wat mir net wëllen...

Une voix.- Ech si jo och ëmmer dovun ausgaangen. Natierlech bezilt dee Klengen net vill.

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Wat mer sécherlech net wëllen, dat ass déi Propositioun, déi de Marc Spautz am Numm vun der CSV-Fraktioun op d'Agenda geluecht huet, fir ze mengen, mir sollten d'Kanner elo um Niveau vun de Steieren erëm berücksichtegen. Mir sinn hei aus enger Politik erauskomm aus deene leschte Joren, mir hunn eng Rei vun Décisioune geholl, fir d'Kanner net méi do ze berücksichtegen, mä de Prinzip festzehalen, dass dem Stat all Kand soll d'selwecht vill wäert sinn. An ech mengen, dofir ass et noutwendeg, dass mer net nach eng Kéier erëm ufänken, um Niveau vun de Steieren d'Kanner erëm ze berücksichtegen souwéi d'Iddi oder d'Fro, déi gestallt ginn ass, fir dat ze maachen.

Ech mengen och, dass mer an der Netberücksichtegung vun der Inflatiounsberengegung - a mir hate jo do virun e puer Wochen eng Demande vum OGB-L gehat, fir déi Inflatiounsberengegung vun de Steiertabellen elo virzehuelen, an dat um Niveau, op der Basis vum Artikel 125 vun der Steiergesetzgebung... An ech weess net, ech mengen, et ass heibanne jiddwerengem esou gaangen, souguer dem Finanzminister selwer, jiddwereen ass dunn den Text vum 125 emol nach eng Kéier kucke gaangen. Den 125 seet effektiv, dass, wann d'Inflatioun 3,5% vun engem Semester par rapport zu deem Semester vum Joer virdrun driwwer läit, dass dann eng Inflatiounsberengegung muss virgeholl ginn.

Dofir ass et, mengen ech, noutwendeg, dass mer deen Text do... Well ech mengen, dass et keen heibanne gëtt, deen dat wëllt, wéinstens net eng Majoritéit gëtt, déi dat wëllt, well ech géif wierklech net gesinn, a wat fir engem Mooss mer elo géifen eng Inflatiounsberengegung virhuelen, déi eis iwwer 100 Milliounë manner Recettë géif abréngen, fir se dann op enger anerer Plaz erëm musse sichen ze goen.

Ech mengen, dass dat kee Sënn ergëtt an dass mer also do engersäits den Text op de Métier mussen huelen, vläicht beim nächste Budgetsgesetz mussen zu engem neien Text kommen, well elo jiddefalls, esou wéi ech den Text haut liesen, den Artikel 125 forcéiert praktesch d'Regierung ze agéieren a forcéiert praktesch d'Chamber, fir nei Tabellen, inflatiounsberengegt Tabellen unzehuelen, wat sécherlech net gutt wäert sinn.

Do, wou ech de Marc Spautz an d'CSV-Fraktioun voll suivéieren, dat ass, dass, wann een den Effort, deen a sech scho gemaach ginn ass duerch d'Netinflatiounsberengegung - an dat ass jo a sech eng kal Progressioun, déi dann entsteet, an a sech eng Steiererhéijung, déi latent an deene leschte Jore souwisou scho vonstattegaangen ass -, wann een also um Niveau vun deene Steiertabellen nach eppes soll maachen, da si mir der Meenung, dass eng Diskussioun iwwert de Spëtzesteiersaz noutwendeg ass. A mir sinn och der Meenung, dass den Impôt de solidarité, d'Solidaritéitssteier, déi déi trëfft, déi Steiere bezuelen an domadder déi indemne léisst, déi keng oder ganz wéineg Steiere bezuelen, dass een dee Wee sollt goen.

Ech hunn iwwregens hei, well mer jo do och ëmmer de Verglach maache mat deenen anere Länner an ech d'Retizenz vum Finanzminister beim Spëtzesteiersaz kennen, gekuckt, wéi et an deenen anere Länner ass. Mir hunn haut e Spëtzesteiersaz zu Lëtzebuerg vun 39%, et kënnt derbäi d'Solidaritéitssteier vu 4% am Moment fir d'Personnes physiques. Mir leien also liicht iwwer 40% reelle Spëtzesteiersaz!

Wann een dat vergläicht mat Däitschland, direkt niewendrun, déi leie bei 45%, Frankräich 45,8% y inclus d'CSG, an der Belsch bei 53%, an Holland bei 52%, an Dänemark bei 59%. Ech wëll awer soen, bei Dänemark virun allem, bei 59%, dass do e gudden Deel vun der Sécurité sociale fiscaliséiert ass an net iwwer Cotisatioune geet wéi hei, esou dass wéinstens bei deem Taux de Verglach mat Lëtzebuerg net onbedéngt dee richtegen ass. Mä all déi aner hunn awer identesch gelagert Systemer, och Sozialsystemer, déi sech also scho gutt mat eise vergläiche loossen.

Deen drëtte Wee wär deen um Niveau vun den indirekte Steieren, an och hei wëll ech ganz däitlech soen, wat mer net wëllen: Mir mengen, dass een de Regelsaz vu 15% vun der TVA net soll an d'Luucht setzen. Mir hunn hei eng Tromp, och ënner anerem nach ëmmer am E-Commerce - mä doriwwer eraus -, déi ganz wichteg ass! Mir wëssen, dass d'TVA, dass déi indirekt Steiere Steiere sinn, déi d'Leit alleguerten treffen, dass se alleguer getraff ginn an engem Mooss, wou keen Ënnerscheed gemaach gëtt tëschent deenen, déi méi sozial schwaach sinn, par rapport zu deenen, déi sech et ganz gutt kënne leeschten, en tenant compte natierlech vun deene Sätz, déi mer hunn, déi wäit drënner leien: Sätz vun 3%, Sätz vu 6%, de Parkingssaz vun 12%. Mä ech mengen, dass mer eis déi Tromp sollen erhalen an d'TVA net sollen augmentéieren.

Um Niveau vun den Ausgaben, Här Finanzminister, hutt Der de Méindeg bei RTL méi gesot - oder den Dënschdeg war et -, Dir hutt bei RTL a sech vun de Piste méi gesot, wéi Der de Mëtteg gesot hutt. Dofir reagéieren ech op eng Rei vu Saachen, déi do proposéiert gi sinn. Ech weess, an dat ass bei eis an der Fraktioun net aneschters wéi an alle Fraktiounen, dass déi nei Kultur um Niveau vun den Dépensen, dass dat eng schwiereg ass, dass dat Gewunnechten, och politesch Gewunnechten, mä och Gewunnechten dobaussen a Fro stellt an dass mer also do scho méi politesche Courage musse weisen, fir do derduerch ze kommen.

Et ass, mengen ech, och noutwendeg, an dat ass fir eis och kloer, dass all Automatismen net musse gëllen, mä dass et, mengen ech, ëmmer erëm wichteg ass ze kucken: Ass den Effort vum Stat zilorientéiert, zilgerecht a brénge mer et och fäerdeg, iwwert dee Wee eng Solidaritéit ze maachen, wéi ech et virdrun a mengen Ausféierunge scho gesot hunn, par rapport zu de schmuele Schëlleren an de breede Schëlleren, ëm déi et hei geet?

Mir géife mengen, dass um Niveau vum Screening vum Statsapparat, vun de Frais de fonctionnement, vun der systematescher Duerchforstung vu Subsiden a pauschale Kappungen, déi noutwendeg sinn um Niveau vun enger Rei vun Dépensen, méi misst dra si wéi dat, wat mer 2010 fäerdegbruecht hunn. Och wann ech soen, dass beim Statsbudget natierlech e groussen Deel Gehälter sinn, wou et schwiereg ass, mä et gëtt sécherlech eng ganz Rei vun Etüden, déi schonn zwee- an dräimol gemaach gi sinn, déi net nach véier- a fënnefmol gemaach musse ginn!

An ech mengen, fir ee Punkt ze soen, deen ech aus menger Vergaangenheet nach gutt kennen, och wann ech näischt zum Inhalt wëll soen, mä déi Bemierkung, déi de Kolleeg Marc Spautz hei gemaach huet, fir ze soen, mir kënnen net gläichzäiteg, wa mer spuere mussen, higoen an nei Ausgaben tätegen. Mir fält dann - hie war net esou prezis - mir fält dann zum Beispill dat Gesetz an iwwert de Klimapakt, wou an deenen nächste Joren un d'Gemengen eng 80, 90 Milioune solle goen, fir do Saachen ze maachen, déi zu engem gudden Deel och scho gemaach gi sinn an nach eng Kéier gemaach gi sinn!

Jiddefalls, dat wëll ech hei soen, wann dat Gesetz iwwert de Klimapakt net wéinstens nogebessert gëtt an deem Mooss, dass Subsiden nëmmen da fléissen, wa verifizéierbar quantitativ Zilsetzungen domadder verbonne sinn, da wäert et eis Zoustëmmung net fannen! Well dann ass et wierklech ee vun deene Punkten, wou mer mat der Géisskan erëm eng Kéier duerch d'Gemenge ginn a Subside verdeelen. An dofir musse mer suergen... Mä mir hunn héieren, an ech hunn dat selwer och mat em diskutéiert an deene leschten Deeg, dass den zoustännege Minister Marco Schank op ass, fir esou Ännerungen un dem Projet de loi ze brénge, Amendementer ze maachen. Dat huet e mer jiddefalls virun e puer Deeg nach eng Kéier confirméiert...

(Interruption)

Jo, do sinn ech net, dofir hunn ech... Et ass och erlaabt, fir doriwwer eraus jo Diskussiounen ze féieren. Ech wëll just soen, mir musse bei all deene Gesetzesprojeten, déi mer maachen, wierklech derfir suergen, dass dat zilgerecht ass an dass dat och wierklech derfir suergt, dass et deenen Ziler och do gerecht gëtt.

Da kënnt dee schwéiersten Deel...

(Interruption)

Här Gira, elo kënnt dee schwéiersten Deel vu menger Ried vun haut de Mëtteg.

(Interruptions diverses)

Mir hunn am Juni, Juli d'lescht Joer, an engem Moment - an dat war relativ gutt gesot gi vun engem Virriedner, ech mengen, den Här Meisch war dat -, wou d'Sonn scho ganz e bëssen erauskomm war a mer alleguerte gehofft hunn, mir wären, an dat ass nach gaangen…

(Interruption)

Här Gira, da sidd elo brav!

(Hilarité)

A mir hunn nach bis den Oktober, souguer bis den November geduecht, dass mer effektiv aus dem..., dass mer d'Enn vum Tunnel géife gesinn. Alleguerten, Här Meisch, alleguerten...

Plusieurs voix.- Neen, neen!

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Här Bausch, Dir hutt...

M. François Bausch *(déi gréng).*- Passt op, well ech kommen no Iech drun!

(Interruption)

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Dir hutt de Problem, Dir sidd schonn zéng Joer am Tunnel, Dir kommt souwisou net eraus!

(Hilarité)

M. François Bausch *(déi gréng).*- Ech kann Iech soen, dee beschte Politiker ass deen, dee mat Gedold...

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Jo, d'accord. Mir hunn also an esou engem Moment en Accord salarial ënnerschriwwen - an ech mengen dat elo ganz eescht, wat ech soen -, mir hunn en Accord salarial mat der Fonction publique ënnerschriwwen, dee virgesäit, den 1. Juli dëst Joer en uniquë Betrag vun 0,9%, dee leider kee Pauschalbetrag ginn ass, well d'Gewerkschaft dat net wollt, a fir den 1. Januar 2013 eng Augmentatioun an den Tarif eran, an de Punktwäert era vun 2,2%. A gläichzäiteg hu mer och d'Krisesteier nach mat an d'Cagnotte erageluecht, fir dass et soll rutschen.

Ech mengen, et kann een dat hei och éierlech soen, ech mengen dat emol net negativ an net pejorativ fir de Fonction-publiques-Minister - an dat wëll ech em hei am Numm vun eiser Fraktioun soen -, dee sech an deene leschte Méint an deem Dossier ganz vill Méi ginn huet a ganz vill Energie investéiert huet, fir zu engem Resultat ze kommen an deem engen Dossier esou wéi och an deem aneren. Et ännert näischt drun, dass mer - an ech mengen, hie weess dat - hei och e bëssen de Präis bezuelt hunn, fir dass d'Reform vum Statut, dass déi soll rutschen an dass mer an deem Gesamten, wat mer jo als...

(Interruptions diverses)

Lauschtert wann ech gelift.

...dass mer an deem gesamte Bild, wat mer jo och zesumme wëllen halen, och hei am Parlament wëllen zesummen halen, dass et natierlech...

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Ech bieden Iech nozelauschteren.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Den Här Wolter kéint och erausgoen, wann et him hei net gefält.

Ech mengen, dass et um Niveau vun deem, wat mer do gemaach hunn, par rapport zu der Situatioun vun haut ganz reng gëtt, fir de Leit dobaussen - an déi Diskussioun ass jo voll amgaang - ganz reng gëtt, fir de Leit ze erklären, wéi mer et fäerdegbréngen, fir an der Fonction publique elo eppes ze ginn, fir dann an engem Spuerpaquet e puer Wochen, e puer Méint duerno et erëm mat där anerer Hand ze huelen.

Dat verstinn..., an ech weess net, wéi et Iech geet, mä ech begéine ganz vill Statsbeamten, déi dat emol selwer net verstinn; déi soen, si verstinn net, wann de Finanzminister vu griicheschen Zoustänn schwätzt oder jiddefalls warnt viru griicheschen Zoustänn, wa mer gesinn, wat fir en Defizit mer fueren, wéi vill mer léine musse goen, dass mer dat maachen. Elo ass et och eng Tatsaach - an ech wëll dat och heibanne soen - et ass och eng Tatsaach, dass et um Niveau vun der Fonction publique och eng kontinuéierlech Lounpolitik muss kënne ginn.

An och an dem Privatsecteur - dat wëll ech zugonschte vum Accord soen - och am Privatsecteur liest een an deene leschte Méint hei an do an den Entreprisen, dass och a schwieregen Zäiten do awer Ofschlëss, positiv Ofschlëss gemaach ginn. Déi hu keng 4% oder 5%, mä ech mengen, och do gëtt et dat, wat d'Gewerkschaften an d'Sozialpartner nennen: eng kontinuéierlech Kollektivvertragspolitik.

Ech wëll och soen, wat mer vergiessen ze soen, dass 2,2%, wann dat a fënnef Joer dat ganzt Bild wäert sinn, dass dat sécherlech eng vun den niddregsten, vun den niddregsten, luesten Augmentatiounen an der Fonction publique säit Joren a Jorzéngte wäert sinn, wa mer dat op fënnef Joer kucken. Nach bleift et, dass et an engem Moment kënnt, dass et an engem Moment ofgeschloss gouf, wou mer optimistesch konnte sinn opgrond vun deene Parameteren, déi mer gesinn. Mä et kënnt elo an engem Moment, wou et schwéier ass, fir et dobaussen eriwwerzebréngen, an ech weess, dat, wat ech elo proposéieren, dat huet vläicht keng grouss Chance fir duerchzekommen.

Mä ech géif der Fonction publique an där Gewerkschaft, der CGFP, déi representativ ass fir d'Fonction publique, un d'Häerz leeën, doriwwer - iwwert dat, wat ech elo gesot hunn, dat, wat d'Leit dobausse soen, dat, wat heibanne jiddwereen denkt - nach eng Kéier nozedenken, ob een iwwer - net iwwert den Accord en tant que tel, dee solle mer respektéieren, dee solle mer respektéieren! -, mä driwwer nozedenken...

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- A muer gëtt ënnerschriwwen!

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Ech soen et nach eng Kéier: Och ka muer ënnerschriwwe ginn, och ka muer..., net muer, muer gëtt festgestallt..., et ass d'Conciliatioun.

(Interruption)

Jo, jo. Ech mengen, dat hätt een nach kënnen derbäisoen, dass an deem Statut, an där Reform vun deem Statut jo och Aspuernisser dra sinn. Mä ech mengen trotzdeem, dass et noutwendeg ass, an deenen nächsten Deeg a Wochen nach eng Kéier sech déi Fro do ze stellen. Mir wäerten eis se och hei am héijen Haus musse stellen, wa mer deen een Dag den Accord salarial musse stëmmen an deen aneren Dag de Spuerpaquet mussen décidéieren.

Mä ech mengen, dass mer net den Accord sollen a Fro stellen, mä dass mer awer eng Reflexioun solle maachen, ob dat an engem Bild, wat mer dobausse wëllen hunn, och vis-à-vis vum Privatsecteur - och vis-à-vis vum Privatsecteur, an ech kann Iech soen, et begéint ee vill Leit aus dem Privatsecteur, déi doriwwer net ganz glécklech sinn -, wéi mer dat an e Gesamtbild kréie vun Akzeptanz a vu Glafwierdegkeet...

(Interruptions diverses)

Une voix.- Bonne Chance!

M. Lucien Lux *(LSAP).*- ...a vu Glafwierdegkeet par rapport zu deene Leit do.

Déi zweet Fro war déi um Niveau vun den Dépensë vun dem Kannergeld an um Niveau vun - ech géif dat soen - insgesamt och de Logementsausgaben. An ech wëll et hei ganz kuerz maachen, Här Meisch, ganz kuerz maachen, fir Iech ze soen, dass mer jiddefalls dergéint sinn. Mir mengen, dass dee Block vum Kannergeld ronn eng Milliard duerstellt, dass dee Block vu Logementssubsiden ongefeier eng hallef Milliard duerstellt, an dass mer als LSAP-Fraktioun, an dat hu mer am Dezember hei scho gesot, bereet sinn, iwwer méi Selektivitéit an deenen zwee Beräicher ze diskutéieren.

Mir si jiddefalls dergéint, dass ee mam Rasenmäher ëm 10% d'Kannergeld fir jiddweree géif senken. Dat kann net sinn! Dat trëfft da just déi, déi mer net wëllen, vill méi haart wéi déi, déi emol kee Kannergeld brauchen, fir ganz gutt hir Kannerkäschte kënnen ze droen.

Jo also zu méi Selektivitéit um Niveau vun deenen Ausgabe beim Kannergeld an och am Logementsberäich. A mir mussen...

M. le Président.- Här Lux, Dir musst lues awer sécher zum Schluss kommen.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Ech kommen zum Schluss.

Ech mengen, dass mer och hei musse gesinn, an ech wëll déi Zuel aus dem „Panorama social" vun der Chambre des Salariés och eng Kéier nennen hei, dass um Niveau vun den Elengerzéienden, haaptsächlech den elengerzéiende Frae mat Kanner - an ech wëll et eng Kéier soen, dass mer déi Zuel eng Kéier lauschteren alleguer, och den Här Kox -, dass den Aarmutsrisiko bei elengerzéiende Frae mat Kanner, dass dee vun 1995, wou e bei 25% louch, eropgaangen ass am Joer 2010 op 46%!

Et kann also net sinn, dass, wa mer iwwer Kannergeld an iwwer Selektivitéit schwätzen, dass et déi doten trëfft! Mä mir mussen e Modell fannen, deen eis erlaabt, en Aspuernis op deem gesamte Paquet vun annerhallwer Milliard ze maachen, zum Beispill um Niveau vun 10% Aspuernis, déi een hei kéint erreechen duerch e Modell, dee selektiv gerecht ass an deen déi trëfft, déi breet Schëlleren hu par rapport zu deenen, déi schmuel Schëlleren hunn.

(Interruption)

Ech wëll e leschte Punkt soen zu de Renten, zu engem grousse Kapitel och vun den Ausgaben an der Securité sociale. Mir hunn e Gesetzesprojet virleie vum Sozialminister Mars Di Bartolomeo.

An ech wëll hei soen, de Spuerpaquet, dee mer elo maachen, ze hypothéquéieren duerch Aschnëtter um Niveau vum Ajustement oder vun dem sougenanntenen 13. Mount vun de Rentner a Pensionéierte wär keng gutt Iddi. Hei sinn am Projet vum Sozialminister eng Rei vun Aschnëtter geplangt. Wann den Taux de remplacement eng gewëssen Héicht erreecht huet, fënnt en Automatismus statt, fir dat ze maachen. Mir sollten dat am Rahme vun där Reform do maachen. En Duerjerneegeheie vun enger Reform, déi op mëttel- an op laangfristeg Zilsetzunge setzt, mat engem kuerzfristege Spuerpaquet wär keng gutt Iddi.

Mir sinn awer bereet - esou wéi et scho war beim Ajustement an dëser Legislaturperiod, deem éischten Ajustement, deen ee gemaach huet, deen an zwou Tranchen ausbezuelt ginn ass, kënne mer eis och virstellen, dass den Ajustement vum 1. Januar 2013 och an zwou Tranchë géif ausbezuelt ginn. Mä mir hätte gären, dass am Rentereformprojet vum Sozialminister déi Diskussiounen iwwer Aschnëtter oder iwwer Aspuernisser, déi noutwendeg sinn, do gemaach ginn.

E lescht Wuert ass um Niveau vun den Investitiounen: Eis Prioritéiten - ech soen dat gebietsmillenaarteg all Kéiers hei bei Geleeënheet vu Budgetsdebatten oder États de la nation -, eis Prioritéiten heesche ganz kloer „Schoulinvestitiounen", dat sinn Investitiounen an d'Kanner an an eis jonk Leit, déi heeschen „Logement", well et dee gréisste Problem ass, dee mer hei am Land hunn, an dat ass d'Mobilitéit, well mer wëssen, dass mer do e grousse Problem, och e grousse Standuertproblem dobaussen hunn. Dat sinn eis dräi Prioritéiten, déi gëllen.

D'Konklusioun, Här President, ass déi: Mir musse fir 2013 a '14 en neie Spuerpaquet schnüren an engem gesonde Gläichgewiicht tëschent Recetten a wéineger Dépensen an den Investitiounen. D'Method muss déi sinn, 2013 en detailléierte Paquet virzeleeën, d'Indicatiounen an d'Previsiounen ze kucken, ob se sech fir 2014 bewahrheiten, fir ze kucken, wat dann nach vun Noutwendegkeeten ass.

M. le Président.- Här Lux, Dir musst zum Schluss kommen.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Ech sinn am zweetleschte Saz, wann ech Iech dat soen.

Den Équiliber am Gesamtétat bleift 2014 eis Zilsetzung. A mir mussen - dat ass leider Gottes elo de Mëtteg hei vläicht ze kuerz komm -, mir mussen dat maachen an engem gesamte Konzept.

Dofir ass d'Diskussioun zesumme mam Plan national de réforme, mat den Investitiounen, déi mer musse maachen am Schoulberäich an am Beräich vun Innovatioun a Recherche, esou wichteg, fir dass mer e Gesamtbild kréien an dass mer net nëmmen iwwer eng Épicierslëscht diskutéieren, mä iwwer eng gesamt konzeptuell politesch Ausriichtung vun eisem Land.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Lux. Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Häre, déi ganz Spuerpolitik, d'Budgets- a Finanzpolitik ass jo zimlech vill an hefteg an der Diskussioun de Moment. A wat am meeschten eis als Gréng frappéiert, dat sinn déi Meldungen - haut sinn der och nach komm -, Communiquéen, déi ee muss liesen, déi am Fong e bësselchen den Androck wëlle vermëttelen, wéi wann ee sech mat deem Statsdefizit, mam Budgetsdefizit a mat deene Scholden eigentlech net esou intensiv misst befaassen, wéi wann d'Datelag, déi mer hätten, esou wär, datt eigentlech kee Grond do wär, fir sech ze beonrouegen, an datt déi Leit, déi dat géife maachen, aus iergendengem Grond wéilte Panik maachen oder sief et, wat och oft ënnerstallt gëtt, géife Verschiddenen op de Läim goen, déi - där gëtt et och - zum Beispill de Sozialstat wéilten insgesamt a Fro stellen.

Wann een déi Zuele kuckt, déi mer de leschte Mëttwoch nach eng Kéier an däitlecher Form an der Finanzkommissioun presentéiert kritt hunn an déi och op Bréissel geschéckt ginn, a wann een déi och virun allem kuckt um Hannergrond vun eiser spezifescher lëtzebuergescher wirtschaftlecher Situatioun, da gëtt et vläicht kee Grond, fir Panik ze maachen, mä et gëtt awer sécherlech e Grond, fir ze soen, et gëtt elo héich Zäit, datt mer ufänken, eppes ze ënnerhuelen. Well soss geroden déi, déi no 2015, '16 a '17 kommen, nawell zolidd a Panik - soen ech Iech -, déi dann an der Regierung wäerte sëtzen.

Wann een déi Zuele kuckt, an déi sinn zimlech däitlech an et geet aus hinnen ervir, datt mer an deenen nächste Joren eng Milliard pro Joer respektiv um Schluss souguer 1,5 Milliard mussen Emprunt ophuele goen an datt mer et fäerdegbréngen, d'Statsschold bannent engem ganz kuerzen Zäitraum op 24,1% vum PIB eropzeschrauwen an datt déi gesamt Statsschold dann 2015 12,2 Milliarden ausmécht - ech wëll dat emol eng Kéier hei an de Raum stellen, dat ass ee Joresbudget! -, da seet dat scho villes aus!

Et seet virun allem och eppes aus: datt et erschreckend ass, wéi séier datt et geet. An et seet virun allem och eppes aus: datt, wa mer nämlech näischt an der Politik änneren, dat jo net bei 2015 da fäerdeg ass, mä datt trotz souguer engem Pronostic, an ech kommen nach op deen ze schwätzen, vun enger extrem gudder Croissance, awer déi Statsschold och 2016, '17 an '18 ëmmer weider wäert esou virun an d'Luucht goen. An ech brauch jo kengem ze erklären, wéi séier datt et da geet, datt mer a Verschëldungszeenarie sinn, déi mat Sécherheet fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg, mat esou enger spezifescher ekonomescher Situatioun, mat esou enger oppener Ekonomie, extrem gefèierlech sinn.

An da muss een och nach dobäi bedenken, datt zwou Saachen hei matspillen. Dat eent ass en ekonomeschen Zeenario, dee fir meng oder fir eis Begréffer ze vill optimistesch gerechent gëtt. 2013 gi mer dervun aus, datt mer schonn op engem Wuesstum vun 3,9% leien, 2014 souguer scho bei 4,7%.

Ech hunn an der Finanzkommissioun versicht, de Leit vum Statec d'Fro ze stellen oder erauszefannen, wou se dann op déi doten optimistesch Variante géife kommen. An dunn hunn ech erklärt kritt, dat ass einfach fortgeschriwwe ginn op Basis vun der Annahm éischtens, datt natierlech d'Konjunktur weltwäit ab Enn 2012, Ufank 2013 sech wäert verbesseren an datt, wann een da vun enger verbesserter Lag kann ausgoen, datt et einfach historesch gekuckt ass, wéi mer an der Vergaangenheet an esou Situatioune gewuess sinn. Du sinn déi Zuelen do agesat ginn.

Deen zweete Punkt, deen awer derbäikënnt, dat ass, datt och nach um Niveau vun de Recettë grouss Fragezeiche si respektiv souwisou d'office mat gréisseren Abréch ze rechnen ass, an dat onofhängeg vun der wirtschaftlecher Entwécklung. An och dorobber kommen ech nach zréck.

(Mme Lydia Mutsch prend la présidence.)

Mä fir d'Éischt emol zum Wuesstum. Ech kann net verstoen, wou ee kann 2013 3,9% an 2014 einfach 4,7% viraussoen, well ganz einfach, éischtens, fir déi weltwäit Konjunkturlag alles anescht wéi garantéiert ass, esou wéi d'Parameteren haut sinn, datt déi esou extrem positiv ass, wéi dat hei ugeholl gëtt. Well einfach zwou wichteg Krisenursaachen, zwee wichteg Parameteren, déi eis eigentlech an déi Kris gefouert hunn, sech net verännert hunn.

An een dovunner, do ass en plus nach - an dat ass dat, wat spezifesch ass fir Lëtzebuerg: Wa mer dee veränneren, a mir mussen e veränneren aus weltwäite wirtschaftleche Stabilitéitsgrënn, wäert deen awer fir Lëtzebuerg Konsequenzen hunn, datt souwisou déi gëlle Jore fir Lëtzebuerg wäerten eriwwer sinn.

Et ass esou, datt déi Kris 2008 ausgebrach ass - an et ass och scho virdrun hei gesot ginn - haaptsächlech duerch Turbulenzen op de Finanzmäert, duerch Finanzmäert - déi Constatë sinn entre-temps genuch gemaach ginn -, déi ze vill dereguléiert sinn, ze vill mat ontransparente Finanzprodukter geschafft hunn, wou villes ebe schifgelaf ass. An den Haapt-mot-d'ordre war: Mir mussen et fäerdegbréngen, déi Finanzmäert erëm esou ze reguléieren, datt éischtens, d'Finanzwelt erëm méi no kënnt zu der Entwécklung an der realer Ekonomie, an zweetens, eben esou héich riskant Geschäfter an Zukunft net méi méiglech si respektiv datt mer e bessere Contrôle do iwwert d'Geschäfter hu vun de Banken, respektiv datt d'Bankgeschäfter méi transparent ginn.

Déi Reguléierung ass net schrecklech weiderkomm. Mir hu bis elo nach net vill Konkretes ëmgesat. Et ass villes an der Diskussioun: Basel III; och nach aner Saachen, déi wäerten op eis duerkommen. Mä konkret ass nach net vill ëmgesat. An ech mengen, et ass - géif ech jo awer soen - e generelle Konsens, datt mer mussen dat dote kréien, fir datt mer erëm endlech eng wierklech Berouegung an de Finanzsystemer kréien.

Datt et de Moment esou roueg ass, dat huet virun allem domat ze dinn, datt vill Geld gedréckt ginn ass an datt d'Zentralbanken, fir d'Liquiditéitsproblemer bei de Banken ze regelen, enorm Gelder op d'Marchéé geschwemmt hunn. Mä dat huet awer näischt mat dem Behiewe vun den Ursaachen ze dinn.

Mä mir brauchen, wéi gesot, déi Reguléierung, hu se awer nach net. An domadder ass eng vun den Haaptursaache vun der Kris net behuewen. Duerfir gi mir dervun aus, datt mer nach weider Turbulenzen an deenen nächste Méint a Jore wäerte kréien. An duerfir gleewe mer och net drun, datt mer esou séier zu esou héijem Wuesstum wäerten zréckfannen, wéi dat ugeholl ginn ass.

Op där anerer Säit ass et awer esou: Wa mer dann an een, zwee oder dräi Joer hoffentlech déi Reguléierung vun de Finanzmäert kréie mat all deenen neie Regelen, dann huet dat awer och zur Konsequenz, datt grad fir Lëtzebuerg d'Bréidercher vill méi kleng wäerte gebak ginn op der Finanzplaz Lëtzebuerg, dat heescht, datt manner wäert fir eis offalen. Well déi Reguléierung, déi mer, wéi gesot, effektiv fir d'weltwäit Stabilitéit vun der Ekonomie musse kréien, déi huet als éischt Konsequenz, datt e Land wéi Lëtzebuerg, wat extrem vun där Dereguléierung profitéiert huet a wat och nach vun deem Secteur bal zu honnert Prozent als eenzegem ofhängeg ass, datt natierlech an esou engem Land, wa reguléiert gëtt, och doduerjer herno manner wäert fir eis offalen.

Dat wëllt net heeschen, datt d'Finanzplaz verschwënnt, mä si wäert sécherlech manner boomen, wéi dat an den 90er Joren de Fall war oder nach ufanks vun dem 21. Jorhonnert de Fall war. Dat heescht, mir si souwisou do an enger Zwéckmillchen, egal wéi mer et wëllen huelen. An dat huet en Impakt. An ech soen lech, dat wäert maachen, datt doduerjer eleng de Wuesstum an deenen nächste Joren a Jorzéngten net méi esou héich wäert sinn, also, wann een ausschliesslech vum Finanzsecteur eleng muss ausgoen.

Deen zweete Punkt, an dat ass och ee vun de Grënn gewiescht, déi eis an d'Kris gefouert hunn, dat sinn d'Energiepräisser a virun allem natierlech de Pëtrolspräis. Mir si weltwäit nach ëmmer eng Ekonomie, déi zu ganz groussen Deeler ofhängeg ass vun deem Baxter Pëtrol. Dat ass esou! Dat ass den Haaptenergiezouliwwerer fir sämtlech ekonomesch Prozesser an Ofleef.

A kuckt lech un, wat passéiert ass déi lescht Joren. Et ass ëmmer ugeholl ginn, datt no 2008, dat heescht mat dem Asetze vun der Kris an doduerjer, datt dann d'Demande géif zréckgoen, d'Pëtrolspräisser géifen erofgoen. Abee, et ass net geschitt! Se si souguer nach während der Kris an d'Luucht gaangen. Mir leien de Moment bei engem Präis tëscht 124 an 126 Dollar de Barrel Uelech.

An Dir gesitt jo schonn - jiddwereen op der Pompel dobaussen -, et kënnt nach derbäi, datt mer jo dës Kéier de Pech hunn, datt mer kee staarken Euro méi hunn, deen eis protegéiert virun de Pëtrolserhéijungen, déi jo an Dollar kotéiert a berechent ginn. Dat heescht, mir kréien dat vill méi voll ze spieren. A jiddweree gesäit a spiert och, datt dee Präis eng Auswierkung huet.

A wat ass geschitt déi leschten Deeg? D'Madame Lagarde hat nach net gesot, datt se méi optimistesch wär wéi nach virun dräi, véier Wochen, wat d'Weltekonomie ugeet, an datt se géif liicht Hoffnungsschimmere gesi fir d'Weltekonomie, si hat et nach net gesot: ratsch duerno geet de Pëtrolspräis erëm an d'Luucht! Dat heescht, soubal eng kleng Annahm nëmmen dervun do ass, datt d'Ekonomie erëm weltwäit unzitt, geet dee Präis erop an huet direkt eng Konsequenz natierlech erëm op déi bësse Croissance, déi een huet.

Dat heescht, dat riskéiert direkt erëm kontraproduktiv ze wierken. Dat geet dann elo esou wäit, datt verschidde Länner, wéi zum Beispill England, op hir strategesch Pëtrolsreserve wäerten zréckgräifen, fir déi op de Marché ze brëngen, fir nëmmen de Präis unzefänken ze drécken, well se dann hoffen iwwert dee Wee, datt d'Konjunktur net erëm direkt erstéckt gëtt.

Dat heescht, déi duebel Ursaach ass ëmmer nach do an déi wäert eis begleeden, bei där enger esou laang, wéi gesot, bis mer reguléiert hunn - an dann huet dat awer souwisou och Auswierkungen, spezifescher haaptsächlech fir Lëtzebuerg -, a bei där anerer esou laang, wéi mer an där Ofhängegkeet hänke vun de fossilen Energieträger a vum Pëtrol am Spezifeschen.

Duerfir soll kee sech Illusioune maachen! Dat Spannungsfeld, dat wäert bestoe bleiwen ekonomesch an deenen nächste Joren! An duerfir, wéi gesot, gleewe mir net un déi Wuesstumszuelen.

Da kënnt awer derbäi, datt bei de Recettë fir de Stat, bei deene Recetten, déi elo agerechent sinn, ee Commerce électronique mat draspillt, deen haut, also dee fir d'Joer 2012 gerechent gëtt mat 650 Milliounen Einnahmen. An d'Steierverwaltung huet eis awer an der Kommissioun gesot, datt se géife rechnen, datt mer bis 2015 do bei der Milliard géifen ukommen, wat absolut realistesch ass, well jiddweree weess jo, datt de Commerce électronique automatesch zouhëlt, well ëmmer méi Saache kaaft a bezuelt ginn iwwer Internet a sech iwwert den elektronesche Commerce ofwéckelen.

Elo hu mir natierlech déi grouss Chance, datt, esou wéi d'gesetzlech Bestëmmungen haut am Steierberäich vun der Besteierung vum Commerce électronique sinn, well mer eng niddreg TVA hunn, de Moment dat alles, wat an Europa ufält, zu Lëtzebuerg bezuelt gëtt. Duerfir ass dee Chiffer esou héich. Mä mir wëssen awer och genausou gutt, datt ab 2015 mindestens 70% vun deene Recetten do verschwanne wäerten, well dann déi nei Direktiv wäert a Kraaft trieden.

An et ass nach net kloer, ob et 70% oder 80% sinn. Mä mindestens 70% wäerte mer missen ofginn. Esou datt ee kann dovunner ausgoen, datt mer d'office ab 2015 eng manner héich Recette hu vun ëm déi 500 Millioune mindestens. Dat heescht, mir mussen déi jo emol kompenséieren, ier mer iwwerhaapt vun anere Saache schwätzen. An ech kommen herno nach drop ze schwätzen, wann ech iwwert d'Steiere schwätzen, wat fir eng Konsequenzen datt dat huet, wann een da bei de Recetten an den Dépensë wëllt usetzen.

Da sinn och nach esou Saachen, esou Inconnuen dran, déi een de Moment guer net ka virausoen. Ech wéilt awer nach eng Kéier drun erënneren, datt mer am Dezember - mir zwar net, mä d'Majoritéit - mam Budget eng Garantie vun 2,7 Milliarde gestëmmt hunn am Kontext vum Deal mat der Dexia. Elo kann ee soen: „Jo, ben, dat ass kee Problem. Dat geet alles tipptopp riicht aus." Dat ka sinn. Mä et kann awer och sinn, datt et méi schifgeet an datt do vun deene Gelder Sue musse gezu ginn, dat heescht, musse bezuelt ginn. Déi kommen direkt batsch op d'Schold nach uewendrop!

Och net aberechent sinn natierlech Risiken, déi mer am Kontext vun dem Europäesche Stabilitéitsmechanismus lafen. Och do wësse mer… Dat ass de Moment nach net an deenen heiten Zuele mat dran, well de Moment do jo keng Zënse bezuelt ginn. Mä et gëtt awer Risiken do dran.

Ech wëll elo hei net den Däiwel un d'Wand molen. Mä mindestens muss een dat awer, wann een doriwwer diskutéiert, bei deem Zeenario, an deem mer eis hei scho befannen, och nach am Hannerkapp hunn. An duerfir, wéi gesot: Et ass wierklech e gudde Grond do, fir sech domadder ze beschäftegen. Well et kann net sinn, datt mer einfach esou weiderfuere wéi elo!

déi gréng si ganz kloer: Mir wëllen net där nächster Generatioun e Scholdebierg iwwerreechen. A wann ech hei vun „nächster Generatioun" schwätzen: Wann ech de Rhythmus kucken, mat deem d'Schold hei an d'Luucht geet, dann denken ech elo emol net u meng Enkelkanner, mä dann denken ech schonn un déi bei mir an der Partei. Meng Parteipresidentin huet elo 34, 35 Joer; déi wäerte sech domadder beschäftegen.

Et ass jo net méi… Well mir schwätzen hei, wéi wann dat ze dinn hätt mat enger Generatioun, wéi wann dat a 40 Joer wär! Dat ass jo net de Fall!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Mir nach! Mir nach!

M. François Bausch *(déi gréng).*- Jo, mir souguer och nach. Mä ech mengen, mindestens... Ech ginn emol dovun aus, datt awer vill vun deenen, déi hei sinn, wahrscheinlech an zéng, 15 Joer hir Pensioun hunn an net méi hei sëtzen, fir ze décidéieren.

(Hilarité)

Ech wëll elo keen Eenzelnen hei kucken, mä et sinn der awer hei…

(Interruption)

Et sinn der awer wahrscheinlech e ganz gudden Deel hei, wou dat wäert de Fall sinn.

Une voix.- Den Här Wilmes.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Mir schaffen drun, Här Di Bartolomeo.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.*- Maacht séier. Maacht séier!

M. François Bausch *(déi gréng).*- Also, et ass en Zäitraum, deen ass wierklech… Do muss een oppassen. Dat huet net mat 30, 40 Joer ze dinn, mä dat geet - vu de Rhythmus, wéi d'Scholden an d'Luucht ginn - ganz rapid.

(Interruptions)

Iwwregens wëll ech och dem Här Lux soen, en ass elo zwar net hei: Wann e seet, en hätt sech ugekuckt, wat Fitch mécht, also wou se drop kommen, datt se eis en Triple-A ginn, da muss ech em awer soen, dat ass richteg, wat en do zitéiert huet, mä dat baséiert op der Situatioun, wéi se war. Mä wann et awer esou weidergeet wéi dat heiten, dann - eleng vun engem vun deene Kritären, déi en hei opgezielt huet - gesi mer relativ séier do ganz schlecht aus. An da wäert et awer ganz séier goen, bis mer deen Triple-A wäerte lass sinn. Dat ass awer gradesou kloer!

Duerfir kann een net eng Bewäertung oder eng Konklusioun huelen, déi vun enger Ratingagentur gezu ginn ass fir Lëtzebuerg par rapport zur Vergaangenheet bis haut, an déi einfach applizéieren op d'Zukunft, wann ee weess, datt awer d'Zukunftsparameteren en vue vun der steigender Schold ganz anescht wäerte fir Lëtzebuerg ausgesinn.

Wann ee seet: „Mir mussen dat ugoen a mir mussen déi Scholden do ofbauen. Mir mussen erëm méi eng équilibréiert Situatioun kréien", da gëtt et zwee Parameteren, wou ee muss drugoen. Dat eent sinn d'Recetten an dat anert sinn d'Dépensen. A mir sinn och der Meenung, datt et net dierf sinn, datt et ausschliesslech op der Dépensësäit gekuckt gëtt. Souwisou geet dat net op, well wa mer dat wéilte maachen, da soen ech lech, bei deenen Investissementsbesoinen, déi mer wäerten hunn, da muss awer do eng Aaxt erausgeholl ginn, déi wäert et a sech hunn.

Duerfir, eleng dowéinst, dat kann een net maachen an dat dierf och net sinn. Et muss een équilibréierte Pak verabschit ginn. A mir sinn der Meenung, datt 50% bei de Recettë musse geholl ginn a 50% bei den Dépensen. Dat muss wierklech 50/50 sinn, équilibréiert. An et ass och machbar, dat ze maachen.

Ech wëll ufänke bei der Problematik vun den Investissementsausgaben. Wann Der déi Zuele kuckt, da si jo 48% bei den Dépensen Transferts sociaux, 19% vun den Dépensë vum Zentralstat ass de Coût vun de Fonctionnairen, also vum Stat, an 10% si Frais d'investissement.

Mir sinn der Meenung, datt, wa mer iwwert d'Investissementer diskutéieren, mer net dierfen esou diskutéieren, andeem mer einfach soen: Mir kierzen elo d'Investissementer vun 10% op 8% erof. Mir si souwisou der Meenung, datt ee bei den Investissementer als Allerlescht soll kierze goen. Wahrscheinlech, wann een emol géif alles kucken, wat ee misst maachen, misst d'Investissementsquot éischter eropgoen. Mä et ass awer just d'Fro, déi ee sech muss stellen, wat ee wëllt investéieren. Dat ass natierlech eng ganz aner Diskussioun.

Mir hätte gären, datt d'Regierung endlech hir Prioritéite festleet, wou soll prioritär investéiert ginn. Ech hoffe mindestens, datt mer dat endlech fir den 8. Mee gewuer ginn. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt dës Majoritéit an hirem Koalitiounsofkommes e Finanzéierungsvirbehalt einfach op alles geluecht huet. Mir fannen dat falsch vu vir bis hannen. Mir fannen dat total falsch!

Et muss ee sech fir d'Éischt d'Fro stellen: Wat ass de Problem vu Lëtzebuerg? Wou muss dann investéiert ginn? An da setzt ee seng Prioritéite fest. An da setzt een och fest, wéi vill Prozent oder wéi héich de Volume vun den öffentlechen Investitiounsausgabe kann oder muss sinn. An dee ka souguer duerchweegs iwwer 10% musse leien, dat heescht, méi héich si wéi haut.

A wann ech soen, datt mer ee grousse Problem hunn, dat ass, datt eis Recetten an iwwerhaapt eis Ekonomie de Moment absolut ofhängeg si vun engem eenzege Secteur, nämlech dem Finanzsecteur, dann ass et fir eis kloer, datt déi wichtegst Aufgab vun den nächste Joren déi ass, d'Land fit ze maachen, ze investéieren an d'Diversifizéierung vun eiser Ekonomie, dat heescht alles drunzesetzen, datt mer manner ofhängeg gi vun deem eenzelne Secteur.

Da musse mer eis duerfir och déi néideg Moyenë ginn, fir dat ze maachen. An déi leie fir eis - an duerfir ass dat och deen éischte Punkt, dee mir gesinn als Prioritéit bei den Investissementer - an der Bildung, an der Weiderbildung, an der Fuerschung, dat heescht, an deem ganze Beräich, dee mat der Diversification économique an deem Beräich ze dinn huet.

Iwwregens wëll ech och soen, datt mer dee Future-Fong, dee jo elo an deenen nächste Wochen a Méint soll gegrënnt ginn, och dozou ziele wëllen an datt déi Suen, déi doranner gesat ginn - a mir mengen, datt dat, wat bis elo virgesinn ass, nëmme kann en Ufank sinn -, datt déi Suen och zu deenen Investissementer an d'Diversification économique gehéieren an och duerfir eng absolut Prioritéit mussen hunn.

Een zweete Beräich ass dee vun der Mobilitéit. Mir hunn extrem Defiziter an der Mobilitéit. Mir mussen déi behiewen.

An deen drëtte Prioritéitspunkt ass de Logement. Ech wëll net méi beschreiwe firwat; dat ass scho vun anere Virriedner genuch gemaach ginn.

Dat heescht, den Investitiounsvolume muss sech an deene Beräicher konzentréieren, déi ech elo grad opgezielt hunn. An all de Rescht huet keng Bedeitung. Dat heescht, do muss zréckgestallt gi respektiv komplett op Äis geluecht ginn. An ech brauch jo sécherlech kengem opzezielen, wat ech alles domadder mengen. Et gëtt genuch Projeten, déi dës Regierung wëlles hat ze maachen, déi eiser Meenung no dozou gehéieren.

Ech kommen dann zu de Recetten. A wann den Här Lux mir hei virdru gesot huet op mäin Awand: „Oh, Här Bausch", well ech esou schwaarz gesinn, „Dir lieft schonn zéng Joer an engem Tunnel, an engem schwaarzen Tunnel", da wëll ech en awer emol drun erënneren - en huet jo esou vill hei iwwert d'Recettë geschwat, iwwert de Spëtzesteiersaz, iwwert d'Kierperschaftssteier -, wéini datt mer mat deene Kierperschaftssteiertauxen a virun allem mam Spëtzesteiersaz am stäerksten erofgaange sinn: Dat war 2001 an 2002.

An 2001 an 2002 waren hien a seng Partei an der Oppositioun an dësem Parlament. A mir waren och an der Oppositioun. An 2001 huet et awer zum gudden Toun gehéiert, datt vill Sue verdeelt gi sinn. A mir waren déi eenzeg Partei an dësem Parlament, déi hei gesot huet: „Mir warnen hei virdrun, fir de Spëtzesteiersaz 8% op ee Coup erofzesetzen. Dat ass total verréckt. Well bei där éischter Kris, déi mer kréien, kréie mer Finanzéierungsproblemer beim Finanzement vum Stat." A mir hunn duerfir gesot ‚mir géifen och dowéinst dee Verdeelungspak do net stëmmen. A mir hunn dergéint gestëmmt.

Une voix.- Dat ass richteg, Här Bausch. Ech erënnere mech.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Den Här Lux a seng Partei hunn deemools…

(Interruption)

Une voix.- Jo, jo.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Den Här Lux a seng Partei hunn deemools aus der Oppositioun eraus fir dee ganze Pak gestëmmt. Dat heescht, en huet am Fong dunn d'Virausetzung geschaaft, fir datt dat agetratt ass, firwat en eis awer elo kierzlech kritiséiert huet, wéi en iwwert d'Recettë vum Stat geschwat huet. Ech wëll just drun erënneren, datt dann duerfir net déi gréng Partei am Tunnel souz, mä éischter d'LSAP am Tunnel souz 2001, wéi se dee ganze Pak matgestëmmt huet.

(Interruption et hilarité)

Jo, et muss een ëmmer… Wësst Der, Här Bodry, Dir wësst jo, wéi et ass,…

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Et war eng Metapher…

M. François Bausch *(déi gréng).*- …wann een am Glashaus sëtzt, da soll een net mat Steng geheien.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Oh mei.

Une voix.- Ma wéi schéin.

Une autre voix.- Et war zimleche Courage deemools.

(Interruptions diverses)

M. François Bausch *(déi gréng).*- Et war deemools effektiv 2001 méi couragéiert,…

Une voix.- Jo.

M. François Bausch *(déi gréng).*- …géint d'Verdeelungsaktioun ze stëmmen an der Oppositioun, wéi derfir ze stëmmen. Mä mir haten e gudde Grond, an de gudde Grond huet sech haut bestätegt. An ech deelen duerfir d'Analys, déi vum Här Lux gemaach ginn ass, mä en hätt déi Konklusioune mat senger Partei sollen 2001 zéien.

Une voix.- Très bien!

M. François Bausch *(déi gréng).*- Mir mengen awer, bei de Steiere muss eppes geschéien. Ech hu gesot 50/50. Wou menge mer, datt eppes misst geschéien? Majo, ganz kloer, an do deelen ech déi Aschätzung, déi e virdru gemaach huet, datt et net normal ass, datt 80% - an do sinn e puer Saachen duerjerneegehäit ginn - vun de Kapitalgesellschafte keng Steiere méi bezuelen. Et huet näischt mam Metzler a mam Bäcker ze dinn, mä et huet eppes dermat ze dinn, datt 80% vun de Kapitalgesellschafte keng Steiere méi bezuelen.

An dann, Här Urbany, fir lech awer dann ze berouegen: Vun deene Kapitalgesellschaften, déi nach Steiere bezuelen, déi sinn ausschliesslech am Finanzsecteur - ausschliesslech am Finanzsecteur! -, wëll ech lech just soen. An do musst Der lech och kengen Illusiounen higinn, dat sinn der och elo net Honnerten, mä et sinn der

ganz wéineg. Mä dat heescht, dat beschreift am Fong nach eng Kéier méi däitlech eis Ofhängegkeet vun deem Secteur an de Risiko, dee mer lafen, jee nodeem, wat do geschitt.

Mä duerfir muss awer, well 80% keng méi bezuelen… An dat huet och manner dermat ze dinn… Duerfir huet et och kee Wäert, datt mer elo soen: „De Moment ass de Kierperschaftssteiertaux op 21%, allez hopp: op 30!", an da menge mer, mir wären op der gewonnener Säit. Onofhängeg vum psychologeschen Effekt, deen dat jo dee Moment huet am internationale Kontext, dat bréngt eis och näischt méi! Well wann 80% vun de Kapitalgesellschafte bei engem Taux vun 21% null bezuelen, da bezuele se herno och bei 27% an 28% an 29% null. Et huet eppes mat der Besteierungsbasis ze dinn, iwwert déi mer mussen diskutéieren, well entre-temps ass déi e Schwäizer Kéis.

Duerfir, ech wär frou, wa mer do géifen usetzen an do eppes maachen, datt emol erëm méi Kapitalgesellschaften iwwerhaapt dann deen Taux vun 21% géife bezuelen. Dann hätte mer e gutt Stéck gemaach. Da bräichte mer den Taux emol net ze héijen. Mä et ass relativ kloer, do muss eppes passéieren. Dat ass net normal.

De Spëtzesteiersaz kann ee sécherlech och nach ëm deen een oder deen anere Prozent hiewen. Mä ech wëll Iech awer soen - an duerfir hunn ech dat virdrun zitéiert mat deene Recettëverloschter vu 500 Millioune beim Commerce électronique: Mir haten, wéi mer déi leschte Kéier de Spëtzesteiersaz gehuewen hunn hei an der Chamber, do hate mer eng Rechnung hei, an et ass gesot ginn, 1% Spëtzesteiersaz mécht plus ou moins 40 Millioune méi Recetten aus. Mir verléieren, wéi gesot, 2015 eleng ëm déi 500 Milliounen am Commerce électronique.

Elo kënnt Der Iech dat jo ausrechnen. Elo kéint ee jo einfach soen, ech rechne mechanesch einfach emol 8% Spëtzesteiersaz aus, woubäi dat iwwerhaapt net wouer ass, well esou geet dat net. Dir kritt dann net aachtmol 40 Milliounen eran, well een Deel ginn déi Leit jo dann och net méi aus. Da kritt Der op där anerer Säit erëm manner TVA eran. Dat heescht, do geet een Deel jo erëm verluer. Mä kommt, mir ginn emol nach dovun aus. Da géife mer da soen, mir erhéijen deen ëm 10%. Dat wär da jo zéngmol 40, da si mer emol nach net op der Perte, op der Moins-value vun deene 500 Millioune vum Commerce électronique.

Duerfir, déi Leit, déi mengen, datt eleng mat Steiererhéijungen et méiglech wär, dee Problem do an de Gréff ze kréien, also et deet mer leed, déi zielen de Leit de Moment wierklech egal wat, fir net ze soen, si veräppele se zimlech de Moment an der Öffentlechkeet. Mä wéi gesot, um Spëtzesteiersaz kënne mer eis awer duerchweegs virstellen, datt och eppes ka gemaach ginn.

Mir mussen och diskutéieren - dat huet de Rapporteur a sengem Budgetsrapport schonn ugeschriwwen - iwwert d'Besteierung vu Grond a Buedem an haaptsächlech och iwwert d'Plusvaluen, déi am Beräich vun den Immobiliëgeschäfter gemaach ginn. Dat ass sécherlech eppes, wou nach eppes ze maachen ass, well do ass et ridicule, wat de Moment do besteiert gëtt. A virun allem, wann ech d'Problematik vun de Plus-valuen uschwätze bei den Immobiliëgeschäfter, mengen ech, datt do extrem Geld verdéngt gëtt a vill ze wéineg besteiert gëtt.

Mir mussen awer och eppes maachen, an dat ass dann éischter erëm eppes - loosse mer soen -, do hate mer jo och scho vill diskutéiert bei deem leschte sougenannte Spuerpak vun der Majoritéit, dat ass dat berühmtent Kilometergeld, déi Steierabattementen, déi mer hunn.

Mir sinn der Meenung, datt dee Steierabattement, also dat Kilometergeld, sou wéi et haut ass, absolut kee Sënn ergëtt, well et souwisou contraire ass zu all deem, wat d'Politik selwer wëllt als Signaler ginn. Mir soen op där enger Säit, mir mussen et fäerdegbréngen aus villfältege Grënn, d'Leit, wa se am Beruffsverkéier sech déplacéieren, méi op den öffentlechen Transport ze kréien, méi een héijen „modal split" ze kréien. An op där anerer Säit fördere mer awer nach steierlech, datt se just de Contraire maachen. Dat ka jo net sinn!

Donc si mir der Meenung, dat dote muss net ganz ofgeschaaft, mä staark reduzéiert ginn, an et sollen nëmmen nach déi Leit dat kréien, déi op Schichte schaffen, déi wierklech keng aner Méiglechkeet hunn.

Bei den indirekte Steiere kann een och eppes maachen, mä do si mer der Iwwerzeegung, datt wierklech soll un deen ekologeschen Aspekt geduecht ginn, well mer do kënnen zwou Saache parallell maachen. Eng ekologesch Steierreform, déi jo natierlech virun allem déi indirekt Steier betrëfft, ass do absolut sécherlech wënschenswäert.

Mä wéi gesot, dat sinn déi Pisten, wou mir gesinn, wou op dem steierlechen Niveau eppes ze maachen ass. Mä dat geet wierklech de loin net duer, fir engersäits dem Stat ze garantéieren, datt en an Zukunft nach weider kann investéieren. An dat ass jo den Haaptmessage, deen ee muss ginn. Mir maachen déi Operatioun jo hei net nëmmen, fir ze soen, mir wëllen de Budgetsdefizit an den Équiliber kréien. Mä et geet och drëms, fir datt mer aus där verzwéckter Situatioun an där Ofhängegkeet, wou mer sinn, erauskommen. Dat heescht, datt mer investéiere fir d'Zukunft an datt mer duerfir och spueren, fir kënnen ze investéieren. An dat ass jo de Message, dee mer och, fannen ech, de Leit musse ginn. An dann, wa mer dat maachen, hu mer jo eng Kéier positiv Retombéeën, sougutt fir eis, mä virun allem och fir déi Generatiounen no eis.

Wann ech da bei d'Dépensë kommen, do stellen ech dann awer fest - an et deet mer leed, Dir Dammen an Dir Häre vun der CSV, ech kann dem Här Lux net onrecht ginn, wann en hei seet, datt Der e bësse Luusspättere sidd -, wann et ëm d'Spuere geet an dorëm, Mesuren ze proposéieren, datt d'sozialistesch Ministeren ëmmer de Schwaarze Péiter am Grapp hunn an Dir Iech nawell oft derlaanscht dréckt, respektiv datt vill, vill Sozialausgaben oder Transferts sociaux do sinn, wat Wahlcadeaue waren, déi Dir agefouert hutt, an net déi do Säit vun der Chamber. An ech wäert Iech och elo opzielen, wat fir eng. Duerfir mengen ech, datt een dat och an deem Kontext muss diskutéieren.

Ech wëll awer ufänke fir d'Éischt bei de Frais de fonctionnement. Bei de Frais de fonctionnement beim Stat kann ee sécherlech nach méi aspueren. Ech hunn dat schonn oft hei gesot, duerfir géif ech och net méi dorop agoen.

Wann et engem Stat gutt geet, leescht e sech a sengem Fonctionnement insgesamt méi. Dat ass normal. Dat ass wéi bei all Mënsch, deen, wann e vill Suen huet, sech méi leescht. An et ass duerfir sécherlech nach genuch Speck do beim Fonctionnement vum Stat, ouni datt mer eppes mussen elo emol vu Leeschtungen ofbauen, fir datt mer manner Käschten hunn am Fonctionnement vum Stat. Mä dat gëtt awer net de grousse Batz vun de Gelder, déi een aspuert. Dat muss een awer och direkt derbäisoen. Do ass nach ze huelen, et gëtt awer net dee grousse Batz.

Et kann ee sécherlech och nach vill aspueren an der Aart a Weis, wéi mer bauen. Mir hunn an deene leschten 20 Joer zu Lëtzebuerg gebaut an engem Sënn: Dat Schéinst war ëmmer dat Bescht a grad gutt genuch fir eis! Ech mengen, datt mer eis bei ville Saachen an deenen nächste Jore mussen iwwerleeën, ob et net vläicht méi sënnvoll ass, emol an d'Ausland ze kucken, ob ee méi effikass a vläicht manner prunkvoll baut. An och do kann ee Suen aspueren.

Da bei den Transferts sociaux. Ech wëll betounen, datt meng Partei steet fir e staarke Sozialstat an datt mer och der Meenung sinn, datt dat soziaalt Netz esou breet muss sinn, datt keen derduerchfält. Mä ech soen awer gradesou däitlech, datt déi Leit, déi de Moment en Tabu op de Sozialstat leeën an net wëllen driwwer schwätzen, dat sinn déi gréissten Doudegriewer vum Sozialstat. Wann een en Tabu drop leet an net wëllt driwwer schwätzen an einfach d'Situatioun verfaule léisst, well dat vläicht e bëssen onbequem ass, da stellt ee mëttelfristeg de Sozialstat a Fro. An där gëtt et leider, déi dat maachen. Där gëtt et, déi dat maachen!

Mir maachen dat net. A mir sinn och der Meenung, datt dat grondsätzlech gesinn absurd ass. Ech fannen et dach grondsätzlech absurd, datt een net muss kënnen iwwer all Saachen diskutéieren. Wat ee mécht herno, dat ass jo eng aner Fro.

Et muss jo awer méiglech sinn, datt een zum Beispill sech iwwer all sozial Transferten emol d'Fro stellt: Wat war d'Zilsetzung, wéi mer se agefouert hunn? Hu mer déi Zilsetzung erreecht? Gëtt et déi iwwerhaapt nach haut? Hunn net déi falsch Leit se erreecht?

Dann hu mer jo nach näischt gemaach. Dann hu mer eis einfach emol d'Froe gestallt, ob dat, wat vläicht viru 5, 10, 15, 20 oder 30 Joer gemaach ginn ass, ob dat nach haut richteg ass, zoutrëfft oder net. D'Décisiounen hëlt een dann duerno.

An dann, wéi gesot, musse mer och kucken, ob mer net eng Rei Saachen agefouert hunn, wat carrément Wahlcadeaue waren. An do kommen ech dann zréck op deen CSV-Cadeau, dee gemaach ginn ass, dee jo och opgaangen ass. D'CSV huet dee gréisste Sprong gemaach bei de Wahlen 2004, an do geet e gudden Deel op de Konto vum Forfait d'éducation, där berühmte Mammerent, déi kee gefrot hat, déi 2001 um Rentendësch vun der CSV op den Dësch geluecht ginn ass, hei an d'Chamber bruecht ginn ass, déi entre-temps iwwer 100 Milliounen am Statsbudget kascht! Dat ass vill Geld, iwwer 100 Milliounen. Keen hat et gefrot.

An dat mam Virwand, datt et 2.000 bis 3.000 Fraen - wat och richteg war, well dat si jo gréisstendeels Frae gewiescht an eiser Gesellschaft - géif ginn, déi ni eege Rechter haten, déi schlecht dru wären, déi wierklech Hongerrenten hätten, déi awer och Kanner grousgezunn hätten an déi duerfir eppes verdéngt hätten. An doriwwer hätt ee kënnen diskutéieren. Et hätt een och eppes kënne fir déi 2.000 bis 3.000 maachen. Dat wär iwwerhaapt kee Problem gewiescht. Dat hätte mer direkt ënnerschriwwen.

Mä firwat hu mir misse mat der Géisskan dat maachen? Mir hu genausou gutt dem Bankdirekter dee Forfait d'éducation ausbezuelt, wéi enger - ech soen elo emol - Statsbeamtewitfra, wou vläicht de Mann Direkter an engem Lycée war, déi jo wahrscheinlech keng schlecht Pensioun hat, där hu mer och dat einfach ginn. Ratzekahl mat der Géisskan driwwergefuer! A mir hunn dat…

Une voix.- Dat war awer net d'Originaliddi!

M. François Bausch *(déi gréng)*.- Jo, d'Originaliddi war, fir et iwwert d'Pensiounskeesen ze bezuelen. Dat wär nach schlëmmer gewiescht! Well da wäert Der bei de Privatsecteur an d'Pensiounskeesen d'Sue klaue gaangen, fir dat och nach ze bezuelen.

Une voix.- Se hunn et gemaach!

M. François Bausch *(déi gréng)*.- Jo, zum Deel ass et och herno nach souguer gemaach ginn. Mä et war jo just, well um Rentendësch sech dergéint gewiert ginn ass, iwwerhaapt géint déi dote Mesure an och géint déi éischt Propos, wou dann de Premierminister deemools an engem Anflug vu Generositéit gesot huet: „Ho, wann dat esou ass, da gëtt et iwwert de Statsbudget bezuelt."

Une voix.- Jo, jo!

M. François Bausch *(déi gréng)*.- A wa méiglech integral fir jiddwereen.

(Interruption)

Duerfir, dat sinn awer, dat sinn awer Realitéiten…

(Interruption)

Dat sinn awer Realitéiten, déi muss een och emol eng Kéier gesinn, Dir Dammen an Dir Häre vun der CSV, wann een iwwert d'Spuere schwätzt, datt vill där dote Mesuren aus ideologesche Grënn vun Ärer Bluttgrupp agefouert gi sinn a sech d'Fro ni gestallt ginn ass vun der Selektivitéit, haaptsächlech bei Ärer Partei! An duerfir, wann ech gelift, kommt Dir net heihinner an deelt deenen aneren hei an där Hisiicht Lektiounen aus.

(Brouhaha)

Deen drëtte Punkt, deen ech wëll uschneiden, dat sinn d'Subsiden. Och do gëtt et villes mat eis ze maachen. Mir ware souwisou der Meenung - ech huelen dat elo als Beispill eraus -, datt déi CAR-e-Prime-Geschichten ekologesch eiser Meenung no gröbsten Unfug wären an datt een dat hätt ni sollen aféieren. Do sinn d'Garagistë frou driwwer, well d'Leit hu sech fir déi 1.000 a 1.500 Euro méi Supplémente kaf op den Autoen a si hu vill Suen domat verdéngt. Mä ob dat awer elo e Bäitrag gewiescht wär fir de Klimaschutz, also dat hu mir vun Ufank u gesot, datt mer dat géifen niéieren.

Mir sinn der Meenung, datt déi Suen zum Beispill vill besser ugeluecht gewiescht wären, wa mer déi direkt geholl hätten, fir Energieaarmut ze bekämpfen, fir Energieeffizienz am Wunnengsbau ze kréien, fir Leit Hëllefe vläicht ze ginn, datt se hir Haiser kënnen isoléieren. Dann hätte mer niewebäi och nach eppes gemaach fir d'Handwierk a fir Aarbechtsplazen ze schafen an ze halen, dann hätte mer iwwert dee Wee och erëm Suen zréckkritt bei de Statsbudget. Dat wär méi gescheit gewiescht, wéi esou Saache wéi dat doten anzeféieren. Mä dat si Primen, déi kënne wéinst eis direkt ratzekahl ofgeschaaft ginn, gestrach ginn! A mir sinn der Meenung, wa mer emol de Subsidendschungel géifen duerchkucken, datt där Saachen nach vill derbäi sinn.

Da kommen ech zu deem Deel, dem 19%-Käschtepunkt vum Zentralstat, nämlech der Fonction publique. Ech wëll betounen, datt mir als Fraktioun och absolut fir eng gutt bezuelte Fonction publique sinn, fir gutt bezuelte Beamte sinn. Mir fannen och, datt déi sollen uerdentlech Bedéngungen hunn - well mir brauche se - an datt se ënner uerdentleche Konditioune solle kënne schaffen. An et ass och fir eis selbstverständlech, datt ee muss kënne periodesch kucken, datt een en Accord salarial ofschléisst, a kucken, ob een net déi Leit och deelhuele léisst, loosse mer soen, um gesellschaftleche Räichtum, deen an der Gesellschaft geschafe gëtt.

Mä et ass awer ze soen, datt zënter 2008, mä virun allem och d'lescht Joer awer scho gewosst war, datt déi Entreprise, déi déi Leit do astellt, am Defizit ass; déi mécht de Moment keng Benefisser a keng Iwwerschëss. A wa virdrun hei mam Privatsecteur verglach ginn ass, datt am Privatsecteur e Kollektivvertrag ofgeschloss gi wär vun 1%, vun 2%: Jo, dat sinn effektiv - et huet een hei als Zwëscheruff gesot -, dat sinn awer alles Betriber, déi net an de rouden Zuele sinn. Mä mir sinn an de rouden Zuelen.

Dann hätt ee sech awer vläicht kënnen d'Fro stellen, ob et elo adequat ass, fir zum Beispill eng Punktwäerterhéijung vun 2,2% ze maachen. Mir sinn der Meenung, datt dat net verstänneg ass. An ech hunn dat och iwwregens als éischte Kommentar gesot, wéi am Juli d'lescht Joer deen Accord salarial do bekannt ginn ass.

Ech hunn dat souwisou desastréis fonnt, datt dee verknäppt ginn ass mat der Reform vum Statut, well et huet eigentlech iwwerhaapt näischt domadder ze dinn.

Une voix.- Chantage!

M. François Bausch *(déi gréng)*.- An dat Zweet ass… Jo, ausser, et wollt een eng Operatioun maache vu Chantage, mä eigentlech war et wierklech net gutt, fir dat mateneen ze verbannen.

Dat Zweet ass, mir hu kee Problem mat där Prime unique, déi ausbezuelt gëtt dëst Joer. Mir hätten eis och duerchweegs kënne virstellen, datt een eng Rei qualitativ Saachen hätt kënne maachen an der Fonction publique, sief et am Beräich och vun der Weiderbildung, Kannerbetreiung, och vläicht beim Congé, wie weess. Mä déi 2,2% Gehaltserhéijung, Punktwäerterhéijung, et deet mer leed, dat ass de Moment angesichts der Situatioun, an där mer sinn, net richteg.

Dat versteet och an der Öffentlechkeet kee Mënsch. Effektiv, op där enger Säit wäerte mer de Moment d'Steieren erhéijen a verschidde Sozialleeschtungen erofschrauwen, wat jo och d'öffentlech Beamte betrëfft. An op där anerer Säit gi mer do awer engem Secteur erëm en Deel zréck. Dat ass net gutt. An dat - soen ech lech - kréie mer no baussen och net vermëttelt.

Nach méi verréckt ass et dann, wann ech effektiv de Finanzminister héieren um RTL soen, jo, mir missten den 13. Mount vun de Statsbeamten a Fro stellen. Also, do versteet jo awer nu wierklech iwwerhaapt kee Mënsch méi eppes. Wann ech op där enger Säit en Accord salarial ofschléissen, wou ech ëm 2,2% d'Paien héije ginn,…

(Interruption)

…an da soen ech mëttes um Radio: „Mir mussen awer den 13. Mount a Fro stellen." Mä wat?

Also, mir mussen eis bewosst sinn, wa mer esou weiderfueren an esou Messagë gi wéi dat doten, da brauche mer eis net ze wonneren, wann an der Öffentlechkeet kee Mënsch versteet, firwat mer iwwerhaapt musse spueren oder ob d'Spueren iwwerhaapt berechtegt ass.

Duerfir - mir hunn dat virun zwee Joer gesot, mir soen et och haut -, mir wären der Meenung gewiescht, mir hätten an dëser Legislaturperiod keng prozentual Punktwäerterhéijung solle virhuelen. Mir hätten dem öffentleche Secteur eng Rei aner Saache solle ginn, qualitativer Natur, well dat do ass e falscht Signal. A meng Fraktioun wäert dat och mat grousser Sécherheet an deem Parlament hei net matdroen.

An da kommen ech zu de Renten. Awer vun de Rente wëll ech haaptsächlech schwätzen, net well mer esou der Meenung sinn, datt à ce stade dat direkt eppes ze dinn huet - d'Problematik vun de Renten - mam Spueren oder mat dem Ofbau vum Statsdefizit, mä haaptsächlech, well dat awer e gewëssene Risiko ass, well wa mer bei de Renten net handelen, da kënnt natierlech an der Zukunft eng gréisser zousätzlech Belaaschtung op de Stat duer.

Mir hunn haut schonn eng Fiskaliséierung vun 8%. 8% vun de Rentebäiträg komme jo schonn d'office aus der Statskeess, also vun de Steieren. A wann Der déi Berechnunge kuckt, déi gemaach gi si vum Robert Kieffer, déi Berechnunge bis 2050, a wann Der och kuckt, wat fir eng Parameteren do gesat ginn, wat fir eng Risiken datt do kënnen entstoen: Dat ass, datt et duerchweegs, jee nodeem wann een näischt mécht, de Fall kéint sinn, datt mer 2050, wa mer et net fäerdegbréngen, an der Moyenne 4% Wuesstum ze hu respektiv méi wéi eng Verduebelung vun den Aarbechtsplazen ze kréien, da mat de d'Cotisatioune bei ëm déi 48% misste leien.

Elo kënnt Der Iech virstellen, wat dat fir en Drock wäert ginn op de Statsbudget. Well, mir maachen eis jo näischt vir. Also, Cotisatioune vun 48%, déi deen Eenzelne misst bezuelen oder geschweig och nach d'Betriber, also dann - soen ech Iech -, also dann hu mer souwisou net hei honnert Leit, mä Honnertdausende vu Leit hei virun der Dier stoen, a vun alle Borden, well dat mécht kee mat!

Donc wäert natierlech, wa sech d'Fro vun de Renten net léist, ëmmer méi Drock op de Stat kommen, fir ëmmer méi d'Fuerderungen ze stellen, alt nach méi ze fiskaliséieren. Dat huet natierlech deementspriechend en enormen Impakt op d'öffentlech Finanzen. An an deem Mooss ass et och wichteg, datt een de Renteproblem och hei am Kontext vum Budgetsdefizit gesäit.

Här President, Dir gesitt, am Résumé: Mir als Gréng mengen, et muss ee spueren. A spueren heescht fir eis, engersäits dem Stat méi Moyenë ginn iwwert d'Recettësäit, dat heescht iwwert d'Steieren, awer och spuere beim Stat a bei sengen Ausgabe selwer, fir kënnen ze investéieren. Dat ass déi eenzeg Méiglechkeet, déi mer hunn, fir datt mer an deem schwieregen Ëmfeld, an deem mer haut sinn, an deem schwieregen ekonomeschen Ëmfeld, fir datt Lëtzebuerg sech ka méi breet opstellen, datt mer kënnen effektiv och nach Wuelstand gënnen deenen nächste Generatiounen.

Wa mer dat net maachen, da stieche mer de Kapp an de Sand. Eigentlech si mir der Iwwerzeegung, datt et näischt aneschters ass, wéi ressourceneffizient ze handelen. Hei sinn d'Ressourcen eben déi finanziell Ressourcen. An et ass och duerfir fir eis, an eisem Verständnis eng urtypesch Aufgab. Mir gesinn d'Ressourcen net nëmmen am Sënn vun natierleche Ressourcen, mä eben och vun de Ressourcen, déi e Land, eng Natioun oder e Vollek huet, an déi stinn hei a Fro.

D'Zilsetzung muss sinn - mir liewen haut zu Lëtzebuerg ganz gutt -, fir datt am materielle Wuelstand mer de Leit soen: „Do muss eng Otempaus kënne gemaach ginn. Dir sollt net onbedéngt elo alleguer ewechgeholl kréien, mä et dierf op alle Fall näischt bäikommen, a verschidde Saache musse mer vläicht anescht verdeelen."

80% an eiser Gesellschaft haut zu Lëtzebuerg geet et materiell gutt. Mir hunn awer 20%, deene geet et schlecht. Mir wëssen duerch d'statistesch Erhiewungen, déi mer jo kennen, datt 20% entweder ënnert der Aarmutsgrenz leien oder um Rand vun der Aarmut leien. An duerfir musse mer eis an der Sozialpolitik op déi 20% konzentréieren, a bei de Sozialtransferten an deenen nächste Joren. An déi 80%, fannen ech, solle sech zefriddegi mat deem, wat se haut hunn. Ech mengen, dat ass net ze vill verlaangt. A wa mer dat uerdentlech erklären, ass dat och méiglech, datt d'Leit op dee Wee matginn.

Ech hunn Iech e ganze Koup Piste gesot, déi mir gesinn, wou ee kann usetzen. Ech hätt nach kënnen elo iwwert d'Kannergeld schwätzen. Dat hunn ech schonn aner Kéieren hei gemaach. Mir hunn och e Pabeier erausgi schonn 2008, wou déi Saachen alleguerten drastinn. Dir kënnt se do alleguerten alleguer nach eng Kéier noliesen. Mir schécken och jiddwerengem se gären nach eng Kéier heem, wann e se gär hätt. Mä op alle Fall, et gëtt Zäit, datt mer handelen. Mir hu keng Zäit méi ze verléieren.

Ech soen Iech Merci.

Mme la Présidente.- Merci, Här Bausch. Den nächsten agedroene Riedner wier den Här Gibéryen. Ech hunn awer den Här Biltgen hei,…

(Interruption)

…dee gefrot huet, fir ze intervenéieren, well en net ka bis ganz zum Schluss vum Débat hei sinn.

M. François Biltgen, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Ech muss um siwen Auer fort, well ech en Doktesch-Rendez-vous hunn, deen ech - dat verstitt Der vläicht opgrond vu menger Virgeschicht - net wëll luppe loossen. Ech hunn en op hallwer aacht zréckgesat. Wann ech viru siwen Auer d'Wuert kréien, fir just zwou Minutten eppes ze soen.

(Interruptions)

Jo, mä da schwätzen ech nom Här Gibéryen.

Mme la Présidente.- Här Gibéryen, dann hutt Dir elo d'Wuert, an dann duerno den Här Minister Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*.- Ganz kuerz, just fir e puer Saachen an de Kontext ze stellen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei deenen Diskussiounen, déi déi lescht Deeg a Wochen am Land lafen iwwert d'Statsfinanzen, do mengt een, datt iergendwéi en Ärdbiewe kuerzfristeg hei iwwer Lëtzebuerg ausgebrach wier an datt ee ganz neie Moment agetratt wier, wat d'Statsfinanzen ubelaangt. Op eemol plötzlech géif et eis esou schlecht goen, wéi et deem Land nach ni gaangen ass.

Dat ass awer keen neie Moment, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, dat wësse mer schonn zënter e puer Joer. Dat wousste mer scho bei de leschte Chamberswahlen, wéi mer an d'Wahle gaange sinn, dat wousste mer scho virun de leschte Chamberswahlen, wéi d'Evolutioun vun de Statsfinanze sech wäert an deenen nächste Joren entwéckelen. Dat wousst jiddwereen heibannen, deen et wollt wëssen, zumindest déi Leit an de Finanzkommissiounen, a sécherlech déi Leit an der Regierung woussten dat och.

Mä de Problem war nun emol eben, wéi dat ass bei Wahlen: Et seet net jiddweree gären d'Wourecht virun de Wahlen. Mir haten als ADR de Courage eis geholl an de Leit gesot, wéi et mat de Finanze wier a wéi et an deenen nächste Jore géif goen a wat géif op eis zoukommen.

Mir sinn awer net vum Wieler dowéinst belount ginn. Eng aner Partei - d'CSV -, déi e Premier huet, dee bei de Jesuiten d'Schoul gemaach huet, déi 2.000 Joer Erfahrung an deene Saachen hunn, deen ass - Juncker on tour - duerch d'Land gaangen an deen huet de Leit erklärt, wéi gutt datt et dem Land géif goen - Dank der CSV -, et wier nach vill Geld do an et kéinte vill Cadeaue verdeelt ginn. An du si Cadeaue verdeelt gi virun de Wahlen, an duerfir huet och d'CSV e wonnerbart Resultat kritt, wat beneidenswäert ass, wat ee muss agestoen.

Mä d'Realitéit, déi kënnt iergendwann eng Kéier zum Virschäin, an et ass och deemools direkt no de Chamberswahlen den éischte Coup komm. Dunn ass et nach eemol schlecht gaangen. Et huet missen ofgebaut ginn, e Krisepak gemaach ginn. Mä et war awer erëm eng nei Situatioun: Mir haten d'lescht Joer erëm Gemengerotswahlen. A wat huet misse geschéien? Virun de Gemengerotswahlen ass et erëm plötzlech op eemol ganz gutt gaangen. Et sinn erëm Cadeaue verdeelt ginn. An elo no de Gemengerotswahle geet et erëm plötzlech ganz schlecht.

Une voix.- Hahaha!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Esou fonctionnéiert dat. An elo hu mer… Wa mer d'nächst Joer nach eng Kéier Wahlen hätten, da géife mer déi Episod do nach eng Kéier maachen.

Awer wann ee genau kuckt, Madame Presidentin, wat d'CSV virun de Chamberswahlen a virun de Gemengerotswahlen u Cadeaue verdeelt huet oder u Stëmme kaaft huet mat Cadeauen, an et rechent een dat alles schéin zesummen, da kënnt een am Prinzip genau op déi Milliard, déi eis haut feelt.

(Hilarité)

Dat heescht, mir maachen haut all Joer en Emprunt, fir der CSV hire Wahlsieg nodréiglech ze finanzéieren. D'CSV ass an d'Land erausgaangen an huet geschwat, si hätte grouss Reserven dank der Wäitsiicht vun der Finanzpolitik vum Här Juncker, vum Här Frieden, mat der ganzer CSV geschlossen hannendrun. A well mir ëmmer gesot hunn, et wiere keng Reserven do, a si hu gesot, et wiere Reserven do, mëttlerweil, Här President, no de Wahle gi mer all Joer Sue léinen. Ech weess net ee Mënsch, dee Reserven huet, datt dee Sue léine geet! Et sinn also keng Reserven do gewiescht, mä d'Mäerchen huet awer virun de Chamberswahlen an och erëm virun de Gemengerotswahle geklappt.

D'Situatioun vun de Statsfinanzen ass awer eescht. A mir deelen déi Opfaassung, well mer scho virun de Chamberswahle gesot hunn, datt se eescht war. An et muss ee wëssen, an de Kolleeg François Bausch huet verschidde Punkten ugeschnidden, wat fir eng Risiken nach op eise Statsfinanze leien.

Éischtens, an och dat wëssen nach ëmmer vill Leit net, obschonn ech et e puermol gesot hunn, datt de Stat seng Scholden net zréckbezilt. Mir bezuele kee Kapital zréck, mir bezuele just Zënsen zréck. An alleguer déi - an ech denken och do un eise Statsminister -, déi soen, mir mussen un déi zukünfteg Generatiounen denken, déi denken net un déi zukünfteg Generatiounen, well se haut Empruntë maachen a se bezuele se net zréck.

Mir mussen zum Beispill d'nächst Joer, 2013, zwou Milliarden Emprunten zréckbezuelen, déi mer opgeholl hate fir d'BGL. Déi Sue sinn d'nächst Joer net do, fir zréckzebezuelen, also huele mer en neien Emprunt op, fir deen alen ze refinanzéieren. Deemools ass gesot ginn: „Mir kënnen eventuell déi Aktien da verkafen." Mä mir wëssen, wat de Wäert vun den Aktien haut ass, esou datt mer dat net kënne maachen. Da sinn déi Suen net do, also gi mer zwou Milliarden d'nächst Joer léinen, fir déi ze refinanzéieren.

An dat ass am Fong de Problem vun der Scholdekris, déi mer an Europa hunn. Well net nëmmen de Lëtzebuerger Stat, mä och déi aner State maachen et esou, datt se hiert Kapital net zréckbezuelen. A wann d'Empruntë fälleg ginn, da gi se refinanzéiert. An do si Länner, déi si scho vill méi wäit fort. Mir kommen elo am Fong an der Situatioun vun 2013 un, wou all Joers en Emprunt ofleeft an e muss all Joers refinanzéiert ginn. Aner Länner sinn do schonn an der drëtter, an der véierter Etapp gewiescht. Duerfir sinn déi och do, wou d'Griichen haut sinn.

Et ass also dee gréisste Feeler, datt mer eist Kapital net zréckbezuelen. Privatleit, Entreprisen, Gemengen, wa se Schold maachen, bezuele se hiert Kapital zréck; de Stat bezilt et net.

Deen zweete Punkt ass: D'Finanzplaz wäert net méi déi Benefisser ofwerfen, déi se ofgeworf huet. A mir kommen elo un d'Ofrechne vun dem Finanzsecteur vun deene méi schlechte Joren.

Den drëtte Punkt: den E-Commerce. Mir wëssen - et ass de Mëtteg schonn e puermol gesot ginn -, datt déi 2015 a Kraaft trëtt. Et ass, an dat hunn d'Leit vun dem Enregistrement eis gesot, datt se dervun ausginn, datt bis 2015 d'Recetten um E-Commerce vun dësem Joer 650 bis 2015 op eng Milliard wäerten eropklammen. An dovunner musse mer da 650 Milliounen ausbezuelen. An da '17, '18, dann ass déi Milliard ganz fort. Dat ass also eppes, wat definitiv kënnt.

Mir hunn awer och e Risiko op den Akzisen: Tanktourismus, Tubak, Alkohol. Eng Milliard d'Joer bedeit dat. D'Garantien, déi mer hu misse gi fir de Rettungsschierm: zwou Milliarden, wou elo schonn erëm vun enger Opstockung op eng Billioun geschwat gëtt. Bilateral Prêten, déi mer u Griichenland gemaach hunn, wou mer 140 Millioune geléint hunn. D'Garantien, déi mer vis-à-vis vun de Banken an Entreprisen hunn.

Refinanzéierung vun der Zentralbank - do hätt ech eng Fro un eisen Här Finanzminister, ob en eis déi kéint beäntwerten. Et war beim Budget gesot ginn, et géif e Gesetz kommen iwwer eng Refinanzéierung vun der Zentralbank. Ech weess net, ass dat nach aktuell? A wann, wéini kënnt dat a wat kascht dat?

A mir musse wëssen, datt keng Reservë méi do sinn. An eise Fonge si keng Sue méi do. Mir hunn alles ausginn.

Här President, dat ass am Fong déi Situatioun, déi als Risiko nach op där Finanzsituatioun vun de Statsfinanze läit. Wa mer da kucken, déi Note, déi mer vum Comité de prévision kritt hunn, wat d'Perspektive bis 2015 ubelaangt, da muss ee soen, datt dat äusserst positiv Previsioune sinn.

Wa mer wëssen, datt si zum Beispill soen: 2012 hu mer e Minus vun 0,9% Wuesstum. A wat ech wëll derbäisoen, wann een d'Eurozon kuckt, déi huet 2012 0,3%, mir 0,9% minus. Also, mir si méi schlecht wéi d'Eurozon. 2013 huet d'Eurozon 1,3% plus, a mir hunn e Minus vun 3%, also sinn och méi schlecht.

An dann op eemol verduebelt et sech: Da kritt d'Eurozon 2% Wuesstum, da kréie mir der 4%. An dann 2015 huet d'Eurozon 2,4%, a mir hunn erëm dat Duebelt: 4,8%. Dat heescht, et ass relativ einfach gemaach ginn an där Rechnung hei: '13, '14, '15 hu mir einfach dat Duebelt wéi dat, wat an der Eurozon ass. Et ass eis an der Finanzkommissioun gesot ginn: Wann et schlecht geet, geet et eis méi schlecht, a wann et gutt geet, da geet et eis méi gutt. Mir wënschen der Regierung bonne Chance!

Well wann ee kuckt, Här President, wéi een déi Chifferen an deene leschte Joren ëmmer evaluéiert huet, si hunn ëmmer no ënne gewisen. Ech huelen Iech de Budget 2012, dee mer elo amgaang sinn ze exekutéieren. Bei der Opstellung vum Budget vun 2012 d'lescht Joer am Summer huet de Statec gesot, mir hätten 2012 e Wuesstum vun 2,1%; den 18. Oktober ass et revidéiert ginn: tëschent 1% an 2%; am November d'lescht Joer war et dunn op eemol 1,4% an elo schwätze mer vu minus 0,4% bis minus 0,5%.

Dat heescht, bannent zéng Méint - kann ee soen - ass aus engem Plus vun 2,1 op eemol elo e Minus vun 0,4 bis 0,5 ginn. Awer trotz dësen äusserst positive Previsiounen, déi d'Regierung oder de Comité de prévision hei huet, wësse mer, datt mer dann trotz deene positive Previsioune bis 2015 däerften en Defizit vu minus 3,1% kréien, datt mer d'Maastricht-Kritären net méi erfëllen, datt mer all Joers mussen en Emprunt maache bis 1,5 Milliounen an datt mer dann och de Risiko aginn, datt d'nächst Joer kéint eventuell souguer eng Defizitprozedur vun der Europäescher Unioun vis-à-vis vun eis ulafen, wa mer näischt géifen änneren, an datt domadder dann och de Risiko grouss wier, datt mer den Triple-A géife verléieren.

De Chômage geet an därselwechter Zäit op 8% erop. An eis Scholden, déi klamme vun haut 9 Milliarden op 12,5 Milliarden, oder vun 20% op 25% vum PIB. Virun engem Joer hu mer heibannen nach diskutéiert a mir waren eis souguer, mengen ech, eens, datt e Land wéi Lëtzebuerg net däerf un déi 60% kommen, mä datt mer misste kucken, fir ënnert deenen 30% ze bleiwen. Wa mer an dësem Rhythmus virufueren, da si mer, geschwënn zumindest, iwwert deenen 30%, déi mer eis gesat hunn.

An och d'Zënselaascht geet automatesch mat där Schold an d'Luucht. 2011 hu mer 214 Milliounen Zënsen, an 2015 hu mer schonn 336 Milliounen Zënsen ze bezuelen.

Madame Presidentin, wat muss geschéien, fir datt et awer, wann ee wëllt politesch agéieren, eng Akzeptanz beim Bierger gëtt, fir datt e bereet ass, och iergendwéi Sacrificer ze bréngen? Dat Éischt ass emol Transparenz, an dat Zweet ass: un der Transparenz hänkt d'Wourecht.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Dat Éischt, wat een am Fong misst als Wieler verlaangen, dat ass: D'CSV misst am Fong higoen an zu de Leit soen: „Hei, mir kënnen Iech et jo elo soen, wann Der et nach net gemierkt hutt: Mir haten Iech virun de Wahle belunn. Dir hutt eis gutt gewielt duerfir, mä mir wollten Iech awer elo soen: Et ass net esou gewiescht. Mir hu keng Reserven. D'Finanzsituatioun ass net gutt. D'Finanzsituatioun ass schlecht. Mir haten Iech just belunn, fir datt Der eis sollt stëmmen, mä mir mussen Iech et awer elo soen." Dat wier dat Alleréischt. Wa se fair wieren, géife se dat soen.

Dat Zweet ass, datt de Stat misst selwer spueren. Et gëtt heibanne scho jorelaang iwwer d'Spuere geschwat, mä novollzéibar kann een dach net soen oder beweisen, wou de Stat da gespuert huet.

En zweete Punkt ass eng Prioritéit bei den Investitiounen, wou bei eis d'Prioritéit läit a Schoulen, Logement, öffentlechen Transport, Fuerschung, Kläranlagen. Ass et net traureg, datt mer eng Direktiv vun 1992 nach net ëmgesat hunn an elo de Risiko lafen, datt mer mussen eng Strof bezuelen, well mer déi Direktiv net ëmgesat hunn, well eis Kläranlagen net esou sinn, wéi se misste sinn, wou mer mussen e puer Milliounen Euro Strof bezuelen, an da pro Dag bis vläicht 10.000 Euro Strof musse bezuelen!

Mir haten 20 Joer Zäit, fir dat ze maachen. Mir hunn an deenen 20 Joer e Pei-Musée gebaut, dee kee brauch, mir hunn e Festungsmusée gebaut, awer d'Kläranlagen, déi mer hätte misse bauen, déi hu mer net gebaut.

An da muss et awer och Projete ginn, Madame Presidentin - oder Här President -, déi ee muss kënnen zäitlech verréckelen. An et muss Projete ginn, déi einfach musse gestrach ginn.

Ënnert deene Projeten, déi einfach musse gestrach ginn, Här President, ass zum Beispill den Tram. Kee Mënsch versteet am Land, datt mer an dësen Zäiten nach Gelder ausginn, fir en Tram ze bauen. Duerfir gi mer Iech och eng Motioun, datt d'Chamber dat haut kann direkt décidéieren, fir datt dat ee fir alle Mol vum Dësch ass.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- le déficit courant du budget de l'administration centrale et les perspectives négatives annoncées par le Gouvernement;

- que l'État doit procéder à des emprunts importants pour couvrir les dépenses courantes et les investissements;

- qu'il y a lieu de fixer des priorités pour les investissements;

invite le Gouvernement

- à renoncer au projet du tram léger;

- à stopper immédiatement toutes les études liées à ce projet.

(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombera, Jacques-Yves Henckes, Fernand Kartheiser, Serge Urbany.

Dann, Här President, brauche mer eng sozial Selektivitéit. Eng sozial Selektivitéit: Mir wëssen - an de Kolleeg Bausch huet et och schonn ugeschnidden -, mir hu 14,5% vun de Leit, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen. A wa mer da kucken, déi Leit, déi liicht driwwer leien, da leie mer bei 20%! Dat heescht, wa mer iwwer Spuere schwätzen, dann däerfen et déi Leit net

sinn. Et däerfen och net déi Leit mat de klenge Revenuë sinn. Et däerfen och net déi Leit mat de klenge Pensioune sinn. Dat heescht, wa mer iwwer sozial Selektivitéit schwätzen, da musse mer d'Geld dohinner siche goe bei déi, déi méi verdéngen, awer déi kleng Revenuë musse geschount ginn.

Mir hunn als ADR zum Beispill d'Konzept proposéiert, fir all d'Familljenzoulagen, sief et d'Chèques-services, d'Kannergeld ze gruppéieren a se global un all Famill auszebezuelen a se dann enger Steier ze ënnerwerfen, fir iwwert dee Wee e soziale Kritär eranzekréien. Ech ginn net méi déif op déi Propositioun an, ech wollt just de Prinzip hei nach eng Kéier soen.

Ech kommen dann, Här President, zum Accord salarial an der Fonction publique. De 5. Mee 2011 huet heibannen op dëser Plaz den Här Statsminister gesot, d'Regierung wier der Meenung, vu d'Finanzsituatioun vum Stat, datt an dëser Legislaturperiod bis 2014 an der Fonction publique misst eng Nullronn gefouert ginn. „Mä", sot en, „ech hätt och gären d'Meenung vun de Parteien heibannen." A vu datt den Här Juncker jo am Numm vun der CSV an der LSAP geschwat huet, hunn déi sech net brauchen ze äusseren. Mä souwuel d'DP wéi déi gréng a mir hunn de 6. Mee heibannen an der Chamber gesot, mir wieren och der Meenung, et misst eng Nullronn ginn esou laang, wéi et Defizit beim Statsbudget gëtt.

Dat war eng eemoleg Situatioun, géif ech mengen, datt an engem Parlament bei Lounverhandlunge fir d'Fonction publique praktesch d'ganzt Parlament zu der Regierung seet: „Hei, mir hätte gären, et gëtt eng Nullronn." Esou hat eng Regierung nach ni de Réck gestäipt, wéi se en deemools hei vum Parlament gestäipt kritt huet! An trotzdeem d'Parlament dat décidéiert huet, geet d'Regierung hin a si mécht d'lescht Joer - also net d'lescht Joer, dach d'lescht Joer - kuerz virun de Gemengerotswahlen - wéi den Zoufall et wëll, de 15. Juli -, si schléisst do en Accord salarial of, wéi gesot, plus 2,2% d'nächst Joer a plus déi Prime vun 0,9% eemoleg.

Et kann ee sech d'Fro stellen, Här President, ob d'Regierung iwwerhaapt e Mandat hat, fir esou eppes ze verhandelen. Wann e Parlament praktesch eestëmmeg seet, no der Propositioun vum Statsminister an no der Fro vum Statsminister: „Wéi solle mer et maachen?", wann d'ganzt Parlament seet: „Eng Nullronn!", hat d'Regierung dann iwwerhaapt e Mandat, fir en Accord salarial wéi deen doten ze négociéieren an zouzeschloen?

An da muss ee sech d'Fro stellen, wann de Minister haut de Mëtteg heihinner kënnt, an d'Regierung seet, mir hätten emol gäre Propositioune vun Iech: All Partei huet bis elo Propositioune gemaach; mat Ausnahm vun der CSV, déi eng Stonn geschwat huet an näischt gesot huet, hunn all déi aner Parteie Propositiounen heibanne gemaach, mä wat ass de Wäert da vu Propositiounen hei am Parlament? Wat ass de Wäert, wann hei d'Parlament sech eestëmmeg äussert zu engem prezise Punkt an d'Regierung geet hin a si mécht awer, wat se wëllt?

Wa mer wëssen, datt mer elo higinn, datt mer Sue léine ginn, fir d'Gehälter opzebesseren! A mir maachen dat net nëmmen ee Joer, well déi Gehälteraugmentatioun, déi ass jo permanent. Dat heescht, mir ginn all déi Joren hannendrun, all Joers gi mer Sue léinen, fir d'Gehälter ze augmentéieren! Schwätzt emol mat de Fonctionnairen. Mengt Dir, e Fonctionnaire wier frou, wann e gewuer gëtt, ech kréien elo bäigesat, mä ech ginn elo Sue léinen a meng Kanner, déi mussen an zéng oder 20 Joer déi Augmentatioun, déi ech haut kréien, da mussen déi déi Augmentatioun zréckbezuelen. Net méi an net manner maache mer hei am Ableck!

Wann ech dann hei héieren, datt den Här Spautz hei, deen huet dat méi nuancéiert e bëssen a Fro gestallt. Den Här Lux war nach besser an där doter Fro: Hie war am Ufank gutt, mä zum Schluss, wéi en du gesot huet, e géif en Appell un d'CGFP maachen, quasi datt se géif fräiwëlleg drop verzichten. Dat heescht, herno wäert d'LSAP eraus an d'Land goen a soen: „Mir hunn et gestëmmt, mä d'CGFP hätt awer kënnen drop verzichten, mä déi huet net drop verzicht, also si mir net déi Schlëmm, si sinn déi Schlëmm, well se et geholl hunn." Also, esou geet et awer och net!

(Hilarité)

An dann hu mer…

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Ech hu gesot: reportéieren.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, reportéieren. Dat ass awer bal datselwecht.

M. Lucien Lux *(LSAP).*- Neen, dat ass net datselwecht!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- An dann, mengen ech, huet den Här Lux och hei zouginn - an dat ass jo och scho vum Här Juncker um CSV-Kongress gesot ginn -, datt et déi Augmentatioun do nëmme gëtt, nëmme gëtt, wa se op där anerer Säit d'Reform an der Administratioun akzeptéieren. Dat ass dee rengste Chantage! Et ass de Beweis vun der Politik Juncker. Deen ass, zënter datt e Statsminister ass, nëmme mam Scheckheft duerch d'Land gaangen. Deen huet nëmmen ausgedeelt a verdeelt. Jiddwereen, deen e bësse gejaut huet, do ass d'Scheckheft erausgeholl ginn an dann ass bezuelt ginn. An haut ass dat heiten d'Resultat!

An dat hei ass erëm de Beweis, datt deen Accord do kaaft ginn ass! Entweder hätt déi Reform misse kommen, dann huet eng Regierung se ze maachen. An et kann een net e Chantage maachen, Erpressung maachen. Et kann ee scho bal soen, et ass Korruptioun, dat doten! Wann ech soen: „Dir kritt dat doten nëmmen, wann Der mir esou vill gitt"! An dat gëtt et dach net; dat gëtt et just hei zu Lëtzebuerg bei eiser Regierung!

Dann, Här President, ass eis an der leschter Woch erëm gesot ginn, datt mer déi éischt zwee Méint dëst Joer an de Statsrecetten 8% manner kritt hätte wéi d'lescht Joer. Dat gleewe mer. Mä et muss een et awer och an d'Relatioun setzen. D'lescht Joer hu mer awer och an deenen zwee éischte Méint ee Betrib ofgerechent, an deen huet dunn exceptionnel réckwierkend ofgerechent 140 Millioune Recetten an deenen zwee éischte Méint an d'Statskeess erabruecht. Dat war natierlech dunn eng gutt Saach. Dunn hate mer virun de Gemengerotswahlen op een Zack erëm gesond Gemengefinanzen! Mir konnten een Accord salarial aushandelen. An elo, dëst Joer, kommen déi Suen net. Dat war eng eemoleg Recette, déi mer d'lescht Joer kruten. Duerfir kann een déi zwee éischt Méint vun dësem Joer mat deenen zwee éischte Méint vum leschte Joer net einfach esou vergläichen.

Dann, Här President, steet am Dokument, datt 1.100 Aarbechtsplazen am gesamte Secteur public geschaaft ginn: 300 direkt beim Stat an déi aner an deem, wat ronderëm un dem Stat drunhänkt. Ech mengen, wa mer vu Spuere schwätzen, dann ass dat doten och e Punkt, wou ee wierklech muss kucken, wann et engem Stat esou schlecht geet, ob een net och emol kéint bei engem Stat, deen iwwer 20.000 Beschäftegter huet, wann ee géif eng richteg Reform maachen, op där enger oder där anerer Plaz Leit aspueren, amplaz datt ee systematesch einfach 300 Leit pro Joer weider astellt oder 1.100 am ganzen öffentleche Secteur.

Bei de Steiere wëll ech just soen, datt mir net domat d'accord sinn, datt d'indirekt Steieren, dat heescht d'TVA soll gehéicht ginn. Ech mengen, d'Kolleege vun de Sozialisten hunn dat och gesot. Mä insgesamt, wa mer gären, Här President - an dat ass da mäi Schlusswuert, well ech dem Kolleeg Henckes och nach wëll zéng Minutte loossen -, mä insgesamt, wa mer gären hätten, datt d'Leit eng Akzeptanz hunn, fir iergendwéi Sacrificer ze bréngen, da gëtt et zwou Bedéngungen. D'Leit sinn nëmme bereet, Steiere weider ze bezuelen oder soss ee Sacrifice ze bréngen, wa se mierken, datt d'Regierung och gewëssenhaft mat hire Steieren ëmgeet. Wann d'Regierung weider higeet a se geheit d'Gelder zur Fënster eraus, wéi dat an deene leschte Jorzéngten de Fall war, akzeptéieren d'Leit dat doten net!

An d'Leit sinn och nëmme bereet, Sacrificer ze bréngen, wa mer Investitioune maachen, déi all Mënsch fir nëtzlech a sënnvoll hält an déi eng absolut Prioritéit hunn. Ech soen nach eng Kéier d'Stéchwuert Tram. Een, deen haut nach iwwert den Tram schwätzt, kann net erwaarden, datt d'Leit dobausse soen: „Mir bezuele gäre méi Steieren." Dat maachen d'Leit net mat!

Et muss een einfach de Leit d'Wourecht soen an et muss een och de Beweis bréngen, datt et dem Stat schlecht geet. An da kann een och kee Gehälteraccord an der Fonction publique ofschléissen. Mir wäerten och als ADR, wann esou ee Gehälteraccord hei an d'Chamber kënnt, géint esou een Accord stëmmen.

Mä et ass net nëmmen d'Politik, déi déi Roll do muss spillen. Ech soen och hei: Leit aus gewësse Wirtschaftskreesser, déi sech onverständlech Zommen u Gelder, u Bonussen, u Gehälter, u Pensiounen, un Zousazpensiounen an esou weider verdeelen, wann déi Leit op d'Tribün ginn, an d'Öffentlechkeet ginn, op d'Televisioun ginn an déi Leit schwätzen do, datt de Mindestloun net däerf gehéicht ginn, datt d'Pensiounen ze héich wieren, déi wäerten dach net mengen, datt een dann am Vollek eng Akzeptanz fënnt, fir op esou ee Wee ze goen!

Ech fuerderen alleguer déi Leit op, an der Politik oder dobaussen, ier se iwwer eng Kierzung vum Mindestloun oder vun de Pensioune schwätzen, solle se higoen a soen: Ech verdéngen am Joer esou vill. A si sollen näischt vergiessen! Si sollen näischt vergiessen a si solle wierklech alles soen, wat se am Joer erakréien a sollen och soen, wat se herno als Pensioun kréien, a se sollen och nach soen, wat se als Zousazpensioun kréien. A wa se der Natioun dat erkläert hunn, da solle se iwwert d'Kierzung vun de klenge Pensiounen a klenge Léin schwätzen, da versteet all Mënsch am Land se!

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Gibéryen. Elo kritt d'Wuert den Här Minister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Merci, Här President. Merci, dass ech d'Wuert ka kréien. Entschëllegt mech, dass ech net ka bis zum Schluss bleiwen, soss hätt ech et zum Schluss gesot. Ech wäert och net laang schwätzen, just e puer Saachen och zäitlech an de Kontext stellen.

Et ass virdrun esou duerchgeklongen - mat engem Zwëscheruff vum Här Gibéryen, och bei engem Communiqué vun der UEL, deen ech gelies hunn -, muer géif e Gehälteraccord mat der CGFP ënnerschriwwe ginn. Dat ass falsch! Dee Gehälteraccord, deen ass den 11., de 15. Juli 2011 ënnerschriwwe ginn. Ech wëll en och nach eng Kéier a säi Kontext setzen. E Gehälteraccord, dee muss een an enger ganzer Legislaturperiod gesinn. Dat ass déi eenzeg Gehälteraugmentatioun bei de Statsbeamten, déi ënnerschriwwe gouf - déi 2,2%, déi d'nächst Joer sollen a Kraaft trieden - an deene fënnef Joer, soss ass keng Gehälteraugmentatioun a Kraaft getrueden. Dräi Joer ass näischt geschitt.

Eng Parallell, déi deemools gezu gouf, dat war déi par rapport zum Bankesecteur, deen nu wierklech dee war, deen an der Krisentourmente stoung a wou och e Kollektivvertrag koum, wou effektiv fir 2011 näischt dra war, fir 2012 wéineg a fir 2013 effektiv eng allgemeng Augmentatioun. Et ass also e Parallelismus do gewiescht.

Deen Accord ass ënnerschriwwen. Deen Accord, dee war net um Litige. Ech kommen nach eng Kéier op déi Litigeprozedur zréck, well dat ass dat, wat muer gekuckt gëtt virum Conciliateur. An do gëtt et e Prinzip, deen och an der Jurisprudenz zréckbehale gouf: de Prinzip „pacta sunt servanda". Iwwregens huet eng Partei eng Kéier 1999 mat just deem dote Prinzip d'Wahle gewonnen, well deemools d'Regierung géint den Accord vun der CGFP a géint eppes, wat an engem Gehälteraccord stoung, eng Pensiounsreform duerchgefouert huet, an dat ass och vun der Jurisprudenz esou bestätegt ginn. Et muss een einfach wëssen, dass een un en Accord als Regierung gebonnen ass. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass... Dat ass dat eent, an dat anert ass dat, wat d'Chamber stëmmt. Ech wëll just soen, dass d'Regierung net einfach kann en Accord unilatéralement dénoncéieren, an ech hunn en nach eng Kéier a säi Kontext vum 15. Juli 2011 gestallt.

Dat Zweet ass, wat mer muer ënnerschreiwen, dat ass...

M. le Président.- Här Minister, erlaabt Der, datt den Här Bausch Iech eng Fro stellt?

M. François Biltgen, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Ech erlaben alles.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Ech muss soen, emol onofhängeg vum Contenu, mä eleng vun der Form hier, wat den Här Minister eis amgaang ass hei ze erklären, wann dat esou wär, wéi hien dat seet - also dat huet guer näischt mam Fong ze dinn, mam Contenu ze dinn -, firwat kënnt dann iwwerhaapt iwwer e Gesetz dat Ganzt hei an d'Parlament?

M. François Biltgen, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Well...

M. François Bausch *(déi gréng).*- Solle mir dann doheem bleiwen deen Dag, wou dat hei...? Well et ass jo souwisou egal, well et ka jo näischt méi da geännert ginn, oder wéi?

M. François Biltgen, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Well et.....

Une voix.- Firwat ass d'Parlament net virdru gefrot ginn?

M. François Biltgen, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Well, nach eng Kéier...

M. François Bausch *(déi gréng).*- Jo, eng prezis Äntwert.

M. François Biltgen, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Well et traditionell aneschters an dem Régime statutaire ass wéi et am Régime de droit privé ass. Am Régime de droit privé gëtt et Konventiounen, am Régime statutaire ass et e Gesetz. Et ass nëmmen de Gesetzgeber, deen effektiv eppes kann ënnerhuelen.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Jo, a wie mécht dann...

M. François Biltgen, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- De Gesetzgeber huet... Et ass d'Chamber, déi d'Gesetz stëmmt, an et ass d'Regierung, déi d'Chamber mat engem Gesetzesprojet befaasst.

1999 huet d'Chamber, dat war déi deemoleg CSV/LSAP-Majoritéit, eng Pensiounsreform gestëmmt. Duerno ass d'Regierung virum Geriicht vun der CGFP ugesicht ginn a condamnéiert ginn, well se géint en Accord mat der CGFP verstouss hat. Et muss een dat einfach och juristesch eng Kéier esou gesinn, wéi et och juristesch ass. Et ass d'Regierung, déi ugesicht ginn ass, an net d'Chamber, déi ugesicht ginn ass! D'Chamber ass souverän. Mä d'Regierung huet en Accord mat der CGFP och deemools, dat war scho viru laangen Zäite virdrun, ofgeschloss gehat, an dat ass an enger Jurisprudenz vum Geriicht esou festgehale ginn.

M. le Président.- Här Bausch, wann ech gelift.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Här Minister, da muss ech Iech soen, dann huet den Här Gibéryen jo honnertprozenteg recht, well am Fong dierft d'Regierung jo nëmmen eppes maachen, fir dat se och hei eng Majoritéit kritt respektiv fir dat se sech hei en Accord gefrot huet an esou engem Fall. An effektiv, zwee Méint ier den Accord ënnerschriwwe ginn ass, huet de Premierminister hei d'Chamber gefrot, wat d'Meenung dozou wär, an Dir hutt eng Propos gemaach am Numm vun der Regierung. An d'Chamber huet..., jiddwereen huet gesot, datt e mat där Propos averstane wär. An zwee Méint duerno féiert d'Regierung géint d'Mandat, wat se hat vun der Chamber, eppes aneschters aus!

Une voix.- 14 Méint duerno.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Dat heescht, am Fong misste mer dann Är Demissioun verlaangen, oder wéi solle mer dat maachen?

M. François Biltgen, *Ministre de la Fonction Publique et de la Réforme administrative.*- Wann Dir meng Demissioun verlaangt, da muss ech meng Demissioun ginn. Dat ass kloer! Ech si gewinnt, ëmmer meng Verantwortung ze iwwerhuelen a mengem Liewen. Also, ech kliewen net u mengem Stull, dass dat ganz kloer heibannen ass! Ech maache meng Aufgab als Minister, ech maache se zum Wuel vum Land. Wann d'Chamber meng Demissioun verlaangt, da wäert ech meng Demissioun huelen. Esou einfach ass dat!

Da muss een deen aneren Accord gesinn, well dat, wat mer muer diskutéieren, muer décidéieren, ofschléissen, dat ass d'Gehälterreform, eng Gehälterreform, wou mer och de 15. Juli en Accord hate mat der CGFP. Et war och d'CGFP, déi gesot huet, si wéilt déi zwou Saachen zesumme gesinn. Woufir? Ma well d'Gehälterreform, iwwert déi hei kee richteg geschwat huet, well dat eng aschneidend Reform ass an dem Statut vun der Fonction publique, déi och vun aneren dobausse ganz kräfteg dowéinst contestéiert gëtt, well se grouss nei Prinzipië bréngt fir d'Fonction publique, nämlech déi vun der Gestion par objectifs, déi vun engem objektiven Appréciatiounssystem, déi vun enger Procédure d'incapacité professionnelle. Déi - dat war net hiren éischten Zweck -, mä déi awer par ailleurs massiv Aspuerungen och fir de Stat bréngt! An dofir bleift d'Regierung conforme zu deem Engagement, dat se gemaach huet an der Regierungserklärung, fir ze soen, all Gehälterpolitik muss käschtenneutral sinn.

D'CGFP huet, nodeems mer d'Avant-projete public gemaach hunn, behaapt, mir hätte verschidde Saachen net respektéiert, wéi se ofgemaach waren, an huet dofir de Conciliateur befaasst. Mir hunn eis oft gesinn an do hu mer just geschwat iwwer effektiv d'Gehälterstrukturreform. Mir hunn eis oft gesinn dann op deene fënnef Punkten, déi d'CGFP monéiert hat, dat waren, ech fänken hannen un, beim fënnefte Punkt un, dat war de Statut vun den héijere Beamten, wou mer eng nei Prozedur gesinn, fir en héije Beamten ofzeléisen; dat war d'Gestion par objectifs an d'Mitarbeitergespräche; dat war den Appréciatiounssystem; dat war de Contenu am allerleschten Detail vum Stage, an dat war d'Fro: Wat geschitt, wann een nom Stage, wou ee jo 80%, 90% nëmme verdéngt - wat eng massiv Aspuerung an Zukunft fir de Stat ass, iwwert d'Joren eraus ëmmer méi erabréngt -, wat geschitt duerno, wann een ufänkt, op wat fir engem Échelon gëtt een aklasséiert, wann ee beim Stat ufänkt? Dat ware

méi komplizéiert Diskussiounen, mä déi hu mer, déi fënnef Punkten, ofgeschloss.

An där Gehälterstrukturreform stinn aner Saachen dran. Zum Beispill war d'CGFP do bereet, op e Prinzip ze verzichten, deen ënner enger Regierung mat DP-Fonction-publiques-Minister agefouert gouf - wéi den Här Meisch gesot huet, während där wär et der Fonction publique am beschte gaangen -, nämlech, dass d'Biennalen als Annalen ausbezuelt ginn. Do war d'CGFP bereet an där doter Reform, dorobber ze verzichten. Och dat bréngt schonn am éischte Joer bal zéng Milliounen Aspuernisser fir de Stat, ouni dass e Beamten dobäi eppes verléiert. Mä doduerch, dass d'Biennalen als Biennalen ausbezuelt ginn, net méi als Annalen, ass awer en Aspuernis fir de Stat do dran.

Do wëll ech just déi zwou Saachen an de Kontext bréngen: Natierlech sinn et zwee verschidden Akten, an natierlech si se matenee liéiert. Ech wär och frou gewiescht, wann hei gesot gi wär vun de Parteien, déi géint de Gehälteraccord sinn, ob se da fir d'Gehälterreform sinn oder ob se och géint d'Gehälterreform sinn. Mä déi Diskussioun, déi wäerte mer jo nach duerno kréien.

Ech wollt just zäitlech kloerstellen: Dat eent war de 15. Juli, dat anert och. Bei der Ëmsetzung vun deem anere Volet huet d'CGFP Problemer gehat, huet dofir de Conciliateur ugesicht, a wéi d'Regierung... Dat ass iwwregens eng Streikprozedur, wou d'Regierung schlecht berode gewiescht wär, wa se sech net do mat der CGFP un en Dësch gesat hätt! Mir hunn do en Accord fonnt, an deen Accord soll muer de Moien ënnerschriwwe ginn, net méi an net manner!

M. le Président.- Merci dem Här Minister François Biltgen, an elo kritt d'Wuert den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei all menger Virléift, fir d'Regierung ze kritiséieren, wëll ech awer virun allem emol soen: Mir sinn hei an engem europäeschen Débat. Mir diskutéieren hei iwwer eng europäesch Spuerpolitik, iwwer eng europäesch Austeritéitspolitik, déi zu Bréissel beschloss ginn ass vun de Regierungen. Opgrond vun deem Débat hei mécht d'Regierung Propositiounen op Bréissel an huet do och net allze vill Spillraum an deene Propositiounen.

A wann a ganz Europa zum selwechten Zäitpunkt politesch Programmer musse virgeluecht ginn, déi an déiselwecht Richtung musse goen alleguerten, da si mer an enger neier Realitéit, an enger neier politescher Realitéit, dann hu mer eng nei staatlech Struktur an Europa, mir hunn eigentlech e budgetäre Federalismus, an deem mer hei no ganz enke Kritären, déi menger Meenung no falsch sinn, handelen.

Domat stellt sech och eng demokratesch Fro. Et stellt sech d'Fro, dass déi sougenannt „gouvernance économique européenne", dass déi eigentlech eng Regierungsstruktur ass, déi duerch Accorden um Sommet geschafe ginn ass an déi de gewielte Parlamenter a wesentleche Punkte politesch Pouvoiren entzitt, ouni dass duerfir awer op europäeschem Plang nei Géigegewiichter, nei demokratesch Géigegewiichter géife geschafe ginn.

An deen neie budgetäre Federalismus huet net zum Zil, deen allgemenge Wuelstand vun de Leit alleguer ze hiewen, soss misste ganz aner Saache kommen, soss misst en europäesche Budget kommen, dee säin Numm wäert wier, amplaz dass den europäesche Budget 1% vum geschafene Räichtum an Europa bedréit, soss misst eng europäesch Steierpolitik kommen, déi harmoniséiert wier. Dat ass alles net de Fall!

Mir setzen eleng mat deene Moossnamen, déi um europäesche Plang geholl gi sinn, op eng onverfälschte fräi Konkurrenz. An d'Konkurrenz ass awer eng Maschinn, déi Ongläichheeten a Krise produzéiert, besonnesch wann et esou ass wéi elo, dass de Finanzkapitalismus d'Realwirtschaft am Grëff huet.

Ech wëll e puer Zuelen hei zitéieren, déi betreffen net Lëtzebuerg, déi betreffen d'Weltwirtschaft. Wann 2010 de Wäert vun alle Gidder an Déngschtleeschtungen, déi op der Welt produzéiert ginn, bei 65 Billioune läit - eng Billioun sinn 1.000 Milliarden Euro! -, wann also de Volume vun all deene Wäerter, déi an enger Gesellschaft geschafe ginn, bei 65 Billioune läit, de Volume awer vun den Aktien a vun den Obligatiounen, déi weltwäit gehandelt ginn, bei 87 Billioune läit, dat heescht ëm 40% méi héich, dann dréckt eleng déi Zuel aus, wiem an der Gesellschaft de Räichtum gehéiert a wiem och déi entspriechend Muecht gehéiert.

An dann hunn ech emol nach guer net vum Casino-Kapitalismus geschwat. Finanzderivater: 601 Billioune sinn do gehandelt ginn am selwechten Zäitraum. Devisegeschäfter: 955 Billiounen, dat heescht 15-mol esou vill wéi déi real Wirtschaft eigentlech hiergëtt! Et gëtt hei vu Bonusse geschwat vun e puer Manager; vun deenen Zuelen do gëtt net geschwat! Schwätzt hei ee vu Brems? Wëllt hei een eng Brems aleeën, wou mer jo genee wëssen, wat déi Zuelen do 2008 an 2011 bedeit hunn, och fir d'Statsbudgete bedeit hunn, déi d'Scholde vun deenen Zocker do mat hu missen droen! D'Halschent vun eiser Statsschold kënnt aus deenen dote Finanzéierunge vun der Finanzindustrie duerch d'staatlech Budgeten hier. Schwätzt do ee vun neier Dépensëkultur?

Duerfir fannen ech et wierklech moralesch scho verwerflech, hei esou eng Debatt ze féieren. Ech wëll dat emol hei soen an ech stelle fest, dass ech do deen Eenzege sinn; alleguerten d'Parteie sinn der Meenung, an déi Richtung do matzezéien. Ech mengen, dass et awer eng Richtung ass, déi bedeit, dass déi Räich manner Steieren an Zukunft wäerte bezuelen, déi bedeit, dass ëmmer manner staatlech Mëttele wäerten do sinn, fir Investitiounen ze maachen an d'Wirtschaft, fir Interventiounen och ze maachen an en harmoneschen ekonomeschen Développement, wou d'Leit alleguerten eppes dervun hätten.

Dat, wat mer hei beschléissen, leeft och dorop eraus, den Undeel vum Stat, dat heescht d'Statsquot um geschafene Räichtum erofzesetzen. E Phenomeen, dee schonn eng Zäit amgaang ass, dee mer heimat nach verstäerken! A mir refuséieren, Här Minister, hei nach zu deene Spuералternativen, déi vun Iech an der Press jo scho virgestallt gi sinn, déi alleguerten, oder déi meescht dervun, um Bockel vun deenen normale Leit solle geholl ginn, déi Suen - Leit, déi d'Kris net verursaacht hunn, déi d'Opfer si vun där Kris -, mir refuséieren, hei nei Virschléi nach ze maachen, fir do derbäi nach aner Spuermoossnamen ze proposéieren.

Mir proposéieren hei keng Spuermoossnamen a mir sinn dergéint, an déi dote Richtung ze goen, well mer mengen, dass d'Politik..., net well mer mengen, dass net och beim Stat kéint gespuert ginn, mä well mer mengen, dass deen Débat hei an engem ganz negativen Zesummenhang steet, dee vill mat der Politik och an Europa ze dinn huet, wou awer d'Lëtzebuerger Regierung net innocent ass derbäi, déi do matgedroen huet, an déi Richtung do ze goen.

An déi Politik an Europa muss eiser Meenung no wesentlech geännert ginn, an zwar an dräi Richtungen. Et ass ze vill Geld an deene falschen Hänn, dat heescht, et muss eng Ëmverdeelung kommen. Dat bedeit eng Erhéijung vum Spëtzesteiersaz, dat bedeit eng effektiv Besteierung vun de Betribsgewënner oder anere Revenuë vun der Proprietéit, zum Beispill duerch eng Tax op der Propriété financière, déi awer elo erëm an der Versenkung verschwonnen ass. Mat deene Mëttele sollte virrangeg déi öffentlech Sozialsystemer geséchert an ausgebaut ginn, zum Beispill och ausgedehnt ginn op Situatioune vu längerer Erwerbslosegkeet.

Et sollt een och d'Aarbechtszäit anescht gestalten. Et sollt een d'Aarbechtszäit reduzéieren amplaz se an d'Luucht ze setzen duerch déi Rentereform, déi mer amgaang sinn ze maachen, fir domat och méi Leit an d'Aarbecht eranzekréien, andeems och d'Aarbecht anescht opgedeelt gëtt op d'Leit an der Gesellschaft.

Zweetens menge mer, dass mer ze wéineg Mëttelen hunn, fir eng demokratesch, dat heescht öffentlech Wirtschaftspolitik ze gestalten. Mir hunn dat dës Woch erëm bei der Debatt iwwert d'Stolindustrie gesinn. An alle Resolutioune stoung dra vun enger Investitiounsan Industriepolitik, déi misst gemaach ginn. Duerfir brauch een awer Mëttelen, et brauch ee gesetzlech Mëttelen, et brauch ee finanziell Mëttelen, et brauch een och Investitiounen. Grad bei den Investitiounen, hu mer awer héieren, sollen 100 Millioune gestrach ginn. Dat ass dach e Paradox! Engersäits bedauere mer, dass d'Sidérurgie zréckgeet, well d'Baubranche zréckgeet, an op där anerer Säit spuere mer grad bei der Baubranche an.

Ech mengen och, drëttens, dass muss an eng regional Richtung iwwerluecht ginn, fir d'Ekonomie anescht ze gestalten, fir net nëmmen op fräier Konkurrenz opzebauen, mä fir och, do wou eng Kollaboratiouan an eng Kooperatiouan kann eppes bréngen, dat och ze maachen. Duerfir brauch een och staark staatlech Acteuren, an ech wëll do hiweisen op d'Diskussioun, déi mer och haten dës Woch, an der Aviatioun.

Dat sinn, Här President, a ganz kuerzer Zäit déi Iddien. Ech wëll awer drun erënneren, dass déi Debatt elo scho fënnef Stonnen amgaang ass; ech kommen elo mat fënnef an eng hallef oder sechs an eng hallef Minutten zimlech zum Schluss do drun, méi Zäit hunn ech elo net, fir hei déi Iddien nach weider ze entwéckelen. Ech zielen net op d'Regierung, dass se déi Iddien hei ëmsetzt, mä ech mengen, déi Iddië kënnen nëmmen ëmgesat ginn an Europa, um regionale Plang an och national, wa sech an der Gesellschaft eng Bewegung an déi Richtung mécht. An ech sinn iwwerzeegt, dass déi Bewegung sech och wäert an nächster Zäit maachen.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Dir hat iwwregens siwen an eng hallef Minutten, Här Urbany. Dir hat elo e bësselchen iwwerzunn, wat ech lech jo och accordéiert hunn. Elo als nächste Riedner ass den Här Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Här President, Merci. Haut hu mer jo eng Kombinatioun gemaach vun u sech zwee wichtegen Themaen: engersäits de Semestre européen. Mir hunn dee ganze Mëtteg hei iwwert d'budgetäert Ausriichte vun eisem Land geschwat, net nëmmen hei vum Land, awer vun der Europäescher Unioun. Ënner anerem hätte mer sollen och haut nach iwwert de Strategiepabeier „2020" schwätzen. Bon, ech gesinn awer, dass d'Zäit relativ wäit fortgeschratt ass an dass mäi Kolleeg, de François Bausch, schonns haut ausféierlech war, och vill Zäit gebraucht huet, fir dat iwwert de Budget ze soen. Dofir wäert ech mech op e puer méi kruzial oder méi prinzipiell Aussoe beschränken, wat de Prozess vun „Europe 2020" ubelaangt.

Bon, et ass scho gesot ginn, spueren eleng kann et net sinn. De Budget regelt net eleng de Fonctionnement vun engem Stat, mir brauchen och aner Elementer, insbesondere ass och vum Wuesstum geschwat ginn. An och an der „Europe 2020"-Strategie gëtt da vun engem Wuesstum geschwat, deen e bëssen anescht agepaakt gouf, nämlech intelligent, nohalteg an och integrativ, dat heescht, d'Elementer esou ze kucken, dass et net op eng reng Wuesstumsideologie soll erauslafen.

Mir hate schonns an deenen Debatte virdrun, d'lescht Joer a virun zwee Joer, iwwert déi Wuesstumsstrategie hei eis Bedenke geäussert, dass wuel Wuesstum gebraucht gëtt, fir verschidde Saache kënnen ëmzesetzen, mä an eiser Strategie, wa mer nëmme vu Wuesstum schwätzen, feelen awer eng Rei vun Elementer. Mir vermëssen an der Strategie „2020" nämlech: Op wéi eng Gesellschaft wëlle mer histeieren?

Mir wëssen, dass déi Wuesstumslogik vun der Vergaangenheet och zu deem gefouert huet, wat mer 2007 erlieft hunn an 2008, an dass mer haut nach Debatte musse féieren iwwert déi budgetär Aschränkungen, dass eleng dat zu engem Enkpass gefouert huet.

Dofir wéilte mer hunn, dass an deem Pabeier awer och en Deel nach derbäikënnt iwwer méi fundamental Prinzipien, wéi d'Verankerung vu Solidaritéit an Égalitéit, e bëssen deelen a verdeelen, a vum Räichtum an awer och vun der demokratescher Participatioun. Vun där demokratescher Participatioun ass scho virdru vun e puer Leit hei erwähnt ginn, dass déi an deem Prozess net méi do ass.

Mir waren emol erugetrueden domat, dass mer bei der Debatt vun „Europe 2020" d'Kommissiounen all domat befaasse loossen. Mir hate gesot, dass d'Ekonomieskommissioun sollt de Résumé dovu maachen, wat an deenen eenzelne Kommissioune geschwat gëtt. Ech muss awer haut feststellen, dass abgesehe vun enger klenger Presentatioun an der Ekonomieskommissioun dës Kéier de Pabeier ganz mince ausgefall ass, an och haut hunn ech vum Här Schneider net allze vill héieren iwwert d'Ausriichtung, well dat hate mer och schonn eng Kéier gesinn an der Ekonomieskommissioun.

Ech wëll drop hiweisen, dass mer eis eben dee Prozess onbedéngt mussen awer zu Häerz huelen, dass och an anere Kommissiounen nach eng Kéier iwwert déi Pabeiere geschwat gëtt.

Et si jo dräi Voleten do dran. Et ass eng Kéier de Volet vun der Éducatioun. Ech mengen, d'Diskussiounen ëm d'Éducatioun si ganz wichteg, an do sollte mer awer och endlech dat seriö huelen an och an de Kommissiounen doriwwer schwätzen.

Zweete Volet ass den Aarbechtsmarché. Insbesondere no der Stoltripartite eréischt gëschter a mat deem, wat op eis duerkënnt, ass et ëmsou méi wichteg, dass an deenen eenzelnen Aarbechts… oder Kommissiounen och eng Synthèse ausgeschafft gëtt an déi dann och an dee Pabeier hei erafléisst, wat et soll duerstellen, ier mer et op Bréissel schécken.

Wat awer gradesou wichteg ass, an dat ass och haut scho gesot ginn, dat ass d'Abezéiung vun der Zivilgesellschaft. Och dat steet am Pabeier, och dat steet souguer an enger europäescher Richtlinn, dass bei der Ausschaffung vun „Europe 2020" oder och vum PNR, dem Plan national, déi sollt Berücksichtegung fannen. An dat héiert een och, wann ee mat verschiddene Leit dobausse schwätzt iwwert dëse Plang, dass d'Abezéiung guer net stattfënnt, mä souguer och ignoréiert gëtt.

An ech wëll dervir warnen, wa mer esou eis Politike weider wëllen hei duerstellen, dass mer e Problem wäerte kréien dobaussen. Viru Jore si mer alleguerten zesumme ronderëm d'Land gelaf, fir e Projet duerzestellen, nämlech en europäesche Projet, nämlech d'europäesch Verfassung. Mir hunn de Leit versprach, mir hunn d'Leit opgeklärt a mir hunn hinne gesot, dass mer weiderhi wäerte probéieren, si an eis Politiken an och déi europäesch Politiken esou wäit wéi méiglech mat anzebezéien an ze kucken, gemeinsam no Léisungen ze sichen.

Well ech mengen, grad hei, wou et méi sensibel Dossiere wäert ginn, wou et Aschränkunge muss ginn, wou mer - jo, deen een oder deen aneren - Abousse mussen erliewen, ass et ëmsou méi wichteg, dass mer eis endlech eng Prozedur och ginn, wéi mer esou e Prozess, dee mer elo amgaang sinn erëm hei ze maachen, och no baussen droen a mat de Leit zesummen eppes maachen.

Dem Här Frieden säin éischte Saz haut de Mëtteg war en Zitat vum Bundespresident aus Däitschland, vum Här Gauck. Sécherlech ass dat awer e Prozess, dee mir awer selwer musse froen. An och déi kontradiktoresch Aussoen, ech mengen, déi op dem Radio gemaach gi sinn, beziehungsweis wéi d'Politiken da schlussendlech awer ëmgesat ginn, dat mécht eng Méssstëmmung dobaussen, déi schwiereg gëtt ze vermëttelen.

Dofir ass ee Prinzip, mengen ech, e ganz wichtegen, an dat sollte mer awer och an dee Pabeier nach mat aschreiwen, dass mer versichen, méi eng staark Participatioun vun esou Politiken hei ëmzesetzen.

Ech wëll dofir aus dem Pabeier just dräi Domänen eraushuelen. Dat Éischt war jo d'Schoulreform. Et ass jo eppes dran am Pabeier „2020" vun dem Décrochage scolaire, de Schoulofbriecher. Mir sollten ënner 10% leien. Virdrun ass gesot ginn, mir si bei 9%, mä 9% sinn nach ëmmer katastrophal! 9%, dat ass ganz vill, an et sinn och déi, déi mer herno ouni Ofschloss um Aarbechtsmarché zréckfannen, an et sinn och déi, déi Hëllefruffer riets a lénks maachen, an et sinn och déi, déi musse mer erëmhuelen.

Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mer déi Reform, déi Schoulreform, déi ugefaange ginn ass, och seriö weiderféieren a probéieren, déi och richteg zu Enn ze féieren.

A wann ech virdru gschwat hu vu Participatioun, do ass d'Resultat, wann een déi Participatioun net richteg mécht a wann een och net d'Leit um Terrain mat abezitt, dat, wat mer erlieft hunn: Et ass e ganzen Deel vun Oppositioun da komm, eng deels berechtegt awer och deels onberechtegt Oppositioun, well da gären en Amalgam gemaach gëtt vun oniwwerluechten Aussoen.

Dann e Punkt zum Klimaschutz. Bon, den Här Schneider ass de Moment net heibannen, mä ech wollt awer och do dräi Punkten erwähnen. Engersäits, esou wéi am Kyoto-Protokoll wäerte mer och erëm hei higoen a bei der Effizienz wëllen eis fräikafen. An den Här Schneider huet dat virdrun hei gesot, dass een Europadeputéierte sech do dergéint wiert, mir hunn een Europadeputéierten, en huet e ganz gudden Text zesummekritt iwwert d'Effizienz am Europaparlament. Dat soll een net schlechtrieden! Et soll ee kucken, dass een esou eppes ëmgesat kritt an net erëm Dieren opmécht, fir sech fräizekafen, well e Potenzial un Effizienz ass och hei zu Lëtzebuerg ze fannen, an net nëmmen eleng aus der Klimapolitik, mä aus der Beschäftigungspolitik.

Ech mengen, et sinn aner Virriedner, déi dat hei schonn erwähnt hunn, dass d'Beschäftegungspolitik an deem Beräich ganz grouss ass, an dat si wierklech Win-win-Situatiounen, nämlech dat ass net Geld, wat bei d'Uelechscheichen eriwwergeschéckt gëtt, mä et ass Geld, wat hei investéiert ka ginn. Et ass e Schutz, insbesondere och, wa mer iwwert d'Aarmut schwätzen. Iwwert d'Energieaarmut ass schonn eng Kéier geschwat ginn hei, do hu mer Konzepter opzebauen, fir deenen ze hëllefen. Éischtens maache mer eppes fir déi Leit, zweetens maache mer eppes fir de Klimaschutz an drëttens maache mer eppes fir d'Aarbechtsplazen a véiertens maache mer eppes fir d'Beschäftegung an d'Betriber.

Also dee Volet, mengen ech, soll d'Regierung sech ganz gutt iwwerleeën, an ier een déi Direktiv elo bombardéiert a probéiert opzeschnüren, déi awer e ganz wichtegt Element fir déi zukünfteg Energiepolitik ass.

Nach e Wuert zur Beschäftegungspolitik. Och do hätte mer eis gewënscht, dass zum Beispill an där Reform vun der ADEM méi eng breet a méi eng déif gräifend Reform gemaach gi wär.

Mir hunn nämlech an deem Kontext e Volet Médiatioun, Coaching, Orientéierung an de Vierdergrond wëlle setzen, fir dass eben an der Beschäftegungspolitik a bei den Aarbechtslose méi staark eng proaktiv Gérance vun hinne ka gemaach ginn.

Ech kommen dann och scho bal zum Schluss, well d'Zäit schonn deels un d'Enn kënnt. E Wuert zu der Aarmut u sech. An dem Rapport vum „2020" d'lescht Joer ass dat guer net erwähnt ginn. Ech weess net, firwat et vergiess gi war, awer mir hunn och virdrun heiriwwer geschwat, dass dat e ganz wichtegt Element ass an dass mer eis do musse Gedanken driwwer maachen, dass mer d'Schéier hei net ze wäit ausenanermaachen an dass mer net do wëlle spueren, wou et soll sinn, oder falsch spueren.

Et gëtt ëmmer vu „selektiver Sozialpolitik" geschwat. Ech géif mengen, mir sollte vun „zilgeriichter Sozialpolitik" schwätzen. Virdrun huet den Här Bausch hei dat och nach eng Kéier erkläert. Mir hunn extrem vill Programmer operluecht a ganz kloer solle mer eis jo bei alle Politiken, bei alle budgetären Awänn solle mer eis jo nom Zil riichten - wat wëlle mer erreechen? -, an da solle mer och vun „zilgeriichter Sozialpolitik" schwätzen, well bei enger selektiver Sozialpolitik schwätze mer éischter vun „selektiv": dann huele mer iergendeng Gesellschaftsgrupp eraus. An dat wëlle mer jo alleguerten net maachen, mä mir wéilten en Zil erreechen.

An do denken ech, dass mer och hei an dësem Bericht „2020" dat esou sollte maachen an och ee Punkt nach eng Kéier erwähnen, dat ass eben insbesondere bei der Aarmut - dat, wat ech virdru kuerz gesot hunn - d'Energieaarmut bekämpfen, fir kënnen och deem entgéintzekommen.

Ech hoffen, dass am Pabeier dann déi eng oder déi aner Elementer nach kéinten erafléissen, sou dass mir insbesondere bezweifelen (veuillez lire: mengen), dass reng déi dräi Wuesstumskritären, déi mer elo drabruecht hunn - sief et nohalteg, och inklusiv -, net duerginn an dass aner Punkten och gradesou gutt sollten erakommen.

Eppes bleift: dass mer ee groussen Challenge wäerte weiderhin hunn, an dat ass nach ëmmer dee vun der Ofhängegkeet vun eisem Uelechkonsum. Den Här Bausch hat dat och scho virdrun a senger Interventioun gesot...

M. le Président.- Här Kox, Dir misst awer elo lues zum Schluss kommen.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Ech halen dann op a soe Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Kox. Als leschten agedroene Riedner hätt ech elo nach den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wollt och méi zum nationale Reformplang schwätzen, well dee jo och haut zur Debatt steet, well et geet natierlech ëm d'Budgetsfroen, mä et geet och drëm, fir ze kucken, wat ee ka maachen, fir ons Ekonomie ze relancéieren, fir datt een de Wirtschaftskuch, deen amgaang ass, elo méi kleng ze ginn, nees erëm méi grouss kritt. Doduerjer komme mer natierlech och u verschidden Debatten erun, wéi hei déi sougenannten „bottlenecks", dat heescht alleguerten déi Froen, déi d'Ekonomie bremsen, déi ee soll diskutéieren.

Et sinn der elo véier opgeworf gi vun der Europäescher Kommissioun, wou véier Recommandatioune gemaach gi sinn. Déi eng, déi ass scho vum Gast Gibéryen diskutéiert ginn, dat ass de Budgetsdefizit ze reduzéieren.

Déi zweet, déi an der Diskussioun ass, dat ass d'Reform vum Pensiounssystem. Do muss ee festhalen, datt d'Regierung eng Reform virgesäit, déi tabléiert op enger Croissance vun 3% vun der Wirtschaft pro Joer. An do muss een awer elo scho festhalen, datt een an deenen Dokumenter, déi mer hei vun der Regierung kritt hunn, gesäit, datt an der Period vun 2011 bis 2015 mer dat Zil schonn an der Moyenne net wäerten erreechen. Et ass also relativ spekulativ do gehandelt. An et ass gesot ginn, datt eréischt deen Ablack, wou d'Finanze vill méi schlecht wieren, wéi se elo scho sinn, datt dann eréischt géif den Ajustement ofgeschaaft ginn.

Mir als ADR hunn als eenzeg Oppositiounspartei bis elo an där Fro ~~do~~ vun de Pensioune ganz kloer gesot, datt mir gären hätten, datt eng sozial Mesure soll komme beim Ajustement. Dat heescht, datt den Ajustement soll spille fir déi kleng Renten an da progressiv op null soll gesat ginn, an dat mat Effet immédiat schonn an dëser Legislatur duerch e Gesetz; just nuren, fir dee Punkt do erauszeträichen.

Deen anere Punkt, deen an der Diskussioun stoung vun der Säit vun der Europäescher Kommissioun, dat ass d'Indexmodulatioun. Do muss ee festhalen, datt hei zu Lëtzebuerg d'Inflatioun 2011 bei 3,4% wor, an an Däitschland bei 1,7%. An doduerjer, datt een eng Indexmodulatioun mécht, huet d'Regierung fräi Hand, fir d'Prix administrés an d'Héicht lafen ze loossen. An et gesäit een och, datt et esou geet.

D'Prix administrés, wat ass dat? Dat sinn d'Taxe vu Stat a Gemengen, vun den Établissements publics, an dat sinn och d'Gesondheetsausgaben, d'Ausgabe fir d'Altersheimer, fir d'Crèchen an esou weider. Den Observatoire de la compétitivité huet elo ganz kierzlech eng Analys vun deene Prix administrés gemaach a gesinn, datt déi tëschent 2005 an 2011 ëm 25% an d'Luucht gaange sinn, an d'Inflatioun an därselwechter Zäit ëm 15%. Dat mécht also eng Differenz vu plus 10%.

Eleng 2011 wor d'Inflatioun bei 3,4% an d'Prix administrés sinn ëm 6,2% an d'Luucht gaangen. An d'Influenz vun deenen administrative Präisser mécht am Index 22,1% aus.

Dann hu mer och nach e Problem mam Wuerekuerf. Dee Wuerekuerf, wéi mer en elo am Index hunn, dee wierkt sech ganz inflationär aus an en ass wäit ewech vun de Realitéite vum Terrain a vun de Budgete vun de Leit.

Ech vergläichen e just nure mat dem Budget, mam Wuerekuerf mat Däitschland. Sou gëtt de Logement hei zu Lëtzebuerg zu 14,5% vun den Ausgabe gerechent, an Däitschland zu 23,29%. Iessen an Drénken zu Lëtzebuerg läit dann am Budgetswuerekuerf mat 11,15%, an Däitschland zu 17,19%, dat heescht plus 6% méi. An d'Ausgaben zu Lëtzebuerg mat 2,41%, an Däitschland bei 4,34%. Par contre hu mer en Europa-Rekord, wann et heescht, d'Ausgabe vun den Autoen. Do stinn déi am Wuerekuerf mat 21,77% ganz vir, souguer een Drëttel méi héich wéi d'Ausgabe vum Logement.

Ech mengen, do ass eppes, wat net méi normal ass. An da stinn den Alkohol an den Tubak, wou de Ministère de la Santé déi ganzen Zäit dergéint ass an dergéint wiedert, mä déi stinn awer nach mat 3,55% am Budget. Hei muss en Ëmdenke kommen!

Mir brauchen e rigouréise Kampf géint d'Erhéijung vun de Prix administrés, e rigouréise Kampf, fir d'Inflatioun niddreg ze halen a fir de Wuerekuerf ze reduzéieren. Dat sinn déi Reformen, déi mer brauchen, an da kënne mer ganz op déi Indexmodulatioun verzichten an d'Bierger hunn och eppes dovun, well an der ablécklecher Situatioun a mat där Politik, wéi se elo gemaach gëtt, huet de Bierger herno awer nach negativ Konsequenzen domat ze droen.

Dann e Punkt, deen och an der Diskussioun wor vusäite vun der Commission européenne an och vun der Regierung, dat ass d'Simplification administrative. Wann ech do den „Global Competitiveness Report" vun 2011-2012 vum „World Economic Forum" analyséieren a kucken - dee betrëfft 142 Länner; et ass déi Analys, déi ganz vill Entreprisë kucken -, do muss ee soen, wat den Departement vun der Simplification administrative ugeet, datt do Lëtzebuerg un der 40. Plaz vun 142 Länner läit. Et ass déi schlechtste Positioun vun iergendengem europäesche Land.

Ech mengen, da muss een dach hei festhalen, datt do eppes muss geschéien. An ech wëll nuren ee Beispill ginn: Dat ass, datt, wa mer vun der Surface utile vun engem Logement schwätzen, et dann elo dräi Definitioune gëtt: eng vum Ministère du Logement, eng vum Intérieur an eng vum Ministère vum Environnement. An déi dräi gi sech net eens! Wat mécht dann deen Departement, dee sech ëm déi ganz administrativ Problemer këmmert? Dee braddelt a braddelt, an et kënnt näischt eraus!

Där gëtt et der nach dorëmmer. Bei de Krankekeesen, do gëtt et däers nach méi, well mer do och nach Problemer hunn. Mä vu datt ech net vill Zäit hunn, wëll ech awer elo en Zitat ginn hei vum Ekonomiesminister - deem neien -, deen den 2. Februar an der Commission de l'Économie Folgendes gesot huet - ech zitéieren de Procès-verbal: «Monsieur le Ministre critique l'approche bureaucratique (création d'un département spécifique) qui a été choisie pour la mise en œuvre d'une politique de simplification des procédures administratives. Celle-ci n'apporte pas de résultats saillants. Une approche volontariste au plus haut niveau serait bien plus efficace (concertation des Ministres en question avec les fonctionnaires responsables des administrations publiques concernées sur base d'une liste bien précise de procédures/normes à simplifier)».

Domadder sinn ech ganz d'accord an ech wäert och an deem Sënn dem Statsminister eng Fro stellen. An ech hoffen, datt déi Chefsaach, zu där en déi hei Affär erkläert hat, datt dat den 1. Juli dann nees erëm ka Realitéit ginn.

Dann hu mer nach d'Schoul. Munches wier do nach ze soen, mä vu datt ech net vill Zäit hunn, wëll ech just nach Folgendes zum Schluss soen: Mir mussen ons Ekonomie nees un d'Rulle kréien. D'Union des Entreprises huet 100 Propositioune gemaach. De Ministère de l'Économie huet 2006 och verschidde Propositioune gemaach, fir d'Ekonomie un d'Rullen ze kréien.

Mir schwätzen ëmmer vu Zones d'activités, et geschitt awer näischt um Niveau vun der Simplification administrative. Zones d'activités economiques - dovunner gëtt geschwat a geschwat a geschwat a geschwat: Et geschitt näischt!

Et huet een also d'Impressioun, datt dës Regierung, an och déi viregt, déi huet zwee Dossiere mat Propositiounen, fir ons Ekonomie un d'Rullen ze kréien, a si huet de Choix: Entweder si mécht eppes, oder si hëlt déi zwee Dossieren a si sëtzt sech drop! Fir den Ablack schéngt et esou ze sinn, datt d'Regierung op den Dossiere sëtzt. Et wier un der Zäit, datt se géif déi Dossieren an déi Propositiounen, déi gutt sinn, huelen, fir ons Wirtschaft nees unzekuerbelen.

Just an dësen Zäite brauch onst Land dat!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Henckes. Elo kritt nach eng Kéier d'Wuert den Här Finanzminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass natierlech net einfach, no fënnef Stonnen an zéng Minutten Debatten hei direkt Konklusiounen ze zéien. Grondsetzlech ass esou eng Debatt wéi déi heiten nëtzlech. Et ass jo eng Konsultatiounsdebatt, a vill vun deene Propositiounen, déi hei gemaach gi sinn, wäerte mer mathuelen an déi ganz schwéier Aarbecht, déi d'Regierung an doranner insbesondere och de Finanzminister an den nächste Woche muss maachen.

Ech wëll awer och nach eng Kéier soen, datt de Finanzminister ka Propositioune maachen a ka Berechnunge maachen, mä d'Regierung als Ganzt muss natierlech hei déi Mossnamen huelen, well déi gi jo och ganz oft a Beräicher - ganz ëmmer gi se a Beräicher - vun deenen eenzelne Kolleegen. Et ass also net un engem, fir do eleng kënnen déi Propositiounen oder déi Iddien, déi een huet, ëmzesetzen. Ech géif also och dat wëlle berücksichtege bei där enger oder anerer Décisioun, déi ze huelen ass.

Ech bedaueren e bëssen an dëser Debatt, datt iwwert de Plan national de réforme wéineg geschwat ginn ass, well ech mengen, datt dat eent an dat anert, dat heescht d'Entwécklung vun der Ekonomie an d'Statsfinanzen, musse mateneen ootmen. Déi Form vun Debatt, déi mer de Mëtteg hei gefouert hunn, do musse mer eis vläicht d'nächst Joer nach eng Kéier iwwerleeën, wéi mer kënne méi konzentréiert och iwwert den nationale Reformprogramm schwätzen, well et ass schonn esou, datt an enger Rei vu Beräicher - an elo grad ass den Här Kox nach dorobber agaangen -, datt sech do eng Rei reell Froen zu Lëtzebuerg stellen, déi natierlech enges Dags eng Répercussioun och op d'Statsfinanzen hunn.

Ech mengen, déi ganz Problematik vun der Desindustrialiséierung vu Lëtzebuerg, vun dem héije Chômage, all déi Froen, déi hunn en Impakt op d'Statsfinanzen, mä se mussen och fir d'Éischt eng Äntwert fannen an der wirtschaftlecher Entwécklung. An do musse mer eis also och an deem Prozess méi intensiv drëm bekëmeren.

Firwat hu mer et hei zesummen diskutéiert? Well déi zwee Dokumenter zesummen op Bréissel ageschéckt ginn. Mä ech fäerten, datt mer se net genuch am Detail kucken um Niveau vun der parlamentarescher Debatt.

Déi drëtt Remarque ass, datt ech der Meenung sinn - an och doriwwer ass de Mëtteg net enorm vill geschwat ginn, mä et huet e bësse mat deem Sujet vu virdrun ze doen -, datt eng Reduzéierung vum Defizit net contraire ass zur Wuesstumspolitik. Kuerzfristeg ka selbstverständlech d'Bremse vu verschiddenen Ausgaben en Effet op d'wirtschaftlech Entwécklung hunn, mëttel- a laangfristeg awer ass héijen Defizit, also héich Schold an domadder héich Steieren, eng absolut Brems fir d'wirtschaftlech Entwécklung. Duerfir gëllt et ze kucken, datt ee gesond Statsfinanzen huet, well si sinn d'Grondlag vu mëttel- a laangfristegem Wirtschaftswuesstum, dee mer absolut zu Lëtzebuerg och an Zukunft brauchen.

Wann ech déi Debatt, déi de Mëtteg hei iwwert d'Statsfinanze gemaach ginn ass, géif résuméieren, da géif ech soen, datt, wat d'Dépensen ubelaangt, kaum een a Fro gestallt huet, datt mer mussen eppes dorunner änneren, en vue vun der Defizitsituatioun, déi mer hunn. Ech géif och menge kënnen ze soen, datt déi meescht dermat d'accord waren, datt mer an alle groussen Ausgabekategorië musse Reduktioune maachen: Investitiounen, eng Rei Sozialtransferten iwwerkucken, Fonctionnementskäschten a Rémunératiounen, déi mer bezuelen.

Wann ech déi Iddien allerdéngs addéiere géif, déi de Mëtteg hei gemaach gi sinn, weess ech net, ob mer domadder op déi 500 Millioune kéimen. A wann ech souguer soen, een Deel muss iwwert d'Steiere gemaach ginn, da mengen ech, kéime mer och nach net op déi 300 Milliounen. Elo ginn ech gären zou, datt dat eng Aufgab ass, déi d'Regierung virun allem muss maachen, mä eng Rei vun deene Pisten, déi de Mëtteg hei gesot gi sinn, sinn och Pisten, un deenen d'Regierung schafft.

De Volumen ass en fait relativ substanziell. Ech wëll do nach eng Kéier drop hiweisen. An 300 Milliounen, jo 500 Milliounen, déi mer eis wëllen als Zil fir dëst Joer ginn, déi awer a mengen Aen en fait net duerginn, dat sinn op engem Joer 500 Milliounen. Dat heescht, dat Joer duerno mussen et nei 500 Millioune sinn. An dat ass eppes, wat oft ënnerschat gëtt, fir d'Ampleur vum Problem ze beschreiwen, dee mer awer wëllen a mussen ugoen.

Ech sinn determinéiert, mir sinn determinéiert, fir dee Wee ze goen, wëssend allerdéngs, datt mer ni wäerte Propositioune fannen, déi d'Zoustëmmung vun all Mënsch kréien, well eng ganz Rei vu Moossnamen hunn en Impakt op d'Leit.

Zu de Recettë wëll ech nach zwou, dräi Remarquë maachen. Et kënnt oft dee séiere Saz - an en ass de Mëtteg a ville Riede komm -, datt déi méi breet Schëllere méi mussen droe wéi déi schmuel Schëlleren. Dat ass e Saz, deen, mengen ech, honnert Prozent vun de Leit droen. An och déi Iddi, datt ee muss d'Steiere bei de Privatpersounen héijen, notamment uewen, datt dat dann de Problem léist, déi gëtt liicht an oft gesot.

Ech wëll hei nach eng Kéier rappeléieren, an dat ass, mengen ech, net ëmmer bekannt, well oft gesot gëtt: „Mä elo huele se et bei deene Klengen", datt dat zu Lëtzebuerg an der Steierpolitik ni de Fall war an ass! 40% vun de Leit zu Lëtzebuerg bezuele keng Steieren. 5% - 5%! - bezuele 50% vun der Akommessteier. Dat heescht, et ass en fait e ganz klengen Deel vu Leit, déi méi oder gutt verdéngen, déi schonn elo 50% bezuelen. An duerfir soen ech ëmmer dat, datt schonn haut dat, wat hei gefuerdert ass, largement zu Lëtzebuerg am Steiersystem dran ass.

Déi zweet Remarque, déi een do muss maachen: Wann een dat nach esou weiderdreift, muss een eis kucken net nëmme par rapport zu den Nopeschlänner - dat ass hei gesot ginn; ee vun de Kolleegen huet gesot, wéi d'Besteierung an den Nopeschlänner ass; mir sinn do in etwa an deene Paragen -, mä mir mussen och kucken, wéinst der extrem grousser Importenz vum Finanzsecteur, wéi d'Besteierung op Plazen ass, mat deene mer an direkter Konkurrenz sinn, fir eng ganz Rei vun Aarbechtsplazen, dat sinn Zürich a London.

Dat heescht, bei de Steiere kann een net einfach eppes aus der Theorie eraus maachen, mä et muss een et maache par rapport zu deene Plazen, wou e Risque vun Delokalisatioun ass. An eis Suerg muss sinn, datt d'Leit netto esou vill wéi méiglech hunn, natierlech aus Leeschtungsfrëndlechkeets-, mä awer och aus Wirtschaftsgrënn, datt mer kucken, datt mer eis net an den eegene Fouss schéissen, datt mer vläicht herno eppes gemaach hunn, wou déi Aktivitéiten, déi mer wollte besteieren, oder déi Aarbechten, déi mer wollte besteieren, iwwerhaapt net méi do sinn.

Bei de Betriber wollt ech Folgendes soen: Et ass sécherlech eng Suerg, datt d'Betriber alleguerte sollte Steiere bezuelen. Ech wëll Iech hei och nach eng Kéier rappeléieren, wien zu Lëtzebuerg Steiere bezilt. 75% vun der Kierperschaftssteier kënnt vum Finanzsecteur. Also, och do musse mer erëm eng Kéier kucken, deen einfache Saz, fir ze soen: „Dee klenge Betrib bezilt, an dee grousse bezilt net", dat ass zu Lëtzebuerg sécherlech net richteg, well de Finanzsecteur bezilt 75% vun der Kierperschaftssteier.

Wou net vill bezuelt gëtt, ass virun allem am Industriesecteur. Do spille Regelen, déi ganz oft europäesch Grupperegele sinn. Ech hu mam Wirtschaftsminister ofgemaach, datt mer nach eng Kéier kucken, wéi mer do kënnen eng aner Besteierung maachen, mä déi ass largement net an eisen Hänn, well dat net e Lëtzebuerger Gesetz ass, wou mir eppes dra kënnen änneren. Mä wann déi Gruppen, vun deene mer hei schwätzen - zum Deel sinn der énormément genannt ginn, mä et gëtt och anerer -, wann déi Perten aus engem anere Land kënnen heiriwwer buchen, da kënnt herno do näischt eraus. Dorobber hu mir net all Influenz.

Ech sinn awer d'accord, datt mer och do musse kucken, wéi ee kann derzou bäidroen, datt de Gros vun de Betriber, notamment de Betriber am Industriesecteur, och hire Bäitrag leeschten innerhalb vun den europäesche Méiglechkeeten, déi mer hunn.

Déi drëtt Remarque betrëfft d'TVA. Et ass sécherlech ëmmer eng Diskussioun, ob een op der direkter oder indirekter Steiersäit eppes mécht. Indirekt Steiere si jo och nach Steieren, déi mer hunn op Produkter wéi Tubak a Bensin, wou mer och ëmmer musse kucken, wat an den Nopeschlänner leeft. Mä et ass, mengen ech, net ganz richteg, wann ee seet, datt d'TVA automatesch eng onsozial Steier ass, well deen, dee méi verdéngt, consomméiert och méi, bezilt also domadder och méi TVA.

Op d'mannst an dräi Joer, mengen ech, komme mer net laanscht eng TVA-Erhéijung. Ech wëll do dat rappeléieren, wat den Här Roth am Budgetsrapport ausgerechent huet. Wann den E-Commerce ewechfiert no europäesche Regelen, da sinn dat no deene Previsiounen, déi mer am Comité-de-prévisions-Dokument hunn - wat de Mëtteg hei vill zitéiert ginn ass -, net 600 Millioune manner Einnahmen, mä da si mer schonn op 800 Milliounen no de Previsiounen, déi mer do agesat hunn.

Dat heescht, fir déi 600 oder vläicht souguer 800 Milliounen ze ersetzen, déi eis an der TVA ewechfalen, komme mer dann op d'mannst net derlaanscht - dat ass dann déi nächst Chamber, déi nächst Regierung -, fir iwwert d'TVA nozedenken. Mä ech mengen, och elo musse mer kucken: direkt, indirekt Steieren? D'Regierung huet dozou nach keng definitiv Haltung geholl, mä mir wäerten éischter à ce stade kucken, fir virsiichteg och bei der TVA ze bleiwen. Mä et muss een och wëssen, datt mer zu Lëtzebuerg - an Dir wësst dat, wann Der reest - déi niddregsten TVA vun der Europäescher Unioun hunn an datt déi Länner, déi driwwer sinn, wäit driwwer sinn.

Ech wëll och soen, datt an allen europäeschen Texter, y compris déi, déi d'Lëtzebuerger Regierung ugeholl huet, sief et bei den Ausseministeren, bei de Wirtschaftsministeren oder bei de Finanzministeren, eng generell Recommandatioun ass, datt ee soll d'Aarbecht manner belaaschten an éischter de Konsum belaaschten, well dat méi wirtschaftsfrëndlech ass. Och doriwwer muss ee vläicht eng Kéier eng Debatt féieren.

Ech kann Iech haut net soen, wat mer an deem dote Volet maachen, ech wëll just hei nach eng Kéier festhalen, datt ech et als net positiv emfannen, wann een iwwert de Wee vun de Steiere versicht, dee Problem, dee mer beim Defizit hunn, ze léisen. Sécherlech muss een och déi eng oder aner Steier upassen, mä mir musse virun allem kucken, d'Dépensen erofzesetzen.

Dee Wee, dee mer elo musse goen, gëtt an ass schonn e ganz schwéieren. Mä ech soen, en fait hu mer keng Alternativ, well d'Alternativ ass eng, déi en fait de Problem verschiebt, méi grouss mécht. En ass am Verglach mam Ausland nach net grouss. En ass grouss an der historescher Perspektiv.

Ech wëll och soen, datt en 2009 oder 2010 erklärbar ass, well mer do eng Rei Investitiounsprojete méi schnell lafe gelooss hunn, fir de Mangel un der Demande vum Privatsecteur ze kompenséieren; déi sougenannte Konjunkturprogrammer. Iwwer véier, fënnef Joer gekuckt, kann een net mat enger esou antizyklescher Politik weiderfueren. Duerfir wäerte mer an deenen nächste Wochen, dat hoffen ech - dorobber zielen ech, op d'Kolleegen an der Regierung an an der Chamber -, datt mer e Wee fannen, fir deen Defizit do iwwert déi nächst dräi Jore substanziell ze reduzéieren.

An an deem Sënn mengen ech, datt déi Einlassunge vun de Mëtteg eis zwar net hëllefen, de Problem ze léisen, eis awer sécherlech vill Iddië mat op de Wee ginn hunn, op deene mer wäerte konstruktiv schaffen. Duerfir géif ech och gären am Numm vun der Regierung jiddwerengem Merci soen, dee säi Bäitrag zu dëser schwiereger Diskussioun de Mëtteg hei geliwwert huet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Finanzminister. Domadder wiere mer um Enn vun dëser Diskussioun.

Mir hunn hei nach eng Motioun virleien, déi vum Här Gibéryen agereecht ginn ass. Kënne mer direkt iwwert déi Motioun ofstëmmen? À main levée?

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Neen, Här President.

M. le Président.- Dir hätt gär den elektronesche Vote.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat maache mer awer elektresch.

Vote sur la motion 1

M. le Président.- Da geet direkt d'Ofstëmmen un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass verworf mat 56 Nee-Stëmmen, géint 4 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes (par M. Marc Spautz), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. François Bausch), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par M. Claude Adam) et Viviane Loschetter;

M. Serge Urbany.

Da komme mer elo zum Projet…

(Interruptions)

Da komme mer elo zum Projet de loi…

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …déi véier sech duerchgesat hunn.

(Hilarité générale)

M. le Président.- …6339, eng Ofännerung vun zwee Artikele vum Code du Travail. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Wilmes, Etgen a Gibéryen.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, d'Madame Vera Spautz. Madame Spautz, Dir hutt d'Wuert.

3. 6339 - Projet de loi modifiant les articles L. 126-1 et L. 541-1 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

Mme Vera Spautz *(LSAP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzestext, iwwert dee mir de Mëtteg ofstëmmen, oder besser gesot, den Owend ofstëmmen, féiert eng vereinfacht Prozedur an, fir datt Leit, déi duerch eng Faillite hir Aarbecht verluer hunn, méi séier hir vum Patron geschëllte Paien ausbezuelt kréien.

Oft sinn déi betraffe Salariéë säit längerer Zäit bis hin zu e puer Méint ouni Akommes a befanne sech deemno an enger prekärer finanzieller Situatioun. Si kënnen hir dagdeeglech Ausgaben net méi bezuelen, de Loyer vun der Wunneng, de Prêt vum Haus, d'Elektresch, Waasser- oder Stroumrechnungen. Wann dës Phas sech iwwer eng länger Zäit hinzitt, brëngt dat natierlech vill aner Konsequenze mat sech, déi ech Iech net opzeziele brauch.

Den Ustouss fir dëse Gesetzestext koum am Summer d'lescht Joer, wou d'Faillite vun der Gesellschaft Socimmo an hir direkt Konsequenze fir 470 Leit bekannt gi sinn. Dës Leit hunn oft scho während Méint keng Paie méi kritt a souzen du vun engem Dag op deen aneren op der Strooss. Well déi üblech Prozedur, déi bei enger Faillite ugewannt gëtt, ze laang gedauert hätt, huet d'Regierung eng Noutléisung misse fannen. Eng Solution ad hoc ass ausgeschafft ginn, bei där sech d'Regierung als Garant bei enger Bank ginn huet. An déi huet dunn de betraffene Leit an engem räsonabelen Zäitraum déi geschëllte Paien ausbezuelt.

Et versteet sech vun eleng, datt esou eng Noutléisung net kann zum Dauerzoustand ginn, an duerfir ass dëse Gesetzestext op d'Bee gestallt ginn. De virleiende Gesetzestext, deen eng Vereinfachung an eng Accélératioun vun de Prozedure virgesäit, ass also nëmmen ze begréissen.

Dir Dammen an Dir Hären, esou vill zur Aleedung zum Gesetzestext. Ech wëll dann elo kuerz déi aktuell Prozedur beschreiwen an dann op den Inhalt vum virleiende Gesetzestext a seng Haaptännerungen zréckkommen.

Och wann de Beschäftegungsfong d'Créancë vun de Paie fir déi lescht sechs Méint garantéiert, dauert et oft ganz laang, bis datt dës Suen un déi concernéiert Leit kënnen ausbezuelt ginn. Fir d'Éischt musse folgend Démarchen duerchlaf ginn:

De Salarié muss eng Déclaration de créance beim Greffe vum Handelsgeriicht hannerleeën. D'Demande, déi de Salarié eragereecht huet, gëtt da vun engem Curateur kontrolléiert. Dës Kontroll ass oft relativ schwéier an duerfir och laangwiereg, well d'Kontabilitéit vun der Entreprise, déi d'Faillite deklaréiert huet, seelen an der Rei ass. Jee no der Gréisst oder der Komplexitéit vun der Situatioun kann de Curateur awer op d'Énnerstëtzung vun enger Fiduciaire zréckgräifen.

Nom Curateur kontrolléiert de Juge commissaire den Dossier, dann d'ADEM, d'Kontabilitéit vum Aarbechts- a Beschäftegungsministère, de Contrôle financier a schlussendlech och d'Trésorerie vum Stat. Dës ganz Prozedur ka sech also iwwer Wochen zéien a brëngt de Concernéierten an eng finanziell ganz schwiereg Lag.

Just fir Iech e Beispill ze ginn: Ouni d'Agräife vun der Regierung wieren d'Salariéë vun der Socimmo vu Juni bis bal Oktober ouni Akommes gewiescht.

De virleiende Gesetzestext wëllt esou Situatiounen an Zukunft verhënneren, andeems en d'Prozedure verkierzt. Direkt nodeems eng Faillite prononcéiert ginn ass, kann de Salarié elo perséinlech seng Rechter bei der ADEM afuerderen. Dës Méiglechkeet erlaabt et, datt hie méi séier en Deel, sougenannten „Avancen", vun deene Sue kritt, déi him zoustinn.

Fir datt esou eng Demande de créance bei der ADEM kann hannerluecht ginn, muss de Montant vun deene geschëlltene Suen awer méi héich si wéi d'Halschent vun enger Pai vun engem Mount, gerechent op d'Moyenne vun deene leschten dräi Méint virum Mount, an deem d'Faillite deklaréiert ginn ass. An dës Avancë ginn zum Schluss vun der ganzer Prozedur vum Gesamtmontant, deen him zousteet, ofgezunn.

Hei muss een awer och soen, datt dës Avancen net méi héich kënne si wéi 75% vum viséierte Plaffong, dee bei sechsmol de Salaire minimum läit, laut dem Code civil. Fir datt dës verkierzte Prozedur wierklech méi séier ass wéi déi normal, gëtt e Comptable extraordinaire genannt.

Esou wéi de Statsrot ënnerstrach huet, wëll ech och nach eemol betounen, datt déi nei Prozedur mat sech brëngt, datt d'ADEM, an net de Curateur, eng éischt konkret Analys vum Dossier muss maachen. Si kann dobäi leider net, wéi de Curateur, op d'Hëllef vun enger Fiduciaire zréckgräifen. Duerfir misst ee sech vläicht iwwerleeën, ob net e puer Leit awer op där Plaz missten agestallt ginn.

Vu datt den Haaptobjektiv vum Gesetzestext net just d'Ausbezuele vun de Suen ass, mä virun allem, déi betraffe Leit nees esou séier wéi méiglech an d'Aarbecht ze kréien an hinnen esou laangfristeg eng finanziell Sécherheet ze garantéieren, gesäit de Gesetzestext och vir, d'Obligatioun, wat d'Aschreiwungszäit bei der ADEM ugeet, fir dës Kategorie vu Leit ze sträichen. Si kënnen also relativ schnell vun engem anere Patron iwwerholl ginn a mussen net déi normal Délaien anhalen.

De Statsrot an och d'Chambre des Salariés hunn nach ze bemierke ginn, datt de Gesetzestext sech am Kader vum Artikel L.125-1 vum Code du Travail befënnt. Dëse seet, datt en Aarbechtsvertrag direkt fäerdeg ass, wann eng Cessation des activités duerch eng Faillite besteet.

En Arrêt vum Europäesche Geriichtshaff vum 3. Mäerz d'lescht Joer huet awer geuerteelt, datt d'«Directive concernant le rapprochement des législations des États membres relatives aux licenciements collectifs» och déi kollektiv Entloossungen duerch eng Cessation des activités duerch eng Faillite ofdeckt. Laut dem Europäesche Geriichtshaff loossen dës Dispositiounen eng direkt Résiliatioun vum Aarbechtsvertrag am Fall vun enger Faillite net méi zou. De Curateur misst also, ier eng Entloossung ka stattfannen, mat de Vertrieder vun de Salariéen en Accord aushandelen.

Den Aarbechts- a Beschäftegungsminister Nicolas Schmit huet an der zoustänneger Chamberskommissioun erkläert, datt en Aarbechtsgrupp a sechs bis aacht Wochen e Gesetzesprojet ausschafft, an deem en déi juristesch Konsequenze vun dëser Jurisprudenz studéiert. Folgend Beruffskummeren hunn hiren Avis ofginn: d'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Salariés, a si stëmmen am grousse Ganzen dem Gesetzestext zou.

De virleiende Gesetzestext ass sécherlech eng gutt an nëtzlech Initiativ, fir déi betraffe Leit viru finanziell prekäre Situatiounen ze bewahren an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, sech nees méi séier um Aarbechtsmaart ze bewerben. Ech wëll awer och betounen, datt e méi strikte Suivi an eng eventuell Begleedung muss gemaach gi vun deene Betriber, déi riskéieren, an eng Faillite ze rutschen. An deem Sënn ass och eng déif gräifend Reform vun eisem Failliterecht onëmgänglech an onbedéngt noutwendeg!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn domat den Accord vu menger Fraktioun a bieden Iech, dëse Gesetzestext ze stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Spautz. Si war ganz detailléiert, doropshin huet schonn den Här Gibéryen décidéiert, net méi ze intervenéieren. Dann hätt ech also elo nach zwou Wuertmeldungen, ausser...

(Interruptions diverses)

Bon, wann den Här Wilmes mengt, et wär net méi vill derzou ze soen, an den Här Etgen, huelen ech un, huet och net méi alles driwwer ze soen - ech weess net, ob den Aarbechtsminister nach wëllt eppes derzou soen -, da géif ech...

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.*- Ech soe just Merci an ech si frou, datt dat Gesetz gestëmmt gëtt. A besonnesch déi Leit, déi Victime sinn oder ware viru Kuerzem vu Failliten, déi mer jo all kennen, déi si frou, datt dat Gesetz a Kraaft trëtt. Y compris d'Patronen, déi Leit embauchéieren.

M. le Président.- Gutt, Merci. Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6339 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6339 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes (par M. Marcel Oberweis), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par Mme Martine Mergen), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. André Bauler), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner (par M. Fernand Etgen);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par Mme Viviane Loschetter) et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6261, eng Ofännerung vum Kooperatiounsgesetz. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht an et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Frank, den Här Helminger, den Här Angel, den Här Adam an den Här Kartheiser.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, d'Madame Nancy Kemp-Arendt.

4. 6261 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

Mme Nancy Arendt *(CSV), rapportrice.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass de Rapport zum Projet de loi 6261, deen dat modifiéiert Gesetz vum 6. Januar 1996 iwwert d'Entwécklungspolitik nach eng Kéier modifiéiert.

Zu den Antécédenten: D'Madame Ministesch huet den 9. Mäerz 2011 de Projet de loi an der Chamber déposéiert. De 17. Mäerz sinn ech an der Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration zur Rapportrice bezeechent ginn an an der nämlechter Sitzung huet d'Madame Ministesch hiren Text de Membere vun eiser parlamentarescher Kommissioun presentéiert.

De 5. Juli 2011 huet de Statsrot säin éischten Avis ofginn, an de 6. an den 12. Dezember vun deemnämlechte Joer huet d'Madame Ministesch eis d'Regierungsamendementer zoukomme gelooss, déi mir den 12. Dezember an der Chamberskommissioun diskutéiert an och ofgeseent hunn. Den zousätzlechen Avis vum Statsrot vum 31. Januar 2012 hu mer de 27. Februar 2012 analyséiert. Ech hunn de Rapport den 19. Mäerz an der zoustänneger Chamberskommissioun presentéiert, dee mer do de leschte Méindeg, de 26. Mäerz ugeholl hunn.

Ech wéilt fir d'Éischt all deene Merci soen, déi hei eng Hand mat ugepaakt hunn. Et geet jo ëm e wichtege Pilier vun eiser Politik an Deel vun eise Relatioune mat der Welt. Et geet ëm d'Ausriichtung an d'Modalitéite vun enger Politik, wou mir als Land eng ganz gutt Renommée hu fir déi Aarbecht, déi mir am Beräich vun der Entwécklungshëllef leeschten a wou mir nach weider optimiséiere wëllen.

(M. Gast Gibéryen prend la présidence.)

Här President, ech hu mer erlaabt, ufanks vu mengem Rapport e bësse méi en Historique vun eiser Entwécklungshëllef ze maachen, well et wichteg an och hëllefräich ass, fir de Wee, deen eist Land a Saachen Entwécklungspolitik gemaach huet, chronologesch opzelëschten, fir dat Ganzt a méi e verständleche Kader ze setzen. Virun allem, well et hei jo ëm en Ensembel vun deene verschiddenen Texter an der Matière vun der Entwécklungshëllef geet, déi d'Prinzipien, d'Moyenen an déi néideg Instrumenter festhalen, fir eng effikass an och eng kohärent Kooperatiounspolitik ze leeschten.

An deem Kontext kommen ech op déi éischt Diskussiounen zréck, déi aus der lëtzebuergescher Entwécklungspolitik eng eegestänneg Politik definéiert hunn, mat der Deklaratioun vum deemolege Regierungschef aus dem Joer 1974, dem Gaston Thorn. Et huet bis ufanks den 80er Jore gedauert, bis eist Land sech säin éischt Gesetz an der Entwécklungspolitik ginn huet, an dat mat enger grousser, relativ grousser Flexibilitéit, déi sech allerdéngs just op d'Definitioun vum Statut vun den Acteuren um Terrain limitéiert huet, déi am Kader vun engem lëtzebuergesche Projet oder Programm an den Entwécklungslänner aktiv matgeschafft hunn.

Dräi uschléissend Gesetzer hunn dunn de 17. Dezember 1985 de legislative Kader complétéiert mat der Kreatioun vun engem Fong fir d'Hëllefen am Beräich vun der Entwécklungshëllef, mat steierlechen Dispositiounen, fir d'Philanthropie an de Mécénat ze promouvéieren a fir Subventiounen, déi de Stat den ONGe fir d'Entwécklungsprogrammer accordéiere kann.

Duerno ass dat éischt Gesetz iwwert de Statut vun eisen Aktiven um Terrain vum 13. Juli 1982 duerch en neit Gesetz vum 25. Abrëll 1989 ersat gi mat dem Zil, fir d'Prozeduren ze vereinfachen an de Statut vun den Aktiven um Terrain ze verbesseren. De Stat huet elo d'Fraisën iwwerholl vun der Sécurité sociale, gradesou wéi d'Reeskäschten, déi vun den ONGe virgestreckt goufen.

Mat dem progressive Klamme vun eisem Engagement ass et ëmmer méi offensichtlech an och evident ginn, datt een dës Texter regroupéieren an d'Aktioune konkretiséiere soll. Dat ass dann och gemaach gi mam Gesetz vum 6. Januar 1996. De rechtleche Kader an der Entwécklungshëllef ass bestätegt ginn, andeems d'Gesetz eng méi prezis an effikass Entwécklungshëllef ënnerstëtzt huet mat den Objektiver, der wirtschaftlecher, sozialer an nohalteger Entwécklung vun den Entwécklungslänner Rechnung ze droen an eng harmonesch Insertioun vun dëse Länner an eng Weltwirtschaft ze viséieren, wëssend, datt mer eis op déi Länner konzentréieren, déi am mannsten entwéckelt sinn.

Dëst neit regruppéiert Gesetz soll villes preziséieren, wat ënner anerem d'Missioun an de Finanzement ugeet. Datselwecht gëllt, fir d'Relatioune mat den ONGen nach besser ze definéieren. Als wichtegt Element ass zousätzlech de Comité interministériel etabléiert ginn, deen déi grouss Linne vun eiser Kooperatiounspolitik begleeden an aviséiere sollt. Et ass dann och nach e Congé vu sechs Deeg agefouert gi fir déi Leit, déi um Terrain schaffen.

Den 9. Juli 2004 ass dëst Gesetz nach eng weider Kéier modifiéiert ginn, just mat engem Punkt, an zwar, fir de Partner - also och, wa se net bestuet waren an och fir d'Kanner vun den Aktiven um Terrain - d'Méiglechkeet ze ginn, hire Partner ze begleeden.

Ech sinn dann nach eng Kéier op déi verschidden Hëllefen, déi mir bis dohinner haten, a mengem schréftleche Rapport agaangen: vun der Coopération bilatérale, multilatérale, eis Kooperatioun mat den ONGe gradesou wéi eis Hëllef um Gebitt vun der humanitärer Hëllef, déi zwar zu deem Zäitpunkt nach net an eisen Texter festgehale gouf, mä wou mer awer och schonn aktiv als Land matgewierkt hunn. Et géif de Kader elo sprengen, op alles anzegoen, an duerfir verweisen ech op mäi schréftleche Rapport, wou ech dat och am Detail formuléieren.

Ech hu gläichermoossen drop higewisen, datt eist Land sech ëmmer nach an dem Kontext vun den internationalen Engagementer erëmfonnt huet, ob dëst elo am Kontext war vun der Déclaration de Paris 2005 iwwert d'Effikasitéit vun der Entwécklungshëllef, dem Programm vun Accra 2008, dem Consensus européen oder dem Festhale vun den Engagementer, déi während eiser lëtzebuergescher Présidence festgehale goufen, mat engem Prozentsaz vun 0,7% vum PIB.

Voilà, Här President, mir modifizéieren eist Gesetz also elo nach eng Kéier. Et war der Ministesch hire Wonsch, dat bestehend Gesetz net ze ersetzen, mä éischter ze complétéieren an unzepassen un dat internationaalt Ëmfeld, fir eben deenen ëmmer méi groussen Erausfuerderunge vun der humanitärer Hëllef Rechnung ze droe gradesou wéi méi prezis déi Felder ze definéieren, wou mir aktiv sinn, an nach méi eng kohärent Approche materafléissen ze loossen.

Dëst Engagement, fir d'Base légale ze adaptéieren, war iwwregens och am Regierungsprogramm festgehale ginn. An ech wollt och net vergiessen ze erwähnen, datt duerch den Dépôt vun der Proposition de loi 6020 vun der Madame Err an dem Här Angel e weidert wäertvollt Dokument eis op dësem Wee ëmmer begleet huet.

Den Objet vum Projet de loi war virun allem, fir d'Action humanitaire als feste Bestanddeel vun eiser Kooperatiounspolitik ze verankeren. Och wa mir bis elo schonns am Beräich aktiv waren, esou gëtt dat elo och en definitiven Optrag am Gesetz.

Zweetens wëlle mir eis, wat d'Definitiounen ubelaangt, un den europäeschen Texter orientéieren, dëst mat der Insertioun vun den internationalen Engagementer, déi mir als Land an dëser Matière geholl hunn, sief et um Niveau vun de Vereenten Natiounen oder aneren zoustännegen internationalen Organisatiounen. Dorënner fält natierlech och d'Festhale vun den Objektiver um Niveau vun den „Millennium goals", gradesou wéi datt mer eis Kooperatiounshëllef och a regelméissegen Ofstänn vum Comité d'aide au développement oder der OCDE evaluéiere loossen, wat nun och eng wierklech nëtzlech Kontributioun ass, fir eis Engagementer ze optimiséiere respektiv nach weider ze verbesseren.

Des Weideren ass eng Revisioun vun den Dispositioune vum Fong fir d'Entwécklungshëllef envisagéiert ginn, dëst, fir ze preziséieren, datt den décisive Kritär vun de Kollaboratioune mat den ONGen dee vum Agrément selwer ass, an net dee vun der Nationalitéit. Dat heescht, mir hunn d'«organisations non gouvernementales luxembourgeoises» remplacéiert duerch «organisations non gouvernementales de développement».

De Fong huet als Missioun, zum Finanzement zum Virdeel vun de Populatiounen, déi an der Entwécklung sinn, bäizedroen, sief et iwwer bilateral oder regional Hëllefen oder iwwer international Organisatiounen. Dëse Fong gëtt och elo de Finanzement, fir d'Capacitéiten an d'Luucht ze schrauwen, fir d'Fraisë fir d'Assistance technique ze decken, awer och fir d'Onkäschten ze iwwerhuelen, déi ufale fir de Rekrutement vun eise Leit, déi um Terrain schaffen, gradesou wéi fir Fraisen, déi à charge fale fir d'Formatioun vun de Stagiairen oder de Boursieren.

Des Weidere kann de Fong intervenéieren iwwert déi verschidde Secteuren, wéi déi verschidde sozial Aktiounen wéi d'Gesondheet, d'Éducatioun, d'Formation professionnelle, d'Landwirtschaft, d'Sécurité alimentaire, d'Waasser an d'Wasservirbereedung, déi wirtschaftlech, finanziell an industriell Kooperatioun, d'Zesummenaarbecht am Beräich vun der Ëmwelt, déi kulturell an déi wëssenschaftlech Kooperatioun wéi awer och d'Éducatioun fir den nohaltegen Développement.

De Fong kann awer och op enger transversaler Approche intervenéiere fir d'Promotioun vun de Mënscherechter, d'Verstäerkung vun der gudder Gouvernance, mat abegraff selbstverständlech déi vun der participativer Demokratie oder der Dimensioun vum Genre.

De Finanzement aus dem Fong déngt selbstverständlech och, fir eis pluriannuel Programmer ze stäipen, déi mir mat eise Partnerlänner jo ëmmer zesummen ausschaffen an déi selbstverständlech net vun uewen erof diktéiert ginn, mä mat eis zesummen ausgeschafft ginn. Dat war och ëmmer en Uleies vun eisem fréiere Kooperatiounsminister, dem Jean-Louis Schiltz.

De jährleche Rapport, an deem jo virgesinn ass, iwwert den Ensembel vun den Aktivitéiten am Kader vun der öffentlecher Hëllef de Bilan ze zéien, gëtt elo ergänzt mat engem Rapport iwwert d'Aarbechte vum Comité interministériel mat engem - an dat ass, mengen ech, wichteg och ze erwähnen, an dat war och e grousst Uleies vun den ONGen - ganz spezielle Bléck op d'Kohärenz vun de Regierungspolitiken.

Verschidde ministeriell Kompetenze ginn elo mat Règlement-grand-ducalë festgehalen, fir der aktueller Jurisprudenz entgéintzekommen. Dat war och, mengen ech, en Uleies vum Här Braz an der Kommissioun, deen dës Reglementer esou schnell wéi méiglech wollt eigentlech virleien hunn. D'Ministesch huet och gesot, datt si amgaange wär, déi auszeschaffen. Et si jo awer wichteg Reglementer, déi d'Ligne de conduite, déi sech jo aus dem Gesetz ergëtt, op wichtege Punkten ergänzen.

Une voix.- Très bien!

Mme Nancy Arendt *(CSV) rapportrice.*- D'Madame Ministesch kann eis do och vläicht verschidde Prezisioune ginn. Ech mengen, si hat gesot, si géif hiert Allerbescht maachen, fir déi esou schnell wéi méiglech op de Wee ze bréngen.

Et ass eng Revisioun vun den Dispositioune fir den Agrément gemaach ginn, dee sech elo just nach limitéiert op d'Associations sans but lucratif oder Fondatioune mat engem sozialen Engagement. Hei ginn also elo mat Règlement-grand-ducalen d'Kritären an d'Modalitéite festgehalen, déi zum Agrément féieren, gradesou wéi d'Konditioune fir de Renouvellement oder d'Zréckzéie vun engem Agrément.

D'Durée vum Agrément ass elo op zwee Joer eropgesat ginn, fir administrativ ze entlaaschten. Virdru war et jo ee Joer. Mir hunn d'Donation globale fale gelooss.Mir hunn déi relativ Dispositiounen zu den Accords-cadres preziséiert. Eis Ministesch kann elo bis zu 400% bei engem Kofinanzement bäisteieren zu deem, wat d'ONG investéiert huet, fir op dës Manéier eng méi programmatesch a strategesch wäitsiichteg Planung ze erlaben.

A mir hunn d'Dispositiounen, wat d'Cotisatiounen an der Sécurité sociale betrëfft, clarifiéiert, andeems mer festschreiwen, datt de Stat d'Part patronale iwwerhëlt, esou wéi dat vum Droit commun virgesinn ass.

A sengem éischten Avis huet eis de Statsrot félicitéiert fir déi enorm Ustrengungen, déi mir um Niveau budgétaire maachen, a bestätegt, datt mir domadder am Trio de têtes leie vun deene Länner, déi prozentual am meeschte ginn. Allerdéngs weist en awer och drop hin, datt dëst just eng Drëps op dee berühmtene waarme Steen ass, a mir missten no deem quantitativen Effort och de qualitativen an nohaltege Charakter nach méi an de Vierdergrond setzen.

Si si relativ kritesch mat hiren Aussoen, datt d'Ambitioune vum Projet de loi sech just op punktuell Changementer limitéieren, déi néideg wären, fir sech der Zäit unzepassen. Si hätte léiwer gären eng - zwësche Gänseféisercher - «reprise sur le métier plus globale» gewënscht, gradesou wéi iwwregens och de Cercle des ONG.

De Statsrot gëtt säin Accord fir d'Introduktioun vun der humanitärer Hëllef als wesentleche Vecteur d'action, huet sech awer formell opposéiert, datt d'Ministesch eleng d'Konditiounen hei festleeë kann. En huet recommandéiert, datt verschidde ministeriell Kompetenzen, also d'Modalitéiten u sech an d'Dispositioun vun der Exekutioun duerch Règlement-grand-ducalë festgehale ginn, fir konform zur Constitutioun ze sinn. An deem hu mir jo dunn och Rechnung gedroen.

E weist och drop hin, datt, wann de Comité interministériel obligéiert ass, säin Avis ofzeginn, d'Ministesch net hir politesch Responsabilitéiten huele kéint am Fall, wou keen Avis virläit. Hei huet d'Ministesch och gesot, datt d'Praxis et kloer géif hierginn, datt, wa keen negativen Avis kënnt no enger gewëssener Zäit, dat esou interpretéiert gëtt, datt et an der Rei ass.

Hien hiewt och d'Kritike vum Comité d'aide au développement nach eng Kéier ervir, datt Lëtzebuerg nach méi Effortë muss maachen a Saache Kohärenz vun de Politiken. Dësen Examen hat de CAD eisem Land recommandéiert, fir eis Kohärenz ze optimiséieren an no enger systematescher Fassong ze suivéieren an och ze evaluéieren.

De Statsrot bedauert, datt keng nei Propositioune matgeholl goufen, wat eis PICen, also eis Programmer, déi mer mat eisen Zillänner zesummen opstellen, ubelaangt. Hei hu mir awer och eng fest Zouso vun der Ministesch kritt, datt si d'Kommissioun nach méi staark wëllt mat abannen, wat de Suivi ugeet, a besonnesch wann nei Weeër ageschloe solle ginn. Dat huet si och schonn am leschte Joer mat eis gemaach.

No dësem Avis vum 5. Juli 2001 (veuillez lire: 2011) huet eis Regierung décidéiert, den initialen Text ze amendéieren an deene verschiddene Remarquë vun eiser héijer Kierperschaft Rechnung ze droen. Eis Kommissioun huet sech och majoritär fir dës Amendementer vun der Regierung prononcéiert.

An dem Avis supplémentaire vum 31. Januar, dee mer de 27. Februar analyséiert hunn, gëtt de Statsrot säin Accord zu dëse Veränneerungen. E kritiséiert zwar nach, datt den Text net virgesäit, datt op Propositioun vum Comité interministériel hin de Schluss vun engem Programm virgesäit (veuillez lire: de Schluss vun engem Programm décidéiert ka ginn). D'Madame Ministesch huet awer drop gehalen, fir eis ze soen, datt een einfach kee weideren Accord misst ginn, fir dës Programmer weider ze ënnerstëtzen. An dann ass et praktesch jo och dat nämlecht Resultat.

Déi héich Kierperschaft regrettéiert, datt déi lëtzebuergesch Affiliatioun vun de Leit, déi am Ausland fir eis um Terrain schaffen, net zréckbehale gouf. Mä et ass eis awer och op dësem Punkt vun de Mataarbechter vun dem zoustännege Ministère assuréiert ginn, datt et keen esou ee Fall géif ginn oder keen esou ee virkënnt an datt se all assuréiert wären.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Examen des articles wollt ech Iech um spéiden Owend erspueren. Dee kann ee jo och, mengen ech, méi a mengem schréftleche Rapport ënnert d'Lupp huelen, wann dat da gewënscht ass. De Kolleeg Marcel Oberweis, dee wénkt schonn, dee mécht dat ganz bestëmmt.

(Interruption)

Ech wollt der Ministesch zum Schluss nach eng Kéier e grousse Merci soe fir hir wäertvoll Aarbecht op dësem Gebitt a fir hiren Engagement. Et gesäit een, si huet d'Häerz op der richteger Plaz, an dat ass och gutt esou.

D'Gesetz ass erëm e weidere Schrëtt an eng Richtung vu Solidaritéit mat deenen, déi et wierklech schwéier hunn, mat Leit, déi ënner schwierege Konditiounen hiert Liewe meeschtere mussen. Eist klengt Land, wat eent vun deene renomméiertsten ass um Gebitt vun de Finanzen, ass och eent - Gott sei Dank! -, wat déi net vergësst, déi Honger leiden, déi duerch Naturkatastrophen alles verléieren oder déi a Krisegebidder ëm hiert Liewe fäerte mussen.

Mat dëser weiderer Etapp gi mer e wichtege Message vun Zesummenhalen, grad besonnesch elo an dëser Zäit, an enger Zäit vu Kris. Eis Ministesch versicht, de Kompass an därselwechter gudder Richtung ze loossen, wéi et elo schonn zënter e puer Joer fonctionnéiert, a souguer nach weider ze optimiséieren an eis weider anzesetze fir déi, déi ganz wéineg op dëser Welt hunn, wou mer duerch eisen Engagement ganz kloer Liewe retten, där méi klenger, mä och där méi grousser, a wou mer all zesumme stolz kënne sinn iwwert dat, wat mir an dësem Kontext leeschten an nach weider leeschte wäerten.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Arendt. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madame Marie-Josée Frank agedroen. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Marie-Josée Frank *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif als Alleréischt wëllen der Madame Nancy Kemp-Arendt villmools Merci soe fir hiren ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport, dee se mat ganz vill Engagement hei virbruecht huet. Ech wëll dowéinst jiddefalls net méi weider op den Detail vum Gesetz agoen, mä vill méi op d'Noutwendegkeet vun enger net nëmme quantitativ, mä qualitativ héichwäerteger Kooperatiounspolitik, wou d'Kohärenz, d'Transparenz an d'Effikassitéit eng grouss Roll spillen. Wéi sot den Hermann Hesse? „Damit das

Mögliche entsteht, muss immer wieder das Unmögliche versucht werden."

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, bal eng Milliard Mënschen op der Welt hunn net genuch ze iessen. Sechs Millioune Leit stierwen all Joer un Ënnerernährung. All fënnef Sekonne stierft e Kand un Honger. An enger Zäit, wou d'Nohaltegkeet net méi ewechzedenken ass, wëll ech och drun erënneren, datt mëttlerweil iwwer 300.000 Mënschen all Joer un de Folge vum Klimawandel stierwen. 2,6 Milliarde Mënschen, also 40% vun der Weltbevölkerung, hunn net déi elementaarst sanitär Installatiounen. Méi wéi eng Milliard Mënschen hu keen Zougang zu propperem Waasser. An dat alles si Mënscherechter.

Dës Zuelen, déi kënnen eis dach net kalloossen! Neen, si dierfen eis net kalloossen!

A sengem éischten Avis zum Gesetzestext 6261 vum 5. Juli 2011 lueft de Statsrot de Stat fir säin Engagement an der Quantitéit vun der Kooperatiounspolitik. An d'Madame Arendt huet et elo just ugeschwat: E bësse kritiséiert si mer awer an der Qualitéit ginn.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

D'Aide-publiquë sinn an deene leschte Jorzéngten enorm gestiegen: vun 0,1% op 0,32%, duerno op 0,7%, an - mir wëssen et alleguerten - haut leie mer bei 1%. 1% vun der Hëllef, vun eisem nationale Räichtum gëtt an d'Entwécklungshëllef investéiert. Dat ass fir d'Joer 2012 e Chiffer vu ronn 314 Milliounen Euro.

An dat soll och esou bleiwen. Och wa mer haut de ganzen Dag iwwert d'Kris geschwat hunn, dierfe mer eis net découragéiere loossen, datt mer déi Mënschen, déi wierklech op eis Hëllef ugewise sinn, datt mer déi net méi géifen ënnerstëtzen!

Une voix.- Très bien!

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Well d'Entwécklungshëllef, déi ass meeschtens dat éischt Opfer vun esou Mesuren, well et am einfachsten ass, do ze spueren, wou ee kee Widderstand huet oder wou et net ëm Wielerstëmme geet. An duerfir e waarmen Appell un eis alleguerten.

Genau dat, wéi ech elo grad gesot hunn, wëllen an dierfe mer net hinhuelen, well deenen engen hiert Leed vun haut kann eise Misär vu muer sinn. Mir mussen de Leit an den Entwécklungslänner nei Zukunftsperspektive ginn. Mir musse si ënnerstëtzen an hinnen hëllefen, hiert Land zu engem Land ze maachen, an deem et derwäert ass ze liewen.

Domadder léise mir net nëmmen hir Problemer, mä och eis Problemer, an zum Beispill dee vun der illegaler Immigratioun. D'Europäesch Unioun setzt an hirem Pakt iwwert d'Immigratioun an den Asyl op Synergien tëschent der Migratiounspolitik an der Développementspolitik, déi esou musse genotzt ginn, datt se kohärent sinn, notamment par rapport zu den Objektiver vum Millénaire vun der UNO, déi jo doranner bestinn, bis 2015 d'Aarmut, d'Kannermortalitéit, d'Epidemië wéi och den Aids signifikativ ze reduzéieren, an op där anerer Säit d'Bildung, d'Gläichberechtegung an den Développement durable ze promouvéieren. D'Kooperatiouns- an d'Migratiounspolitik kënnen also duerchaus zesummenhänken.

De Choix vun de Pays cibles spillt natierlech an deem Kontext eng wichteg Roll. Momentan huet Lëtzebuerg néng Pays cibles. Et sinn zum Beispill: an Asien Vietnam a Laos; an Zentralamerika Nicaragua a Salvador; an Afrika ass et den Niger, de Cap-Vert, de Senegal, Mali an de Burkina Faso, deen ech perséinlech besser kennen.

Interessant ass och do ze gesinn, datt véier Länner aus dem Balkan op Lëtzebuerger Kooperatioun haut kënnen zielen. Dat sinn: Albanien, de Kosovo, Montenegro a Serbien. Wann een déi rezent Chiffere vun den Demandeurs d'asile aus dem Westbalkan kuckt, da kënnt een natierlech net derlaanscht, sech d'Fro ze stellen, datt mer an Zukunft d'Kooperatiounsprojete méi cibléiert uginn, fir bestëmmte Regiounen a Minoritéite kënnen ze hëllefen.

Wéi um europäeschen Niveau ass et och sécher um nationalen Niveau ze wënschen, datt Immigratioun, Integratioun a Kooperatioun nach méi enk zesummeschaffen.

Haaptmotivatioun vun enger gudder Kooperatiounspolitik ass a bleift natierlech, de Mënschen, déi a Leed an Aarmut liewen, besser Liewensperspektiven ze ginn. Duerfir musse mer nieft der quantitativer Dimensioun, déi jo zu Recht iwwerall Luef récoltéiert huet, verstäerkt op d'Qualitéit vun eiser Hëllef setzen.

Am Kloertext heescht dat, datt mer d'Problemer esou musse léisen, datt se de Besoinen an den Doléancë sur place am beschte Rechnung droen. Also, et muss verstäerkt mat de lokalen Autoritéiten, den Entreprisen an der Population sur place kooperéiert ginn, an dat vun Ufank un, fir datt si matagebonne ginn a sech och responsabel spieren. D'Kooperatiounspolitik muss Hëllef fir Selbsthëllef sinn, fir eng méi nohalteg an autonom Entwécklung an de Partnerlänner.

E wichtegen, wann net dee wichtegste Punkt vun dëser Politik ass d'Sécurité alimentaire. D'Kooperatiounspolitik, déi mir am Domän vun der Sécurité alimentaire verfollegen, baséiert als Alleréischt op der Sensibilisatioun vun deene Leit, déi an hire Regioune schaffen, wou mer déi lokal Producteure mussen ënnerstëtzen. Si musse sech bewosst ginn, datt d'Agrikultur fir si och e wichtege Wirtschaftsfacteur ka ginn. An dat lokaalt Entrepreneuriat soll och doduerch gefördert ginn.

Lëtzebuerg huet am Kader vu sengen Aktivitéiten am Beräich vun der Sécurité alimentaire am Niger 143 km Strooss gebaut, déi eelef Gemenge matenee verbannen, fir datt déi verschidde Produktiounszonen uneneen ugeschloss kënne ginn an den Accès zum Marché garantéiert gëtt. Dat ass fir mech e supert Beispill vun enger ganz gudder Kooperatioun an engem vernetzte Plangen.

D'Agrikultur muss duerch eng durabel Gestioun vun den natierleche Ressourcë garantéiert ginn. D'Biedem musse protegéiert ginn. D'Versandung, d'Desertifikatioun musse verhënnert ginn, d'Bëscher mussen erhale bleiwen, d'Waasser muss rationell genotzt ginn.

Dëse Punkt bréngt mech zu engem anere wichtegen Element vun eiser Kooperatiounspolitik: dem Waasser. Ouni Nahrung an ouni Waasser kee Liewen. Och d'Waasserversuergung an d'sanitär Installatioune gehéieren zu de Prioritéite vun eiser Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik. D'Waasser huet gläich e puer Dimensiounen: déi vum Iwwerliewen, dann déi vun der Éducatioun an déi vun der Zukunft vun eisem Planéit.

Als Éischt musse mer derfir suergen, datt d'Mënschen Accès zu propperem Waasser kréien. Dat ass eng essenziell Viraussetzung fir d'Iwwerliewen a fir d'Gesondheet vun de Leit. Lëtzebuerg ass besonnesch am Senegal, a Mali, am Cap-Vert, a Salvador, Nicaragua an am Niger op deem Gebitt ganz aktiv.

Am Kader vun de Programmes indicatifs de coopération - ofgekierzt PIC - ginn hei fir déi Regioune spezifesch a lokal adaptéiert Programmer ëmgesat. Dëst geschitt an enker Zesummenaarbecht mat de lokalen Autoritéiten, wat ganz, ganz positiv ass. Méi erneierbar Energië sollen och zum Asaz kommen. Besonnesch am Niger, am Senegal an am Mali si Mesurë fir d'Waasserversuergung an den Assainissement virgesinn.

An dësen dräi Länner gëtt an den Dierfer derfir gesuergt, datt d'Leit iwwer hydraulesch Installatiounen Accès zu propperem Drénkwaasser kréien. Benotzergemeinschafte gi geschaf, also, d'Durabilitéit vun deene Projete gëtt duerch Dispositive garantéiert, déi speziell fir den Entretien sur place zoustänneg sinn. D'Handwierker kréien extra Formatiounen. Et gëtt och speziell drop opgepasst, datt déi lokal politesch Instanze Verantwortung fir de Service public vun der Waasserversuergung iwwerhuelen. Ëmmer erëm muss ee si drop opmierksam maachen, datt si do musse matagebonne ginn.

D'lokal Waasserversuergung dréit dann och zum Objektiv vun der Éducatioun an der Santé bäi. Oft musse besonnesch déi jonk Meedercher kilometerwäit all Dag goen, fir hirer Famill Waasser ze bréngen. D'Konsequenz dorauser ass, datt se net kënnen an d'Schoul goen. Duerch d'Installatioun vun enger lokaler an dezentraler Waasserversuergung gëtt dëse Wee staark reduzéiert an d'Kanner kënnen, wann dann eng Schoul sur place ass, och dovunner profitéieren.

Schlussendlech entscheet de Waasserproblem iwwer Krich a Fridden op dëser Welt. 2050 soll et néng Milliarde Mënschen op dëser Welt ginn. Bis dohi wäerten zwee Drëttel vun der Mënschheet e Mangel u Waasser hunn. Säit 2000 ass et scho 50 waasserbedéngte gewalttäteg Konfrontatioune ginn. Haut de Problem vum Waasser léise bedeit, de Krich vu muer évitéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, Dir gesitt, een Zännrad muss an dat anert gräifen. Wat der Agrikultur, der Waasserversuergung an domadder der Ernährung déngt, erfëllt och gläichzäiteg en anert wichtegt Zil: de Klimaschutz, deen eisem Spriecher vun der Ëmwelt, eisem Marcel Oberweis, och ganz, ganz speziell um Häerz läit.

Hei droen d'Industrienatiounen an ëmmer méi déi opkommend Schwellelänner als Haaptverursaacher eng besonnesch Responsabilitéit a Saache Klimawandel, déi déi Drëtt Welt am éischten ze spiere kritt.

Wat notzt et eis haut, 1% vun eisem Räichtum an d'Entwécklungshëllef ze stiechen, wa muer déi Infrastrukturen, déi domadder opgebaut gi waren, duerch e Stuerm, eng Iwwerschwemmung oder eng extrem Dréchent zerstéiert ginn?

D'OECD mécht schonn zënter Joren op dës Problematik opmierksam, datt eis ambitiéis Entwécklungspolitik nëmmen da ka gräifen, wann och gläichzäiteg dem Klimawandel seng fatal Auswierkungen ofgeschwächt ginn. Duerfir musse mir de Problem vum Klimawandel net nëmme bei eis selwer, mä och an den Entwécklungslänner ugoen. Si kënne sech duerch hir geografesch Situatioun, hir staark Ofhängegkeet vun den natierleche Ressourcen an déi schwiereg klimatesch Bedéngunge ganz schwéier un de Klimawandel adaptéieren. An do musse mer usetzen.

Ech si frou, datt den Ëmweltschutz zu den Haaptstrategien an -orientatioune vun eiser Kooperatiounspolitik gehéiert. Konkret heescht dat zum Beispill, datt mer mussen eis asetze géint d'Ofholze vun de Bëscher, datt géint d'Versandung vun der Landschaft virgaange gëtt, datt d'Biodiversitéit erhale respektiv rekonstruéiert gëtt. Fir dat fäerdegzebréngen, mussen d'Mënschen op der Plaz sensibiliséiert ginn. Si musse léieren, sech un de Klimawandel unzepassen; si mussen deen néidegen Know-how, de Savoir-faire vermëttelt kréien.

An dësem Kontext ass et richteg, datt de Gesetzesprojet virgesäit, datt de Fonds de la Coopération au Développement och ka Programmer finanzéieren, déi déi technesch Capacitéite vun den Entwécklungslänner stäerken. Mat där Hëllef kënnen zum Beispill Formatioune finanzéiert ginn an och aner Mënschen eng Aarbechtsplaz kréien.

E Wuert zur Bildung. Primär Éducatioun ass och e Mënscherecht, wou der nach ganz, ganz vill haut net kënnen dervu profitéieren. Also bleift op deem Gebitt nach ganz villes opzebauen, wéi och an der Formation professionnelle.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng qualitativ héichwäerteg Politik setzt viraus, datt den néidege Suivi vun eise Kooperatiounsprojete gemaach gëtt. Durabilitéit, Effikassitéit an Transparenz musse garantéiert sinn.

Ech begréissen an deem Kontext ausdrécklech, datt de Gesetzesprojet 6261 d'Agrémentsdauer vun den ONGe vun engem op mindestens zwee Joer eropsetzt. An deem Kontext ass et och richteg, datt de Contrôle duerch d'Chamber - vun deem d'Madame Arendt scho geschwat huet - vum Fonds de la Coopération au Développement verstäerkt gëtt. D'Chamber kann duerch de Gesetzesprojet méi e groussen Ableck an d'Dépensen an d'Affectatioune vun dem Fong kréien. De Comité interministériel pour la coopération au développement kritt eng speziell Kompetenz, fir d'Kohärenz vun der Kooperatiounspolitik ze kontrolléieren.

Am Ufank vu menger Interventioun hunn ech de Lien Immigratioun a Kooperatioun gemaach. Eng éischt konkret Etapp kéint sinn, d'Compositioun vum Comité interministériel pour la coopération au développement ze iwwerdenken, well momentan weder e Vertrieder vun der Immigratioun nach vum Développement durable am Beräich vum Klimawandel vertrueden ass. All dëst sinn Elementer, déi an Zukunft d'Qualitéit vun der Kooperatiounspolitik stäerke kéinten.

Während den Travaux préparatoires vum Gesetzesprojet 6261 sinn nach eng Rei aner Elementer diskutéiert ginn, an ech ginn haut net dorobber an. Dat kann een alles an de Rapportë noliesen.

Am Regierungsprogramm ass virgesinn, datt d'Regierung am Kader vun de Marchés publics besonnesch derfir suerge wäert, datt Produkter aus dem fairen Handel kaf ginn. Datselwecht sollen och all d'Gemenge maachen, an och mir heibannen an dobaussen am Land solle méi dovunner profitéieren, well dat dierf keng Lettre morte bleiwen.

An eis Ministesch ass déi beschten Ambassadrice, fir d'Fairtrade-Produkter ze promouvéieren, an duerfir e grousse Merci.

Et ass och wichteg, datt d'Programmes indicatifs de coopération, also d'PICen, evoluéieren, datt se regelméisseg den neie Gegebenheeten um Terrain ugepasst ginn, datt nei Kritären au fur et à mesure vun der Evolutioun vun eiser Kooperatiounspolitik derbäikommen. Och dat ass eng Fuerderung vum Cercle des ONG.

Ech wollt domadder soen, datt et eis Flicht ass als Législateur, eis Gesetzer, déi mer stëmmen, an den Aen ze behalen an - esou wéi de Conseil d'État d'ailleurs gesot huet - ze evaluéieren, fir datt déi Suen, déi mer zur Verfügung stellen, beschtméiglech ugewannt ginn. Duerfir solle mer och verstäerkt dorobber setzen.

E besonnesche Merci gëllt och all deenen, déi sech an der Kooperatiounspolitik engagéieren. E grousse Merci geet selbstverständlech och u Lux-Dev, déi elo schonn zënter méi wéi 30 Joer onermiddlech zesumme mat de Beamte vun der Direction de la Coopération d'Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik um Terrain ëmsetzen.

Ech géif gären ofschléissend soen, datt den A an den O vun enger effikasser Kooperatiounspolitik ass, datt mer d'ONGen, déi enorm gutt schaffen, awer mussen drop setzen, datt se méi d'Synergien notzen, datt se hiert Wësse méi austauschen an datt mer domadder och méi effikass kënne ginn. E ganz gutt Beispill ass rezent ugefouert ginn, fir zum Beispill de Cercle des ONG mat allen Associatiounen, déi zesummen am Burkina Faso täteg sinn, ze rassembléieren an do gemeinsam Zukunftsprojeten ze promouvéieren.

Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll ofschléissend allen, alle Merci soen, déi sech säit Jorzéngten am Déngscht vu Mënschen an Nout an der Drëtter Welt engagéieren, allen Associatiounen hei am Lëtzebuerger Land an doriwwer eraus. An ech maachen en Appell un eis alleguerten, datt et derwäert ass, sech fir Mënschen an Nout ze engagéieren. Ech maachen och en Appell un de Service volontaire, datt mer méi Bénévoler fannen, déi op d'Plaz ginn an dat Wëssen, wat mir hei erléiert hunn, do de Leit um Terrain weidervermëttelen. Well wéi schéin huet de Raoul Follereau gesot: „Leben heißt, helfen zu leben. Man muss anderes Glück aufbauen, um selber glücklich zu sein."

An deem Sënn, Dir Dammen, Dir Hären, kommt, mir fuere weider an ënnerstëtzen eis Ministesch an der Entwécklungspolitik, well et ass derwäert! Ech kann lech et soen. Well wann een op der Plaz war an et huet een an där gréisster Aarmut mat Mënsche gelieft, da gëtt ee vill méi zefridden, wann een heemkënnt. An dann ass een och erëm motivéiert, aneren ze hëllefen.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Frank, an als nächste Riedner ass den Här Helminger agedroen.

M. Paul Helminger *(DP)*.- Här President, ech géif fir d'Éischt emol probéieren, fir der Versuchung ze widderstoen, fir et quantitativ mat mengen zwou Virriednerinnen opzehuelen.

(Hilarité)

Well souguer am Kontext vun der Égalité des chances sinn ech der Meenung, datt et och qualitativ zur Substanz net ganz vill bréngt, wann elo e Mann grosso modo datselwecht géif soe wéi virun him zwou Fraen.

(Interruption)

Ech wëll just soen, datt ech mat deem, wat si gesot hunn, d'accord sinn. Ech mengen, ech kéint dat och am Numm vu menger Fraktioun soen an domat schonn undeiten, datt och d'DP dee Projet de loi hei wäert stëmmen.

Erlaabt mer awer, fir zwou oder dräi kuerz Remarquen ze maachen.

Eng éischt: Do geet et ëm d'Kohäsioun vun der Politik. Dat ass jo eppes, wat bemängelt ginn ass, och international vum Comité d'aide au développement vun der OCDE, dee gesot huet, mir missten derfir suerge vläicht, mat där generéiser Entwécklungshëllef, déi mer do géife maachen, datt mer do géifen derfir suergen, datt mer e bësse méi Kohärenz nach géifen dorannerbréngen an datt do de Comité interministériel ganz besonnesch gefuerdert wär.

Ech ginn dovun aus, datt dat jo eppes ass, wat dann och elo net hei am Gesetz zréckbehale ginn ass, wat awer net nëmmen d'Ministesch, mä alleguerten déi Ministeren, déi concernéiert sinn, zesumme kéinten ugoen, datt dee Comité ministériel erëm géif zum Liewen erwächt ginn.

Eng zweet kuerz Remarque iwwert d'Implikatioun vun de Gemengen. Et ass jo esou, datt mer net nëmmen déi offiziell Entwécklungshëllef hunn, mä datt sech enorm vill Engagement a gudde Wëllen um Terrain manifestéiert, wou Leit wierklech wëllen hëllefen - oft fënnt et forcément um Niveau vun de Gemenge statt - an déi adresséiere sech och ganz oft fir d'Éischt un d'Gemengen, fir ze soen, ob gehollef soll kënne ginn.

Ech mengen, mir begréissen dat, datt dat méiglech ass. Ech wëll awer als jo laangjähregе Buergermeeschter vun der gréisster Stad drop opmierksam maachen, datt ee soll virsiichteg sinn, wann ee selwer Projeten ugeet, well ech géif do behaapten, datt nëmmen déi allermannst esou opgestallt sinn, datt se och selwer kënnen derfir suergen, datt bei deem, wat do als Projet ugaange gëtt, datt een do déi néideg Ausdauer, deen néidegen Engagement, déi néideg Kompetenz virun allem huet, fir dat

dann och wierklech zum Erfolleg duerchzeéien.

Mir hunn an der Stad een oder zwee ganz erfollegräich Beispiller esou gehat. Et ass also net, fir ze soen: „Maacht et net!", mä just e Wuert vu Virsiicht. Et ass séier gesot: „Wéi wär dat esou flott, wa mer an engem Parrainage oder engem Jumelage oder wat och ëmmer géife kënnen hëllefen", mä et muss ee sech och sécher sinn, datt een dat och wierklech kann effektiv duerchzéien.

Zu de Kritären, wéi d'ONGen zougelooss gi sinn, wéi gesot, do hätte mer eis vläicht nach e bësse méi Transparenz gewënscht. Mä do soll jo e Règlement grand-ducal kommen, esou datt ech kann dervun ausgoen, datt dat geschitt.

Dann en allerlescht Wuert: Mir maachen eis jo mat där Entwécklungshëllef an der Welt ganz vill Frënn. Mir knäppen do Bindungen un, déi fir Lëtzebuerg ganz wäertvoll sinn. Ech géif just do soen: Kommt, mir sinn do net méi kathoulesch wéi de Poopst, a kommt, mir kucken, ob mer net op verschiddene Plazen, do, wou et sech praktesch ubitt... An ech denken do zum Beispill u Länner wéi de Vietnam oder de Laos, wou mer täteg sinn an déi elo iwwert dee Stadium eraus sinn, wou nach reng Entwécklungshëllef ubruecht ass, mä wou mer awer Relatioune geknäppt hunn, déi awer och elo emol vläicht wirtschaftlech kéinte vun Intérêt sinn, elo, wou déi och no Wirtschaftspartner sichen.

Ech mengen, och do, wann een do e bëssen an der Kohärenz an an der Kontinuitéit géif denken, da géif ee sech vläicht iwwerleeën, ob et zum Beispill elo sënnvoll ass, fir eventuell dach awer elo eng Kéier dee Bureau de la coopération am Vietnam zouzemaachen, fir dann zwee Joer drop ënnert dem „Luxembourg for Business" erëm e Büro opzemaachen. Also, ech mengen, do sollt ee sech vläicht iwwerleeën, ob do net e bësse Kontinuitéit méiglech wär.

Dat alles gesot, wéi gesot, géife mer dee Projet hei mat grousser Freed stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Helminger. An elo kritt den Här Marc Angel d'Wuert.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, gläich am Ufank wëll ech dem Nancy Arendt, eiser Rapportrice, Merci soe fir hire gudde schréftlechen a mëndleche Rapport, awer och fir hiren onermiddlechen Asaz, besonnesch wa mer an der Kommissioun iwwer Froe vu Kooperatioun an humanitärer Hëllef schwätzen.

Dëse Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, entsprécht dem Regierungsprogramm vun 2009, wou ebe ganz kloer drastoung, dass d'Gesetz vu '96 soll reviséiert ginn. D'Regierung huet dat Engagement och geholl, genau zwee Joer nodeems ons Kolleegin Lydie Err an ech am Numm vun der LSAP eng Proposition de loi déposéiert haten, fir dat 96er Gesetz ze modifizéieren.

D'96er Gesetz huet et laang erlaabt, dass ons Kooperatioun sech - an et ass virdru gesot ginn - quantitativ a qualitativ formidabel entwéckele konnt, fir dass mer mat der Entwécklungshëllef op deem exemplareschen Niveau ukomm sinn, wou mer haut sinn.

Wéi d'Lydie Err an ech deemools ons Proposition de loi redigéiert hunn, ass et ons drëms gaangen, ons Législatioun iwwert d'Entwécklungszesummenaarbecht ze aktualiséieren an d'Transparenz ze renforcéieren an awer och, fir d'Zesummeschaffen zwësche Chamber a Ministère weiderzëentwéckelen an ze verdéiwen.

Wann een deen Exposé des motifs vun der Proposition de loi, awer och dee vum Projet de loi, liest, da versteet een, dass zwësche '96 an haut um Plang vun der Kooperatiounspolitik villes geschitt ass an dass et effektiv elo noutwendeg war, dat 96er Gesetz der Praxis an der Realitéit vum Terrain unzepassen. Ons Kolleegin Nancy Arendt schreift dat och an hirem schréftleche Rapport. A mir vun der LSAP-Fraktioun sinn och hirer Meenung, dass am Fong d'Gesetz vun 1996 a senger Essenz net a Fro gestallt ass.

An de leschte 16 Joer, säit 1996, huet also eis Kooperatiounspolitik sech peaufinéiert. Awer scho véier Joer virdrun, 1992, wéi mer dem CAD bäigetruede sinn, ass déi formidabel Evolutioun ugaangen. De Volume ass gestiegen. Ech brauch et net ze widderhuelen; d'Madame Frank huet eis dat en détail erkläert.

Och déi qualitativ Verbesserung, do wëll ech lech elo hei Zäit spueren, déi ass vun de Virriedner exzellent ervirgestrach ginn, esou dass ech concluéiere kann…

(Interruption et hilarité)

…op deem dote Punkt - op deem dote Punkt! -, dass mer wierklech säit '96 gutt virukomm sinn an dass mer elo effektiv mat deem neie Projet d'Gesetz dem Terrain upassen, och besonnesch, fir ganz kloer no baussen ze weisen, wat d'Objektiver vun der Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik sinn a wéi se fonctionnéiert.

Mat der Virbereedung vun dëser Ried hunn ech nach eemol de Compte rendu analytique vun der Sitzung hei vum 25. Mäerz 2009 nogelies. Dat war déi Sitzung, wou d'Madame Err an ech eis Proposition de loi virgestallt hunn ulässlech der jährlecher Kooperatiounsdebatt. An ech hat schonn deemools probéiert kloerzestellen, dass onsen Text net a Stee gemeesselt ass an dass d'Absicht virun allem déi war, fir méi schnell zu enger Adaptatioun vum 96er Gesetz ze kommen, déi mir och deemools fir noutwendeg fonnt hunn.

No fruchtbaren Diskussioune mat der Ministesch stellen ech fest an ech freeë mech, dass mer haut kënnen iwwer e Gesetzesprojet ofstëmmen, deen eis Zilsetzunge vun deemools erfëllt.

Ech ka mech awer och drun erënneren, dass den deemolege Minister am Mäerz 2009 éischter mat gemëschte Gefiller op eis Proposition de loi reagéiert hat. Hie war d'accord, dass eenzel Punkten am Gesetz vu '96 der heiteger Praxis net méi entspriechen, besonnesch wat d'Aide humanitaire betrëfft. Doriwwer eraus hat hien awer net wierklech d'Noutwendegkeet gesinn, méi am Detail am Gesetz d'Ziler, d'Strategien a Prinzipië vun onser Kooperatiounspolitik festzeleeën.

Dës Haltung huet sech och nach e bëssen am initiale Projet de loi 6261, deen d'Ministesch den 9. Mäerz 2011 déposéiert huet, erëmgespigelt.

Hei si virun allem déi Punkten am Gesetz adaptéiert ginn, déi net méi der aktueller Praxis entsprach hunn. De Statsrot huet dofir a sengem éischten Avis vum 5. Juli 2011 bedauert, dass de Projet net méi ambitiéis ausgefall wär a just punktuell Ännerunge géif virhuelen. An ech mengen, an déiselwecht Kerb huet och den Avis vum Cercle des ONG gehaen, dee virun allem eng Referenz op d'Cohérence des politiques vermësst huet.

Ech mengen, dass déi Bedenken, déi op där enger an op där anerer Säit bestanen hunn, zënterhier beisäitgeraumt gi sinn. Aus den Diskussiounen, déi d'Madame Err an ech am Verlaf vum Joer mat der Madame Minister haten, huet sech gewisen, dass et am Fong vun der Saach keng Differenze gëtt. Mir freeën eis also haut, dass mer mat deem Projet hei och eng Rei Amendementer unhuelen, déi wierklech gutt sinn an och, mengen ech, vu praktesch all Mënsch an der Kommissioun begréisst gi sinn.

Et war eis och wichteg, am Gesetz selwer méi däitlech ze maachen, wéi gesot, wat d'Ziler vun onser Kooperatioun sinn a wat fir eng Moyenë mer dofir asetze wëllen an no wat fir enge Prinzipië mer schaffen. Mir stëmmen also haut iwwer e Gesetz of, wat och der Suerg vun der Ministesch Rechnung dréit, dass mer den Text esou formuléiert hunn, dass mer zukünfteg Evolutiounen am Beräich vun der Entwécklungshëllef kënnen integréieren, ouni dofir direkt erëm Ännerungen am Gesetz virhuelen ze mussen.

E wichtegen Diskussiounspunkt war natierlech dee vun der Cohérence des politiques. Et ass en Argument, dat ganz regelméisseg ugeschwat gëtt, wann et ëm Entwécklungszesummenaarbecht geet. Wann een den Impakt kuckt, dee verschidde Politikberäicher op d'Situatioun an den Entwécklungslänner hunn, da muss een natierlech zouginn, dass Entwécklungshëllef oft nëmmen eng Drëps op de waarme Steen ass an dass eenzel Décisioune vun den Industriestaten an der Aussenhandelspolitik oder Klimapolitik, Landwirtschaft - et ass virdru gesot ginn - zum Deel dat zerstéiere kënnen, wat mer mat Entwécklungsgelder opgebaut hunn.

Et ass awer och richteg, dass d'Aarmut an allen Entwécklungslänner ënnerschiddlech Ursaachen huet an d'Industriestaten net eleng schold sinn um Misär vun der ganzer Welt. An et ass och normal, dass mir als Lëtzebuerger Interessen hunn, déi genausou legitim si wéi déi vun onse Partnerlänner.

Dass et do Interessenskonflikter gëtt, ass normal. An et ass eben dofir wichteg, sech Gedanken ëm d'Kohärenz an der Politik ze maachen, fir zumindest do, wou et méiglech ass, kontraproduktiv Iwwerschneidungen ze verhënneren. Mir verstinn och, dass d'Ministesch op deem Punkt eng begrenzte Kompetenz huet an net eleng kann Décisiounen treffen, déi iwwert d'Kooperatiounspolitik erausginn. Si huet eis awer an der Kommissioun versécher, dass an der Regierung Gespréicher an deem Sënn stattfannen, wa sech eng Situatioun ergëtt, wou deem enge seng Décisioun sech negativ op deem anere säi Politikberäich kéint auswierken.

Mir sinn och dofir frou, Madame Ministesch, dass d'Motioun vun der Cohérence des politiques awer am Kader vun enger Rei Amendementer an d'Gesetz ageschriwwe gouf, fir dass et och no baussen ze gesinn ass, dass dës Iwwerleeunge gemaach ginn a wat fir eng Konklusiounen doraus gezu ginn.

Domat wären zwee vun dräi Ziler erreecht, déi d'Lydie Err an ech am A haten, wou mer eben dës Proposition de loi geschriwwen hunn. D'Gesetz gëtt mat dësem Projet de loi un déi aktuell Praxis ugepasst. An et léisst eis no bausse méi kloer erkennen, wéi gesot, wat d'Ziler an d'Strategien an d'Prinzipië vun onser Politik sinn.

En drëtt Zil war et, d'Chamber méi staark an d'Kooperatiounspolitik matabannen ze kënnen. D'Resultater vun der Kooperatiounspolitik gesi mer emol net ëmmer direkt virun eiser Hausdier. A mir hunn och keen direkte Kontakt mat de Bénéficiairen. Dat ënnerscheet d'Kooperatiounspolitik vun allen anere Politikberäicher. Et wär fir d'Deputéiert immens einfach, dëse Sujet lénks leien ze loossen, zemools well iwwert déi Projete keng Gesetzer hei an der Chamber gestëmmt ginn an och just eemol am Joer eng Ried hei vun ons verlaangt ginn ass, wéi dat eben all Joers war.

Ech wëll awer domadder net soen, dass d'Regierung an dëser Fro eist Vertrauen net verdéngt hätt, au contraire. Et gëtt hei eng ganz exzellent Aarbecht geleescht an dat gëtt eis jo och um internationale Plang bestätegt. Et geet mir virun allem drëms, dass den Desinteressi an d'Indifferenz e Risiko fir dës gutt Politik duerstellen, well een dat, wat een net interesséiert an net versteet, och manner bereet ass ze ënnerstëtzen.

D'Lydie Err an ech hunn eis dofir Gedanke gemaach, wéi een de Sujet Entwécklungszesummenaarbecht méi präsent kéint an der Chamber halen. Zum engen, schéngt et mer, si schonn eng ganz Rei Schrëtt an déi richteg Richtung gemaach ginn, zum Beispill andeems mer d'Ried vun der Kooperatioun an den Hierscht verluecht hunn, nodeems mer am Juli de Rapport vum Ministère virgestallt kréien, am September d'Assisë vun der Kooperatioun an dann ee Mount duerno hei den Débat hunn, esou dass déi Evenementer net lassgeléist vuneenee stattfannen.

Doriwwer eraus läit et natierlech och un eis, un der Kommissioun oder och hei un der Plénière, iwwer eenzel Aspekter vun der Kooperatioun ze diskutéieren. Dat sollt menger Meenung no méi systematesch gemaach ginn, zum Beispill wa mer d'PICen ausschaffen. Och do si scho gutt Usätz gemaach ginn, mä dat kënne mer an Zukunft nach sécher verdéiwen. Et freet mech, dass d'Madame Minister ëmmer an d'Kommissioun komm ass, wann déi lescht PICen diskutéiert gi sinn a presentéiert gi sinn.

Ech denken awer och zum Beispill elo un déi Situatioun, wéi se am Mali ass. De Mali ass eent vun eise Partnerlänner. Dir wësst, dass et virun e puer Deeg do zu engem Putsch koum. Mir hunn do Projete lafen. Eis Agence Lux-Development huet do Leit um Terrain. D'Madame Ministesch, mengen ech, huet an der Press schonn e puer Informatioune ginn. Et wär vläicht interessant, wann Der eis kéint soen,…

(Interruption)

…wou mer do mat eise Projeten dru sinn.

No den Diskussiounen, déi mer also an der Kommissioun haten, si mer d'accord, dass d'Instrument vum PIC just generell am Projet de loi agesat ass, well jo effektiv d'Terminologien an deem Beräich kënne ganz schnell änneren.

Mir waren och vun Ufank u mat der Ministesch enger Meenung, dass näischt soll an d'Gesetz ageschriwwe ginn, wat et herno kéint schwéier maachen, wann um internationale Plang nei Konferenze sinn, nei Projete sinn, wa mer eis do un Entwécklunge missten upassen. Dofir hu mer och net d'Déclaration de Paris, Accra nominativ am Gesetz dran. An et ass och gutt esou.

Mir als LSAP sinn zur Konklusioun komm, dass d'Kooperatiounsgesetz net déi richteg Plaz wär, fir eppes iwwert d'Kompetenze vun de Gemengen ze schreiwen. Dat bedeit net, dass ee sech net iwwert d'Roll vun de Gemengen an der Kooperatiounspolitik soll Gedanke maachen. Et kann ee gedeelter Meenung driwwer sinn, ob d'Gemengen iwwerhaapt an deem Domän aktiv solle sinn oder net.

Et ass awer e Fakt - an ech mengen, de Paul Helminger huet et virdrun ugeschwat -, dass vill Gemenge sech an där enger oder anerer Form un der Entwécklungszesummenaarbecht bedeelegen. Perséinlech fannen ech dat och gutt, well d'Gemenge sinn no um Bierger an e wichtege Multiplicateur a kënnen deemno e wichtege Bäitrag leeschten, fir d'Leit ze sensibiliséieren a mat guddem Beispill virzegoen, andeems se hir Solidaritéit mat de Leit an der Drëtter Welt zum Ausdrock bréngen.

D'Gemenge sinn natierlech autonom. An et geet mir hei net drëms, dass de Ministère hinne soll Virschréfte maachen. Et geet mer drëms, dass all Gelder, déi an d'Kooperatioun gestach ginn, méiglechst effizient solle genotzt ginn an dass d'Gemenge genausou wéi d'ONGe sollte kënne vum Wëssen a vun den Erfahrungen, déi de Ministère huet, profitéieren.

Doriwwer eraus wär et wichteg a gutt, wann den Austausch zwësche Ministère an de Gemenge kéint verstäerkt ginn, fir besser ze gesinn, wou d'Gemengen eng echt Plus-value kënne bréngen, net dass et zum Risiko kënnt, fir en Double emploi mat aneren Acteuren ze maachen. D'Assisë vun der Kooperatioun wären e gudde Kader.

Da wollt ech nach eng lescht Remarque maachen. Iwwerhaapt betrëfft d'Cohérence des politiques jo net nëmmen d'Regierung. All Acteur soll sech domat ausenanersetzen, wat anerer maachen a wéi déi eegen Aktivitéite sech mat aneren ergänzen. D'Assisë sinn effektiv dofir eng flott an interessant Plattform, déi deen Austausch fördere kann a wat hoffentlech och derzou féiert, dass ee bei deem engen a bei deem anere gutt Iddien iwwerhuele kann an dann déi „best practices" duerchsetze kann.

An elo kommen ech zur Konklusioun, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Als Konklusioun wollt ech soen, dass d'Gesetz eleng nach laang net iwwert d'Qualitéit an den Engagement an der Kooperatiounspolitik bestëmmt. E Gesetz soll awer e Kader schafen, an deem dësen Engagement sech kann entfalen, a Prinzipië festleeën, déi d'Reflexioun iwwert d'Qualitéit orientéieren.

Mir vun der LSAP-Fraktioun sinn dofir frou, dass d'Gesetz vun 1996 elo ugepasst ass an dass esou vill vun eisen Iddien doranner konnten erafléissen. Dofir freeën ech mech, dass mer dëst Gesetz elo haut hei zu spéider Stonn kënne stëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Angel. An als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt wollt ech mäi Kolleeg Félix Braz entschëllegen, deen ass haut op Bréissel bei de Conseil de l'Europe. Ech wollt dat awer soen, well déi Aarbecht, déi ech hei virstellen, dat ass seng Aarbecht. An ech wollt fir d'Éischt a mengem Numm an am Numm vum Félix der Rapportrice Merci soe fir hiren exzellente Rapport zum Gesetz an dat villt Engagement, mat deem si dësen Dossier an der Kommissioun virugedriwwen huet.

En décke Merci och dem Statsrot, deen en zolidd motivéierten Avis gemaach hat. Dësen Avis huet schlussendlech derzou bäigedroen, datt d'Gesetz op enger Rei Punkten nach konnt verbessert ginn.

Erlaabt mer, och e puer Wuert zur Geschicht vun dësem Text ze soen, ier ech dann d'Positioun vun der grénger Fraktioun duerleeën. D'Madame Arendt huet dat schonn ausféierlech gemaach, duerfir halen ech mech do ganz kuerz. Dat éischt Gesetz, dat ee konnt Kooperatiounsgesetz nennen, ass aus dem Joer 1982. Deemools goung et virun allem ëm d'Leit, déi an der Kooperatioun aktiv waren. 1985 da koum et zum éischte groussen ëmfaassende Gesetz. Deemools war de Robert Goebbels Statssekretär an hien huet dat Gesetz a ganz enker Zesummenaarbecht mat der Zivilgesellschaft ausgeschafft. An esou koum et dann och sécher zu deem gudde Gesetz, wat bis 1996 duergehalen huet an dunn eng éischte Kéier iwwerschafft gouf.

Ronn zéng Joer méi spéit dann, no de Wahle vun 2004, war et erëm esou wäit, datt dat Gesetz hätt sollen iwwerschafft ginn, well et eigentlech zu deem Zäitpunkt a senge wesentlechen Elementer 20 Joer al war a well d'Kooperatioun zu Lëtzebuerg an deenen 20 Joer sech enorm entwéckelt hat. 2004 hate mer och een Niveau vun Dépensen an d'Strukturen opgebaut, déi et erlaabt hätten, e substanzielle Schrack virunzegoen. Awer déi Regierung vun 2004 an notamment de Minister Schiltz wollten net!

Virun de Wahle vum Joer 2009 hunn dunn d'Deputéiert Err an Angel eng eege Propositioun eragereecht. Dëst war zwar kee fäerdegen Text, et war éischter eng Serie Denkustéiss, mä et waren interessant Denkustéiss a mir hätten déi gären an dësem Gesetz erëmfonnt. Leider huet et awer och dës Kéier um politesche Wëlle gefeelt, fir dës interessant Iddien och ëmzesetzen.

Wat mer elo hei leien hunn, ass éischter eng Verwaltungsreform wéi déi néideg nei Orientatioun vun der Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik, 20 Joer no Rio a kuerz virum Enn vun där Period, déi mer eis ginn haten, fir d'„Millennium development goals" ze erreechen. Erlaabt mer, kuerz opzezielen, wat eis an dësem Gesetz feelt; an ech beschränke mech elo op déi Punkten, déi och net am Avis vum Statsrot erwähnt sinn.

Éischtens: Et ass gutt, an dat ass och scho gesot ginn, datt d'Cohérence des politiques pour le développement elo Agank an d'Gesetz fonnt huet. Et geet jo dorëms ze kucken, ob mer an den diverse Politikberäicher wéi Landwirtschaft, Steierpolitik, Klimapolitik, europäesch Fëschereipolitik an esou weider net déi Ziler torpedéieren, déi mer an der Kooperatioun wëllen erreechen. Et geet dobäi also ëm handfest Interessenskonflikter, tëschent deene muss tranchéiert ginn. Et ass also gutt, datt dësen Usaz sech am Gesetz erëmfënnt.

Awer et kann net d'Aufgab vun engem Comité interministériel sinn, sech dëse Froen ze widmen. Et geet hei ëm politesch Froen. Do muss de politesch Verantwortlechen aus dem Beräich Kooperatioun de Lead iwwerhuelen, an net seng Beamten! Esou wéi dat elo hei virgesinn ass, komme mer op kee gréngen Zweig.

Zweetens: An der Propos vun den Deputéierten Err an Angel huet eis och besonnesch gutt déi Iddi gefall, datt all Accord indicatif de coopération, also all groussen Accord mat engem Pays prioritaire, als Gesetz déposéiert misst ginn. Dat gëtt eis d'Geleeënheet, eng breet Diskussioun ze féieren, a virun allem géif et de Rôle vun de Parlamenter an der Kooperatioun stäerken. Grad dëst ass e Volet, dee leider ënnert den Dësch gefall ass!

Wéi kënne mer wierklech zu enger dezentraliséierter Kooperatioun kommen: D'Regierung vun hei mat der Regierung vun engem méigleche Partner op der Plaz, d'Parlament vun hei mat dem Parlament op der Plaz an d'ONGe vun hei mat den ONGe vum Terrain.

Drëttens: Bei dëser Opzielung hunn ech elo bewosst den Niveau vun de Gemengen erausgelooss, well deen en eegent Kapitel wäert wier, mä och dat Kapitel feelt komplett an dësem Gesetz. Dobäi ass et mëttlerweil esou, datt zu Lëtzebuerg eng sëlleche Gemenge mat méi oder manner Engagement a mat méi oder manner Kompetenz sech och am Beräich Kooperatioun engagéieren. De Paul Helminger ass scho kuerz och op dee Sujet agaangen. Wier et net bei dësem Gesetz d'Geleeënheet gewiescht, sech domadder auserneenzesetzen an do Neel mat Käpp ze maachen? Dëst hätt der Lëtzebuerger Kooperatioun gutt zu Gesiicht gestanen.

Véierten a leschte Punkt, wou ech wëll drop agoen: Dëst Gesetz wier och eng gutt Geleeënheet gewiescht, sech emol Gedanken ze maachen, wat dann haut nach ënnert dem Konzept vun engem „pays en voie de développement" ze verstoen ass. Gëtt et och Länner, déi hir Entwécklung schonn ofgeschloss hunn? Dëst Gesetz hätt kënnen d'Geleeënheet sinn, fir och de Partnerlänner e Matsproocherecht ze ginn. E Matsproocherecht, wat an eisem Gesetz verankert wier, beispillsweis, datt déi national Parlamenter aus de Partnerlänner och sollten en Avis ofginn zu de PICen - also zu de Programmes indicatifs de la coopération - an datt mer déi dann och hei géifen diskutéieren.

Mir fannen dëst Gesetz vill ze wéineg ambitiéis! Et ass eng verpasste Chance, fir och d'Lëtzebuerger Kooperatioun an d'21. Jorhonnert ze hiewen. Duerfir wäerten déi gréng sech beim Vote enthalen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och mir soen der Madame Rapporteur villmools Merci fir hire ganz komplette Rapport. Si wor besonnesch komplett, wou et drëm gaangen ass, d'Madame Minister ze luewen.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Dat hutt Dir net gären, gell!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Neen, wéi hutt Der dat geroden?

Mir bedaueren, datt d'Règlements granducaux net virleien. Normalerweis géife mer scho mengen, datt, wa mer e Gesetz stëmmen, mer sollten déi Texter hunn. Déi hu mer haut net. Mä dëst Gesetz bréngt e puer kleng technesch Prezisounen a Verbesserungen, an dofir stëmmt d'ADR och net géint dat Gesetz.

Et ass och gutt, datt mer déi humanitär Hëllef ernimmen, datt mer gewësse Prezisoune bei de Sozialversécherungen abauen. An ech benotzen och déi Geleeënheet ganz gär, fir all deene Merci ze soen, deenen Organisatiounen an deene Leit, déi sech um Terrain wierklech direkt engagéieren, fir do wierklech dacks ganz nëtzlech a schwéier Aarbecht ze leeschten.

Mä et gëtt och eng Rei vu Kritiken, an déi wëlle mer hei och an d'Diskussioun abréngen. Et wär vläicht falsch, wa mer all nëmme géife luewen an net och déi Saach mat enger gewëssener Objektivitéit emol ugoen.

Dëst Gesetz ass eng verpasste Chance! D'Entwécklungshëllef gëtt nach ëmmer mat enger Zort vu Messianismus hei gesinn, eng Aufgab, an där mir Lëtzebuerger an déi grouss wäit Welt fueren, fir déi aner Gesellschaften no eisem Modell ze verbesseren. Dat ass net grad bescheiden! Och dat éischt Zil vun dësem Gesetz ass net grad bescheiden, wa mir soen, dat Zil vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef wär emol direkt d'Éradicatioun vun der Aarmut an der Welt. Loosse mer emol een Abléck d'Problemer vergiessen, déi sech ëm d'Definitioun vun der Aarmut do strécken. Mä, beim beschte Wëllen, de Kampf géint d'Aarmut an der Welt ass emol un éischter Plaz d'Aufgab vun deene Regierungen an deene Länner, wou d'Leit aarm sinn. Et ass deenen hir Verantwortung un éischter Plaz! An dat steet néierens.

Et ass gradesou wéi mam Honger. Den Honger an der Welt ass, wann een d'Saach analyséiert, dacks d'Resultat vu schlechter Gouvernance an deene betraffene Länner, vun ongerechte soziale Verhältnisser, vu Kulturen, déi ganz anescht si wéi eis Opfaassungen, vun Ausbeutung a Korruptioun. Ech mengen, dat ass einfach eng Facette. Mir sollen eis net d'Schold un allem ginn an der Welt. Mir kënne sécher hëllefen, mä déi aner stinn emol éischtens selwer an hirer Verantwortung!

Da gesi mir, d'ADR, d'Entwécklungshëllef realistesch. Bei allem Gudden, wat si leescht, a si leescht vill Guddes, ass d'Entwécklungshëllef fir eis awer och ëmmer en Handlungsmodus am Kader vun eiser Baussepolitik. Si muss eisen Interessen déngen a sech aschreiwen an en diplomatescht Gesamtkonzept fir eis Relatioune mat eise Partnerlänner. D'Entwécklungshëllef muss sech och an e sécherheetspolitesche Kader aschreiwen.

Op anere Plaze bekennt sech jo och eis Regierung zu dëser Politik vun de sougenannten „dräi D"en: Développement, Diplomatie, Défense. Den Här Halsdorf, CSV, ënnersträicht dat ëmmer. D'Gesetzesprojete vun der Madame Jacobs, CSV, do steet näischt dovunner dran. Dat ass net kohärent! Wa mer vu Kohärenz vun de Politike schwätzen, dann hätt ech emol gär eng Kohärenz an der CSV. Dat wär e Progrès, och am Dossier „Fëmmen", am Dossier „Tram" an a villen aneren och! Also mir hätten eis erwaart, d'Konzept vun den „dräi D"en an dësem Gesetz erëmzefannen.

Fir d'ADR ass et kloer, datt esou e risege Budget wéi deen hei och muss eisen Entreprisen zeguttkommen. Et ass kee Verbrieche géint d'Mënschlechkeet, fir eise Betriber d'Méiglechkeet ze ginn, fir mat un der Entwécklungshëllef ze verdéngen. Dat mécht all Land, ausser eisem. An déi aner hunn domat recht, an net mir! Mir vertrieden als ADR, datt mir net nëmme sollen net gebonnen Hëllef leeschten - dat kënne mer och maachen -, awer eben och gebonnener, fir eis Entreprisen ze ënnerstëtzen, notamment an Zäite vun ekonomesche Problemer, notamment an Zäiten, wou mer e Problem vu Chômage hunn, dee beandrockend héich ass. An ech mengen, do hätt dës Politik och kënnen e Bäitrag leeschten.

Ech froe mech, wat den Aarbechtsminister an de Wirtschaftsminister an engem Conseil de Gouvernement soen, wou Dir hei en Text proposéiert an eng Politik bedreift, wou nëmmen net gebonne Politik (veuillez lire: net gebonnen Hëllef) proposéiert gëtt an aner Ministeren derniewent sëtzen an dat duerchgoe loossen, fir esou eppes ze maachen. Bei eis wär dat net méiglech!

An deene besonnesch wirtschaftlech schwieregen Zäite muss d'Entwécklungshëllef genee wéi all anere Politikberäich hannerfrot ginn. Heibannen erënnere sech der bestëmmt nach vill drun - sollte sech op jiddwer Fall drun erënneren -, wat gesot gouf, wéi mer sengerzäit vun 0,7% vum Bruttonationalakommes op 1% vum Bruttonationalakommes eropgaange sinn deemools. Notamment vum Minister Goerens ass gesot ginn, da kënne mer jo erëm erofgoen op 0,7%, wann d'Zäiten da méi schlecht ginn. Mir hunn den Androck, datt d'Zäite schlecht sinn an datt et elo un der Zäit ass, fir erëm erofzegoen op dat politescht Zil, wat mer als internationalen Engagement hunn: Dat ass 0,7, dat ass net 1,plus!

Op wat waarde mir, fir kënnen erofzegoen op déi 0,7? Mir missten och emol eng Kéier hei soen, datt Kritik un der Entwécklungshëllef muss och mat Toleranz a Versteesdemech gesi ginn. Ech wor selwer - an ech mengen, vill Kolleegen heibannen och - getraff, wéi dëser Deeg eng Situatioun wor, wou eng Gewerkschaft hei am Land Kritik un der Entwécklungshëllef geäussert huet an un där Iddi, fir Lëtzebuerg an den UNO-Sécherheetsrot ze bréngen, an dann ass ee Minister vun der LSAP, deen da seet, dat wär net akzeptabel, an e verbitt praktesch der Gewerkschaft de Mond an associéiert dat nach mat enger Zort vu Chantage, fir ze soen, e géif den Accord salarial net ënnerstëtzen, wann esou eng Kritik géif widderholl ginn.

Eleng dat ass e Grond, fir hei déi Kritik ze widderhuelen. Si ass an eisen Ae vollkomme berechtegt, an eng Erpressung duerch e Minister ass einfach net akzeptabel!

D'Zäit wär also komm, fir an der Entwécklungshëllef och ze spueren. A wann een dat Gesetz hei kuckt, wat gesi mer? Hei ginn déi Kontributioune vun der Regierung vun 200% op 400% erop. Dat ass net grad, wat mir géifen nennen: e Spuereffort. An och, fir d'administrativ Käschte vun den ONGen a Form vun engem Subsid aus dem Fong vun der Entwécklungshëllef ze bezuelen, dat ass och kee Spuereffort. Et ass och net transparent.

Eng Netregierungsorganisatioun - an dat ass jo de Fall hei -, eis Netregierungsorganisatioune ginn de facto ëmmer méi vun der Regierung bezuelt. An da muss ee sech froen: Sinn dat nach Netregierungsorganisatiounen? Wéi ass et mat hirer Onofhängegkeet géintiwwer der Regierung? A rutsche mer net lues a lues vun engem Secteur vun Netregierungsorganisatiounen an ëmmer méi e grousse parastaatleche Secteur eran?

Ech mengen, dat ass eigentlech déi Situatioun, an där mer hei am Land elo sinn. Vläicht ass dat jo och gewollt, politesch gewollt.

Ech mengen, mir mussen eis all Kéiers d'Fro stellen, wann et ëm Subventioune geet, ëm Subsiden, ëm Konventiounen, wou vill Sue fléissen, ob net och ëmmer déi Partei, déi déi Sue verdeelt, en elektoralen Interessi domadder verbënnt. Ech mengen, dacks kann een dat net ganz vergiessen, an dofir - dofir! - ass et ganz wichteg, op eng perfekt Transparenz an esou Dossieren ze insistéieren.

Ech wëll net insinuéieren, datt eppes Falsches geschitt. Mir hu jo e System vun Auditen an esou weider, mä ech wëll awer insistéieren op eng perfekt Transparenz.

Ech fille mech onwuel. Ech ginn Iech een eenzegt Beispill: D'Caritas, déi mécht vill Guddes, do ass keen Zweifel. Ech mengen, déi huet an deene leschte Joren ënner zwee CSV-Ministeren - Ärem Virgänger, dem Här Schiltz, an Iech selwer - iwwer 53 Milliounen Euro an deem do Beräich kritt. An den Direkter vum Conseil d'administration vun der Caritas ass och eng wichteg Perséinlechkeet am Grupp Saint-Paul, an de Grupp Saint-Paul ass dofir bekannt, datt e säiteweis Gratispropaganda fir d'CSV mécht.

Ech maache just dorobber opmierksam. Jiddweree kann déi Konklusiounen zéien, déi e wëllt. Ech fannen esou Situatiounen net ganz iwwerzeegend.

(Interruption)

Här President,…

(Interruption)

Jo, Dir wësst jo…

(Interruptions diverses)

3. Résolution relative à la proposition modifiée de directive du Parlement européen et du Conseil modifiant la directive 2001/83/CE en ce qui concerne l'information du public sur les médicaments soumis à prescription médicale ainsi que d'une proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil modifiant le règlement (CE) 726/2004 en ce qui concerne l'information du public sur les médicaments à usage humain soumis à prescription médicale (documents COM(2012) 48 et COM(2012) 49)

- Art. 169(5) du Règlement de la Chambre

D'Commission de la Santé et de la Sécurité sociale huet an hirer Réunioun vum 19. Abrëll 2012 décidéiert, en Avis politique un d'Europäesch Kommissioun ze riichten, deen d'Dokumenter COM(2012) 48 an 49 iwwert d'Informatioun vun de Leit iwwert d'Medikamenter, déi een op Ordonnance kritt, betrëfft.

D'Kommissioun huet wuelverstane kee Problem, wat de Respekt vum Subsidiaritéitsprinzip ugeet, mä wollt politesch Bedenken zum Ausdrock bréngen, sou wéi et den nationale Parlamenter an där sougenanntener „Barroso-Initiativ" erlaabt ass.

D'Prozedur, déi hei applizéiert gëtt, ass geregelt am Artikel 169 vun eisem Chambersreglement. Den Avis politique vun der Santéskommissioun ass lech a Form vun enger Resolutioun verdeelt ginn.

Résolution

La Chambre des Députés,

- considérant l'article 169 du Règlement de la Chambre des Députés;

- rappelant que la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale a été saisie d'une proposition modifiée de directive du Parlement européen et du Conseil modifiant la directive 2001/83/CE en ce qui concerne l'information du public sur les médicaments soumis à prescription médicale ainsi que d'une proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil modifiant le règlement (CE) 726/2004 en ce qui concerne l'information du public sur les médicaments à usage humain soumis à prescription médicale (COM(2012) 48 et COM(2012) 49);

- constatant que la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale a adopté lors de sa réunion du 19 avril 2012 un avis politique au sujet des initiatives législatives précitées et relevant du contrôle du respect des principes de subsidiarité et de proportionnalité;

décide d'adopter cet avis politique de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale ayant la teneur suivante:

«L'objectif politique général des propositions visant à modifier respectivement la directive 2001/83/CE et le règlement (CE) 726/2004, selon la Commission européenne, est d'assurer le bon fonctionnement du marché intérieur des médicaments à usage humain et de mieux protéger la santé des citoyens de l'Union européenne.

Les principales mesures proposées visent

- l'obligation d'une information de haute qualité par l'application cohérente de normes européennes clairement définies,

- un meilleur encadrement des réseaux de communication et l'adaptation aux besoins des patients,

- le contrôle préalable de l'information.

Les textes en question sont ainsi censés compléter les objectifs globaux de la législation européenne dans le domaine pharmaceutique.

Les documents précités ont été renvoyés à la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale afin qu'elle vérifie la conformité de ces propositions communautaires aux principes de subsidiarité et de proportionnalité consacrés à l'article 5 du Traité sur l'Union européenne.

La Commission de la Santé et de la Sécurité sociale ne décèle dans les propositions communautaires en question pas d'élément enfreignant formellement le principe de subsidiarité ou de proportionnalité.

Toutefois, après avoir étudié les antécédents de l'instruction des textes dans les instances européennes, la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale a pris connaissance des oppositions catégoriques de plusieurs États membres dont celle du Luxembourg et elle partage les nombreuses critiques visant le fond et l'orientation générale des textes en cause.

La Commission de la Santé et de la Sécurité sociale est d'avis que les lacunes des textes s'articulent principalement autour des points suivants:

- absence de distinction claire entre information objective du public et publicité. Sur ce point, la commission considère que les propositions communautaires font la part trop belle à l'industrie pharmaceutique à laquelle il ne doit pas être permis, au-delà de l'information objective nécessaire, d'influencer le public par des informations qui s'apparentent plutôt à des campagnes de publicité,

- création de trop nombreuses charges administratives,

- insuffisance des garanties proposées concernant le système des contrôles ex ante.»

(s.) Lydia Mutsch, Sylvie Andrich-Duval, Josée Lorsché, Paul-Henri Meyers, Carlo Wagner.

E Vote sans débat gëtt virgeschloen. Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Vote sur la résolution

Wie mat dëser Resolutioun d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Dat schéngt mer d'Unanimitéit vun dësem Haus ze sinn. Domadder ass dës Resolutioun ugeholl, an ech leeden dann och den Avis un déi zoustänneg europäesch Instanz weider.

4. Résolution relative à la proposition de directive du Parlement européen et du Conseil relative à la transparence des mesures régissant la fixation des prix des médicaments à usage humain et leur inclusion dans le champ d'application des systèmes publics d'assurance-maladie (document COM(2012) 84)

- Art. 169(5) du Règlement de la Chambre

An hirer Réunioun vum 19. Abrëll 2012 huet nach eng Kéier déiselwecht Kommissioun, nämlech de la Santé et de la Sécurité sociale, décidéiert, en Avis motivé un d'Europäesch Kommissioun ze riichten.

D'Santéskommissioun war am Kader vun der Kontroll vum Subsidiaritéitsprinzip mat engem legislative Virschlag vun der EU-Kommissioun befaasst. Dee Virschlag betrëfft d'Fixatioun vum Präis vun de Medikamenter. D'Santéskommissioun koum zur Konklusioun, datt de Subsidiaritéitsprinzip verletzt ginn ass.

D'Prozedur, déi applizéiert gëtt, ass geregelt am Artikel 169 vun eisem Reglement. Den Avis motivé vun der Commission de la Santé et de la Sécurité sociale läit lech a Form vun enger Resolutioun vir.

Résolution

La Chambre des Députés

- considérant l'article 169 du Règlement de la Chambre des Députés;

- rappelant que la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale a été saisie d'une proposition de directive du Parlement européen et du Conseil relative à la transparence des mesures régissant la fixation des prix des médicaments à usage humain et leur inclusion dans le champ d'application des systèmes publics d'assurance-maladie (COM(2012) 84), proposition législative émanant de la Commission européenne et relevant du contrôle du respect des principes de subsidiarité;

- constatant que la Commission de la Santé et de la Sécurité a adopté, lors de sa réunion du 19 avril 2012, un avis motivé au sujet de l'initiative législative précitée;

décide d'adopter cet avis motivé de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale ayant la teneur suivante:

«Considérations générales

La proposition de directive abroge et remplace la directive 89/105/CEE du Conseil du 21 décembre 1988 concernant la transparence des mesures régissant la fixation des prix des médicaments à usage humain et leur inclusion dans le champ d'application.

Cette proposition de directive a été renvoyée à la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale afin qu'elle vérifie si cette proposition communautaire est conforme aux principes de subsidiarité et de proportionnalité tels qu'ils se trouvent ancrés à l'article 5 du Traité sur l'Union européenne.

La Commission de la Santé et de la Sécurité sociale a noté que, selon la Commission européenne, le texte a pour objectif d'adapter le cadre légal aux données actuelles du marché des produits pharmaceutiques qui ont entre-temps profondément changé.

La Commission de la Santé et de la Sécurité sociale constate encore que la finalité que la Commission européenne attache à son initiative est double, à savoir mettre en place un meilleur accès des patients aux médicaments et une meilleure compétitivité de l'industrie pharmaceutique européenne. À cet effet, les mesures proposées sont les suivantes:

- un raccourcissement des délais à respecter par les autorités nationales pour les décisions de fixation de prix et de remboursement;

- une clarification des obligations procédurales à charge des États membres;

- une suppression des obstacles au commerce des produits pharmaceutiques.

La Commission constate que le texte proposé laisse à craindre une augmentation démesurée des charges administratives, ceci notamment en raison du raccourcissement des délais et des nombreuses nouvelles obligations qui interfèrent largement avec le principe de subsidiarité, à savoir notamment:

- l'obligation, pour chaque étape, de publier et de communiquer les critères de décision,

- l'obligation de consulter l'industrie en amont de chaque nouvelle mesure de fixation du prix et de remboursement et d'en informer la Commission,

- l'obligation d'adresser un rapport annuel à la Commission européenne sur les délais et retards,

- l'obligation d'effectuer l'ensemble des mesures administratives nécessaires à la prise de décision et à sa mise en œuvre dans les délais prescrits,

- l'obligation de prévoir des moyens de recours (procédure de référé, dommages et intérêts, astreinte journalière) au profit de l'industrie pharmaceutique en cas de non-respect par un État membre des délais,

- la suppression de la possibilité pour les autorités nationales de demander certaines informations complémentaires à l'industrie.

La multiplication des nouvelles obligations et l'encadrement strict des mesures administratives nationales ne laisse plus aucune marge de manœuvre aux autorités nationales.

Par ailleurs, la proposition consacre un déséquilibre criant entre les obligations à charge des États membres et celles à charge de l'industrie pharmaceutique. Le texte ne fait en effet que protéger les demandeurs d'une décision de transparence alors qu'à la moindre déviation par rapport à la procédure imposée, les autorités nationales risquent gros (astreintes journalières dans certains cas).

Par ailleurs, l'on peut se demander si ces nombreuses mesures sont vraiment de nature à contribuer à l'objectif général de la transparence et si elles respectent le principe de proportionnalité, concomitant au principe de subsidiarité.

La proposition met en question le rôle premier du principe de subsidiarité qui consiste à protéger la capacité de décision et d'action des États membres et, d'autre part, légitime l'intervention de la Communauté si les objectifs d'une action ne peuvent pas être réalisés de manière satisfaisante par les États membres en raison des dimensions ou des effets de l'action envisagée.

Conclusion

La Commission de la Santé et de la Sécurité sociale conclut que d'une façon générale, la proposition de directive enfreint le principe de subsidiarité en faisant peser des charges administratives exorbitantes et non justifiées par l'objectif de transparence sur les autorités nationales. La proposition privilégie unilatéralement les intérêts de l'industrie pharmaceutique.»

(s.) Lydia Mutsch, Sylvie Andrich-Duval, Josée Lorsché, Paul-Henri Meyers, Carlo Wagner.

E Vote sans débat gëtt virgeschloen. Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dat schéngt de Fall ze sinn.

Vote sur la résolution

Wie mat dëser Resolutioun d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Dat schéngt mer och d'Unanimitéit vun dësem Haus ze sinn. Da soen ech lech Merci an ech leeden och dësen Avis un déi zoustänneg europäesch Instanz weider.

5. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 17. Abrëll huet d'Presidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg hu mer fir d'Éischt eng Froestonn un d'Regierung, duerno de Projet de loi 6310, eng Direktiv iwwert d'Navigation aérienne, nom Basismodell; dann de Projet de loi 6395 iwwert de Bau vun der Liaison Micheville, nom Basismodell; de Projet de loi 6396 iwwert d'Nordstrooss, nom Modell 1, an dann eng Interpellatioun vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Gewalt géigeniwwer vun Autoritéitspersounen, nom Modell 1.

En Donneschdeg um zwou Auer hu mer d'Orientéierungsdebatt N°6253 iwwert déi verschidden Zorte vu Léierpersonal zesumme mat der Interpellatioun vum Här André Bauler iwwert de Profil vum Léierpersonal am Enseignement postfondamental, nom Modell 1, duerno eng Aktualitéitsstonn vun der DP-Fraktioun iwwert den Taxisecteur.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dat schéngt de Fall ze sinn an deen ass domadder esou décidéiert.

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 83 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntwerten. D'Froe kommen ofwiesselnd vun der Majoritéit a vun der Oppositioun.

Als Éischt hu mer d'Fro N°153 vum Här Claude Haagen un den Nohaltegkeetsminister iwwert de Contrôle technique vun de Gefierer. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

6. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°153 du 24 avril 2012 de M. Claude Haagen relative à la périodicité des contrôles techniques des véhicules routiers, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Claude Haagen *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, an der Regierungserklärung steet, dass d'Regierung deen aktuelle System vun der technescher Kontroll vun de Gefierer géif iwwerpréiwen an ajustéieren. Et ass geplangt ginn, dass d'Automobilisten net méi esou oft an déi obligatoresch technesch Kontrolle vun de Gefierer, also an d'Kontrollstatioune vu Sandweiler, Esch/Uelzecht a Wëlwerwolz musse fueren. Momentan sinn dës Kontrolle bei engem neien Auto néideg, deen dann no dräianengemhallwe Joer an duerno all Joer muss dohinner fueren.

Och wann natierlech d'Zuel vun den Autosaccidenter an dëser ganzer Problematik matspillt a wann och al Doudegen am Verkéier een ze vill ass, esou kann een awer behaapten, dass de Lëtzebuerger Fuerpark ee vun deene modernsten an deenen neisten an Europa ass. D'Periodicitéit vun de Lëtzebuerger Kontrollen ass awer eng vun deenen héchsten an Europa, wat ee gewëssene Widdersproch duerstellt.

An deene leschte Méint sinn d'Tariffer vun der Kontroll an d'Luucht gaangen, wat jo och zu Diskussiounen a puncto eegegemaachen Inflatioun notamment bei de Prix administrés gefouert huet. De Rendez-vous-System ass adaptéiert ginn, méi Leit sinn agestallt ginn, mä de Käschtepunkt vun deenen extrae Rendez-vousen ass fir de Client och erëm an d'Luucht gaangen.

Op meng mëndlech Fro an deemselwechte Kontext hutt Dir den 8. Juni 2010 geäntwert, Här Minister, Dir géift op d'Resultater vun enger Etüd, déi vun der SNCT gemaach ginn ass, waarden. Schonns dee viregten Transportminister hat gefrot, fir ze analyséieren, wéi een déi eegen, oder déi éischt Kontroll, Lëtzebuerger Kontroll, technesch Kontroll bei véier Joer an déi zweet no sechs Joer kéint maachen. Vu dass Dir 2010 gesot hutt, Dir géift der Adaptatioun vun de Rendez-vousen an der Informatisatioun vun de Rendez-vousë Prioritéit ginn, ass dëst elo gemaach, an ech wollt Iech dofir folgend Froe stellen:

Wat sinn d'Resultater vun der Etüd vun der SNCT? Zweetens, wat ass d'Periodicitéit vun de Kontrollen an eisen Nopeschlänner? Ass d'Regierung nach ëmmer gewëllt, fir d'Gesetz vum 14. Februar 1955 ëmzeänneren, a wa jo, wat fir eng Changementer gesäit de Minister bei der Periodicitéit vun de Kontrolle vun neie Gefierer respektiv vun Occasioune vir?

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Claude Haagen. D'Wuert kritt elo den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Als Äntwert op d'Fro vum Här Haagen wéilt ech Folgendes soen: Richteg, wéi gesot - den Här Haagen huet dat preziséiert -, haut fänken eis Kontrollen an der SNCT mat dräianengemhallwe Joer un a ginn dann all Joers regelméisseg gemaach.

Mir hunn effektiv analyséiere gelooss vun der SNCT, wat d'Konsequenze sinn, wann ee Verschiebunge géif maache vun deenen dote Rhythmusse respektiv wann een eng Kontroll géif ewechloossen. D'Resultater vun deenen Analysen, déi do komm sinn, déi soen e puer Saachen aus: Den Taux de rejet normalerweis bei enger Kontroll vu Sandweiler läit haut en général bei 16,4%. Dat heescht, 16,4% vun den Autoen, déi an d'Kontroll ginn, ginn am Prinzip rejetéiert.

Wann een dat elo eng Kéier preziséiert op déi éischt zwou Kontrollen, dat heescht déi, déi bei dräianengemhallwe Joer an déi, déi bei véieranengemhallwe Joer stattfënnt, esou gesäit een, datt am Prinzip déi Kontrollen do erginn, datt den Taux de rejet zwar liicht méi déif ass, mä trotzdeem nach héich. Do leie mer bei engem Taux de rejet vun 9%, an d'Causë vun deene Rejeten, déi gemaach gi sinn, notamment an der éischter respektiv an der zweeter Kontroll, déi leien - also vun deenen 9% - bei 62% vun de Fäll, dat heescht ronn 1.400 Autoen, op Sécherheetsfroen, zum Beispill technesch Elementer wéi Bremsen, Luuchten, Pneuen an esou weider.

Bei der zweeter Kontroll läit deen Taux souguer nach méi héich: 73% vun de Fäll, dat heescht ronn 1.250 Autoe bei der zweeter Kontroll, déi gi rejetéiert aus Sécherheetsfroen, also och en héijen Taux nach ëmmer, och bei der éischter a bei der zweeter Kontroll, och wann eis Flott vun Autoe relativ nei ass.

Dat huet d'SNCT derzou verleet, net ze recommandéieren, dee Rhythmus méi héich ze maache respektiv wesentlech méi spéit unzefänken. Ech hunn elo nach zousätzlech d'SNCT gefrot, wann dat de Fall ass - also hir Recommandatioun ass, keng Kontroll ewechzeloossen, wann den Taux de rejet iwwer 5% ass vun deenen Autoen, déi do sinn -, ech hunn awer elo nach d'SNCT gefrot, fir mer nach eng Kéier ze analyséieren: Wann een eng Kilometerfro géif mat aféieren, ob et dann net méi Sënn géif maachen. Dat heescht, wa mer e Kritär hätten, deen net nëmme strikt den Alter oder d'Anciennetéit vum Auto wär, mä deen och nach de Kilométrage vum Auto mat géif beinhalten, fir esou méi no am Fong d'Realitéit vun deene verschiddenen Usagen, déi awer deen een oder deen anere Chauffer ka vum Auto hunn, mat eranzezéien an dee Moment dat méi korrekt opzedeelen, wat dat fir Influenzen hätt. Ech erwaarden elo heirop och Äntwerten, bis mer dann definitiv eng Léisung huelen.

Dat Zweet, wat ech do wëll soen, dat ass, datt och nach d'Europäesch Kommissioun momentan amgaang ass, genau un deem do Dossier ze schaffen, an datt se och wëllt déi do Froen harmoniséieren. Mir sinn also och nach amgaang ze kucken, wéi wäit elo deen Harmonisatiounsdossier ass an haaptsächlech, wéi schnell dee ka goen. Dat wär scho sënnvoll, wa mer eis als Lëtzebuerger un en harmoniséierte Rhythmus, un harmoniséiert Kontrolle kéinten uschléissen. Da géife sech all déi Diskussiounen, déi sech géife stellen op där enger oder op där anerer Säit, eriwwregen.

Wann Der da géift, wann Der déi Froe stellt, vläicht se méi prezis stellen, da kéint ech och méi prezis drop äntwerten. Wann Der mer d'Fro stellt, ech soll Iech soen, wéi an deenen anere Länner alleguer de Rhythmus wär, da verstitt Der, datt ech dat net esou auswenneg weess, wann Der mech net frot, datt Der dat prezis och wéilt wëssen. Elo zoufällegerweis,...

(Hilarité)

...well Der dat awer gefrot hutt, kann ech Iech e puer Länner soen: An Däitschland ass...

(Interruption)

Déi war net gestallt, déi Fro, mä ech hat et awer zoufällegerweis elo op mengen Ziedelen nach erausgefëscht, wéi ech heihinnerkomm sinn: An Däitschland ass zum Beispill de Rhythmus dräi, fënnef, siwen, dat heescht, si fänke méi fréi u wéi mir, mä hunn awer en Zweejoresrhythmus. An Éisträich ass et dräi, fënnef an dann all Joers, an der Belsch ass et véier an dann all Joers, an England ass et vun dräi Joer un all Joers. Just fir Iech déi puer Beispiller - an Holland ass et vun dräi Joer un all Joers -, just fir Iech déi Beispiller ze weisen. Sou datt mir hei mat deem Rhythmus, dee mir hunn, à peu près an der Mëtt leie vun deem, wat usuel ass a ganz Europa, zumindest keng iwwerdriwwe Kontrollrhythmussen hei agefouert hunn.

Voilà, ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister.

Mir kommen dann elo zu der zweeter Fro vun de Mëtteg, nämlech d'Fro N°154 vum Här Fernand Etgen un de Verdeedegungsminister iwwert d'Kooperatioun an d'Verdeedegung tëschent der Belsch, Holland a Lëtzebuerg. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°154 du 20 avril 2012 de M. Fernand Etgen relative à la déclaration d'intention de coopération en matière de défense signée en date du 18 avril 2012 par la Belgique, les Pays-Bas et le Luxembourg, adressée à M. le Ministre de la Défense

M. Fernand Etgen *(DP).*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, um Rand vun der NATO-Tagung déi lescht Woch hunn déi dräi Benelux-Länner eng Absichtserklärung fir eng verstäerkte militäresch Kooperatioun ënnerschriwwen. Wouranner dës Kooperatioun bestoe soll, ass an der Press, der nationaler an der internationaler, ganz ënnerschiddlech duergestallt ginn. Déi eng hu just vu verstäerkter Zesummenaarbecht, anerer vun enger regelrechter Benelux-Arméi geschwat. Och sinn d'Bild an d'Missioune vun der Arméi an deenen dräi Länner net onbedéngt identesch.

An dësem Kontext wollt ech den Arméiminister froen, eis e puer Prezisiounen ze ginn. Wat ass de genauen Inhalt vun dëser Initiativ? Wouranner leien d'Virdeeler fir Lëtzebuerg a seng Arméi? Wéi eng Deeler vun der Arméi wäerten dovunner betraff sinn? A wéi eng Fonctioune wäerte se an där neier Struktur iwwerhuelen?

Huet dëst Ofkommes och Répercussiounen op d'Restrukturéierungen an der Lëtzebuerger Arméi, zum Beispill op d'École de l'Armée? Gëtt dorunner geduecht, Synergien tëschent den ënnerschiddlechen Arméien ze notzen, a wa jo, wéi eng?

Wien iwwerhëlt de Lead vun dëser Initiativ? Ass et d'Zil, eng regelrecht Benelux-Arméi opzestellen? An ass Lëtzebuerg dann nach just een Deel vun engem „battlegroup"? Ass dëse Projet a Konkurrenz ze gesinn zu dem Eurokorps? A wéi steet d'Regierung zum Projet vun enger europäescher Arméi, wéi se ëmmer erëm nees an d'Diskussioun bruecht gëtt?

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Etgen. Elo kritt d'Wuert den Här Verdeedegungsminister Jean-Marie Halsdorf.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de la Défense.*- Merci, Här President. Ech si frou, haut de Mëtteg zu dem Dossier Benelux-Arméi mech un Iech ze riichten. Ech war richteg iwwerrascht, dass dat haut scho stattfonnt huet, well ech wousst, dass de Kolleeg Félix Braz eng Heure d'actualité gefrot hat am Kader vun dëser Benelux-Arméi. An Dir wësst jo och, dass ech am Kader vun den Aarbechte vun der Commission des Affaires étrangères a vun der Défense och ëmmer gewinnt sinn, d'Chamber direkt ze informéieren. Mä ech komme gär de Mëtteg heihinner, fir ze erklären, firwat dass mer dës „Déclaration Benelux"...

(Interruption)

...firwat mer dës „Déclaration Benelux" den 18. Abrëll am Kader vum Conseil informel vun der EU grad och zu Val Duchesse, wou am Fong geholl Europa entstanen ass, ënnerschriwwen hunn.

Eng grouss Symbolik sollt an deem Ganze sinn, well et am Fong geholl drëm geet, fir déi bi- an trilateral Kollaboratioun ze formaliséieren. Dat ass am Fong geholl de Grondgedanken. Dass dat Sënn mécht, mengen ech, dat huet jiddweree verstanen; Lëtzebuerg ass säit 90 Joer am Benelux aktiv! Den éischten Traité ass vun 1922 an déi wirtschaftlech Zesummenaarbecht ass, mengen ech, virbildlech. Si ass eenzegaarteg a si huet eppes fäerdegbruecht hei an Europa, wat mer dach vläicht net ëmmer hunn, dat ass Vertrauen tëschent deenen eenzelnen Natiounen, an dat ass sécherlech eng schwiereg Geschicht an deene leschten Entwécklungen an der EU.

Hei gëtt et Vertrauen, a säit deem neien Traité vun 2008, deem neie Benelux-Traité vun 2008, gëtt et och am Fong geholl méi e grousse Wëllen, och politesch zesummenzeschaffen. An dës Kollaboratioun am Beräich vun der Défense, dat soll eng Expressioun si vun deene ville Facettë vun enger Zesummenaarbecht.

Elo kann ee sech d'Fro stellen: Firwat elo? Nun, mir hätten dëse Schratt schonn éischter gemaach, mä d'Belsch hat laang keng Regierung. Well am Mäerz 2011 si schonn éischt Iwwerleeunge komm, an dat och an engem Kontext, wou verschidde Saache sech an Europa gemaach hunn: Op där enger Säit huet d'EU och versicht, fir méi Effikassitéit mateneen ze kréien, huet d'Belsch proposéiert ënner hirer Présidence - dat war am Joer 2010, am September -, e sougenanntenen „pooling and sharing" ze maachen, dat heescht Materialien ze deelen. A fir Lëtzebuerg ass dat sécherlech näischt Aussergewéinleches. An d'NATO huet jo datselwecht gemaach, well déi hunn d'Kand just anescht genannt, si nennen dat „smart defense".

An dat mécht sech am Ganzen, Défense-Iwwerleeungen an Europa; d'NATO schwätzt vun engem neie Concept stratégique. Si maachen eng Reform vun hiren Agencen. Un allen Enner gëtt versicht, Geld ze spueren. An ech mengen, grad mat dëser Initiativ, mat dëser Formaliséierung vun enger Zesummenaarbecht kënne mer och zu Lëtzebuerg Geld spueren.

Dass et Sënn mécht, mengen ech, ergëtt sech och doraus, dass mer kollektiv net ëmmer déi Moyenen hunn an der EU, déi mer brauchen. Duerfir kommen all déi Diskussiounen do. Am Fall Libyen ass festgestallt ginn, dass Europa net onbedéngt gutt opgestallt ass, wat den Équipement ugeet. Also ass d'Devise déi: méi Effikassitéit, manner Doublanten, manner Saachen duebel maachen, an enger komplexer Welt, wou eng konventionell Gefor net méi existéiert. D'Gefore sinn haut éischter diffus an net faassbar, an do geet et dann eben drëm, gemeinsam Programmer generell anzeféieren.

Mir hunn haut scho punktuell Zesummenaarbechte mat eisen Noperen. Fir Lëtzebuerg ass d'Kooperatioun iwwert d'Grenzen eraus keen Thema. Et ass jo och keen Zoufall, dass mer e Ministère à la Grande Région hunn, an do zielen déiselwecht Prinzipië wéi hei, den „win-win". Wann ech mat mengen Noperen zesummeschaffen, da muss jiddweree Gagnant sinn. Dat soll och hei geschéien. Hei sollen also bi-, tri- a multilateral Zesummenaarbechte fonctionnéieren.

Den Här Etgen huet mech gefrot, konkret, wat dat heescht, zum Beispill fir Lëtzebuerg. Dat heescht effektiv, dass mer an Zukunft nach méi systematesch zesummen trainéieren. Dat heescht, dass mer och nach méi systematesch zesumme verschidden Investissementer maachen. Do kann ech e Beispill ufëieren, dat ass dee sougenanntenen „soldat du futur".

Do geet et drëm, eis Zaldoten nom Prinzip, deen eis an der Arméi helleg ass, beschtméiglech auszerüsten, da mat eisen Noperen zesummen. Do maache mer kloer Économies d'échelle. Et gëtt méi bëlleg, wann ech zu dräi Material akafen, héichwäertegt Material fir eis Leit ze schützen, mat héije GPS- oder Lokalisatiounssystemer. Dat sinn nei Technologien. Do wäerte mer an Zukunft systematesch zesummeschaffen a mir wäerten och am Joer 2014 ee sougenanntenen „battle group" maachen an der EU, wou dann de Benelux, dat heescht d'Belsch, d'Hollänner an d'Lëtzebuerger, an esou engem „battle group" wäerte sinn. Dat ass déi modern Défense-Politik an Europa, ënner engem Lead vun eisem belschen Noper.

Och am Beräich vun de Satellite wäerte mer versichen, an den nächste Joren zesummenzeschaffen. Mir wëllen hei zu Lëtzebuerg ee Centre d'excellence maachen. Do si mer an engem amerikanesche Programm zesumme mat Neuseeland, mat Kanada, mat den Dänen a mat den Hollänner. An do wëlle mer och am Prinzip vum „win-win" Capacitéiten zur Verfügung stelle fir d'belsch Arméi, a si ginn eis dann eng technesch Hëllef. Dat heescht, hei bréngt och een deem aneren eppes. Et ass eng asymmetresch, et kann ee scho bal soen Trilateral, mam Prinzip vum „win-win".

Dir gesitt also, mir hu wëlles, eis Arméi ze positionéieren an där grousser Welt, well fir eis zu Lëtzebuerg ass d'Arméipolitik och, oder d'Verteidegungspolitik, déi Politik vun den 3 D'en, Diplomatie, Défense an Développement. Et ass also eng Form och vun Aussepolitik, an heimat kënne mer weisen, dass mer existéieren. D'Benelux-Arméi ass also sécherlech, wäert en Thema ginn; nach net haut, vläicht och net muer, mä awer sécherlech iwwermuer.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Verdeedegungsminister.

Da komme mer elo zu der Fro N°155 vum Här Fernand Diederich un den Innenminister iwwert d'Parabolantennen. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°155 du 24 avril 2012 de M. Fernand Diederich relative aux règles régissant l'installation d'antennes paraboliques, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région

M. Fernand Diederich *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre, Dir Häre Ministeren, meng Fro betrëfft dem Här Innenminister seng Circulaire vum 18. November 2011 un eis Gemengen, aus där ervirgeet, datt eng Gemeng d'Installatioun vun enger Parabolantenn net vun enger Baugenehmegung, net vun enger Déclaration préalable an net vun enger Tax däerf ofhängeg maachen. Hie berifft sech op eng Kommunikatioun vun der Europäescher Kommissioun, déi beseet, datt d'Recht, eng Parabolantenn ze benotzen, aus dem Recht vun der fräier Circulatioun vun de Servicer ervirgeet. E freet d'Gemengen, si sollten déi respektiv Bestëmmungen aus hirem Bauteréglement sträichen.

Ech wollt den Här Minister froen, wéi vill Gemenge bis den 31. Januar op seng Circulaire geäntwert hunn a wat ënner folgendem Saz aus der Kommunikatioun ze verstoen ass: „Il appartient à chaque État membre de fixer les conditions à respecter pour l'installation des antennes paraboliques", an ob net d'Gefor besteet, dass méi eng grouss Zuel vu Parabolantenne sech negativ wäert op d'Bild vun eisen Dierfer a Stied auswierken?

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Diederich. D'Wuert kritt elo den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Häre, dee Problem, deen den Här Diederich opwerft, fënnt seng Origine an engem Prinzip an der EU, an zwar deem vum Droit individuel fir eng Antenn zu Lëtzebuerg ze hunn. Dëst Recht ass zréckzeféieren op den Traité vun der Unioun vun der Libre circulation de marchandises et de services.

Mä en anere Prinzip, deen een hei och muss invoquéieren, wann een iwwert dëst Recht schwätzt, ass dee vun enger Direktiv iwwer „Télévision sans frontières". Dat ass eng Direktiv, déi fir d'Lescht 1997 geännert gouf, mä déi och hei spillt. A last but not least spillt och nach eng Kommunikatioun vun der Kommissioun iwwert de Prinzip vun der Applikatioun vun den Antennes paraboles, déi och komm ass. Dëst muss een als Hannergrond huelen, wann een Iwwerleeunge mécht am Beräich vu Parabolen an eise Gemengen, an eisem Land.

Den Artikel 10 vun der Convention européenne des droits de l'Homme, deen ënnersträcht also, dass all Mënsch ee fundamentalt Recht huet, fir Informatiounen ze kréien, fir Iddien ze kréien, an dat, ouni dass e gehënnert ka ginn. Ech mengen, ech ka keen drun hënneren, eng Zeitung ze liesen oder eng Zeitung ze kafen; et ass e bëssen datselwecht. An do gëtt et Jurisprudencen, Jurisprudencë vun der Cour européenne des droits de l'Homme an och vun der

Cour européenne de Justice. Déi eng, déi kucken dann, ob d'Applikatioun vum Traité richteg ass, an déi aner kucken, ob d'Mënscherechter richteg ëmgesat ginn.

An am Kader vun deenen Iwwerleeungen, all déi ech elo gesot hunn, ass effektiv e Bréif erakomm an de Ministère, wou gesot ginn ass, hei zu Lëtzebuerg géife Gemengen dës Prinzipië violéieren. Dat ass vu Bréissel komm, a mir hunn dat dann och gekuckt, an duerfir hunn ech déi Circulaire den 18. November erausgeschéckt, déi eben de Gemenge soll soen, dass se déi Prinzipien, déi invoquéiert ginn, ebe vun der fräier Circulatioun vu Marchandisen a Servicen, vun der Fräiheet vum Eenzelnen, dass déi sollte respektéiert ginn.

Doriwwer eraus gëtt et eng nei Jurisprudence souguer, déi de Prinzip vun der Non-discrimination och nach bréngt. Dat ass a Schweden geschitt. Do ass en Iraker, dee wollt an engem Haus gären irakesche Fernseh kucken, e wollt eng Parabolantenn opriichten, a si waren net d'accord. Dunn huet de Mann misse plënneren. Och do huet d'Geriicht gesot, dat geet net, dee Mann, dee muss dat Recht hunn, fir déi Informatiounen ze kréien.

Duerfir hu mer déi Circulaire geschéckt. Déi weist ganz kloer, dass déi al Reglementer, déi mer an de Gemengen haten, déi deen do Prinzip justement praktesch exklusiv ëmmer a Fro gestallt hunn, dass déi mussen ofgeschaf ginn. Nichtsdestotrotz kënne mer d'Gemengen - wann et muss sinn, kënne mer dat nach maachen - eng Kéier uschreiwen, dass ee seet, dass et Restrictioune gëtt, déi ee kann eventuell zu dësem Recht aféieren. Mä déi Restrictiounen dierfen awer net diskriminatoresch sinn, also mussen de Prinzip vun der Proportionalitéit och bëinhalten. Dat mécht also d'Saach net ganz einfach.

Et kann een also reduzéiert eventuell verschidde Gemengen d'Méiglechkeet ginn, ënner verschiddenen Emstänn ganz konkret, zum Beispill wann et drëm geet, fir Gebailechkeeten ze schützen oder esou, dass een do vläicht Oplage ka maachen. Mä dat ass awer éischter restriktiv, wéi dass een dat ka grouss gesinn.

De Prinzip muss hei gëllen, de fräien Zougank muss deem Eenzelne bestoe bleiwen, dat ass ganz kloer, mä et kann een e vläicht aménagéieren, mä net verbidden. Dat ass dee grousse Prinzip.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Innenminister.

Mir kommen elo zu der leschter Fro fir de Mëtteg, nämlech d'Fro N°156 vum Här Roger Negri un den Nohaltegkeetsminister iwwert d'Sécherheet an den Tunnelen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°156 du 24 avril 2012 de M. Roger Negri relative à la sécurité constructive dans les tunnels autoroutiers en cas d'accident, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

M. Roger Negri *(LSAP).*- Här President, d'Press huet haut gemellt, dass déi technesch Ënnersichung vun deem trageschen, schwéiere Busongléck an engem Tunnel an der Schwäiz Ufank Mäerz, deen 28 Mënschen, dorënner 22 Kanner, d'Liewe kascht huet, ofgeschloss ass. Domat gëtt engem erëm schlagaarteg déi ganz Tragédie virun Ae gefouert a wéi séier schwéier Accidenter geschéie kënnen, mat hire fatale Konsequenzen.

De Bus an der Schwäiz ass jo an engem Tunnel, deen an déi zwou Richtunge befuer gëtt, op eng Bëtonskant vun enger Nothaltebucht gepralt. Dofir wollt ech den Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler froen, ob en eis kéint e puer Detailer ginn iwwert déi konstruktiv Sécherheet an eisen Tunnelen hei zu Lëtzebuerg zu dësem Problem, fir esou fatal Accidenter ze évitéieren.

Ech soen dem Här Minister Merci am Viraus fir seng Äntwert.

M. le Président.- Merci dem Här Negri. D'Wuert kritt den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. D'Sécherheet an den Tunnelen ass eng Fro, déi ëmmer erëm um Ordre du jour ass, well ëmmer erëm Accidenter duerch ganz Europa geschéien. A mir hunn och scho méi wéi eng Kéier, notamment déi leschte Kéier, och nach an der Chamberskommissioun jo iwwert dës Problematik geschwat.

Dir wësst, datt eis Reglementatioun, d'Gesetz vum November 2007 an de Reglement vum Dezember 2007, u sech hei d'Sécherheet an den Tunnelen zu Lëtzebuerg regléiert, an dat op Basis vun där Reglementatioun iwwert den TERN-Réseau - Trans-European Road Network -, wou all déi Konditioune festgeluecht si fir d'Tunnele vu gewëssene Gréissten.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg décidéiert, fir déi Tunnelen, och wa se net an deem TERN-Réseau sinn, hei zu Lëtzebuerg esou ze équipéieren, datt se deenen Direktiven entspriechen. An ech mengen, dat war och eng richteg Décisioun, déi mer sengerzäit geholl hunn.

Wat elo den Accident vum 13. Mäerz 2012 op der A9 an der Schwäiz ugeet, wou en Autobus an eng Paroi vun enger Garage gerannt ass, do muss een einfach soen derzou, datt zu Lëtzebuerg et net virgesinn ass an eiser Gesetzgebung, datt mer esou Parkgaragë brauchen. Mir bräichten déi nëmmen, wa mer Tunnelen hätten, déi bidirectionnel wären.

Vu datt awer déi Tunnelen, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn, ëmmer nëmmen een Tunnel pro Direktioun hu respektiv zwee Tunnelen hunn, well mer mussen an zwou Direktioune fueren, huet dee Problem sech u sech hei net zu Lëtzebuerg gestallt. Dat heescht, mir hunn net deen Typ vun Anlagen. Mir organiséieren eis Sécherheet mat anere Mëttelen, wéi dat hei virgesi war.

Dir kennt alleguerten déi Mëttel, an haaptsächlech dat, wat mir hei utiliséieren: Dat si Systemer, déi mer DAI nennen, Détection automatique vun Incidenten. Dat heescht, wa mer iwwer elektronesch Systemer mierken, datt en Auto stoe bleift op enger Pist, well eng Pann ass oder wat och ëmmer, da ginn automatesch Alarmen déclenchéiert an et ginn duerch Luuchtesystemer déi Pisten dann och am Tunnel blockéiert.

Mir hunn och all esou vill Meter Méiglechkeeten, fir vun engem Tunnel an deen aneren eriwwerzegoen, fir Sécherheet ze organiséieren. An dee Moment hu mer och esou Trottoiressystemer, wou den Auto kann, wann e wëllt, sech liicht op den Trottoir parken, fir zu engem Deel zumindest aus der Strooss dann ze dégagéieren.

Dat, mengen ech, ass a war nach ëmmer fir eis méi en effikasse System wéi déi Parkanlagen, wou de toute façon, wann den Auto stoe bleift an der Mëtt, ee se net ëmmer erreecht respektiv wann et erop- an erofgeet, och schwiereg ass, fir dat esou ze erreechen.

Et muss een och soen, datt sengerzäit an der däitscher Reglementatioun esou Parksystemer an den Tunnelen zwar zréckbehal gi waren als Recommandatiounen, Lëtzebuerg se awer sengerzäit aus deene Grënn, déi ech genannt hunn, net iwwerholl huet, well mer aner Systemer méi sënnvoll a besser fonnt hunn a schlussendlech och déi däitsch Recommandatiounen net an déi Sécherheetssystemer vun den europäeschen Direktiven iwwerholl gi sinn. Sou datt mer am Nachhinein mat deem, wat mir préconiséiert hunn, recht behalen hunn an och frou sinn, datt mer déi Systemer esou installéiert hunn, wéi mer se installéiert hunn.

Dat, wat mir gemaach hunn, huet natierlech ee ganze Käschtepunkt gehat, an dat kënnt duerno an dem drëtte Gesetz vun der Nordstrooss nach eng Kéier zréck. An do wäerte mer nach eng Kéier dovunner schwätzen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

Domadder wäre mer um Enn vun der Froestonn. Mir kéimen elo nach zu dem Dépôt vun enger Motioun, déi den Här Michel Wolter wëllt virhuelen. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

7. Dépôt d'une motion par M. Michel Wolter

M. Michel Wolter *(CSV).*- Här President, léif Kolleegen, am Numm vun der Finanzkommissioun wéilt ech eng Motioun déposéieren, déi zum Zweck huet, der Regierung d'Méiglechkeet ze ginn, no gewëssene Konditiounen en integréierte Radiosréseau fir eist Rettungswiesen an eis Sécherheetsservicer an deenen nächste Joer sech zouzeleeën.

Ech soen Iech Merci derfir.

Motion

La Chambre des Députés,

considérant

- que les forces de sécurité et de secours dépendent dans la réalisation de leurs missions de la disponibilité de moyens de communication performants, fiables et sécurisés;

- que les technologies et composantes à la base du réseau radio intégré des forces de l'ordre existant arrivent en fin de cycle de vie;

- que le Groupe d'Experts du Réseau Radio Intégré (GERRI) a analysé l'opportunité du déploiement d'un nouveau réseau radio sur base d'une technologie numérique;

- que le Ministère d'État a instauré en juillet 2011 un groupe de pilotage rassemblant les principaux utilisateurs et parties prenantes du réseau radio intégré pour analyser les différents modèles économiques de déploiement et de gestion envisageables d'un réseau numérique, l'expérience d'autres pays en la matière et les avantages et désavantages y liés;

- que le Gouvernement a décidé en date du 20 janvier 2012 de confier le déploiement et l'opération d'un réseau de radiocommunication numérique dédié aux services de secours et de sécurité à un opérateur économique;

- que par le caractère complexe et exceptionnel du projet, il est difficile d'apprécier d'avance, d'une part, les meilleures solutions techniques pour le déploiement et l'opération de ce réseau de même que, d'autre part, l'envergure précise de l'engagement financier qu'un tel réseau comporte pour l'État;

- que les conclusions des travaux du groupe de pilotage et les décisions du Conseil de Gouvernement ont été présentées à la Commission parlementaire des Finances et du Budget en date du 27 mars 20 12;

invite le Gouvernement

- à charger un opérateur économique du déploiement et de l'opération d'un réseau de radiocommunication numérique dédié aux services de secours et de sécurité, à maintenir ce principe pour la réalisation du projet, et ce conformément aux conclusions des travaux préparatoires;

- à lancer la procédure de marché public pour inviter des opérateurs économiques à faire des offres pour la conception, le déploiement, l'opération, l'entretien et la maintenance du réseau précité;

- à déposer, après la conclusion de cette procédure, au cours de l'année 2013, un projet de loi d'autorisation concernant le projet définitif, sous réserve qu'une offre acceptable pour l'État ait été remise.

(s.) Michel Wolter, François Bausch, Jean Colombera, Lucien Lux, Claude Meisch.

M. le Président.- Merci dem Här Wolter.

Mir kéimen dann elo zum éischte Projet de loi vun eisem Ordre du jour vun de Mëtteg, nämlech dem Projet de loi 6310, eng Direktiv iwwert d'Navigation aérienne. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Etgen, d'Madame Lorsché an den Här Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

8. 6310 - Projet de loi portant transposition de la directive 2009/12/CE du Parlement européen et du Conseil du 11 mars 2009 sur les redevances aéroportuaires et portant modification

1) de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne;

2) de la loi modifiée du 19 mai 1999 ayant pour objet a) de réglementer l'accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg, b) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sûreté de l'aviation civile, et c) d'instituer une Direction de l'Aviation civile

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Marc Spautz *(CSV), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mam Projet, deen ech elo d'Éier hunn Iech virzestellen, setze mir eng Direktiv ëm, an zwar d'Direktiv 2009/12 vun der Europäescher Kommissioun.

De Projet de loi, mat deem mir dës Direktiv ëmsetzen, ass de 5. August 2011 vum Nohaltegkeetsminister déposéiert ginn, kuerz nom Rejet vum Recours en annulation, wourobber ech nach wäert zréckkommen. De 16. Dezember huet de Statsrot säin Avis derzou ofginn. Den 21. September 2011 hat d'Kommissioun mech schonn zum Rapporteur genannt. Den 18. Januar vun dësem Joer hu mir an der Kommissioun de Projet an den Avis vum Statsrot analyséiert. Well de Statsrot e puer Oppositions formelles hat, hu mir den 8. Februar eng Rei Amendementer ugeholl. Den 20. Mäerz huet de Statsrot de Projet fir d'Zweet aviséiert. An den 18. Abrëll huet d'Kommissioun de Rapport kënnen eestëmmeg unhuelen.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn Iech vill Datumer un de Kapp gehäit, ouni dass mir, oder Dir nach awer genau wësst, wourëms et an där Direktiv geet. D'Zil ass et, en harmoniséierte Kader ze schafen, fir d'Flughafegebühren an Europa ze regelen. Heirënner fale Landegebühren, vun deene bei eis d'Administration de la navigation aérienne profitéiert, awer och déi Redevancen, déi fir d'Passagéier bezuelt ginn, oder och dann, wa Fligeren um Flughafe geparkt ginn.

Ech wëll hei ënnersträichen, dass d'Direktiv net d'Montantë vun de Gebühre festleet, mä eleng de juristeschen an de prozedurale Kader, dee muss respektéiert ginn, fir dës Redevancen ze fixéieren. Se gëllt fir all Flughafen an Europa an der EU, deen op ass fir all kommerzielle Loftverkéier a mat méi wéi fënnef Millioune Passagéiermouvementer pro Joer. A genau do läit de Problem, well Lëtzebuerg huet déi fënnef Millioune Passagéier net. Mä gläichzäiteg steet an där Direktiv, da wier et dee gréisste Flughafe vum Memberland - wat da fir Lëtzebuerg gëllt.

Ech wëll eng Kéier kuerz gesot hei op de Prinzip vun der Netdiskriminéierung an der Transparenz am Beräich vun dëse Flughafegebühren agoen. Eng obligatoresch Konsultatiounsprozedur vun de Flughafebenotzer duerch d'Gestionnairë vun de Flughäfen ass och virgesinn, an et muss eng onofhängeg Supervisiounsautoritéit an d'Liewe geruff ginn, fir onparteiesch Décisioune kënnen ze garantéieren. Dëst Organ muss juristesch ënnerschiddlech an a senger Fonctioun onofhängeg si vu sämtleche Gestionnairë vun engem Flughafen an och vu Fluggesellschaften.

D'Fro vun der Autorité compétente war dann och den Haaptpunkt vun den Aarbechte vun der Kommissioun. Den initialen Text hat d'Direction de l'Aviation civile als Autoritéit virgesinn, déi soll zoustänneg sinn. De Statsrot hat awer hei seng Awänn, sou dass d'Kommissioun festgestallt huet, dass den ILR soll déi Roll iwwerhuelen - a mir hunn dat och esou festgehalen - an d'Supervisioun iwwerhuelen amplaz vun der DAC.

Den zweete Punkt, iwwert dee mir hu misse schwätzen, ass dee vum Recours en annulation vun der Direktiv. Lëtzebuerg hat e Recours en annulation géint déi Direktiv gemaach, deen den 12. Mee 2011 rejetéiert ginn ass, woubäi den Délai fir d'Transpositioun de 15. Mäerz 2011 ofgelaf ass.

De Recours ass géint den éischten Artikel vun der Direktiv gaangen, déi beseet, dass se sech applizéiert: „…à tout aéroport situé sur un territoire relevant du traité, ouvert au trafic commercial et dont le trafic annuel dépasse cinq millions de mouvements de passagers, ainsi qu'à l'aéroport enregistrant le plus grand nombre de mouvements de passagers dans chaque État membre".

Lëtzebuerg hat gefuerdert (veuillez lire: kritiséiert), dass dem Findel als eenzege Flughafen am Land aner administrativ a finanziell Obligatiounen opleie wéi anere vergläichbare Flughäfen, notamment an der Groussregioun, an dass domadder de Prinzip vun der Netdiskriminatioun géif violéiert ginn.

An Zwëschenzäit ass jo d'Iddi vum Flughafe Bitburg vum Dësch, wat schonn e bësse besser ass, mä soss wier dat - wa mir als Eenzeg hätte missen drënnerfalen - am Verglach zu Bitburg a Metz doudsécher e groussen Nodeel fir Lëtzebuerg gewiescht.

Als zweete Punkt hat Lëtzebuerg ugefouert, dass d'Prinzipië vun der Subsidiaritéit an der Proportionalitéit net géifen agehale ginn an dass doduerch méi Käschten a méi Prozeduren op de Findel zréckfalen. Dëst wier och am Kader vun engem Konkurrenzkontext an der Groussregioun désavantagéis fir Lëtzebuerg. Dës zwee Argumenter sinn der Cour de Justice net duergaangen, well si huet eise Recours als Lëtzebuerg net akzeptéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, Dir hutt et am Laf vu mengen Ausféierunge gemierkt, dëst ass en technesche Projet, an duerfir verweisen ech fir déi weider Detailer och op den Avis vum Statsrot a seng Remarquë wéi op mäi schréftleche Rapport.

Ech wëll just nach drop agoen, dass en Avis vun der Chambre de Commerce komm ass, déi hiren Accord ginn huet. An ech géif och op dëser Plaz d'Zoustëmmung gi vun der CSV-Fraktioun. An ech géif hoffen, dass Dir alleguerten dëse Projet mat kënnt droen.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur Marc Spautz. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen.

Discussion générale

M. Fernand Etgen *(DP).*- Merci, Här President. Ech wëll just dem Rapporteur Merci soe fir säi prezise schréftlechen an engagéierte mëndleche Rapport zu dësem Projet an him Merci soe fir seng Aarbecht.

Am Kontext vun der Flugsécherheet wëll ech nach drun erënneren, datt eng Question parlementaire vu mir vum 16. Januar, also viru méi wéi dräi Méint, iwwert d'Divergenzen tëschent der Administration de la navigation aérienne an der Direction de l'Aviation civile, iwwert d'Divergenze wat d'Applikatioun vun den europäeschen Direktiven ubelaangt, nach ëmmer net beäntwert ass, wuel wëssend, datt et awer keen direkte Lien do dertëschent gëtt an deem heitege Projet. Mir als DP-Fraktioun fannen dat net seriö a mir hoffen, datt mer gläich eng Äntwert op dës Fro kréien.

Wat de Projet vun haut ubelaangt, wëll ech selbstverständlech den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Etgen. Dann hätt ech just nach als Riedner den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Dee Projet hei, dee geet op den europäeschen Traité an op eng Direktiv vun 2009 zréck, déi méiglechst niddreg Flughafegebühre fir Fluggesellschaften ustrieft. All Erhéijung vu Gebühre muss dokumentéiert a gerechtfertegt ginn. D'Fluggesellschafte mussen domat d'accord sinn, soss entscheet eng onofhängeg Regulatiounsgesellschaft.

D'Regierung wollt zwar eng Ausnahm fir Lëtzebuerg kréie virum Europäesche Geriicht, huet awer verluer. An interessant ass do virun allem an deem Urteel d'Argumentatioun vum Geriicht. Et huet gesot, zu Hahn an zu Charleroi, déi jo geholl ginn als Beispill dacks hei, drécken d'Low-Cost-Fluggesellschafte souwisou op d'Präisser, well et do vill op d'Präisser ukënnt bei deene Leit, déi mat deene Low-Cost-Gesellschafte fléien.

Zu Lëtzebuerg awer, wou et virun allem eng Clientèle vu Geschäftsleit gëtt, deenen eigentlech d'Präisser egal sinn, deenen et virun allem drop ukënnt, méiglechst no hei bei der Stad ze landen, muss een iwwert deen heite Wee Drock op d'Regierung als Bedreiwerin vum Findel maachen, fir d'Präisser ze senken.

A wie seet, Drock vun de Fluggesellschaften op d'Präisser, seet natierlech manner Einnahme fir de Stat, an dat heescht erëm eng Kéier Drock op d'Léin vun deem Personal, wat do schafft. Dat heescht och Drock op d'Emweltbedéngungen, zum Beispill eng Duerchlächerung vum Nuetsverbuet.

An et ass wuel keen Zoufall, dass sech elo an dëser Zäit déi éischt Low-Cost-Fluggesellschaft schonn zu Lëtzebuerg ugemellt huet. An dobäi gesäit eigentlech den europäeschen Traité vir, dass een och dem regionalen Aspekt vun engem Flughafe bei där heiter Regelung ka Rechnung droen.

Dat ass awer eng Bestëmmung vum Traité, op déi d'Lëtzebuerger Regierung sech virum Geriicht net beruff huet. Firwat? Well se jo selwer de Flughafe gesäit am Kader vun enger Konkurrenz géint déi aner Flughäfe ronderëm. Et kann een also soen, dass am Fong geholl hir eege Konkurrenzpolitik hei hir op d'Nues fält!

Ech stëmme géint dat Gesetz hei, wat am Fong geholl nëmmen e Gesetz ass fir d'Dereguléierung an de Präisdrock am Aviatiounssecteur unzedreiwen. D'Lëtzebuerger Regierung huet sech op eng Rei Argumenter beruff, awer, mengen ech, net op déi richteg Argumenter, déi een hätt misse gebrauchen, fir hei ze rechtfertegen, dass dat Gesetz hei sech net, dass déi Regelung hei sech net op Lëtzebuerg uwennt.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. D'Wuert kritt elo den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Just e puer Remarquen, déi ech ze maachen hunn, nodeem datt ech selbstverständlech dem Rapporteur Marc Spautz an der Kommissioun Merci gesot hu fir déi gutt Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass.

Wann ech den Här Urbany richteg verstanen hunn, war hie jo am Prinzip mat eis d'accord, datt mer géint déi Direktiv hei ugesicht hunn, well hie jo och dergéint ass.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Jo.

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Hien huet just gesot, mir hätten déi falsch Argumenter geholl, fir unzesichen. Mir hunn déi Argumenter geholl, wou mer gehofft hunn, datt mer géife gewannen, wou mer ugesicht hunn. Mir hunn awer, muss ech feststellen a musst Dir och feststellen, hei net gewonnen.

Mir sinn an där Situatioun, an där Konkurrenzsituatioun mat eisem Flughafen a mir musse probéieren an Zukunft och all déi Argumenter op eis Säit ze kréien, déi eis kënnen an deem Konkurrenzkampf, wou mer sinn, mam Flughafen och kënne bestoe loossen. Do wäerte mer och dat Bescht maachen, fir all déi Argumenter op eis Säit an deenen nächste Joren ze kréien.

Mä Dir wësst et, an der Aviatioun, ob dat elo am Cargo-Business ass oder ob dat am Passagéier-Business ass, ass d'Konkurrenz grouss an ass de Kampf an deene leschte Joren extrem staark.

Ech wëll dem Här Etgen äntwerten. Ech hat gemengt, mir hätten op seng Question parlementaire hei mëndlech geäntwert, well ech zweemol hei Stellung geholl hunn. Wann dat net de Fall ass, kucke mer dat direkt, datt Dir sofort eng Äntwert kritt. Dann deet et mer leed, dann entschëllegen ech mech. Mä selbstverständlech, wann dat net de Fall ass, kritt Dir kuerzfristeg eng Äntwert vun eis zougestallt.

Ech soen Iech Merci fir d'Zoustëmmung zu deem Gesetz.

M. le Président.- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6310 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'ÉiscHT déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6310 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen, géint 1 Neen-Stëmm.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6310 est adopté par 58 voix pour et 1 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert (par M. Félix Eischen), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Serge Wilmes), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), François Bausch, Félix Braz (par Mme Viviane Loschetter), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6395 iwwert de Bau vun der Liaison Micheville. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Etgen, d'Madame Lorsché, den Här Kartheiser an den Här Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

9. 6395 - Projet de loi relatif à la construction de la liaison Micheville entre la route N31 et l'autoroute A4

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Marc Spautz *(CSV), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet, deen ech Iech elo virstellen, ass en eminent wichtege Projet fir de Site Belval a fir d'Uertschaft Esch. Well och Esch an d'Gemeng Suessem, déi niewendru läit, déi och deelweis deen Terrain do mat huet, gi mat deem Projet enorm entlaascht, an et ass eng wichteg Saach och fir d'Entwécklung vum Süden.

Mir hunn an deene leschte Joren, Méint a Woche jo verschidde Projete vum Site Belval hei ugeholl. Leschte Mount huet meng Fraktiounskolleegin, d'Madame Marie-Josée Frank, op dëser Plaz de Projet vun der Ingenieurshal, der Kältezentral an dem Labo hei virgestallt. All dës Projete si wichteg fir d'Uni an de Fuerschungsstanduert Lëtzebuerg. An all dës Projete mussen agebett sinn an e Verkéierskonzept, well aneschters et wäert onméiglech sinn, dass mer de Verkéier packen, dat op der Route Nationale 31 wéi och op der Autobunn A4.

Jiddweree vun eis ass bestëmmt schonn eng Kéier Richtung Belval gefuer an huet misse feststellen, dass momentan dat eng eenzeg grouss Baustell ass, an dass och eng relativ chaotesch Stroosseféierung do ass, déi nawell all Woch - oder all Mount, soe mer - e bëssen aneschters ass.

Mat dësem Projet laude mir elo déi drëtt Phas an, an domat d'Fäerdegstellung vun der sougenannter Liaison Micheville, déi dann et och mat sech brëngt, dass mer e franséische Contournement kréie vun Däitsch-Oth mat eiser A4, dass och do herno eng Verbindung entsteet. De Käschtepunkt beleeft sech op 138 Milliounen Euro.

Wat gëtt elo méi konkret hei gebaut?

E Stroossenabschnitt vun 1.650 Meter tëschent der N31 an der A4 am Norde vun der Cité Raemerich; de Bau vun engem Échangeur an engem Kreesverkéier beim Crassier Éilereng an de Raccordement vun dësem mam Rond-point Raemerich; de Bau vun enger Bréck ënnert dem Kreesverkéier Éilereng. Des Weidere sinn an dëser leschter Phas d'Behandlung vun deem verschmotzte Buedem inklusiv dem Oftransport op eng Décharge virgesinn.

Dee ganze Projet vun dëser Verbindung tëschent Esch a Micheville a Frankräich huet d'Zil, den Accès op Belval ze vereinfachen, andeems d'Autoen den ënnerierdeschen Tunnel huelen, dee mat den Haaptachse verbonnen ass. Doduerch ginn d'Stroosse ronderëm Esch a Suessem entlaascht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat d'Chance, mat deenen zoustännege Leit de Chantier eng Kéier kucken ze goen, wéi en elo ass. A wann een do gesinn huet, wat alles leeft, weess een, dass et och wichteg ass, dass mer elo déi drëtt Phas maachen, fir dass mer dann och definitiv déi Strooss opkréien.

E kuerze Réckbléck iwwert de gesamte Projet vun der Liaison Micheville.

Si huet eng Gesamtlängt vun 3.300 Meter op zweemol zwou Bunnen. Vum Échangeur Lankelz gëtt d'A4, déi am Moment jo um Rond-point Raemerich ophält, déviéiert a verlängert. Vum Norden no Süde leeft se laanscht d'TGV-Zentral, de Site vum Crassier Éilereng, den Terrain vun der SOTEL, de Plateau du St-Esprit - selbstverständlech net deen hei an der Stad, mä deen um Belval - a verleeft dann ënnerierdesch duerch Belval, fir da schlussendlech op engem neie Rond-point unzekommen.

Den Haaptbestanddeel vum Projet ass den iwwerdeckten Tunnel vun enger Längt vu 735 Meter. Dräi nei Échangeure sinn néideg fir d'Ubannung un dat bestehend Stroossennetz: deen éischte fir d'Verbindung mam Crassier Éilereng an d'Quartiere vun Esch; deen zweeten, südwestlech vun der Cité Raemerich, ass fir d'Desserte Nord vu Belval, an deen drëtte garantéiert op der franséischer Säit déi lokal a regional Ubannung souwéi den Accès op Belval-Sud an och an déi Belvaler Strooss fir Bieles.

Ech hu virdru gesot, dass dëst déi drëtt Phas vum Projet ass. Dat ergëtt also, dass mer schonn zwou Phase virdrun haten. D'Gesetz vum 3. August 2005 huet déi éischt Phas fräiginn, mat engem Budget vu 76 Milliounen Euro. Hei ware virun allem Virbereedungsaarbechten an d'Drostruktur vum Tunnel virgesinn, wéi och den Accès op de Square Mile.

D'Gesetz vum 29. Juli 2008 war den Ufank vun der zweeter Phas, mat enger Enveloppe budgétaire vun 115,5 Milliounen Euro, mat deenen d'Gros œuvre vum Tunnel sollt fäerdeggestallt ginn, gradesou wéi d'Voiriesaarbechten am Tunnel, de Bau vun engem Kreesverkéier, verschidden Ubannungen, wéi ënner anerem déi vum Rond-point Raemerich, an d'Behandlung vum verschmotzte Buedem.

De Projet vun haut soll dann déi lescht Phas ugoen um Schluss vun där Liaison Micheville, ier d'Liaison Micheville soll a Betrib geholl ginn. Wéi scho gesot, ass hei e Budget vun 138 Millioune virgesinn.

Mir wëssen och - a mir hunn alleguerte jo e Courrier och kritt - vu verschiddene Mouvementer, déi soen, dass dat net gutt wier, wa mer dee Projet haut de Mëtteg géife stëmmen, well do Problemer op franséischer Säit wieren. Ech wëll awer dozou soen: Éischtens kënne mer eise franséische Kolleegen net soen, wat se ze maachen hunn, mä dass et do déi jeeweileg Instanze sinn, déi dofir zoustänneg sinn.

An zweetens: dass laang Jore verhandelt ginn ass tëschent Lëtzebuerg a Frankräich, fir endlech déi Léisung do ze fannen, dass a) de Site vu Belval - wou deemools de Michel Wolter belächelt ginn ass, wéi en domat komm ass, fir deenen Industriebraachen en neit Liewen anzehauchen - awer haut beweist, deen Intérêt vun all deene Leit, déi do sinn, wéi interessant dat war; dass et zweetens wichteg ass, dass de Verkéierschaos vun der Gemeng Suessem, virun allem der Uertschaft Bieles, awer och Esch, dass déi missten entlaascht ginn, dass et richteg war, dës Entscheedung ze huelen an dass et och elo net un eis ass, de franséische Kolleege virzeschreiwen, wat se ze maachen hunn, wou och do scho Prozesser gefouert sinn, wuel wëssend, dass och elo franséisch Organismen op europäeschem Niveau usichen, esou ass et awer wichteg,...

(Interruptions)

M. le Président.- Ech bieden Iech, dem Här Spautz nozelauschteren!

(Interruptions)

M. Marc Spautz *(CSV), rapporteur.*- ...dass mer awer och elo wëssen, dass op europäeschem Niveau do wäert ugesicht ginn. Mä et ass net un eis Lëtzebuerger, hei elo dat Ganzt ze stoppen, mä dass dat endlech soll och zu engem Enn gefouert gi vun eiser Säit.

Zielt een déi dräi Phasen awer elo zesummen, esou kënnt ee fir déi Strooss op e Gesamtchiffer vu ronn 330 Milliounen.

Här President, e Problem, dee sech meeschtens bei der Sanéierung vu fréieren Industriesitë stellt, ass dee vum verschmotzte Buedem, deen d'Industrie hannerléisst. Mir wëssen et all, och Belval ass heivun net verschount bliwwen. An dat si jo ëmmer extrem finanziell Posten, wat esou eng Opbereedung vum Buedem kascht!

Et gëtt hei verschidden Alternativen, zum Beispill, dass een e Gruef aushieft, no ënnen isoléiert, da mat Buedem volltippt, no uewen zouisoléiert an dann zum Beispill eng Autobunn driwwerfuere léisst. Genau dat hu mer gemaach um Terrain laanscht d'TGV-Zentral.

Wann Dir Belval awer virun Aen hutt, wësst Der, dass do Kubikmeteren a Kubikmetere vun esou Buedem leien. An déi grad erkläerte Method ass zudeem extrem kostspilleg an et ass momentan nach méi bëlleg, awer sécherlech net onbedéngt méi nohalteg, de verseuchte Buedem an d'Ausland ze exportéieren, wou en da fachgerecht entsuergt ka ginn.

Mä soulaang et méi bëlleg ass, dat ze maachen, wier et jo awer och Nonsens, wa mer géifen dann hei net vun där Geleeënheet profitéieren. D'autant plus wou mer wëssen - an ech hat d'Geleeënheet, scho bei engem anere Projet hei doriwwer ze schwätzen -, dass mer jo nach esou Siten hunn.

Ech denken drun, wéi mer Rieds haten iwwert de Lycée Hubert-Clément, firwat deen net konnt op d'Frichë vun Terres Rouges gesat ginn. Ech denken un d'Schmelzen, déi jo elo agemott ginn - dat ass jo dat neit Wuert an der Lëtzebuerger Sidérurgie, dass mer vun „amotten" schwätzen -, dass do och nach wäerten eng Kéier Sitë kommen, wou relativ vill Buedem ze sanéieren ass, dass een dann eng Kéier muss drugoen. Mä soulaang et méi bëlleg ass, et am Ausland ze entsuerge wéi hei am Land ze behandelen, mengen ech, ass dat dee richtege Wee.

D'Gesetz vun 2008 iwwert d'Liaison Micheville hat fir de verseuchte Buedem e Poste vu bal 23 Millioune virgesinn. Ech wëll awer soen, dass déi Délaien, déi am Gesetz virgesi waren, net konnten agehale ginn, fir all dee Buedem hei am Land ze entsuergen, well och méi Meter Kibb do waren, wéi am Ufank gemengt, a mir hu missen op d'Alternativen zréckgräifen. An dat ass eben, wéi gesot, eng Décharge, déi sech dorobber spezialiséiert huet an Däitschland.

Zu dësem Zäitpunkt hunn dës Terrainen awer och nach net dem Stat gehéiert, mä der Agora. An dat war eréischt duerno, nodeems déi Terrainen dépolluéiert waren, dass de Stat der Agora en Deel vun den Terrainen ofkaaft huet fir ronn 15 Milliounen. Dir gesitt, dëst alles si keng kleng Montanten, déi hei am Spill sinn, an et ass extrem wichteg, dass dës Terrainen uerdentlech dépolluéiert ginn, ier nei drop gebaut gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ofschléissend wëll ech nach soen, dass de Statsrot mam Projet averstanen ass. Just, wéi scho méi oft, huet e reklaméiert, dass mer géife bei der Liaison Micheville esou e klenge Saucissonnage vum Gesamtprojet maachen. En hätt et léiwer gehat, wa mer ee gemeinsamt Gesetz doriwwer gestëmmt hätten. Awer quant au fond huet e kee Problem.

Dëst ass ee wichtege Projet fir de Site Belval a fir de Süde vum Land. Mir hunn an de leschte

Jore vill Geld an Häerzblutt an déi Siten investéiert. Dofir ass et richteg, dass mer elo mat dësem Projet déi néideg Stroosseverbindunge vun der Liaison Micheville ofschléissen. An ech géif Iech alleguerte bieden, dësem Text zouzestëmmen. En ass wichteg fir eis Stroossestruktur, en ass wichteg fir d'Ëmwelt an en ass och wichteg fir d'Entwécklung vun eisem Land.

Ech soen Iech Merci an ech ginn och heimadder d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Fernand Etgen *(DP), remplaçant M. Eugène Berger.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech maachen dës Interventioun am Numm vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Eugène Berger, deen haut fir d'Chamber am Ausland ass, fir fir d'Éischt emol dem Rapporteur, dem Kolleeg Marc Spautz, Merci ze soe fir säi prezise schréftlechen a mëndleche Bericht.

Dëse Projet ass eng weider Etapp am Hibléck op d'Entwécklung vun den Industriefrichen op Esch/Belval, well mat deem virleienden Text gëtt déi drëtt a lescht Phas vun der Haaptverkéiersoder um Site vun Esch/Belval realiséiert an eist Autobunnsnetz un dat franséischt ugebonnen. Dëse Projet ass d'Basis fir d'Grondakzeptanz vum Projet Belval.

Als DP-Fraktioun si mir selbstverständlech d'accord mat dësem Projet, well d'Ubannung vun dem Lëtzebuerger Stroosseréseau, dat heescht vun der Escher Autobunn un de franséischen Autobunnsréseau ass eppes, wat scho laang gewënscht ass.

Dëse Projet steet dann och ganz besonnesch a Relatioun mat där dynamescher Entwécklung, déi mer am Süde vun eisem Land kenne mat de Friches industrielles op Belval an deenen anere Frichë ronderëm Éilereng, mat zousätzlechen Aktivitéiten, déi dann och wäerten an déi ganz Regioun kommen an déi jo forcément, ob mer dat elo wëllen oder net, méi Individualverkéier wäerten unzéien.

Duerfir brauche mer awer och dréngend eng Verstäerkung vun den Zuchinfrastrukturen am Süden. Schonn haut ass d'Autobunn Esch-Lëtzebuerg an de Stoussstonnen iwwerlaascht. Mat där weiderer Entwécklung vum Süde riskéiert op dëser Streck ee richtege Verkéierschaos ze entstoen. Déi direkt Zuchlinn Lëtzebuerg-Esch ass an eng drëtt Phas verluecht ginn, wat nëmmen heescht, datt dës Regierung se net wäert bauen. Eng adequat Alternativ zu dëser Linn huet d'Regierung awer bis elo nach net op den Dësch geluecht.

Ofschléissend wëll ech de Wonsch ausdrécken, datt mer esou séier wéi méiglech op därselwechter Plaz an zum selwechte Moment erauskomme wéi d'Fransousen, wat dëse Projet ubelaangt. Dat schéngt de Moment awer net ganz garantéiert ze sinn, duerch Plaintë vun Ëmweltorganisatioune bei der EU-Kommissioun.

Dann erënnert de Projet vun der Liaison Micheville eis och nach un een anere Projet, dee mer dagdeeglech aus de Staumeldungen am Süde kennen: dee vum Échangeur Helleng. An ech wëll vun dëser Diskussioun profitéieren, fir de Minister kuerz ze froen, wou mer mat dësem Projet dru sinn.

Erlaabt mer awer och nach zum Schluss, Ponts & Chaussées fir déi gutt Informatiounspolitik vun de Leit, vu Ponts & Chaussées un d'Leit aus dem Quartier ze félicitéieren an hinnen duerfir Merci ze soen.

Ofschléissend wëll ech soen, datt d'DP dëse Projet wäert stëmmen an datt mer doranner och ee wichtege Schrëtt gesi fir déi weider Rekonversioun vun enger ganzer Regioun am Süde vun eisem Land.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- An ech soen dem Här Etgen Merci. Als nächste Riedner ass d'Madame Lorsché agedroen.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, grad wéi den Här Marc Spautz als Rapporteur vun dësem Projet a wéi den Här Etgen vun der DP vertrëtt och déi gréng Fraktioun d'Meenung, datt d'Liaison Micheville net nëmmen zu der Beliewung vun Esch/Belval bäidréit, mä d'Verkéierssituatioun ronderëm Esch och insgesamt verbessert. Aus ekonomeschen a soziale Grënn ass de Bau vun dëser Verbindung also duerchaus ze vertrieden. Dofir si mer och der Meenung, datt de Projet vun der Liaison Micheville soll eng Suite kréien.

Mat dësem Gesetz, wat d'Finanzéierung vun der drëtter a leschter Phas vun där Verbindung soll erlaben, di mir eis allerdéngs schwéier. Quitte datt d'Ëmsetzung vum Projet zum gréissten Deel an der Hand vun de franséischen Autoritéite läit an ënnert der Maîtrise d'ouvrage vun de Conseils généraux Moselle a Meurthe-et-Moselle soll duerchgefouert ginn, engagéiert de Lëtzebuerger Stat sech awer net ze knapps bei der Finanzéierung vun den Infrastrukturen.

Wann een d'Käschte fir d'Entsuergung vum verseuchte Buedem op lëtzebuergeschem Territoire vum Gesamtbetrag ofzitt, da bleiwen ëmmerhin nach 114,5 Milliounen Euro, déi Lëtzebuerg fir de leschten Deel vun dëser Ubannung investéiere wëllt, déi a Frankräich weiderleeft.

Am Prinzip begréisse mir als Gréng all Investissement, wat déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht op eng nohalteg Aart a Weis fördert, zemools och, wann et ëm déi ekonomesch, sozial a kulturell Beliewung vun Esch/Belval a vun de Südgemenge geet. Allerdéngs huet dëse Projet en Hoken.

Bewisenermoosse weist den Terrain, op deem d'Strooss soll gebaut ginn, a Frankräich eng héich Biodiversitéit op a läit op Lëtzebuerger Säit tëschent zwee Natura-2000-Gebidder, dat eent zu Esch, dat anert zu Déifferdeng, déi evidenterweis duerch de Bau vun dëser Strooss a Gefor kënne geroden. Trotzdeem ass bei der Planung vun der Strooss keng Strategesch Ëmweltpréiwung duerchgefouert ginn an trotzdeem si keng alternativ Tracéen am Detail analyséiert ginn, woumat déi europäesch Gesetzgebung net an allen Hisiichte respektéiert gëtt.

Et ass dofir kee Wonner, datt net manner wéi dräi franséisch an zwou Lëtzebuerger Ëmweltschutzorganisatioune reagéiert hunn, an dat mat enger Plainte bei der Europäescher Kommissioun, sou wéi den Här Spautz an den Här Etgen et och ugedeit hunn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wann d'Plainte sech géint Frankräich riicht, si mir net der Meenung wéi den Här Spautz, datt Lëtzebuerg elo de Kapp an de Sand sollt stiechen. Souwuel d'Mëssuechtung vun de Prozedure wéi och de Schutz vun der Natur ginn eis net nëmmen e wéineg un, zemools, well mer eis hei och mat 114 Milliounen an e wéineg méi engagéieren. Onofhängeg dovu besteet de Risiko, datt de Projet opgrond vun der Plainte op EU-Niveau blockéiert gëtt a mir da méi ze verléieren hu wéi ze gewannen; haaptsächlech verléiere mer vill Zäit.

D'Wahrscheinlechkeet, datt d'Plainte recevabel ass, besteet an eisen Aen ëmsou méi, well 20% vun de Käschten iwwer europäesch Fongen ofgedeckt ginn. Ob dat Geld och fléisst, wann déi europäesch Virschrëften net respektéiert ginn, ass eng Fro, déi gradesou berechtegt ass wéi déi, ob mir eis eegen Natura-2000-Zone wëlle schützen oder net.

Amplaz also just Geld zur Verfügung ze stellen an der Hoffnung, datt dat Europäescht Geriicht bei dësem Projet duerch d'Fangere kuckt, fuerdere mir déi zoustänneg Ministeren an dësem Dossier op, aktiv ze bleiwen an Drock op Frankräich ze maachen.

Éischtens misst eng grenziwwerschreidend Impaktstudië realiséiert ginn, fir d'Auswierkunge vun dësem Projet op déi natierlech Liewensraim ze analyséieren, an zweetens misst all aner Variant vu Grond op gepréift ginn, fir den ekologesch sënnvollsten Trajet kënnen ze realiséieren. En Tracé, dee manner zerstéiert a méi effikass ass an dee virun allem net zu engem zweeten Échangeur Helleng wäert féieren!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet hei net nëmmen drëm, dat europäescht Recht ze respektéieren, mä et muss och drëms goen, eis eege Rechter wouerzehuelen, fir datt Esch/Belval sech weiderhin am Respekt vun der Natur entwéckele kann an domat dem Prinzip vun der Nohaltegkeet trei bleift. Well déi zwou Bedéngungen hei net garantéiert sinn, wäert déi gréng Fraktioun sech bei dësem Vote enthalen.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci der Madame Lorsché. Als nächste Riedner ass den Här Engel agedroen. Den Här Engel huet d'Wuert.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Här Spautz fir säin exzellente Rapport a seng Explikatiounen, déi e ginn huet. En huet gesot, dass et en extrem wichtege Projet wier. Ech kann deem nëmmen zoustëmmen. Déi drëtt Phas ass eng logesch Konsequenz vun Décisiounen, déi 2005 an 2008 hei geholl goufen, Décisiounen, déi scho préliminaire waren op dës Décisioun, déi dann haut wäert fale fir déi drëtt Phas, déi ganz wichteg ass fir d'Regioun vum Süden, awer och fir eist ganzt Land.

Alleguer déi Décisiounen, déi duerno musse fale op franséischer Säit, musse sech natierlech an de Kader vun der Prozedur vun der Réglementation communautaire aschreiwen, an do gëtt et och eng ganz Rei vu Méiglechkeeten, déi nach ze huele sinn.

Et wonnert mech e bëssen hei, d'Abstentioun vun der grénger...

Une voix.- Eis net!

M. Georges Engel *(LSAP).*- ...Fraktioun, well d'Leit an de Schäfferéit zu Suessem an zu Esch, wou jo och déi gréng mat dra vertruede sinn, déi setze sech jo scho säit Joren...

Une voix.- Jo!

M. Georges Engel *(LSAP).*- ...derfir an, dass den Accès op dëse Site besser gëtt an och d'Weiderféierung Richtung...

Une voix.- Mir och, mir och!

M. Georges Engel *(LSAP).*- ...Frankräich endlech Realitéit gëtt, an duerfir wonnert dat heite mech elo ganz staark, well bis elo och vun där Säit do net grousse Géigewand komm ass.

M. François Bausch *(déi gréng).*- Ech mengen, Här Engel,...

M. Georges Engel *(LSAP).*- Mir brauchen eng dynamesch Entwécklung...

M. François Bausch *(déi gréng).*- Ech mengen, Här Engel, wann Der gutt nogelauschtert hätt der Madame Lorsché, dann hätt Der erausfonnt, datt wahrscheinlech mat eiser Method fir virzegoen d'Strooss éischter gebaut gi wier.

M. le Président.- Den Här Engel ass et ganz eleng, deen d'Wuert huet. Wann ee gär dem Här Engel eng Fro stellt, dann...

M. Camille Gira *(déi gréng).*- Gitt emol op Helleng kucken!

M. François Bausch *(déi gréng).*- Den Här Engel stellt hei Behaaptungen op, déi...

M. Camille Gira *(déi gréng).*- Kuckt Iech Helleng emol un!

(Brouhaha)

M. le Président.- Här Engel, schwätzt Dir virun!

M. Camille Gira *(déi gréng).*- Den Här Goebbels hat schonn eng Kéier gemengt, e kéint iwwer europäesch Direktiven ewechgoen. D'Resultat ass Helleng.

(Interruption)

M. Georges Engel *(LSAP).*- Fir dass mer eng dynamesch Entwécklung souwuel am Süde wéi och am Rescht vum Land kréien, duerfir kritt Der och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun fir dëse Projet.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Engel. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt am Numm vun der ADR och dem Här Rapporteur, dem Här Marc Spautz, villmools Merci soe fir deen exzellente Rapport.

D'ADR stëmmt dëse Projet awer net, aus enger Rei vu Grënn, déi och am Rapport vum Statsrot schonn ugedeit gi sinn: de Saucissonnage procédural, deen effektiv net soll gemaach ginn, d'Konsequenzen op den Tunnel Éilereng, wou mir eis och Froe stellen. An och, Här Minister: Dir kënnt eis vläicht soen, wie vun de Sécherheetsdéngschter responsabel wär, wann op deem Tronçon eppes géif geschéien. Do gëtt et jo och Diskussioune mat de Sécherheetsdéngschter vu Bieles a vun anere Gemengen, wien elo wierklech verantwortlech wär, wann elo do eppes géif geschéien.

Mä elo, well verschiddener vu menge Virriedner verwonnert waren, hunn ech och emol den Text hei gekuckt vun den Debatten 2003, wou mer dat Gesetz hei iwwert den éischte Projet gekuckt hunn, an do stellen ech emol als Alleréischt fest, datt de Prinzip vum Pollueur-payeur, dee jo awer an der Législatioun vum 17. Juni '94 eigentlech en vigueur war hei am Land, net respektéiert gouf.

D'Sozialistesch Partei - deemools an der Oppositioun -, den Här Bodry hat geschwat vun enger deelweiser Ausserkraaftsetzung vum Gesetz iwwert de Pollueur-payeur-Prinzip. Haut héiere mer vun der sozialistescher Fraktioun keng Kritik.

Dann huet den Här Michel Wolter, sengerzäit Innenminister, wann ech mech net iren, gesot, si géifen d'ARBED net aus der Verantwortung entloosse beim Prinzip vum Pollueur-payeur, an do wär ëmmerhin zwee Joer driwwer verhandelt ginn, sengerzäit vun der DP, wann ech gutt informéiert sinn.

An dann hunn ech geduecht, wann hei de Prinzip vum Pollueur-payeur esou a Fro gestallt ass, dann hu bestëmmt déi gréng eng vehement Ried do dergéint gehalen, well si si jo schliesslech déi, déi dorobber anscheinend ëmmer ganz vill insistéieren. Mä komescherweis hunn déi gréng an dësem Projet net geschwat, si hunn awer fir de Projet gestëmmt.

Une voix.- Richteg.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- An do ass also fir mech emol eng Fro vun der Kredibilitéit vun enger Partei, déi ëmmer vum Prinzip vum Pollueur-payeur schwätzt, wann et ëm d'ARBED geet, an där hir Vertrieder - wéi och den Här Engel et ganz richteg gesot huet - zu Suessem an zu Bieles am Gemengerot op eemol déi richteg Wierder net méi fannen. Par contre...

M. François Bausch *(déi gréng).*- Dir geheit alles e bëssen duerjerneen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Neen, neen, ech geheien dat net duerjerneen! An ech soen Iech awer, wou déi gréng ganz staark sinn, wann et ëm de Prinzip vum Pollueur-payeur geet: Dat ass, wann et drëm geet, deenen einfache Leit d'Suen aus der Täsch ze zéien, zum Beispill...

Plusieurs voix.- Aaahhh!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- ...zum Beispill: net, wann d'ARBED misst Millioune bezuelen, fir Terrainen ze sanéieren, mä wann et zum Beispill ëm den Tarif - hei, Här Gira! - geet vun den Dreckseemeren. Zoufälleg ass mer elo e Rapport vum Käerjenger Gemengerot an d'Hand komm, wou och e grénge Vertrieder sëtzt,...

Une voix.- Uhh, Mist! Uhhh!

(Brouhaha)

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- ...an ech liesen Iech vir op Houdäitsch, wat hei steet, well do sinn déi gréng beim Prinzip vum Pollueur-payeur, wann et ëm déi normal Leit geet, op eemol ganz staark!

Une voix.- Ah jo!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- An déi gréng - do steet et op Däitsch: „...sind erfreut, dass das lang ersehnte Eco Center seine Türen demnächst öffnet und somit neue Abfallgebühren nach dem System des «pollueur-payeur» eingeführt werden können." Mir félicitéieren deene Gréngen, wann et drëm geet, deenen einfache Leit an d'Täsch ze gräifen. Bei der ARBED hätte mer vun Iech awer och méi Konsequenz a méi Courage kënnen erwaarden!

Wéi gesot, d'ADR stëmmt dat hei net...

(Brouhaha)

Une voix.- Da sëtzt Iech elo!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- D'ADR steet fir de Prinzip vum Pollueur-payeur, wann et och ëm déi grouss Industrië geet, an d'Gesetz vu '94 ass 2003 net respektéiert ginn, a mir sinn eis konsequent a stëmmen dat hei net, well an dësem Projet sinn 22,7 Milliounen Euro fir d'Évacuatioun vun Terres polluées. Dat wär an eisen Aen eng Dépense, déi d'ARBED hätt missen droen, an net de Lëtzebuerger Stat!

Ech soen Iech Merci.

(Interruptions)

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. Als leschte Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).*- Här President, mir hunn et hei mat engem Projet ze dinn, dee mat enger Gesamtlängt vun 3,3 km a mat engem Gesamtkäschtepunkt vun, ech mengen, iwwer 300 Millioune wuel zu deenen deiersten an der Geschicht vum Stroossebau agoe wäert a wou souguer vläicht d'Nordstrooss, proportional zu deem hei Projet, wann een d'Längt kuckt, scho bal gënschteg erschéngt.

(Brouhaha)

De Projet werft awer eng Rei vu Problemer op.

Éischtens demokratescher; op déi ass schonn hei higewise ginn. De Statsrot huet net nëmme vun engem klenge Saucissonnage geschwat, Här Spautz. En huet gesot, e géif «à l'encontre des principes de la transparence et de la bonne gouvernance» goen an «risque de compromettre la liberté décisionnelle de la Chambre des Députés». Dat muss de Statsrot eis soen!

Zweetens ass dat hei jo e grenziwwerschreidende Projet, deen nëmmen e Sënn ergëtt, wann en op der franséischer Säit ka virugefouert ginn. An do sinn eng Rei Problemer, déi effektiv net ugepaakt gi sinn an déi riskéieren dee ganze Projet nach weider an d'Längt ze zéien. An déi baséieren awer op Argumenter, déi awer wahrscheinlech e gewëssene Sënn er-

ginn, an et weess een net, wéi dat a Frankräich, déi Prozedur do, ausgoe wäert.

En décke Batz vun deenen Ausgaben hei stellt d'Sanéierung vun Terrainen duer. Dat ass awer e wichtege Punkt hei. An hei gëtt effektiv net de Principe „pollueur-payeur" ugewannt, mä de Stat iwwerhëlt hei bal d'Gesamtheet vun deene Käschten: 33,6 Millioune Phas eent an zwee. Et kommen nach 26 Millioune Sanéierungskäschten elo derbäi. Also insgesamt 60 Milliounen indirekt Subventioune vum Stat un de Pollueur ArcelorMittal - deen als Merci dofir däerf Stolstanduerter zréckbauen zu Rodange an zu Schëffleng an zu Diddeleng.

(Interruptions)

Dofir, Här President, ech sinn och der Meenung, d'Liaison Micheville ass néideg fir d'Gemengen Esch a Suessem. An normalerweis géif ech och d'Liaison Micheville stëmmen, mä ech wëll mech awer hei enthalen, fir mäi Protest auszedrécke géint déi Ëmstänn, ënnert deenen dee Projet hei virbruecht ginn ass.

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Elo kritt d'Wuert den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Ech wollt am Fong net un d'Riednerpult kommen, well et de Basismodell war. Mä op dat, wat ech elo héieren hunn, muss ech awer e puer Saache soen trotzdeem. Awer ganz sécher!

Also fir unzefänken, ech fannen et trotzdeem eng Zoumuddung, wann hei gesot gëtt, datt déi Aart a Weis wéi hei géif gefuer ginn - mam Saucissonnage an Ähnleches -, datt dat elo hei als Reproche gemaach gëtt. Ech wëll Iech just drun erënneren...

(Brouhaha)

Jo, de Statsrot, dee kann dat soen, mä heibannen...

(Interruptions diverses)

Also, datt e puer Leit dat heibanne soen, fannen ech nu wierklech eng Zoumuddung, well genau dat, wat mer elo maachen, de Prinzip ass, dee mer 2005 zesumme mat der Comexbu gemeinsam festgehalen hunn, fir esou Projeten, wéi dat hei, ze géréieren.

(Brouhaha)

Dat ass nämlech sengerzäit gesot ginn. An ech kommen duerno op der Nordstrooss nach eng Kéier drop zréck, well genau do dat net geschitt ass, wat mer hei gemaach hunn. An dofir hu mer jo déi vill Problemer op der Nordstrooss.

Hei hu mer gesot, esou e grousse Projet wéi dat hei,...

Une voix.- Net nëmmen dowéinst!

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- ...mat esou vill Investissementer, déi mer hei maachen, wéi mer se hei maachen, mat all deenen Aléaen, déi an esou Projeten dra sinn, ass net maîtrisabel iwwert déi laang Durée, déi en huet, wann et net an e puer Etappe gemaach gëtt.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Dee Prinzip hu mer gemeinsam an der Chamber, de Ministère, d'Regierung mat der Chamber festgehalen. A mer hu gesot, op esou e Projet wéi dat hei applizéiere mer deen elo.

An elo kommen ech heihinner bei der drëtter Phas a kréien da gesot: Dat ass awer eng Sauerei, datt Der elo bei deem Projet dee System applizéiert, deen d'Chamber gesot huet, datt ech soll applizéieren! Mä da musst Der awer wëssen - fir déi Leit, déi dat soen -, wat Der wëllt, entweder dat eent oder dat anert. An ech gi recht deene Leit, déi mer 2005 gesot hunn, ech soll et esou maachen, well et esou déi eenzeg Aart a Weis ass, fir dee Projet am Gréff ze behalen. Anescht geet et net, mat där Envergure, mat där Technicitéit, mat deenen Aléaen, déi mer op esou engem Projet hunn. Dat emol ganz kloer gesot.

Zweete Punkt, et gëtt gesot, dee Projet ass schrecklech deier.

(Interruptions)

Jo, dee Projet ass schrecklech deier. Mä firwat ass en da schrecklech deier? Elo soen ech Iech awer och, mir haten eng laang Diskussioun och an der Chamber iwwert dee Projet.

(Brouhaha)

An an där längerer Diskussioun, wou mer gemeinsam festgeluecht hunn, wéi mer da Belval wëllen entwéckelen, wou mer gemeinsam gesot hunn, datt mer géifen urbanistesch alles maximal esou maachen, datt en eng Chance hätt, fir sech ze entwéckelen, wou mer déi ganz Strooss ënnert de Buedem geluecht hunn, wou mer genau woussten, datt dat polluéierte Buedem wär. Dat hu mer jo awer gemeinsam hei décidéiert. Dat wollte mer jo awer gemeinsam. Well mer net wollten, datt dee Projet sollt en Échec ginn, well mer wollten all Kaarten op eiser Säit hunn. Laang Diskussiounen!

A wann ech mech un déi Diskussioune gutt erënneren, hätt d'Chamber zu engem Deel nach gär méi gehat, datt mer nach méi investéieren. Deen Tunnel sollt nämlech nach méi laang ginn am Ufank. Mir hunn en nach reduzéiert an der Kierzt. An elo kréie mer da gesot, elo hu mer dat alles gemaach, elo kréie mer gesot: En ass vill ze vill deier!

Jo, et muss een awer wëssen, wat ee wëllt, wann een dat do freet. Ech kann net dat eent an dat anert maachen. A mer hunn hei eng uerdentlech Mëtt gewielt.

(Brouhaha)

En ass deier, mä dee Projet Belval gëtt duerno vum urbanistesche Standpunkt aus, vum Entwécklungsstandpunkt aus, hoffen ech, en uerdentleche Projet, deen eng Zukunft huet. An et ass esou wéi mer eist Land wëllen entwéckelen, hu mer gemeinsam festgehalen. D'Regierung setzt dat duerch, och wann dann elo gesot gëtt, dat wär net gutt, wat viru fënnef Joer gemeinsam oder virun zéng Joer gemeinsam hei décidéiert ginn ass.

Dann déi Geschicht vum Pollueur-payeur. Also elo verstinn ech dee Prinzip jo alles. Mä ech wëll just soen,...

(Brouhaha)

...et muss een awer och...

(Interruptions diverses)

Jo, ech weess ni, op wien ech soll kucken, wann ech esou a Form sinn. Mä ech wëll awer just nach eng Kéier kuerz erënneren, wéi déi ganz Saach...

Une voix.- E kuckt! E kuckt heihinner! E kuckt heihinner!

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Mir wëssen, datt mer an der ganzer Diskussioun, déi mer haten, wou Prinzipien, wou Agora gegrënnt ginn ass, wou och mat der Arcelor, mat ARBED sengerzäit, Diskussioune gelaf sinn, dunn ass iwwert d'Réutilisatioun vun deem Terrain hei diskutéiert ginn. An do sinn och vun där deemoleger Regierung, där virvirleschter, eng Rei Prinzipië festgehale ginn. An déi Zäit ass dat, wat als Prinzipië festgehale ginn ass, en anert Belval gewiescht, aner Entwécklungsprinzipië gewiescht wéi déi, déi haut festgehale sinn.

Du war geduecht fir eng Rekonversioun vun enger Friche ze maachen an eng «Zone d'activités mixte à caractère industriel». Déi Zäit war geduecht fir d'«fondation sur sol des futures immeubles» ze maachen, an dee Moment waren d'Terrassementer an d'Assainissementer am Fong extrem reduzéiert, well net an de Buedem eragaangen ass. An et waren och keng Interaktioune vun de Résiduë vum Processus des hauts-fourneaux respektiv mam Plateau du Saint-Esprit sengerzäit virgesinn, wéi all déi Kontrakter ofgeschloss gi sinn.

Et ass also eréischt am Nachhinein, wou dee ganze Konzept no laangen Diskussioune geännert huet, wou a sech och aner Konsequenze sech draus entwéckelt hunn, wou méi huet missen assainéiert ginn. A wou dee Moment och d'Präisser, nodeem datt de Kontrakt schonn ofgeschloss war, wou d'Präisser dee Moment och an d'Luucht gaange sinn.

Ech abréviéieren elo déi ganz Geschicht, well se ass nach vill méi laang. Mä ech wëll just soen, datt de Prinzip, nodeem dat ofgemaach gi war, wie wéi géif bezuelen, duerno geännert ginn ass, an zwar och vum Stat a vun der Chamber, mat deene ville Gesetzer, déi gestëmmt gi sinn, fir déi Ännerungen erbäizeféieren. An dat ware mir als Stat respektiv als Chamber, déi dat esou wollten, fir et esou ze maachen.

Dofir, ech wëll dat just an eng Perspektiv setzen, fir d'Realitéit vun der Geschicht erëm e wéineg anescht awer trotzdeem ze maachen, wéi se elo hei beschriwwe ginn ass.

An dann déi Geschicht mat Frankräich. Also mir hu mat de Fransouse sengerzäit e Kontrakt ofgemaach. An ech si bis elo dovun ausgaangen, datt mir deen Deel vun deem Kontrakt, wou mir eis engagéiert hunn ze maachen, datt mir dee sollte respektéieren, well mir all Intérêt hunn, datt dat Esch/Belval oder dat Belval sech esou schnell wéi méiglech soll entwéckelen. An ech hu bis elo och ëmmer komescherweis insistéiert, datt d'Fransousen esou schnell wéi méiglech sollte maachen an datt och op franséischer Säit sollt eppes geschéien, well ech gemengt hunn, datt et wichteg wär och fir d'Entwécklung vu Belval, wa mer deen Accès aus dem Süden an aus Frankräich hätten, an zum ganze Konzept gehéiert deen och dozou.

An dofir mengen ech natierlech muss déi Stroosseféierung op franséischer Säit no all de juristesche Kritären, no den europäeschen Direktive gemaach ginn, déi musse sinn. Dat stellt jo och keen a Fro. Mä ech muss awer och soen, dat ass awer un der franséischer Säit, dat ze léisen. Si mussen déi legal Contrainten, déi europäesch Contrainten anhalen. Si si responsabel, fir déi ze maachen. Dat kënnt Der awer elo net der Lëtzebuerger Regierung virwerfen, datt déi eng oder aner Fro sech a Frankräich eventuell stellt. Ech kann och net novollzéien, wéi wäit se sech stellt oder net.

D'Fransousen hu kontraktuell mat eis en Ofkommes gemaach. A wann Der elo sot, mir stëmmen elo deen hei Deel net vun där Liaison Micheville, da muss ech Iech awer soen, deen hei Deel, dat ass awer net deen, deen a Frankräich eriwwergeet. Deen, deen a Frankräich eriwwergeet, deen ass scho gebaut. Dee steet awer scho säit dräi, véier Joer do. An déi Plaz, wou deen ukënnt, déi ass scho laang fäerdeg.

Dat, wat mer elo hei bauen, dat ass deen drëtten Deel. Dat geet op der N31 op Suessem un, dat heescht, wäit an eist Land schonn eran. An dat geet a sech drëm, fir vun där Strooss aus ronderëm ganz Raemerich bis op d'Escher Autobunn ze fueren. Dat heescht, dat huet awer nu strictement näischt ze di mat deenen Accèsen. Hei änneren ech näischt méi un iergendengem Accès a Frankräich, well deen ass scho säit Jore fäerdeg. An deen ass säit iwwer zéng Joer schonn op där Plaz festgehalen, wou e festgehalen ass.

Duerfir, ech verstinn, datt een et net stëmmt, mä ech wëll och dat nach eng Kéier richtegsetzen. Hei empêchéiere mer, ob mer dat hei elo bauen oder net, strictement näischt zu deem franséischen eventuelle Problem, dee sech ka stellen. Hei verbessere mer just den Accès vun der Autobunn vun der Escher Säit eraus a mir verbessere wesentlech den Accès, deen een op Belval misst maachen.

Well géife mer dat hei net bauen, da misst dee ganzen Accès iwwert de Rond-point viru Belval geschéien. An Dir wësst, wa mer Rockkonzerten hunn oder wa grouss Aktivitéiten do sinn - an ech denken, wann d'Uni bis elo 2014 hir Dieren do opmécht, dann hu mer massiven Andrang do -, wat fir Problemer sech géife stellen, wa mer net déi Infrastrukturen alleguer maachen, eleng schonn op Lëtzebuerger Säit, fir deen Accès, dee mir zum Site brauchen. Dat wollt ech awer nach, quitte datt et e Basismodell war, dozou soen.

Ech soen all deene Leit, déi de Projet ënnerstëtzen, villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Domadder ass d'Diskussioun iwwert dëse Projet ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6395 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6395 ass ugeholl mat 47 Jo-Stëmmen, géint 4 Nee-Stëmmen an 8 Enthalungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6395 est adopté par 48 voix pour, 4 voix contre et 8 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert (par Mme Nancy Arendt), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Serge Wilmes), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot (par M. Roger Negri), Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

M. Serge Urbany.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Eisen nächste Punkt ass de Projet de loi 6396 iwwert d'Nordstrooss. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo...

(Interruption)

Mir hunn nach eng Motioun. Jo, mir kënnen iwwert déi Motioun vum Här Michel Wolter nach vläicht direkt ofstëmmen. Ech ginn dervun aus, déi gëtt nach eng Kéier exposéiert. Den Här Wolter kritt nach eng Kéier d'Wuert.

10. Motion de M. Michel Wolter relative à la procédure de marché public pour inviter le Gouvernement à lancer la procédure de marché public pour inviter des opérateurs économiques à faire des offres pour la conception, le déploiement, l'opération, l'entretien et la maintenance d'un réseau de radiocommunication numérique dédié aux services de secours et de sécurité et pour inviter le Gouvernement à déposer au cours de l'année 2013 un projet de loi d'autorisation concernant le projet définitif

Exposé

M. Michel Wolter *(CSV), auteur.*- Här President, léif Kolleegen, ech wollt just nach eng Kéier kuerz awer erklären, wat mer hei maachen. Well ech wierklech muss soen, och no där Debatt, déi mer elo just haten, dass sech säit 2004 an der Chamber relativ villes geännert huet.

Dass den Här Wiseler an all deene Joren, zesummen notamment mat der Comexbu, eng ganz Rei vu Prozeduren opgestallt huet, déi derzou gefouert hunn, dass mer bei der Liaison Micheville notamment an dräi Partië gefuer sinn, an déi och an dësem Fall, dee mer hei diskutéieren, no enger Diskussioun der Regierung d'Méiglechkeet solle ginn, fir d'Éischt ze kucken, ob an engem Projet d'Faisabilitéit an d'Finanzementsméiglechkeeten do sinn an dann d'Chamber mat engem Projet de loi ze saiséieren, deen dann alle Komponente Rechnung dréit, während dat fréier quasi net méiglech war. Dass fir d'Éischt huet missen e Projet de loi gemaach ginn, an dann hu mer duerno eventuell festgestallt, dass et net esou gaangen ass, wéi een et gär gehat hätt.

Ëm wat geet et an deem heite prezise Fall? Et geet drëm, dass eis Sécherheets- an eis Rettungsdéngschter bei hirer Aarbecht vu performanten, vertrauenswürdegen a gesécherte Kommunikatiounsmëttel ofhänken. Dass déi Technologien an déi Komponenten, mat deenen d'Sécherheets- an d'Rettungsdéngschter zu Lëtzebuerg schaffen, dass déi un en Enn kommen. Dass säit enger ganzer Rei vu Joren driwwer diskutéiert gëtt, de bestehende System, deen, mengen ech, aus de 70er, 80er Jore vum leschte Jorhonnert nach staamt, fir deen ze ersetzen.

Experte vum Réseau Radio Intégré hunn d'Méiglechkeet vun engem numeresche Radiosréseau analyséiert an enger éischter Phas. An enger zweeter Phas huet de Statsministère am Juli 2011 e Groupe de pilotage agesat, mat all deenen, déi den integréierte Radiosréseau benotzen, an huet d'Méiglechkeet vun engem numeresche Réseau analyséiert, opgrond vun den Erfahrungen, déi an eisen Nopeschlänner domadder gemaach si ginn.

D'Regierung huet dann an hirem Conseil de Gouvernement den 20. Januar 2012 beschloss, fir d'Entwécklung an d'Asetze vun engem numeresche Radiosréseau fir Rettungs- a Sécherheetsdéngschter un e wirtschaftlechen Opérateur weiderzeginn. Vu dass dëse Projet awer komplex an aussergewéinlech ass, ass et schwéier, am Viraus souwuel déi bescht technesch Méiglechkeet fir d'Asetze vun esou engem Réseau ze appréciéiere wéi och déi finanziell Dimensioun kënnen anzeschätzen.

D'Konklusioun vun deem Groupe de pilotage an d'Décisioun vum Conseil de Gouvernement sinn dann an der Finanzkommissioun vum 27. Mäerz virgestallt ginn, mat der Demande vun der Regierung fir eben an dësem genaue Projet en anere Wee ze goen an elo am Fong en Appel d'offres ze maachen. A wann deen Appel d'offres concluant ass, da mat engem Projet de loi ze kommen.

Opgrond vun där veränderter Aart a Weis, wéi mer mat der Regierung zesummeschaffen, ass dat heiten entre-temps méiglech ginn. Mir hunn an der Finanzkommissioun - d'Fraktiounen alleguerten - iwwert déi Argumentatioun vun der Regierung diskutéiert an déi eenzel Fraktioune ware sech à l'unanimité eens ginn, dass mer der Argumentatioun vun der Regierung an dësem Projet solle follegen.

Dofir géife mer dann haut de Mëtteg eng Motioun stëmmen, déi dann den Optakt vun där Prozedur ass, déi doranner besteet, dass e wirtschaftlechen Opérateur mat der Asetzung vun engem Réseau fir numeresch Radiokommunikatioun fir eis Sécherheets- a Rettungsdéngschter chargéiert gëtt, dass dëse Prinzip fir d'Realisatioun vum Projet bäizebehalen ass an opgrond vun de Konklusioune vun de Virbereedungsaarbechte soll exekutéiert ginn.

Dass mer also d'accord sinn, dass d'Prozedur vum Marché public lancéiert gëtt, fir wirtschaftlech Opérateuren opzeruffen, hir Offer ze ënnerbreede fir d'Konzeptioun, d'Entwécklung, den Entretien an d'Maintenance vum Réseau. An dass nom Ofschloss vun dëser Prozedur am Laf vum Joer 2013 dann e Projet de loi an der Chamber géif déposéiert ginn, fir en endgültege Projet, deen dann ausgeschafft ginn ass, fir deen dem Vote vun der Chamber ze ënnerleeën. Virausgesat selbstverständlech, dass de Stat eng akzeptabel Offer an deem Dossier entre-temps krut.

Voilà, ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Wolter. Wëllt nach een zu där Motioun Stellung huelen? Wann dat net de Fall ass, kéinte mer à main levée doriwwer ofstëmmen.

Vote sur la motion

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit ze sinn. Da géif ech Iech Merci soen an domadder wär déi Motioun ugeholl.

Mir kéimen dann elo zum Projet de loi 6396 iwwert d'Nordstrooss. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Etgen an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi.

(Interruption)

Jo, ech géif souwisou vläicht d'Fraktioune bieden - mir mierken ëmmer méi oft, datt hei Riedner net ageschriwwe gi sinn -, datt se sech wierklech géifen am Virfeld aschreiwen. De Service seet, et wär net ageschriwwe ginn. Et ass kee Problem. Also setze mer nach d'Madame Lorsché derbäi.

Da kritt elo d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement.

11. 6396 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une route reliant Luxembourg à Ettelbruck

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech stellen Iech elo de Projet de loi zur zweeter Rallonge budgétaire vun der Nordstrooss vir.

(Interruption)

Déi zweet ass et. 15 Joer, Madame Lorsché, du waart Dir nach net hei.

(Interruption)

De Projet ass de 15. Februar 2012 vum Minister vun der nohalteger Entwécklung an den Infrastrukturen, dem Här Claude Wiseler, elei an der Chamber déposéiert ginn. Den 30. Mäerz...

(Brouhaha)

M. le Président.- Ech bieden Iech, dem Här Rapporteur nozelauschteren!

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Den 30. Mäerz huet de Statsrot säin Avis derzou ofginn.

(Interruption)

Den 29. Februar huet d'Chamberskommissioun mech zum Rapporteur vum Projet ernannt. Den 18. Abrëll hu mer an der Kommissioun de Projet an den Avis vum Statsrot gekuckt a konnten an därselwechter Sitzung dann och de Rapport unhuelen.

Den Objet vum Projet, ech hunn et schonns gesot, ass déi zweet Upassung vum Budget fir d'Nordstrooss tëschent Lëtzebuerg-Stad an Ettelbréck, esou wéi et duerch d'Gesetz vum 27. Juli 1997 festgehale gi war. Deemools ware ronn 367 Milliounen Euro, Index 492,65 virgesinn. Duerch d'Gesetz vum 3. August 2005 sinn nach eemol 229 Milliounen derbäikomm, an dat zum Index vu 588,92.

D'Autorisatioun, déi mir haut elei solle ginn, ass noutwendeg, well de Montant sech op 58,1 Milliounen Euro beleeft, an domat sief de Seuil vu 40 Milliounen iwwerschratt, ab deem jo, wéi mer alleguerte wëssen, e Gesetz gestëmmt muss ginn.

Op Basis vun den Dokumenter, déi all Semester un d'Comexbu vun der Chamber ginn, ass festgestallt ginn, datt eng weider Upassung vum Budget néideg gi wier. Am Juni 2011 ass gekuckt ginn, wou mir dru sinn a wat nach misst gemaach ginn. An deemno ass och gekuckt ginn, wat nach misst bezuelt ginn. An esou ass de Montant vun 58,1 Milliounen zustane komm, an dat mat engem Index vu 685 (veuillez lire: 685,44).

Ech soen d'Indexer alleguerten, wéi se am Budget stinn, well ech herno nach eng Kéier dorobber zréckkomme wëll.

D'Fro, déi berechtegt ass, an déi ee sech natierlech stellt, ass déi, firwat dann elo nach eemol de Budget muss adaptéiert ginn.

Ech probéieren elei d'Ursaachen opzelëschten op déi verschidde Posten. Notamment wat den Équipement vun den Tunnelen ugeet, sinn en cours de route d'Sécherheetsbestëmmunge verschäerft a verbessert ginn. Dat huet natierlech säi Präis. Mä ech mengen, datt dat trauregt Beispill vum belsche Bus an engem Schwäizer Tunnel virun e puer Woche keen Zweifel dru léisst, datt alles muss gemaach ginn, fir d'Tunnelen trotzdeem esou sécher wéi méiglech ze gestalten.

Erlaabt mer, datt ech kuerz opzielen, wou a wat méi deier ginn ass. Am Tunnel Grouft ass décidéiert ginn, eng besser Beliichtung ze installéieren. Et ass zu Ännerungen an der Ventilatioun, der Étanchéitéit an dem Drainage komm, fir eng besser Haltbarkeet vun den Tunnelen och ze garantéieren.

Wéinst Sécherheetsnormen, deene sougenannten RABT-Direktiven - dat steet fir „Richtlinien für die Ausstattung und den Betrieb von Straßentunnels" -, sinn Ännerungen an der Elektroalimentatioun virgeholl ginn oder hu misse virgeholl ginn. D'Infrastrukture fir de Brandschutz si fäerdeggestallt ginn. D'Fondatioun vun der Nord-Entrée vum Tunnel ass adaptéiert ginn.

Da muss een awer och soen, datt verschidde Posten einfach méi deier gi si wéi virgesinn. Verschidde Quantitéite waren net ganz richteg berechent ginn an de Soumissiounen.

Ech wëll hei e Beispill nenne vun den Armature vum Béton armé am banneschte Verwëllef vum Tunnel, wou en plus nach en cours de route och d'Norm geännert ginn ass oder geännert huet.

Och am Tunnel Stafelter ass et zu engem Dépassement komm par rapport zu der Ausschreiwung vun 2007. Et ass zu weideren Dépassementer komm beim Ustrach an der Signalisation verticale vun den Tunnele Grouft a Stafelter - dat, well d'Devisen ugepasst gi sinn.

Weider Dépassementer sinn op folgende Poste festzestellen: Échangeur Luerenzweiler; elektromechanesch Équipementer; d'Surveillance vun der Direction des travaux; verschidde Posten an den Tunnele Gousselerbierg, Grouft a Stafelter, déi an der Regie hu misse gemaach ginn; de Litige am Tunnel Gousselerbierg; d'Finalisatioun vun den Etüden an dee ganze Volet Sécurité/Santé. Doduerch ass dat alles an d'Längt gezu ginn an et ass zu Méikäschte komm um Niveau vun der Direction des travaux. An zu gudder Lescht sinn déi medezinesch Posten och nach derbäikomm.

Ofschléissend wëll ech soen, datt de Statsrot säin Accord zum Projet ginn huet. Déi héich Kierperschaft refuséiert net, sech verschiddenen Argumenter, wat d'Dépassementer ugeet, ze ralliéieren, huet awer Problemer, sech mat deenen ugefouerte prozentualen Haussen zurechtzefannen.

De Conseil d'État rechent dann alles erop, e bësselche méi verständlech, op den Index vun haut a kënnt op e Montant vun deem Ganze vun 850 Milliounen a gesäit dann, wann een dat héichgerechent huet, zum Projet initial eng Augmentatioun vun 63%.

Do ware mir an der Kommissioun awer net onbedéngt där Meenung (veuillez lire: éischter der Meenung), datt déi Rechnung awer nëmme bedéngt oder bedéngt richteg wier, well jo awer scho vill Rechnunge viru sechs, aacht oder zéng Joer bezuelt gi sinn, wou dann awer en aneren Index gespillt huet.

De Conseil d'État ënnersträicht awer, datt generell eng gutt an transparent Finanzgestioun vun esou groussen Infrastrukturprojete gefuerdert ass. Heizou wëll ech als Rapporteur awer eng Remarque maachen: Et ass allerdéngs wierklech schwiereg, bei esou engem Projet - an ech mengen, et ass bei deem Projet virdrun och schonn ugeklongen -, dee sech iwwer 15 Joer hinzitt, zum Zäitpunkt vum éischte Vote, fir do en detailléierte Finanzprojet ze presentéieren.

Ech géif soen, ze grouss wieren awer do d'Inconnuen, déi en cours de route virkomme kënnen. Kee weess genee, wat sech elei oder do am Buedem verstoppt hält, wann een Tunnele gruewe muss, an dat trotz alle gudden Etüden, déi am Virfeld gemaach gi sinn. Do wier et vläicht sënnvoll - esou wéi bei der Liaison Micheville -, a Phasen ze fueren, fir méi detailléiert a méi no un där finanzieller Realitéit ze sinn.

Onofhängeg dovunner, datt een dann de Virworf - an deem Projet virdrun ass dat virkomme -, de Virworf vum Saucissonnage vum Conseil d'État misst a Kaf huelen. Mir wieren elei bei enger Bauzäit vu 16 Joer mat Sécherheet, wa mer a Phase gefuer wieren, méi no bei där finanzieller Enveloppe bliwwen, wéi et haut de Fall ass.

Ech sinn do net onbedéngt dem Conseil d'État senger Meenung vum Saucissonnage. Ech sinn awer där Meenung, datt, wann a Phase gefuer gëtt, dat ganz transparent a verständlech och fir d'Chamber hei iwwert d'Bühn muss goen. De Saucissonnage däerf allerdéngs net duerhalen, fir Projeten ze hannergoen, datt ee seet: „Mir maachen et an zwou Phasen, dann hu mer zweemol e Projet ënner 40 Milliounen an dofir brauche mer kee Projet de loi ze maachen." Ech mengen, dofir däerf et net do sinn.

Mä an dësem ganz grousse Projet wier et awer dach sënnvoll gewiescht, wann een dat a méi Etappe gemaach hätt a méi genee déi finanziell Enveloppe hätt kënne berechnen.

Als Konklusioun muss ee soen, d'Nordstrooss ass ee Projet vun enger enormer Envergure, sou datt och d'Dépassementer, esou wéi ech se elo grad virgedroen hunn, direkt och immens an d'Geld schloen. Mä de Projet Nordstrooss elo ze verzögeren, fäerten ech, géif nach méi deier ginn.

Duerfir: Wann een A seet, muss een och B soen. A hat d'Chamber hei 1997 no laangen Diskussioune gesot. An ech mengen, dobäi muss et dann och bleiwen. Et geet elo ëm den Ofschloss vun der Nordstrooss, déi jo dann och a Betrib geholl gi soll. Vu datt elo an dëser Rallonge nach eng zolidd Zomm vu bal zwielef Milliounen als Reserv virgesinn ass, denken ech, datt dës zweet awer och déi lescht dierft sinn.

An duerfir bieden ech d'Chamber, och wann ee weess, datt et ëm vill Geld geet, dëse Projet, esou wéi en elo elei virläit, ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci dem Här Clement. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Fernand Etgen *(DP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer virewech, dem Rapporteur, dem Kolleeg Lucien Clement, Merci ze soe fir säi schréftlechen a mëndleche Bericht an him fir seng Aarbecht ganz häerzlech ze félicitéieren.

D'Nordstrooss ass dat, wat een eng „never-ending story" nenne kann. Déi 14 Kilometer Nordstrooss, déi Miersch mam Kierchbierg verbannen, gehéieren an d'Guinnessbuch vun de Rekorder.

Éischtens, et ass deen deiersten a gréisste Bau, dee jee hei zu Lëtzebuerg realiséiert ginn ass.

Zweetens, et ass déi deierst Strooss mat engem Kilometerpräis vu 44 Milliounen Euro.

Drëttens, et ass dee Stroossebauprojet mat där längster Bauzäit.

Véiertens, et ass dee Projet, iwwert dee bis elo am dacksten an am längsten hei an der Chamber diskutéiert gouf.

Fënneftens, et ass dee Projet, deen eng Ënnerschréftenaktioun mat der Fuerderung no enger equivalenter Verbindung mat deene meeschten Ënnerschréften ervirgeruff huet.

Sechstens, et ass dee Stroossebauprojet mat deem längsten Tunnel hei zu Lëtzebuerg.

Siwentens, et ass dee Stroossebauprojet, deen an deene meeschte Regierungserklärungen drastoung.

Aachtens, et ass awer och deen neie Projet zu Lëtzebuerg, deen am dackste fir de Verkéier, an dat aus deene verschiddensten Ursaachen, gespaart ass.

Här President, et ass bedauerlech, datt d'Nordstrooss vun deene grousse Stroossebauprojeten als Allerlescht un d'Rei komm ass, obscho se vun Ufank un, an dat schonn zënter 45 Joer, op der Prioritéitelëscht stoung, zu engem Moment, wou all déi aner Regioune vum Land ideal erschloss gi sinn. Et ass bedauerlech, datt d'Nordstrooss nach ëmmer net fäerdeg ass.

45 Joer sinn et elo hier, datt iwwert d'Gesetz vum Fonds des routes décidéiert ginn ass, fir eng Verbindungsstrooss vum Zentrum no Ettelbréck ze bauen. 45 Joer laang ass d'Fäerdegstellung vun der Nordstrooss een Dauerbrenner, ouni datt mer haut kënne soen, wéini datt mer se definitiv ganz a Betrib kënnen huelen.

20 Joer sinn et elo hier, datt d'Ostvariant vum Nordstroossentracé vun der Chamber gestëmmt ginn ass. 15 Joer sinn et elo hier, datt d'Gesetz iwwert de Bau vun der Nordstrooss hei an der Chamber gestëmmt ginn ass. Bei dem Débat d'orientation 1992 huet den DP-Spriecher Niki Bettendorf seng Interventioun mat folgendem Saz opgehalen: „A gleeft mer, fir dës Strooss ze bauen, brauche mer mat eiser Rapiditéit nach mindestens zéng Joer. Ech sinn haut fielsefest iwwerzeegt, datt an zéng Joer déi Diskussiounen, déi mer haut féieren, iwwerflëseg wäerte sinn."

20 Joer duerno si mer nach ëmmer net um Zil ukomm! Wéi d'Gesetz iwwert d'Nordstrooss 1997 an der Chamber gestëmmt ginn ass, ass gemengt ginn, si kéint 2005 fäerdeg sinn. 2005 ass gemengt ginn, et géif nach bis 2009, 2010 daueren. An haut gëtt gemengt, et géif nach bis 2015 daueren.

Här President, d'Nordstrooss ass a bleift ee Projet mat enger nationaler Envergure, déi sech fir d'Entwécklung vum Land am Allgemengen, mä am Norden am Besonnesche wäert ausbezuelen. D'Gedold kennt och hir Grenzen. Wann et ëm national Solidaritéit geet, da sinn déi aus dem Norden och Lëtzebuerger. Ass et ëmgedréit och wouer? Dës Fro konnt ee sech am Kader vun den Diskussiounen iwwert d'Nordstrooss munchmol stellen. An och haut musse mer eis dës Fro op en Neits stellen.

Nun, Dir Dammen an Dir Hären, ass den Norde vum Land awer nach ëmmer ee Stéck vun eisem Grand-Duché. An et soll een de Leit aus dem Norden dach wann ech gelift net d'Recht op eng modern Verbindung zur Haaptstad, zum Osten, zum Süden an zum Ausland verweigeren oder ofspriechen.

D'Bedeitung vun dëser Nordstrooss ass fir den Norde liewenswichteg. Leider féiert se duerch den Zentrum, soss wier et wahrscheinlech an all deene Jore vill méi einfach gewiescht. D'Nordstrooss muss esou séier wéi méiglech fäerdeggestallt ginn. D'Gedold ass och elo am Norden zu Enn.

Ech wollt emol eng Kéier un all déi Démarchen erënneren, déi a puncto Nordstrooss vusäite vun der Bevölkerung aus dem Norde gemaach gi sinn. Eng grouss Zuel vu Buergermeeschteren aus dem Norden hate sech an der Aktioun Nordstrooss zesummegedoen, fir mat de Leit aus de Betriber sech fir d'Nordstrooss anzesetzen. Och de Clierfer Kanton huet sech permanent behaapt a seng Positioun fir dës Strooss manifestéiert. D'Entente vun de Syndicats d'initiative vum Stauséi hat eng Petitioun hei erageschéckt, fir de Bau vun dëser Strooss esou séier wéi méiglech virunzedreiwen.

„Ee Land, zwou Welten" - esou huet de Clierfer Kanton am Abrëll 1996 eng Extranummer zum Thema Nordstrooss betitelt…

(Interruption)

…an huet duerch d'Illustratioun op der Deckelsäit op eng anschaulech an drastesch Aart a Weis drop higewisen, wéi ee Broch queesch duerch d'Land vu Westen no Oste geet, wa keng ugepasste Stroosseverbindung tëschent Norden an Zentrum respektiv Süden existéiert. D'Nordpolitiker an dëser Editioun ware sech eens, datt d'Nordstrooss eng liewenswichteg Noutwendegkeet ass.

Erlaabt mer e puer markant Zitater aus dëser Nummer ze bréngen: „Et geet ëm d'Iwwerliewe vum Norden." - „Keine andere vergleichbare Gegend unseres Landes hat einen derartigen Substanzverlust hinnehmen müssen." - „In den letzten Jahren ist das Herz des Landes zunehmend in Richtung Süden gerutscht." - „Für das Ösling konnte und kann eine Kurve gar nicht krumm genug sein." - „Mit jedem Kilometer Nordstraße wird an einem völlig anderen Luxemburg gebaut. Aus der Expedition wird eine Fahrt. Ein Land wächst zusammen. Endlich. Nordstraße, eine unendliche Geschichte."

All dës Zitater behalen op dësem Dag hir voll Gültegkeet. Ee Land, Kolleeginnen a Kolleegen, dat ass dat doten: eng adequat an onënnerbrache Verbindung vum Süde bis erop op Wämperhaart.

Här President, d'Argumenter sinn 2012 déiselwecht wéi virun 20 Joer. Mat engem normalen Aménagement du Territoire ass et net ze vertrieden, datt alles, wat nördlech vu Walfer oder nördlech vun Ettelbréck ass, soll ofgerigelt bleiwe vun dem internationalen Autobunnsnetz. Mir brauchen d'Nordstrooss net nëmme wéinst de Kommunikatioune mam Ausland, mä och fir déi intern Kommunikatioun besser ze gestalten an och fir d'Verbindung vum Norde vun eisem Land mam Süde besser ze gestalten.

An dann ass d'Nordstrooss och noutwendeg, fir eben eng gläichberechtegt Entwécklung vun alle Regiounen an eisem Land méiglech ze maachen. D'Nordstrooss bitt eng Chance, fir d'Verwaltungen an d'Ekonomie ze dezentraliséieren. Mat der Nordstrooss kritt den Norden eng direkt Ubannung un d'Tréierer Autobunn. Et muss ee wëssen, datt déi meescht Échangë mam Norde sech Richtung Däitschland maachen, sou datt et logesch ass, och dee Wee dohinner méi kuerz a méi séier ze maachen.

Wann déi néideg Infrastruktur op sech waarde léisst, da gëtt et aléatoire, datt nach ee Betrib sech 60 Kilometer wäit vun enger Autobunn wäert usiedelen, an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat iwwer 80% vu senger Industrieproduktioun an d'Ausland verkeeft an 80% vu senge Konsumgidder importéiert.

Här President, an deene leschte Jore sinn ëmmer Puzzlestécker op d'Prioritéitelëscht vun de grousse Stroossebauprojete gesat ginn. D'Sécherheetsproblemer um Contournement vu Schieren an Ettelbréck si bekannt a wäerte sech bei deem zouhuelende Verkéier an deenen nächste Joren nach verschäerfen, besonnesch wann d'Nordstrooss ganz fäerdeg ass. Wa mer an der Nordstad wëllen ee modernen an attraktiven Déngschtleeschtungszentrum schafen, eng Haaptstad respektiv een „service provider" fir déi ganz Ardennen, da musse mer fir d'Éischt emol d'Infrastrukturen dofir schafen.

Wéi am Süden no 20 Joer déi sougenannte Collectrice du Sud bis fäerdeg war, war et méi einfach, déi wirtschaftlech Diversifikatioun weiderzeféieren. Datselwecht gëllt och fir den Nordstadraum. Och hei brauche mer ee kohärent Mobilitéitskonzept a kee Fléckwierk, wou mat enger Salamitaktik oder Aufschieberitis d'Décisiounen no hanne verdrängt ginn.

Eppes ass kloer: D'Kärstéck vum Nordstadprojet ass d'Realisatioun vun der névralgescher Zentralachs Ettelbréck/Dikrech, déi awer verkéierstechnesch eréischt méiglech gëtt mat der Realisatioun vun de sougenannte Collectrices Nordstad, der Südumgehung vun Ettelbréck Richtung Nidderfeelen an awer och der Nordumgehung vun Dikrech vun der Bleesbréck bis op de Fridhaff an den Ausbau vun der B7 op véier Spuren tëschent Schieren a Fridhaff. Dësen Ausbau op véier Spuren hätte mir eis an engem eenzege kohärente Projet gewënscht, an net, wéi geplangt, datt an enger éischter Phas just Deelstécker realiséiert ginn.

Den Ausbau vu Colmer op Ettelbréck an den Accès zu där ze schafender Industriezon um Fridhaff léisen zwar akut Sécherheetsmängel, mä wäerten nei Geforequellen op de verbleiwenden Enkpäss schafen. Besonnesch den Échangeur zu Angelduerf wäert dann de Point noir ginn, well et hei Schluss ass mat der Autobunn A7. Den Iwwergang vun der A7 op d'N7 hätte mir eis direkt um Rond-point Fridhaff gewënscht.

Vill ass an deene leschte Joren iwwert de weidere Verlaf vun der N7 geschwat a geschriwwe ginn. Mir mussen déi wierklech méi sécher kréien. Et gëllt aus dëser Optik och d'Realisatioun vu weidere Puzzlestécker ze gesinn: d'Contournemente vun Housen a vun Hengescht. Hei hu mer et zu Spëtzenzäite mat engem onméiglechen a virun allem onerdréigleche Verkéiersopkommes ze dinn.

Erlaabt mer hei eng Klammer opzemaachen. D'Populatioun vum Kanton Clierf ass am Zäitraum tëschent 1991 an 2011 ëm 44,5% gewuess, woubäi am selwechten Zäitraum d'Gesamtpopulatioun nëmmen zu Lëtzebuerg ëm 33,1% gewuess ass.

(Interruption)

D'Infrastrukture mussen dësem Wuesstum gerecht ginn. Klammer zou.

All dës Projeten, vun deenen ech virdru geschwat hunn, sinn Deel vun engem Gesamtkonzept, wéi d'Transportwiese sech hei zu Lëtzebuerg soll weiderentwéckelen, wéi den öffentlechen Transport soll ausgebaut an organiséiert ginn, wéi d'Entwécklung vum Stroossennetz - dorobber opbauend - soll virugoen.

Als Demokratesch Partei si mir eis awer bewosst, datt eng adequat Stroossebauinfrastruktur fir den Norden an am Norden net deen eenzege Schlëssel zur Entwécklung vum Norden ass. Et muss nach vill aneres geschéien. Fir eis als Demokratesch Partei ass den Équiliber tëschent de Regiounen onbedéngt noutwendeg. D'Nordstrooss dierf kee Sens unique bleiwen. Mir brauchen zousätzlech landesplaneresch Impulser.

D'Fäerdegstellung vun de Plans sectoriels wäert eis weisen, ob dës Regierung gewëllt ass, d'Entwécklung vum Éislek virunzedreiwen, an dat besonnesch beim Plan sectoriel «Zones d'activités».

Fir d'Demokratesch Partei ass et op jidde Fall kloer, datt den Norde kee Fräiliichtmusée ass, mä eng Regioun mat héijer Liewensqualitéit a mat dynamesche Betriber, vun deenen Impulser fir eis Ekonomie kënnen ausgoen. Fir datt dëst méiglech ass, brauche mer déi néideg Infrastrukturen, brauche mer d'Nordstrooss, an zwar scho virgëschter.

Här President, méi Verkéier wäert et och um Kierchbierg ginn, wann d'Nordstrooss bis ganz opgeet. Et ass duerfir wichteg, aner Elementer vum nationale Mobilitéitskonzept virunzedreiwen. D'Nordstrooss kann nëmmen effikass sinn, wa parallell den öffentlechen Transport erweidert gëtt, fir datt d'Leit e benotzen. Mir brauchen zousätzlechen Park & Ride zu Miersch, zu Luerenzweiler an op anere Plazen, fir de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, virun der Stad ëmzesteigen op Bus an Zuch.

Mir schwätzen hei vun engem Mobilitéitspuzzle an neierdéngs enger Mobilitéitsketten. An dobäi ass et egal, ob mer dëst Konzept elo Mobilitéit.lu, Mobil 2020 oder neierdéngs MODU nennen. Wichteg ass, datt mer net am Stau stieche bleiwen. Wichteg ass, datt d'Zukunftsprojete wéi den Tram net am prozedurale Stau, am Décisiounsstau, am Budgetsstau an ech weess net, a wéi engem anere Stau nach stoe bleiwen. Et gëllt hei prezis Prioritéiten ze setzen.

Mir mierken elo, datt eis bei der Ëmsetzung vun engem integréierte Verkéierskonzept dat feelt, vun deem mer bei der Nordstrooss esou vill verschenkt hunn: Zäit a Suen. De Wirtschafts- a Populatiounswuesstum, dee sech haut a Blechlawinen op eise Stroossen déclinéiert, ass dee vun deene leschten 20 Joer. Mir lafen der Zäit hannendrun.

Gläichzäiteg feelt eis awer haut genau dee Wirtschaftswuesstum, dee mer bräichten, fir d'Statskeesen an d'Investitiounsfongen ze fëllen, mat deene mer eis déi grouss Infrastrukturprojeten am Beräich vum Verkéier a vum öffentlechen Transport kéinte leeschten a mat deene Sue mer déi kéinte realiséieren.

Dat meescht ass jo nach ze maachen. Op dat, wat am Norden nach ze maachen ass, sinn ech schonn agaangen. Am Zentrum ass et de Bau vun de Gares périphériques a vum Tram; am Süden den Ausbau vun der Zuchstreck Lëtzebuerg-Beetebuerg, de Bau vun enger direkter Linn Lëtzebuerg-Esch an den Ausbau vun der Linn Lëtzebuerg-Péiteng. Dëst alles si Projeten, déi nach ëmmer op der To-do-Lëscht stinn an déi eist Land dréngend bräicht, mä wou mer awer staark Zweifel hunn, datt se schnell wäerte realiséiert kënne ginn.

Här President, als Demokratesch Partei wäerte mir selbstverständlech dëse Projet stëmmen. Mir hu Versteesdemech fir déi Mesuren, déi hu misse geholl ginn, fir ënner anerem d'Sécherheet vun den Tunnele méi optimal ze gestalten. De Rapporteur ass am Detail op all déi Ursaachen agaangen, déi mat sech bruecht hunn, datt mer haut eng zweet Rallonge budgétaire musse stëmmen, zum gréissten Deel Ursaachen, déi een net onbedéngt virausgesi konnt.

Et ware keng handelsüblech Tunnelen, déi hei gebaut gi sinn: méi grouss Dimensioune vum Tube vu Luerenzweiler; d'Geologie op dësem Chantier war e ganz groussen Défi; de Stafelter ass am Sandsteen gebaut ginn. An da weess een, datt no deenen Accidenter, déi mer a verschiddenen europäeschen Tunnelen haten, d'Sécherheetsmoossnamen enorm an d'Luucht gaange sinn.

Ech wëll och ausdrécklech ervirhiewen, datt de Bauteminister an dësem Dossier mat aller Transparenz operéiert huet. Hien huet d'Budgetskontrollkommissioun systematesch iwwert de finanzielle Suivi informéiert.

Erlaabt mer och op dëser Plaz de Responsabele vun de Ponts & Chaussées, dem Här Roland Fox an dem Här Marco Zacharias, een öffentleche Merci ze soe fir hire fantasteschen Engagement fir an op dësem Chantier. Besonnesch begréissen ech hir Beméiungen ëm eng gutt Noperschaft an e gudde Rapport mat den Awunner wéi och fir voll Transparenz mat regelméissege Portes ouvertes.

Här President, déi grouss finanziell Upassunge weisen eis awer, datt mer an Zukunft eng Leeschtungskultur beim Stat, bei der Planifikatioun an Exekutioun vu grousse Projete musse mat afléisse loossen. Op dëser Plaz wëll ech op den „Guide pour la gestion d'un projet de grande envergure" hiweisen, dee vun der Cour des Comptes am Kader vum E-go-Projet ausgeschafft ginn ass a wou d'Cour hir Erfahrunge vun de viregte Projete mat afléisse gelooss huet.

Laut dësem Guide gëllt et, d'Objektiver kloer ze definéieren an de Rôle vun all Intervenant strikt ze straffen. Interessant ass hei den Triangel „But-Durée-Budget". Geet d'Durée an d'Luucht bei gläichem Objektiv, klëmmt de Budget. Souguer wann d'Durée an d'Luucht geet, d'Objektiver erofgeschrauft ginn, klëmmt de Budget awer.

An hei muss d'Regierung sech e grousse Reproche gefale loossen. Dëser Regierung feelt ganz einfach déi néideg Sensibilitéit an dat néidegt Gespier, fir zukunftsträchteg Infrastrukturprojete virunzedreiwen. Eng Bauzäit vun 20 Joer ass hei net ze rechtfertegen. Dat ass einfach ze laang an da kritt een d'Käschten net an de Grëff!

Duerfir ass den ausdréckleche Wonsch vun der Demokratescher Partei, datt dëse Projet net weider a Verzuch geréit. Opgrond vun all deem, wat ech virdru gesot hunn, muss de Minister sech bewosst sinn, datt et eng Spuermoossnam ass, wann dëse Projet esou séier wéi méiglech fäerdeggestallt gëtt.

Här President, ofschléissend wëll ech nach drop hiweisen, datt d'Stroossebauprojete vun esou enger grousser Envergure héich Nofolgekäschte mat sech zéien. Wann ee gesäit, wéi dacks op RTL ze héieren ass, datt de Gousseler Tunnel muss wéinst normalen Entretiensaarbechte gespaart ginn, da kann ee sech virstellen, datt d'Funktiounskäschte schrecklech héich wäerte sinn. D'lescht Woch war den Tunnel all Dag gespaart, gëschter war e gespaart, haut war en no sechs Deeg fir d'Éischt erëm eng Kéier op. Tëschent Juni 2009 a Juni 2010 war den Tunnel Gousselerbierg am ganze 75-mol gespaart!

Et ass wierklech ze hoffen, datt, wann all d'Tunnelen a Betrib sinn, d'Entretiensaarbechte besser koordinéiert ginn, fir eng optimal Notzung ze garantéieren.

Här President, mir als DP haten eis schonn 1991 als éischt Partei fir d'Ost-Variant festgeluecht. Fir d'DP ass d'Fäerdegstellung vun der Nordstrooss eng absolut Prioritéit an duerfir, ech widderhuele mech, wäerte mir dëse Projet och stëmmen an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci dem Här Etgen. Als nächste Riedner ass den Här Diederich agedroen.

M. Fernand Diederich *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. No der Realisatioun vum éischten Deel vun der Nordstrooss tëschent Ettelbréck a Luerenzweiler stelle mir déi positiv Auswierkunge fest op déi ugrenzend Uertschaften a besonnesch op d'Gemeng Miersch, déi soss am Verkéier de Moment géif erstécken.

Mir hoffen, datt och d'Fäerdegstellung vum Rescht vun der Nordstrooss Verbesserunge wäert bréngen am Interessi vun eiser nationaler Ekonomie, vun alle Bierger an eisem Land a besonnesch am Interessi vun der Liewensqualitéit vun de Leit aus dem Uelzechtdall.

An deem Sënn wëll ech och den Accord gi vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Diederich. Als nächst Riednerin ass d'Madame Lorsché agedroen. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Une voix.- Elo kritt Der emol d'Wouerecht gesot.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der grénger Fraktioun wëll ech dem Här Lucien Clement als Rapporteur Merci soe fir seng Erklärungen, firwat et beim Bau vun der Nordstrooss zu engem zweeten Zousazkredit muss kommen.

Datt et sech bei dëser Strooss net just ëm e bessere Feldwee géif handelen, mä ëm e krassen Aschnëtt an d'Natur, dat wousste mer schonn an den 90er Joren. Wat mer deemools awer net woussten a wat kee gewuer ginn ass, war de Präis, deen dës Strooss eis am Endeffekt géif kaschten a wat hir Nofolgekäschte wären.

Wéi de Kolleeg Camille Gira virun zwielef Joer op dëser Plaz stoung an déi berechtegt Fro vum Käschtepunkt opgeworf huet, huet hie vum President vun der Kommissioun vun den Travaux publics, dem Här Nicolas Strotz, keng aner Äntwert kritt wéi déi, datt säi Froespill ze wäit géif goen an datt op esou Froe kee gefaasst wär.

Une voix.- Gesitt Der, den Här Strotz hat recht!

(Hilarité)

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, all déi Leit, déi sech an den 90er Jore fir d'Aktualitéit vum Land interesséiert hunn, hu matkritt, wéi ëmstridden de Projet vun der Nordstrooss war. A vill vun deene Leit hunn och net vergiess, datt den deemolegen Transport- a Bauteminister Robert Goebbels an deem Dossier leider méi ze soen hat wéi den deemolegen Ëmweltminister, den Här Alex Bodry, dee méi eng kritesch Haltung hat, mam Resultat, datt de Projet ouni Rücksicht op Verloscht...

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Ech bieden Iech, der Madame Lorsché nozelauschteren!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Si maachen e klengen Historique. Mam Resultat, datt de Projet ouni Rücksicht op Verloscht op den Instanzewee geschéckt ginn ass. Och wann den Här Goebbels zimlech süffisant behaapt huet, am Dossier Nordstrooss wär alles studéiert ginn, wat et nëmmen ze studéiere gëtt, a wann een all Etüde géif op den Dësch leeën, da wäre se meterhéich, kënne mer bis haut net gleewen, datt déi Etüden déi wesentlech Aspekter vun dësem Projet a Betruecht gezunn hunn.

Als Gréng streide mir net of, datt villes analyséiert ginn ass an datt kiloweis Dokumenter um Dësch louchen. Wat mir awer bedaueren a wat sech am Laf vun der Zäit och bestätegt huet, ass, datt grad dat Elementaarst bei dësem Projet net analyséiert ginn ass. Et ass net ënnersicht ginn, ob d'Nordstrooss verkéierstechnesch sënnvoll wär oder ob se d'Verkéierskniet net just op eng aner Plaz géif verlageren, woumat ee bekanntlech riskéiert, datt duerno no engem weidere Stroossenabschnitt verlaangt gëtt, am Stil vun der sougenannter a bekannter Salami-Taktik.

Et ass och kaum ënnersicht ginn, wéi vill Schued dës Strooss dem Gréngewald géif zoufügen a wéi grouss de Verloscht vun der Biodiversitéit wär. Eng Äntwert op déi Fro fanne mer wuelweislech net an de meterhéijen Dokumenter vun der Nordstrooss, mä an der rezenter Etüd vum Observatoire de l'environnement naturel, déi de massive Stroossebau ganz kloer mat responsabel mécht fir de grousse Verloscht un Artevielfalt hei am Land.

Et ass bei dësem Projet och net ënnersicht ginn, wou déi virgeschriwwe Kompensatiounsmoossname kéinte realiséiert ginn, a mir waarden nach haut op deen detailléierte Rapport, deen d'Regierung där grénger Fraktioun schonn am Joer 1997, also viru 15 Joer, héich an helleg versprach huet.

Des Weideren ass net ënnersicht ginn, wéi eng bautechnesch Problemer schonn eleng duerch d'Geologie vum Terrain an duerch staark Penten op der Streck kéinten optrieden. Datt den Här Gira virun zwielef Joer och op dës Fro keng Äntwert kritt huet, ass also kee Wonner. Wären all déi Problemer ënnersicht ginn, dann hätt vun Ufank u festgestanen, datt de Käschtepunkt vun der Nordstrooss dem Faass de Buedem géif ausschloen!

Woumat ech bei deem Punkt sinn, ëm deen et haut geet, an zwar beim zweeten Zousazkredit fir e Projet, dee wahrscheinlech an d'Geschicht ageet fir seng onverantwortlech Finanzplanung!

Während d'Regierung am Joer 1992 behaapt huet, d'Nordstrooss géif, alles abegraff, net méi wéi 600 Milliounen aler Frang kaschten, an am Joer '97 scho vun 367 Milliounen Euro Rieds gaangen ass, stounge mer am Joer 2005 bei bal 600 Milliounen a landen haut bei 650 Millioune respektiv 850 Milliounen Euro, deemno wéi d'Berechnung vum Index ausfält.

Während den definitive Käschtepunkt an den Ae vum Statsrot 63,6% iwwert dem initiale Chiffer läit, gesäit d'Regierung dat anescht a schwätzt vun enger méi niddreger Käschteniwwerschreidung.

(Interruption)

Ech fueren nach weider.

Une voix.- Loosst Iech emol iwwerraschen!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Et kënnt nach! Eiser Meenung no ass et nämlech net relevant, ob mir eis bei 50, bei 40 oder bei 60% Zousazkäschte bewegen. Relevant ass fir eis, datt de Steierzueler an dësem Dossier 20 Joer laang op d'Ae gedréckt ginn ass!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, viru genee 20 Joer hunn déi gréng - am Numm vu GAP a GLEI a mat der Ënnerstëtzung vum Här André Hoffmann - d'Regierung an enger Motioun opgefuerdert, de Projet „Nordstrooss" zréckzezéien an en duerch eng „Null-plus-Variant" ze ersetzen, an anere Wierder duerch den Ausbau vum öffentlechen Transport. Haut bedaueren net nëmmen déi gréng, mä ech mengen, haut bedauere méi Leit, datt eis Fuerderung deemools op daf Ouere gestouss ass an datt de Projet „Nordstrooss" mat alle Mëttelen an zweifelhafte Methoden duerchgesat ginn ass.

Wann ee bedenkt, datt eng Rei vu Beamten, déi sech explizit an hirem Numm géint de Projet „Nordstrooss" ausgeschwat hunn, vum deemolegen Transport- a Bauteminister mat engem Beruffsverbuet gedroht kritt hunn, da weess een, wéi schaarf de Wand geblosen huet, fir dëse Projet duerchzesetzen an domat ee vun de gréisste Feeler ze maachen, dee jeemools am Beräich vun de Stroosseninfrastrukturen hei am Land gemaach ginn ass! Woumat dës Regierung hiert Ee schonn am Nascht hat, éier se konnt mat schaffen ufänken.

Duerch de Bau vun der Nordstrooss ass nämlech net nëmme wäertvollt Land zerstéiert ginn, wat net ze kompenséieren ass, mam Bau vun der Nordstrooss sinn dem Stat och tëschent 600 oder 650 oder 700 Milliounen - u sech ass dat kee groussen Ënnerscheed - duerch d'Päif gaangen, déi net méi fir sënnvoll Projeten zur Verfügung stinn. D'Halschent vun der Zomm wär schon duergaangen, fir den Tram vun der Gare op de Findel ze finanzéieren. A wann dës Regierung beim Projet vum Tram och nëmmen hallef esou flénk wär an den Décisioune wéi hir Virgänger bei den Décisioune vun der Nordstrooss, da géif den Tram scho fueren.

Duerch d'Päif gaangen ass dat Geld och fir aner Investitiounen, déi dréngend noutwendeg gewiescht wären, fir d'Entwécklung vun der Nordregioun weiderzedreiwen an d'Nordgemengen nohalteg ze beliewen. De Bau vum Clierfer Lycée hätt net emol een Zéngtel vun der Zomm kascht, déi fir d'Nordstreck konnt zur Verfügung gestallt ginn. Während dee Projet der Spuerpolitik vun der Regierung zum Opfer gefall ass a jorelaang zréckgestallt ginn ass, ass et beim Budget vun der onendlecher Geschicht vun der Nordstrooss net op e puer Honnert Milliounen ukomm.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng seriö Käschten-Notzen-Rechnung hätt net dozou gefouert, de Bau vum Clierfer Lycée fir Joren op Äis ze leeën, mä dee vun der Nordstrooss, an zwar definitiv! Eng Käschten-Notzen-Analys fir d'Nordregioun hätt nämlech erginn, datt Investissementer an dezentral Infrastrukturen - fir Schoulen, Kultur an Tourismus an d'Implantatioun vu klengen a mëttelgrousse Betriber an domadder d'Schafung vun dezentralen Aarbechtsplazen; a Kultur- a Sportprojeten; a virun allem an den öffentlechen Transport an an déi douce Mobilitéit - dem Norde vum Land honnertmol méi genotzt hätte wéi eng Strooss, déi méi Problemer schaaft wéi se der léist.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Haut bezuele mir dofir, datt d'Chamber virun 20 Joer weder op déi gréng Oppositioun nach op d'Émweltorganisatiounen an op d'Stëmme vun dobausse gelauschtert huet an de Projet „Nordstrooss" méi mam Bauch wéi mam Verstand gestëmmt huet. Mir bezuelen net nëmme mam Verloscht vun der Biodiversitéit, mä mir bezuele mat deem Geld, wat fir ekologesch, ekonomesch a sozial Projeten am Norde verluer gaangen ass.

Fir déi gréng Fraktioun kënnt aus deem Grond e weideren Zousazkredit net a Fro!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Lorsché. Als nächsten a gläichzäiteg als leschte Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Merci, Här President. E Merci och un de Rapporteur. Ech mengen, de Prinzip vun der Nordstrooss ass eppes, wat mir als ADR ëmmer richteg fonnt hunn, well mer net wëllen, datt d'Leit uewen am Norden nach mat der Geess ginn, well déi Parteien, wéi déi gréng, déi géint déi Nordstrooss sinn, déi hätte gären, datt uewen am Norden keng Industrie an näischt ass. An ech mengen, dat ass net grad dat, wat soll douewe geschéien, well ech gesi schlecht, datt eng Industrie oder Betriber sech douewen nidderloossen, wa se da kënne mam Tram oder mam Vëlo an d'Stad gefuer kommen.

Déi zweet Saach, déi ee muss festhalen,...

M. Camille Gira *(déi gréng)*.- Wéini waart Dir fir d'Lescht am Éislek?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- ...dat ass, datt...

M. Camille Gira *(déi gréng)*.- Dat ass scho laang hier!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- ...dat ass, datt... Ech gesinn Iech och seelen douewen!

(Hilarité)

M. François Bausch *(déi gréng)*.- Dir kënnt hien net douewe gesinn, well Dir sidd ni do! Dir sidd ni do!

(Hilarité)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Déi zweet Saach, déi ee muss festhalen, dat ass, datt 1997 deen deemolege Minister, den Här Robert Goebbels, wéi e mam Projet hei an d'Chamber komm ass, duerno op ganz hefteg Kritike gefall ass, net wéinst dem Prinzip vun der Nordstrooss, mä wéinst der Aart a Weis wéi de Projet déposéiert an analyséiert gi war. Dat war relativ am Hauruck-Verfahre gaang, d'Etüden, déi waren embryonnaire.

Et huet och ganz kloer esou ausgesinn, datt alleguerten déi Warnungen, fir iwwerhaapt en Tunnel, fir op dee Wee ze goen, datt deene keng Rechnung gedroe ginn ass. Ganz vill Leit hunn drop higewisen, datt d'Terrainen douewen net adaptéiert wieren, fir en Tunnel ze bauen. A mir hunn als ADR gefrot - an doduerjer hate mir ons deemools och bei dem Gesetzesprojet enthalen -, datt sollt en alternative Projet gekuckt ginn, mat enger Tranchée ouverte, wou een deen Ableck e Couloir an d'Bierger gemaach hätt, wou een deen dann herno zougedeckt hätt mat Bëton, zougemaach hätt mat Bëton, an dann nees erëm Buedem driwwer.

Ech mengen, dat wier eng Aart a Weis gewiescht, déi ons héchstwahrscheinlech méi bëlleg komm wier wéi déi Saach, déi mer hei kënne maachen. Well op deem Punkt do, op där Plaz do et vill méi riskéiert ass, fir op de Wee ze maachen. Par contre gesäit een...

Une voix.- D'Tunnelen an d'Stad!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- ...mat den Tunnelen an der Stad, do läit de gesamten...

Une voix.- Ah, do ass en anere Buedem. Jo!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- ...scho gesinn, datt déi Kanalisatioune gebaut hunn, datt dat do picobello an der Stad geet an ouni Risiko an ouni Déplacement...

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Ech bieden Iech, elo dem Här Henckes nozelauschteren!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- ...well gréng gëtt awer deier! An duerfir, wann Dir wëllt... Déi Leit am Norde wëssen alleguerten, wann déi gréng Meeschter wieren hei am Land, da géife se alleguerte mat der Geess douewe goen, well dat ass ongeféier dat Eenzegt, wat douewe géif nei gemaach ginn.

Une voix.- No de Resultater bei de Wahlen, mengen ech, gesinn d'Leit dat Ganzt awer...

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- ...de Robert Goebbels... hei ass der Chamber deen Ableck e ganz schlechte Projet virgeluecht ginn, an dat kréie mer haut alleguerten ze spieren. Et koum eng éischt Rallonge 2005 vun 225 Milliounen, an elo kënnt nach eng vun 58 Milliounen, wat en Total vu 654 Milliounen Euro ausmécht, mä dat ass op engem Bauindex-Präis vun Oktober 2010 respektiv 2009.

An de richtege Chiffer, dee mer haut en fait mussen am Budget festhalen, wann een dat aktualiséiert, da gesäit een, datt déi ganz Nordstrooss, déi 15 Kilometer, déi mer do bauen, datt dat eng 850 Milliounen Euro wäert kaschten! Esou huet de Conseil d'État dat ausgerechent. Vläicht eng Millioun méi oder manner, mä et wäert awer an déi Richtung do goen.

An ech mengen, dat ass e gehéierege Montant. Do sinn, bien entendu, zousätzlech Sécherheetsmoossname geholl ginn. Dat ass och richteg, mä ech mengen, d'Basis selwer, fir op de Wee ze goe vun enger Nordstrooss mat Tunnelen, déi war falsch. Mir hätte sollen do Alternative kucken an notamment déi vun der Tranchée ouverte, wou een herno hätt kënnen den Tunnel zoumaachen an nobauen, anstatt iwwert dee Wee ze goen, dee mer elo zréckbehalen hunn.

Dat schéngt mer dee falsche Wee gewiescht ze sinn, an dofir wäert d'ADR sech och bei dësem Projet enthalen, sou wéi se dat scho bei deenen zwee éischte Votë gemaach huet 1997 an 2005.

Mä et stelle sech awer an deem Kontext och nach e puer aner Froen. Ech wollt den Här Minister froen, ons seng Meenung ze soen zu där deelweiser Realisatioun vun der Westtangente; do gëtt och nach dovunner geschwat. Mir ass gesot ginn, datt dat soll deen Ablack ganz ewechfalen. Da gëtt nees gesot, datt Deeler sollen dovunner realiséiert ginn.

Ee Problem, deen och wäert optauchen, dat ass um Kierchbierg, well sech do de ganze Verkéier wäert konzentréieren. Do brauch een also Opfangparkingen. Ech mengen och, datt de Projet Tram op där Plaz net wäert de Verkéiersproblem léisen a sech, mä datt et do effektiv besser wier, wann een eng Alternativ hätt, déi zu engem gudden Deel och géif op den Zuch zréckgräifen an och do eng ënnerierdesch Léisung iwwert de City-Tunnel notamment kéint realiséiert gi fir déi Streck vun der Gare op de Kierchbierg.

Déi aner Saach, déi ee muss festhalen, dat ass, datt ech och mat Freeden héieren hunn, datt ganz vill Leit, ganz vill Deputéierten hei aus dem Norde sech agesat hunn, fir datt déi Nordstrooss och sollt weider ausgebaut ginn op véier Bunnen. A mir haten als ADR eng Motioun an deem Sënn eraginn. Leider ass déi vun der Majoritéit hei an der Chamber verworf ginn. Ech bedaueren dat.

Dat nach eng Kéier gesot, wäerte mir ons bei dësem Vote enthalen, net well mer géint de Prinzip vun der Nordstrooss sinn, mä well mer géint déi Aart a Weis sinn, wéi 1997 den Dossier geholl ginn ass, wou Der dee schlechte Wee gewielt hutt.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Henckes. Elo kritt d'Wuert den zoustännegen Nohaltegkeetsminister, den Här Wiseler.

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Da loosst mech emol am Ufank de Wonsch ausdrécken, datt mer an deenen nächste Jore kënnen déi „never-ending story" hei endlech zu engem Enn bréngen, well dat wär scho gutt.

Ech mengen, haut gesäit et awer dozou esou aus, datt mer kënnen 2014 de Bau fäerdeg bréngen an duerno eng Rei Testphasë maachen an 2015 zur Ouverture vun där Nordstrooss do kommen, eng Nordstrooss, déi a mengen Aen nach wie vor eng Strooss ass, déi mer brauchen, well se awer e grousse Flux, deen an den Norde geet respektiv aus dem Norde kënnt, op eng ganz aner Aart a Weis fléissen deet.

Ech wëll och haut net nach op déi Diskussiounen, déi total onsënneg sinn, erëm agoen, fir ze soen, wär déi eng Variant oder déi aner Variant verkéierstechnesch, ëmweltméisseg besser oder méi schlecht gewiescht. Dat sinn alles Diskussiounen, déi hu mer viru 15 Joer gefouert, a wann ee bis ufänkt ze bauen, huet ee besser opzehalen ze diskutéieren an et bis zum Schluss ze bauen, well alles anescht huet an deem Moment kee Sënn méi.

Ech stoung schonn eng Kéier viru siwe Joer hei op dëser Tribün mat där zweeter Rallonge vun där Nordstrooss. Déi Zäit war et eng Rallonge, déi mer gestëmmt hunn en urgence, well ech ka mech erënneren - et war, mengen ech, ee vun deenen éischte Projeten, déi ech als Bauteminister gemaach hunn -, déi Zäit war et esou, datt mer mat där Enveloppe financière, déi mer '97 kruten, quasiment zum Schluss waren a keng Engagementer hu méi kënne maachen, ouni en neit Gesetz gehat ze hunn.

Mir hunn och sengerzäit analyséiert, wéisou dann, well déi Zäit war et wierklech e groussen Dépassement. Dat waren 225 Milliounen, déi hu missen zousätzlech zu deenen eppes an déi 300, déi gestëmmt waren, gestëmmt ginn. An et ass a sech, an dat muss ech nach eng Kéier kloer an däitlech hei soen, festgestallt ginn, datt '97, wéi d'Gesetz gemaach ginn ass, dat op wierklech extrem sommairë Plang gemaach ginn ass, ouni datt et manifestement méiglech war, déi richteg Präisfeststellunge '97 ze maachen.

Dat heescht, dat éischt Gesetz ass an enger Phas evaluéiert ginn, Präisser bestëmmt ginn, wou Ponts & Chaussées sengerzäit net d'Méiglechkeet hat, fir dat an deem Definitiven esou festzestellen, datt d'Approche dovunner méi no gewiescht wier.

Dat war eng vun de Léieren d'ailleurs, déi mer sengerzäit doraus gezunn hunn. A mir hu sengerzäit doraus geschloss, datt mer am Fong esou Projete wéi dat hei, am Allgemenge Bauprojeten, net méi géifen op APSen hei an d'Chamber bréngen, well et och um Niveau vun engem Avant-projet sommaire net méiglech wär, och nëmmen approximativ, haaptsächlech bei esou enger grousser Technicitéit wéi dat hei, kënnen e Projet finanziell méi no ze bestëmmen.

Mä mir hu gemeinsam beschloss, datt mer nëmme méi géife mat APDen - Avant-projets définitifs - an d'Chamber kommen, och wann dat an der Entstehungsphas vun engem Projet vill méi spéit ass, mä et awer eis als Administratioun, als Ministère d'Méiglechkeet gëtt, fir vill méi no ze kommen zu der Realitéit vun engem Projet. An dat ass och, wat an där ganzer Émstellung sengerzäit geschitt ass.

Beim zweete Gesetz, do ware mer vill méi no bei der Feststellung, an trotzdeem muss ee soen, datt mer, well mer net déi verschidde Phasagen do gebraucht hunn, wou ee Chantier respektiv een Tunnel nom aneren a mengen Aen hätt misse gestëmmt ginn, datt mer och do nach wäit ewech ware vun enger Rapproche, déi konsequent konnt gemaach ginn, well 2005 hu mer gestëmmt, 2015 geet déi Strooss op.

Dat ass nun awer e Chantier, deen zéng Joer an der Chantiersphas ass. An och fir zéng Joer virdrun, 2005, ze bestëmmen, wéi vill datt 2015 - an Dir maacht d'Décomptë '16 a '17 -, wéi vill Der dann zéng, eelef, zwielef Joer duerno an der Realitéit braucht, fir wierklech esou e Chantier wéi dat hei mat all senger Envergure, mat all senger Technicitéit fäerdeg ze maachen, dat ass net evident.

E puer Beispiller vun deem, wat anescht gelaf ass, wéi et a sech '97 respektiv och nach 2005 geplangt war. E puer Beispiller, an ech erkläre se vläicht an anere Wierder wéi de Rapporteur, den Här Clement, deem ech villmools Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi en an dësem Gesetz - wéi an anere Gesetzer d'ailleurs - geleescht huet.

Dat éischt Beispill fir ze nennen, dat ass, datt mer 2005 no enger Direktiv geschafft hunn, déi 2004/54/CE heescht. An Zwëschenzäit, 2006 ass awer dee sougenannten RABT, d'Richtlinie für die Ausstattung und den Betrieb von Straßentunneln, ëmgeännert ginn, a mir hunn och, ouni datt dat wesentlech Ännerunge waren, awer eis selbstverständlech un déi nei Bestëmmungen ugepasst.

Dat huet zum Beispill geheescht, datt mer de Compartimentage vun esou engem Tunnel vun zwee op dräi hu missen ëmfonctionnéieren; dat huet zum Beispill geheescht, datt mer hu missen higoen, fir e Local technique supplémentaire ze maachen, wat natierlech säi Käschtepunkt hat.

En anert Beispill, dat ass, datt mer d'Fundatiounen hu missen adaptéiere fir de Portail...

(Brouhaha)

M. le Président.- Ech bieden Iech, dem Här Minister nozelauschteren!

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- ...fir den Éclairage indirect ze maachen, wat sech och aus sécherheetstechnesche Grënn als besser erwisen huet. Mir hunn eng Mise en place vu Systèmes d'inspection et de drainage gemaach, an zwar hannert dem Bëton, fir e kënnen ze kontrolléieren, hannert dem Bëton, ob e géif fonctionnéieren, a wa mer Problemer domadder hätten, fir méi schnell kënne festzestellen, wou d'Problemer wären a wéi se ze behiewe wären. Dat war am Ufank net esou geplangt, huet eis awer en phase de chantier als sënnvoll zousätzlech geschéngt.

Aner Dépassementer sinn doraus entstanen, datt mer Bëtonsarmaturen hu misse ganz anescht gestalten, well effektiv eng Sous-estimatioun do komm war, mä notamment och dowéinst, well Eurocode-Normen, déi applikabel gi waren, ganz anescht hu misse berechent ginn. Et waren och Dépassementer vun de Quantitéite vum Béton projeté, de Sprëtzbëton, deen een op d'Cavitéite mécht, an dat haaptsächlech fir d'Sécherheet vun deene Leit besser ofzesécheren, fir déi besser ze garantéieren, wat eis extrem wichteg war. Och dat ass en phase de chantier zousätzlech décidéiert ginn.

Et war och eng Erhéijung vun de Foragen an der Sektioun vun der Klass 4 festzestellen. Dat ass elo extrem technesch, mä dat sinn alles Saachen, déi en cours de chantier festgestallt gi sinn, wou virdrun eppes anescht supposéiert gi war an déi schwéier waren anescht trotzdeem während dem Chantier hinzekréien.

E klassesche Problem, dee mer och festgestallt hunn: Bei der Adjudicatioun vum Stafelter waren Devisë gemaach ginn. Mir kruten och eng Rei Offeren eran. Mir hunn awer just festgestallt, datt déi bëllegst Offer 11,5 Milliounen iwwert dem Devis war. An da soen ech, wann Der esou eppes ausschreift, da stitt Der natierlech do, wann Der Offeren erakritt, onvirgesinn 11,5 Milliounen iwwert dem Devis. Wat kënnt Der da maachen?

Da kënnt Der nach eng Kéier frësch ausschreiwen. Dat ass eng Méiglechkeet. Da verléiert Der sechs Méint bis e Joer, mat all deenen

zousätzleche Käschten, déi et huet, an Dir sidd nach net sécher, datt et bei deenen nächsten Offeren dann, déi Der erakritt, méi bëlleg gëtt.

Wann Der Pech hutt, gëtt et dann nach eng Kéier méi deier. An duerfir hu mer d'Décisioun geholl, och wann et 11,5 Milliounen iwwert dem Devis war, awer d'Adjudicatioun ze ginn, well mer gesot hunn: Et ass méi virsiichteg, mer wëlle virukommen. An de Risque, fir et duerno méi deier ze kréien duerch d'Délaien an duerch eng Adjudicatioun, déi awer net méi bëlleg gëtt, deen ass esou grouss, datt mer op deen do Wee gaange sinn, nodeems datt mer och d'Comexbu doriwwer informéiert haten.

Mir hunn och zum Beispill eng Rei aner Detailer bei der neier Estimatioun vun de Sécherheets-équipementer. Well mer eng Erfahrung haten aus dem Tunnel Gousselerbierg, ass dat alles réevaluéiert ginn, huet och misse réevaluéiert ginn. An do hu mer och, well mer Sécherheetsmaterial huelen, wat performant ass, aner Käschtenevaluatioune misse maachen.

Elo kann ee soen: „Dir hutt iwwerdriwwen", mä ech erënneren, just virdrun hat den Här Negri eng Fro iwwert d'Sécherheet an den Tunnele gestallt, firwat mer net déi Stroossebuchten do gemaach hunn, wou mer elo en Accident am Schwäizer Tunnel haten. Mä mer hunn déi net gemaach, well mer gesot hunn: „Et ass méi sécher, mir huelen aner Moossnamen, déi eis méi logesch a méi sënnvoll geschéngt hunn." Ech weess awer och, datt déi méi deier kaschten. Just, elo hu mer awer e Material, wou ech denken, wou ech hoffen, datt et wesentlech besser ass. A mir hunn domadder ebe genau dat vermieden, wat an deem Schwäizer Tunnel do virkomm ass.

Elo soen ech mer: Gott sei Dank hu mer déi Décisioun geholl! Mä eng vun de Konsequenzen ass, datt ech haut muss dostoen, fir Iech dat do elo esou ze erklären. Elo soen ech: „Et deet mer leed, datt ech haut do muss stoen", mä en fin de compte deet d'Décisioun mer awer net leed, fir et esou gemaach ze hunn.

Dee Chantier huet méi laang gedauert. Ech wär och natierlech léiwer mat där Nordstrooss scho `14 virun de Wahle fäerdeg. Dat kann ech Iech ganz gär soen. D'Konsequenz ass, datt ech trotzdeem 2015 och nach eng Kéier wëll d'Aweiung maachen an duerfir 2014 nach eng Kéier wëll probéieren, dee Boulot hei weider ze hunn. Enfin, dat ass awer eng aner Geschicht. Do musse mer nach driwwer kucken.

Mä de Fait, datt et méi laang gedauert huet, dat ass, datt och d'Direction des travaux d'Regie, d'Surveillance, well et ebe méi laang dauert an de Joren, och méi muss bezuelen, well all déi Leit, déi mer fir déi Aarbechte brauchen, och méi laang musse sur place sinn.

Mir hunn en Éclairage plus performant an d'Chantierstunnele gemaach. Firwat? Mä well mer mat de Leit festgehalen hunn, datt mer dee ganze Bauschutt, dee mer uewen um Bierg gelagert hunn an dee mer wollten ënnen zum Schluss un de Schwunnendall déposéieren, net duerch d'Dierfer géifen huelen, well soss hätte mer Honnerten, Dausende Camionen iwwert déi kleng Stroossen duerch d'Dierfer missen huelen. Mä well mer d'Leit wollte verschounen, hu mer gesot, huele mer déi duerch den Tunnel selwer, och wann deen nach net fäerdeg ass, mä mer kënnen de Chantierstrafic awer doduerchlafe loossen. Mä da brauche mer en aneren Éclairage, fir dat a Sécherheetskonditioune kënnen ze maachen.

Déi Décisioun hu mer aus deem do Grond geholl, well mer de Leit net wollten Dausende Camionen duerch déi kleng Stroossen zoumudden. Elo kann een et richteg oder falsch fannen. Et huet méi deier kascht. Ech fannen et richteg, mä et ass e Grond, firwat ech de Mëtten hei stinn ze erklären, firwat esou eng Décisioun geholl ginn ass.

Mir hu Silencieuxen op d'Ventilatore bäigemaach, well mer festgestallt hunn, datt extrem vill Kaméidi war, fir déi Leit, déi ronderëm gewunnt hunn, schwiereg tolerabel. Dat hu mer bäigebaut. Et huet méi deier kascht.

Et sinn eng Rei besser Membrane-d'étanchéitéë gebaut ginn, well mer wollte sécher sinn, datt et och géif halen, well mer och méi Waasser festgestallt hunn op deene Plazen. Et sinn aner Drainagesystemer gemaach ginn, déi méi laang halen. Ech hoffen, datt duerch dat, wat et elo méi kascht huet, mer och wesentlech manner Entretienskäschten an deenen nächste Jore wäerten hunn.

Dat sinn elo e puer Posten, déi ech Iech wollt erklären an déi ech Iech wollt soen, fir ze erklären, wat an esou engem Dossier wéi deem hei einfach ka geschéien, well et en Dossier ass, deen extrem komplex ass. An dann ass d'Fro, déi ech mer stellen als Minister, dee responsabel ass fir d'Ponts & Chaussées, an dat ass déi: Konnt Ponts & Chaussées dat alles virdrun esou gesinn?

Virdrun huet ee gesot: „D'Chamber ass hei op d'A gedréckt ginn." An ech froen: Ass dat déi richteg Fro? An ass d'Äntwert, datt d'Chamber op d'A gedréckt ginn ass? A meng Äntwert ass do, well ech dat jo all Dag elo suivéieren, wat hei fir Décisioune musse geholl ginn a firwat mer déi Décisiounen huelen, datt hei kee wollt, weder d'Administratioun nach de Ministère nach de responsabele Minister, weder d'Chamber nach iergendeen aneren op d'A drécken.

Mä hei ass et drëm gaangen, fir e Chantier, deen extrem technesch, extrem schwiereg war, ënnert de beschte Konditiounen ze géréieren an och ze garantéieren, datt mer iwwert déi Jore kënnen déi Sécherheet haut an an Zukunft och an deem Chantier do anhalen. Hei war kee schlechte Wëllen, och keng Inkompetenz an deem Projet.

Mä mir hunn och - dat wëll ech och gär zouginn -, och d'Administratioun huet während esou engem Chantier, deen awer unique war… Esou een hate se nach net gemaach. Esou Tunnele wéi dat do huet weder de Ministère nach d'Ponts & Chaussées gebaut. Do hu mer och wesentlech geléiert derbäi. Virun deenen Tunnelen hei - virum Markusbierg, virum Gousselerbierg, virum Grouft - hat jo keen Tunnele gebaut.

Jo, d'Fro ass, wann een en anere Wee gebaut hätt, ob d'Tunnelen hätte misse sinn. Déi Fro kann ee stellen. Déi kann een esou oder anescht beäntwerten. Déi eng beäntwerten esou, déi aner beäntwerten anescht. Ech stelle just fest, datt de Projet, esou wéi e gestëmmt ginn ass, mat all sengen Autorisatiounen, déi komm sinn, mat senger Akzeptanz, déi e sengerzäit an der Chamber hat, dat hei virgesinn huet.

A mir hunn dat exekutéiert, esou wéi et virgesinn ass. Duerfir wieren ech mech, wa gesot gëtt, datt d'Administratioun oder de Ministère iergendeen hei hätt wëllen op d'A drécken. Ech mengen och net, datt et Inkompetenz war, mä ech mengen, datt déi Chantieren nun einfach mat esou vill Aléaen, mat esou vill Onvirgesi sinn, datt se ganz schwiereg sinn am Gréff ze halen.

Firwat? Mä d'Längt vum Chantier: zéng Joer säit dem leschte Gesetz; 18 Joer, wa mer fäerdeg sinn, am Ganzen. 18 Joer huet dat gedauert! Wien hätt da `97 kënnen elo mat allem op den Euro près feststellen, wat et 2015 kascht huet? Also dee musst Der mer awer bréngen! Och dee beschten Ingenieur vu Ponts & Chaussées - 18 Joer duerno! - muss dat awer emol fäerdegbréngen!

D'Komplexitéit vum Chantier, hunn ech gesot.

D'Onsécherheet och vun deem, wat een ënnert dem Buedem fënnt. Elo hu mer Buerunge gemaach - ech weess net wivill; fofzeg, honnert Buerungen? - pro Tunnel, fir festzestellen, wéi dann d'Konsistenz vun deem Buedem war. Mir hu se gemaach. Et ass och esou festgestallt ginn. Et ass supposéiert ginn, datt et esou wier, mä schlussendlech war et awer a verschiddenen Déiften anescht. Et waren aner Stabilitéiten. Et hunn aner Moossname misse geholl ginn. Et waren aner Excavatiounsklassen.

D'Normen, déi änneren - ech hunn der virdrun zweemol genannt - en cours de route. An et ass och normal, datt innerhalb vun 18 Joer déi Sécherheetsnormen änneren. Schlussendlech huet sech am Tunnelbau an deene leschte Jore villes beweegt. Et ass villes geschitt.

Soumissiounen. Ech hu virdru beschriwwen, wann… Dat kënnt an dësem, mä och an anere Chantiere vir. Ech kréien heiansdo Soumissiounen, déi vill méi bëlleg sinn; dann hunn ech Chance. Mä ech kréien der awer och, déi méi deier sinn. Dat war hei de Fall. An dann ass dat esou. Da kann een nach esou gutt Devisë maachen, wann een op enger Soumissioun, well ebe wéineg Leit, wéineg Offeren erakommen, Problemer huet. Dann huet ee Problemer dodrop an da muss ee kucken, wéi een am Rescht vum Projet domadder eens gëtt.

Accidenter, déi virkommen. Mir haten e Gousselerbierg, dee gerëtscht ass. An och wa mer dann iwwert d'Entreprise effektiv Saachen erëmkréie respektiv iwwert d'Assurancë verschidde Sommen erëmkréien, da sinn nach Retarden, déi doduerch entstinn. A Retarde kaschten dann och erëm. An déi kréie mer natierlech net, weder duerch d'Assurancen nach duerch d'Entreprisen, erëmbezuelt.

Mir hunn eng Rei juristesch Prozeduren, déi eis och kascht hunn.

An dann, muss ech soen, dat, wat mer natierlech dorauser geléiert hunn, dat ass net méi aus dem APS eppes ze maachen, dat a verschiddenen Tranchen ze maachen. Mä bei Micheville hate mer jo d'Diskussioun iwwert de Saucissonnage. Ech mengen, datt et awer nach besser gewiescht wier, hei hätte mer Tunnel pro Tunnel gestëmmt, an e régulièrë Suivi ze maachen, dee mer och zesumme mat der Comexbu an esou Dossiere wéi deem hei maachen.

Vläicht, obwuel meng Zäit ofgelaf ass, nach ganz kuerz Äntwerten, Här President, wann Der erlaabt, op déi eenzel Froen, déi gestallt gi sinn.

Den Här Henckes huet gesot, 850 Milliounen Euro géif de Conseil d'État soen, hätt et kascht. Ech mengen, de Conseil d'État huet dat zesummegerechent, wéi wa jiddwer Dossier oder jiddwer Gesetz gestëmmt gi wier am aktuellen Index. Mä ech mengen awer net, datt een esou ka rechnen. Well mir bezuele jo awer nun trotzdeem all Rechnung dann, wa se ufält. An Dir musst am Prinzip all Rechnung ofrechnen op deem Datum, wou se ufält, a mat deem Indexstand, wou se ufält.

An duerfir ass et esou schwéier, en indexkorrigéierte Präis ze nennen. Mä wa mer en indexkorrigéieren, läit e bei ronn 650 Milliounen. Wann ech en op den Index `97 huelen, da läit en natierlech vill drënner. A wann ech alles - mä, ech mengen, déi Rechnung wär wierklech falsch - op den heutegen Index oder op dee vu muer rechnen, läit en natierlech do, wou de Conseil d'État seet. Mä ech mengen net, datt een esou ka rechnen, fir de Leit e reelle Präis ze soen.

Den Här Etgen, deen huet ganz léif de ganze Programm beschriwwen an huet mech total iwwerzeegt, muss ech em soen, datt dat, wat mer virgesinn hunn ze maachen, och dat Richtegt ass. Well dat, wat Der beschriwwen hutt, wat mer alles solle fir den Norde maachen, ass genau dat, wat mer an deene Programmer an deenen nächste Joren hunn. An ech hoffen, datt mer dat an deenen nächste Joren och kënnen esou ëmsetzen.

Da wollt ech der Madame Lorsché nach soen… Dir sot, d'Nordstrooss hätt sollen, hätt missen ersat ginn duerch en uerdentlechen öffentlechen Transport, dee mer bauen. Also, ech soen Iech ganz kloer: Ech mengen, datt mir deen öffentlechen Transport mussen esou maachen,…

Mme Josée Lorsché *(déi gréng).*- Dir sidd jo besser wéi Är Virgänger.

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- …datt e performant an effikass ass. An ech mengen, datt mer och alles drusetzen, fir dat esou ze maachen. Mä duerfir, all déi Efforten, déi mer op där Nordstreck maachen, och all déi Park & Riden, déi mer bauen, duerfir och deen Arrêt Pont Rouge, dee mer maachen, deen d'Nordstreck wesentlech wäert verbesseren.

Mä ech soen Iech: Och wa mer dat alles gemaach hunn, brauche mer awer déi Nordstrooss nach. An ech mengen, datt mer einfach déi zwou Saache musse maachen, wa mer wëllen, datt den Norden déi Zukunft kritt, déi mer alleguer gär hätten, datt e soll kréien.

Den Här Henckes huet iwwert d'Westtangente nach d'Fro gestallt. Ech sinn dovunner ausgaangen, datt mer am Plan sectoriel «Transports» deen ënneschten Deel, wat fréier eng Westtangente war, mä wat et awer elo net méi ass, als e logescht Konzept solle gesinn, well dat erlaabt eis, dee ganze Verkéier, deen aus dem Weste vum Land kënnt, opzefänken an deen net duerch de Briddel, Rollengergronn an d'Stad ze huelen, mä iwwert deen Deel, de Contournement vun Olm-Kielen erofzehuelen op d'Autobunn, déi vun Arel kënnt, an duerch déi normal Strecken an d'Land eranzeféieren.

An ech estiméieren, wann déi Nordstrooss och bis op ass, datt mer deen zweeten Deel vun deem, wat déi Westtangente war, net méi an deem Moment brauchen, wa mer deen ënneschten Deel hunn, well dee Kielen-Olm contournéiert a well en eis och d'Desserte zu där Zone industrielle gëtt. Wann déi Nordstrooss elo op ass, da moosse mer natierlech dee ganze Verkéier an da kucke mer definitiv, ob dat esou ass oder ob et net esou ass.

Wat de Problem Kierchbierg ugeet, Här Henckes, do hat Dir ganz recht, Dir hat do gutt ugefaangen, an ech hat gemengt, Dir géift elo zur logescher Konklusioun kommen, datt mer deen Tram géife brauchen. Mä ech war du fuerchtbar enttäuscht, wéi Der net zu där Konklusioun komm sidd, well dat wier déi richteg Konklusioun gewiescht.

Mä richteg ass, datt mer natierlech déi Opfangparkinge brauchen op der ganzer Streck, ob dat Miersch, Luerenzweiler, Colmar-Bierg ass, an natierlech och op der Luxexpo, an datt mer en och um Héienhaff brauchen, mä datt ech awer contrairement zu Iech iwwerzeegt sinn, datt mer da mussen d'Leit mat engem uerdentlechen Héichcapacitéits-Tramsystem opfänken, fir se an d'Stad eranzehuelen, an datt dat dat Mëttel ass, wat geet. Dat ass dann den Ënnerscheed tëschent eis zwee. Fir de Rescht si mer eis an Ären Iwwerleeunge selbstverständlech eens.

Ech soen Iech Merci, datt Der nogelauschtert hutt, an dann e Merci all deene Leit, déi matgeschafft hunn un dësem Text an déi en och ënnerstëtzen.

M. le Président.- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6396 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6396 ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen, géint 7 Nee-Stëmmen a 5 Enthalungen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden (par Mme Christine Doerner), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert (par M. Marc Spautz), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Serge Wilmes), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Georges Engel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Mme Änne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Haut de Mëtteg hu mer zum Schluss vun eisen Debatten eng Interpellatioun vum Här Fernand Kartheiser iwwert d'Gewalt géigeniwwer vun Autoritéitspersounen. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Kaes a Bettel, d'Madame Dall'Agnol, den Här Gira an den Här Negri. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

12. Interpellation de M. Fernand Kartheiser sur les violences exercées contre des détenteurs d'autorité

Exposé

M. Fernand Kartheiser *(ADR), interpellateur*.- Villmools Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Häre, déi Interpellatioun vun haut huet als Zweck, d'Regierung an d'Öffentlechkeet op e Phenomeen opmierksam ze maachen, deen an eisen Aen am héchste Mooss inakzeptabel ass an dowéinst och eng ganz energesch politesch a juristesch Äntwert muss kréien. Et geet ëm d'Frechheeten, sougenannten „Incivilitéiten", d'Rebellioun an dacks och oppe Gewalt géint Persounen, déi duerch hire Beruff eng allgemeng oder méi spezifesch Uerdnungs-, Sécherheets- oder Kontrollfunktioun bekleeden.

Dëst sinn an éischter Linn d'Membere vun der Police, mä och d'Kontrolleren an d'Chaufferen an den öffentlechen Transporter, d'Léierpersonal an de Schoulen, d'Kontrollere vun der Zone bleue, d'Membere vun enger Rei vu Stats- a Gemengeverwaltungen, déi een elo hei net brauch all opzezielen, fir op de Problem hinzeweisen. An der Lescht héiere mer och vun Ugréffer géint Arbitteren am Sport a souguer géint Membere vun der Protection civile am Asaz. Dat ass inakzeptabel!

Dat alles si Leit, deenen hire Beruff oder fräiwëllegen Asaz ënner anerem och doranner

besteet, an deene verschiddenste Beräicher vum gesellschaftleche Liewe fir d'Anhale vu Regelen ze suergen a wann néideg Uerdnung ze schafen. Forcément komme si da mat deem engen oder aneren a Konflikt, deen déi Regelen net agehalen huet oder net anhale wëllt.

Eis geet et drëm, fir sécherzestellen, datt déi Leit an och déi Beruffer respektiv Funktiounen nees respektéiert ginn an datt si hir Aufgaben a méiglechst gudde Konditioune kënne maachen, mat der voller Ënnerstëtzung vun eiser Gesellschaft a virun allem och vun der Justiz, wa si beleidegt oder ugegraff ginn.

Dee Merci, dee Respekt an déi Unerkennung ass eis ganz Gesellschaft deene Leit schëlleg.

Polizisten, zum Beispill, si Leit, déi do sinn, fir de Matbierger, déi Affer vun enger Strofdot woren oder riskéieren ze ginn, ze hëllefen. Déijéineg, déi si am meeschte brauchen, sinn dacks déi Schwächst an eiser Gesellschaft. Ouni eng effikass Police kann de Stat de Bierger déi Sécherheet net méi garantéieren, déi hien hinnen awer schëlleg ass.

Den trageschen Doud vun engem jonke Polizist zu Messancy viru knapps dräi Wochen huet eis nees däitlech gewisen, wéi wéineg déi Kriminell hautdësdags nach zécken, fir d'Liewe vun de Polizisten op d'Spill ze setzen. Ëmmer méi vun hinne sinn och arméiert an ëmmer méi dacks kommen och Waffen zum Asaz. Net nëmmen de Risiko fir d'Polizisten ass héich, mä och ëmmer méi leiden déi normal Bierger ënnert der Gewalt.

Wéi sollen d'Polizisten d'Bierger schützen, wa si selwer permanent an der Defensiv musse sinn? Déi international Statistiken, déi Lëtzebuerg ewell als eng gefäierlech Haaptstad aklasséieren, kann ee vläicht aus statisteschen Iwwerleeungen eraus als iwwerdriwwe betruechten, mä ganz falsch si se sécher och net.

Ëmsou méi musse mir et bedaueren, datt eis Uerdnungskräfte vill ze vill dacks vun der Politik an aneren Autoritéiten, och an der Justiz, negativ duergestallt ginn oder carrément am Stach gelooss ginn. Esou eng Behandlung verdénge si mat Sécherheet net, am Géigendeel, si verdéngen Unerkennung an Ënnerstëtzung!

Här President, d'Police a vill Hëllefsdéngschter si personalméisseg ënnerbesat. Am Verglach mam Ausland huet eis Police och esou gutt wéi keng Eegekompetenzen am Beräich vun der Geforenofwier, déi een op Franséisch oft als „police administrative" bezeechent. Ech denken do zum Beispill un d'Evakuatioun vun öffentleche Plaze manu militari, d'Lokalisatioun vu Leit, déi verschwonne sinn, wou net onbedéngt eng Strofdot virläit, oder och d'Identifikatioun vu Persounen. Gläichzäiteg ass si och am direkten Informatiounsaustausch mat der Öffentlechkeet, mat anere Verwaltungen a mat deenen auslännesche Polizeiservicer ganz staark an hire Méiglechkeete limitéiert.

Dat si Constaten, déi weisen, datt déi Regierungen an deene leschte Joren a Jorzéngten net genuch Gewiicht op d'Sécherheetsfroe geluecht hunn. D'Resultat ass, datt d'Problemer an deem dote Beräich eis lues a lues iwwert de Kapp wuessen. Et gëtt also héich Zäit, fir ëmzedenken! Symptomatesch dofir ass eben d'Gewalt géint d'Police.

D'Statistike schwätzen eng däitlech Sprooch. Am Joer 2000 goufen 155 Attacke vu Rebellioun an Outragë géint d'Police gezielt, am Joer 2009 woren et der schonn 352. Dobäi muss ee wëssen, datt ganz vill Poliziste ganz bewosst a verantwortungsvoll op Deseskalatioun a gefäierleche Situatioune setzen an och dacks drop verzichten, fir iwwerhaapt op de Wee vun enger Plainte ze goen. Dacks hëlleft et och, wann niewent deene méi jonke Polizisten och méi eelerer op der Plaz sinn, déi duerch hiren Alter, hir Autoritéit an Erfahrung kënne berouegend awierken.

Wann d'Police selwer duerch eng gutt Ausbildung vun hiren Agenten, duerch d'Präsenz vu Beamte mat Erfahrung um Terrain, duerch eng verantwortungsvoll Polizeitaktik, duerch eng staark numeresch Visibilitéit an e besonnent Optriede kann zur Berouegung vu gefäierleche Situatioune bäidroen - alles dat ass sécher wouer -, da muss een awer feststellen: De Problem läit definitiv net bei der Police, mä et läit an der Radikaliséierung vu groussen Deeler vun eiser Gesellschaft.

Besonnesch an der Stad, an do virun allem am Garer Quartier, zu Esch, zu Déifferdeng, Péiteng an Ettelbréck heefe sech déi Fäll vu Gewalt, a meeschtens geet et ëm Incidenten op der Strooss oder och an Diskothéiken oder Nuetslokaler. Och wann déi meescht vun deenen Uertschaften an der Noperschaft vun enger Grenz leien, wëll ech awer betounen, datt ënnert deene Leit, déi eng Rebellioun maachen, souwuel Lëtzebuerger wéi Netlëtzebuerger sinn an datt et och Résidentë wéi Nonrésidenten ënner hinne gëtt.

De Problem däerf also net soziologesch vereinfacht duergestallt ginn, mä e muss a senger Komplexitéit erkannt ginn, dann awer och éierlech an transparent beschriwwe ginn. Dofir froe mir d'Regierung an dëser Interpellatioun: Wéi huet sech d'Zuel vu Gewaltdelikter géint d'Autoritéitspersounen zënter dem Joer 2000 entwéckelt? Wie sinn d'Auteure vun deene Faiten no Alter, Beruff, Lieu de résidence an Nationalitéit? Wéini a wou geschéien déi meescht vun deene Gewaltakten? Gëtt et Etüden iwwert d'Ursaache vun deene Gewaltakten an hir Entwécklung, wat hir Schemata an hir Gravitéit ugeet?

Här President, et däerf een och net iwwersinn, datt d'Gewalt géint d'Police an aner Autoritéitspersoune sech an e Kontext aschreift, wou d'Kriminalitéit dauernd wiisst. Op 100.000 Awunner ass d'Kriminalitéit vun 2010 op 2011 ëm 14,7% geklommen. Hei sief just als Beispill op déi ëmmer méi héich Zuel vun Abréch verwisen.

Eng vun den Äntwerten op dës Situatioun ass, datt et wierklech héich Zäit gëtt, fir der Police méi Personal an zum Deel aner Prioritéiten ze ginn. Si muss iwwerall um Territoire genuch Leit hunn, fir a kuerzer Zäit kënnen anzegräifen. Dofir muss natierlech och de RIFO genuch Leit hunn. A besonnesch am Hibléck op déi Abréch, déi an der Grenzregioun geschéien, wëllt d'ADR alt nees eng Kéier op d'Noutwendegkeet vu sporadeschen, cibléierten a sënnvolle Grenzkontrollen opmierksam maachen. Oppe Grenze si schéin, awer et soll se just fir déi éierlech Leit ginn!

(M. Paul Helminger prend la présidence.)

Den Här Banneminister huet an Aussiicht gestallt, datt méi Zivilpersonal an der Police soll engagéiert ginn. Dat ass zwar erfreelech ze héieren, et muss ee sech allerdéngs d'Fro stellen, ob déi Ministeren, déi an deene leschte Joren d'Verantwortung fir d'Police haten, et net largement verpasst haten, am Beräich vum Rekrutement vu spezialiséiertem Zivilpersonal fir d'Police - ech denken hei an éischter Linn un Informatiker, Ingenieuren, Leit mat enger wëssenschaftlecher Ausbildung - e seriöe Rekrutéierungsplang opzestellen an ëmzesetzen.

Och am Beräich vun der Bekämpfung vun der Wirtschaftskriminalitéit brauch d'Police qualifizéiert Fachpersonal. Grad hei geet et net nëmmen duer, fir emol einfach e puer Leit anzestellen, wann een net weess, wéi dës Leit an déi bestehend Strukture kënnen am beschten integréiert ginn. Mir brauche kee Fléckwierk, mir brauchen e Konzept!

D'Fro kann och net sinn, ob ee soll Zivilpersonal oder uniforméiert Personal astellen. Wann d'Police ganz kloer méi qualifizéiert Zivilpersonal brauch a souguer an dësem Beräich en Nohuelbedarf huet, da wëllt dat awer kengesfalls heeschen, datt een elo kann op uniforméiert Polizeipersonal verzichten. Ganz am Géigendeel, mir brauche virun allem uniforméiert Leit um Terrain!

Wien d'Aktualitéit verfollegt, weess jo, datt d'Police sech ëmmer méi dacks muss géint en aggressive Mob vu 50 a méi Persoune wieren. Ausserdeem muss een och, fir eng Rei vun administrativen Aufgabe kënne korrekt ze erleedegen, eng zolidd Experienz um Terrain hunn. Et kënnt schliesslech dacks drop un, datt een d'Situatioune richteg aschätzt a versteet, wann ee se wëllt realitéitsno beschreiwen.

Sécher ass et net einfach, bei enger esou klenger Populatioun wéi eiser ëmmer genuch Leit fir d'Police ze rekrutéieren. Dat hänkt mat villem zesummen. Mir hunn awer och heiansdo am Stat déi falsch Prioritéite gesat a bei der Force publique net genuch agéiert. Mä d'Sécherheet ass einfach eng Käraufgab vun eisem Stat. Wa mir elo net ganz séier a ganz décidéiert handelen, schwäche mir d'Sécherheet an eiser Gesellschaft a mir riskéieren, wéi et och gesot gouf, Zones de non-droit ze kréien, an dat däerf et net ginn!

Mir mussen och kucken, datt d'Polizisten net resignéieren, wéi et scho bei anere Beruffer de Fall ass. D'Politik muss de Leit bei hire Problemer hëllefen, an net hinnen nach méi Problemer maachen!

Konkret wëll ech och u meng Question parlementaire vum 22. Dezember 2011 erënneren an eng Rei vu prezise Froe stellen. Éischtens, déi Jurisprudenz aus dem Joer 1959, déi ënnert dem Artikel 269 vum Strofgesetzbuch zitéiert gëtt: An eisen Aen ass et net akzeptabel, datt e pathologeschen, alkoholiséierten Zoustand soll kënnen zu Stroffräiheet am Fall vun enger Rebellioun féieren. Fir d'ADR ass et héchstens méiglech, fir an esou engem Fall op Circonstances atténuantes ze plädéieren. Och wann - oder grad well! - déi do Jurisprudenz an der Praxis kaum nach eng Roll spillt, muss se definitiv aus eisem Rechtswiese verschwannen.

Zweetens, et muss een iwwerleeën, ob mir eis net mussen eng Méiglechkeet ginn, fir Leit, déi physesch Gewalt géint Polizisten oder aner Autoritéiten asetzen, direkt no der Dot fir eng kuerz Zäit anzesetzen. Esou Moossname musse selbstverständlech vun alle rechtsstaatleche Garantië begleet sinn. Mä esou eng Démarche gesi mir als eng pädagogesch Mesure. Et kann net sinn, datt Gewalttäter eréischt no Jore vun der Justiz ze héiere kréien. Leit, déi géint Poliziste gewalttäteg sinn, sinn et jo och gär genuch géintiwwer vun deenen anere Leit a mussen dowéinst direkt d'Reaktioun vum Stat ze spiere kréien. Ganz allgemeng mussen, besonnesch wa Gewalt am Spill ass, Täter vill méi schnell viru Geriicht kommen.

Drëttens, mir däerfen d'Polizisten, déi Affer vu Gewalt gi sinn, net am Stéch loossen, weder juristesch nach psychologesch. Si brauchen eist Versteesdemech an eis Solidaritéit. En automatescht Recht op Rechtsbeistand misst de Polizisten, grad well si esou exposéiert sinn, nees gesetzlech zougestane ginn. D'Police muss och genuch Psychologen hunn, fir deene Leit ze hëllefen.

Véiertens, d'Poliziste verdéngen eist Vertrauen a selbstverständlech och dat vun der Justiz, well si si vereedegt, kompetent a gutt ausgebilte Beamten. Et geet net, datt si viru Geriicht als gewalttäteg duergestallt ginn, just nëmmen, well si zum Beispill eng Fouille corporelle gemaach hunn. Mir sollten eis dowéinst iwwerleeën, ob mir net sollten eng Présomption de légitime défense zugonschte vun der Police an eis Gesetzgebung aschreiwen.

Iwwregens misst all Polizist allzäit kënnen eng Fouille bei Persoune maachen, vun deenen hie mengt, datt e Sécherheetsrisiko kéint vun hinnen ausgoen. Et ass aus der Praxis eraus gesinn absurd, fir eng Fouille wëllen op eng Procédure judiciaire an de Code d'instruction criminelle ze reduzéieren, wéi et elo heiansdo diskutéiert gëtt. Aus deem Grond ass et geneesou onrealistesch, d'Fouillen nëmme just deene Poliziste virzebehalen, déi d'Qualitéit vum Officier de police judiciaire hunn. Déi meescht uniforméiert Polizisten, déi Dag an Nuecht op de Patrullen ënnerwee sinn, sinn nämlech net Officier de police judiciaire, mä Agent.

Fënneftens, mir wëllen, datt mir d'Poliziste fir Polizeiaufgaben am enke Sënn vum Wuert huelen an datt aner Déngschtleeschtungen am Sécherheetsberäich, wéi zum Beispill den Transport vu Gefaangenen, entweder vun anere Servicer gemaach ginn oder awer esou wäit wéi méiglech op e Minimum reduzéiert ginn. Dozou gehéiert och, datt an deem zukünftege Prisong zu Suessem Säll a Büroe fir d'Untersuchungsriichter an d'Rotskummer ageriicht ginn, amplaz datt geféierlech Gefaangener mussen hin an hier transportéiert ginn.

Sechstens, geneesou solle mir dréngend domadder ophalen, fir sougenannten Asylanten, déi emol net wëllen uginn, wou se hierkommen, ënner Polizeieskort op Bréissel ze bréngen, an der Hoffnung, fir si kënnen do mat der Hëllef vun den Ambassaden ze identifizéieren. Et ass un de Mataarbechter vun deenen Ambassaden, fir hire konsularesche Flichte gerecht ze ginn a fir sech heihinner ze déplacéieren, an net ëmgekéiert! Mir setzen eis Polizisten onnéideg a widderrechtlech enorme Risiken aus, well si an der Belsch iwwerhaapt net däerfen amtéieren an ënner normalen Ëmstänn och keng Waffen droen däerfen a se och scho guer net däerfe benotzen. Wat géif geschéie bei Akte vu Gewalt vu sougenannten Asylante géint Lëtzebuerger Polizisten zu Bréissel?

Här President, siwente Punkt: Dat Vertraue fir d'Beamte bedéngt och, datt si selwer sollen d'Protokollen an deenen Affäre schreiwe kënnen, wou si d'Affer vun engem Ugréff oder vun Incivilitéite gi sinn. Datt en anere Polizist dat ewell soll maachen, ass e vollkommen onnéidege Mësstrauensreflex géintiwwer den amtéierende Beamten. Deen eenzege Fall, wou mir als ADR esou e Prozedere kéinten envisagéieren, ass deen, wou e Polizist net nëmmen amtéiert hätt, mä och nach selwer am Virfeld Partei war, wéi zum Beispill an engem Noperschaftsstreit. An esou engem Fall wär seng Objektivitéit natierlech net garantéiert.

Mir verlaangen, datt besonnesch och de Parquet, dee jo all Dag mat der Police kooperéiert, säi Vertrauen an d'Police ënner Bewäis stellt. An net nëmmen dat: Och d'Justiz deet gutt drun, deeselwechte Respekt virun deenen anere Pouvoiren am Stat ze weisen, wéi d'Justiz och de Respekt vum éischten an zweete Pouvoir zegutt huet an en och kritt.

Ech wëll hei just drun erënneren, datt d'Justiz enorm Pouvoiren huet, déi an eisem aktuelle System praktesch kengem Contrôle duerch „check and balance" duerch déi aner konstitutionell Pouvoiren ënnerleien. D'Justiz soll déi Situatioun net als Blankoscheck interpretéieren, fir sech progressiv nach weider Pouvoire wëllen unzëeegnen, déi prinzipiell am Beräich vun der Legislativ oder vun der Exekutiv leien.

Och d'Verhältnis tëschent Justiz a Police soll dowéinst vun engem Geescht vu géigesäitegem Respekt gedroe si fir d'Aarbecht vun deem aneren, mä och fir déi eege Kompetenze vun deem aneren. D'Police, mä och d'Police judiciaire sollen als Institutiounen eng gewëssen Eegestännegkeet vis-à-vis vun der Justiz behalen. Grad dat ass haut wichteg am Sënn vun engem gesonden Équilibre, jo, vun enger Séparation des pouvoirs am Rechtsstat.

Schliesslech gëtt am Kontext vun der annoncéierter Polizeireform vun engem Comité d'accompagnement bestehend aus Magistrate geschwat, fir verschidde Funktiounen ze besetzen innerhalb vun der Police. Dat ass eng Verwëschung vun der Kompetenzentrennung am Rechtsstat, an déi kann net sënnvoll sinn!

Als Niewebemierkung stellen ech och d'Fro, ob et gutt ass, datt Vertrieder vum drëtte Pouvoir am Statsrot sëtzen, dee jo awer am legislative Prozess eng wichteg Roll spillt. Ech denken, datt all Pouvoir, och deen drëtten, sech sollt op säin eegenen Aufgabeberäich beschränken.

Aachtens, mir mussen eis Polizisten och an enger Formation continue ëmmer nees op gefäierlech Situatioune virbereeden. Ausserdeem - a geneesou och wéi bei der Arméi - musse mer Uecht ginn, datt d'Kadere vun der Police eng Schoulbildung hunn, déi den Ufuerderunge vum Beruff gerecht gëtt. Och well den Niveau vun de Schoulen an deene leschte Joren dramatesch gefall ass - an dat gesi mir an den Examen -, musse mer de Rekrutéierungsniveau an den Ënneroffizéieschkaderen an d'Luucht setzen. Déi Leit mussen einfach capabel sinn, fir sech korrekt an e puer Sproochen auszedrécken an och hir Rapporten an enger verständlecher an däitlecher Form ze redigéieren. Den Niveau vun den Examen däerf op kee Fall erofgesat ginn, just fir méi Leit ze rekrutéieren. Näischt géif der Kredibilitéit vun der Police mëttelfristeg méi schueden.

Néngtens, wa Polizisten eng Plainte maachen, well si Affer vu Gewalt gi sinn, kann et net sinn, datt si gesot kréien, datt si dann awer net vun deene gesetzlechen Dispositiounen am Kader vum Afferschutz kënne profitéiere wéi all déi aner Leit och. Geneesou wéineg kann et sinn, datt esou Affären einfach vum Parquet klasséiert ginn. Wat ass dat fir e Signal un déi Kriminell, datt si däerfen op Polizisten oder Buschauffere schloen, esou wéi se wëllen? A wat wëllt eis Justiz domadder de Poliziste soen? Ieren datt d'Gesellschaft net géif zu hinne stoen? Wëssen déi Leit, déi fir esou Décisioune verantwortlech sinn, datt si domadder d'Motivatioun vun der Police a Fro stellen?

Dowéinst wëlle mir vum Justizminister, deen haut leider net do ass, genee Zuele gewuer ginn: Zënter dem Joer 2000 si wéi vill Affäre wéinst Rebellioun virun d'Justiz komm? Wéi vill goufen der dovun einfach klasséiert a wéi vill Strofe goufen ausgeschwat? Wat huet dës Regierung konkret gemaach, fir géint d'Gewalt géint Autoritéitspersoune virzegoen? Wat sinn d'Resultater vun esou Moossnamen, wann et där da sollt gi sinn? A wéi eng Moossname wëllt dës Regierung huelen, fir eng besser physesch, moralesch a juristesch Ënnerstëtzung fir d'Autoritéits- an Amtspersounen ze garantéieren, déi Affer vu Gewalt goufen?

Här President, mir froen eis, ob mir eis net, wéi et dat am Ausland och gëtt, en eegent Polizeigesetz musse ginn, dat d'Kompetenze vun der Police genee regelt. Et ass dee falsche Wee, fir all déi Froen, déi dorënner falen, iwwert de Code d'instruction criminelle wëlle festzeschreiwen, wou vill vun deene Froen iwwerhaapt net erapassen.

A villen operationelle Situatiounen huet d'Lëtzebuerger Police däitlech manner Rechter, wéi zum Beispill d'Policen an Däitschland oder Frankräich.

Mir sollte jiddefalls emol en eegent Gesetz iwwert d'Fonction de police kréien, an deem eng ganz Rei vu Prozeduren a Kompetenze vun der Police souwéi den Informatiounsaustausch mat hir geregelt ginn, an zwar op eng Manéier, déi d'Effikassitéit vun der Preventiounsaarbecht an de polizeilechen Interventiounen och, mä net nëmmen, bei Strofdote garantéiert.

Am europäesche Kontext ass et och wichteg, datt d'Police ouni Ëmweeër direkt mat de Polizeiservicer aus den Nopeschlänner Informatiounen austausche kann. An dësem Zesummenhang sief drun erënnert, datt d'Regierung bis elo weder déi sougenannte schwedesch Initiativ, also d'Kaderdécisioun vum Conseil an deem Kontext, nach déi europäesch Prime-Décisioune vun 2008 ëmgesat huet.

D'Pièce maîtresse vun dem éischt genannte Rechtsinstrument ass dee sougenannte Principe de disponibilité, deen et soll erméiglechen, datt polizeilechen Informatiounsaustausch mam europäeschen Ausland zu deene gläiche Konditiounen erfollege kann, wéi dat och am internen Austausch normalerweis de Fall ass, an zwar ouni deen zäitopwännegen a komplizéierten Ëmwee iwwert déi justiziell Rechtshëllef.

D'Verbesserung vum Informatiounsaustausch tëschent de Polizeiservicer iwwert d'europäesch Bannegrenzen ass nëmmen dee scho längst fällege Corollaire zum Ewechfale vun de Grenzkontrollen an der Entwécklung vun der grenziwwerschreidender Kriminalitéit.

A grad well den Informatiounsaustausch mat deenen europäeschen an aulännesche Polizeiservicer esou wichteg ass, mussen déi polizeilech Informatiounssystemer och permanent weiderentwéckelt, ugepasst an ausgebaut ginn. Nëmmen esou legislativ Moossnamen, genee esou iwwregens wéi eis Propositioun vun der Présomption de légitime défense, kënnen d'Situatioun vun der Police an eiser Gesellschaft substanziell verbesseren.

An der kuerzer Zäit, déi mir zur Verfügung steet, hunn ech mech missen op d'Gewalt géint d'Police konzentréieren. Villes, wat ech elo gesot hunn, gëllt awer och fir déi aner Beruffer a Fonctiounen, déi ech a menger Aleedung opgezielt hunn. An och hei mussen d'Regierung, d'Verwaltungen an d'Justiz dréngend déi néideg Efforten a Reforme maachen, fir d'Eisebunner, d'Buschaufferen, d'Léierpersonal, d'Sécuristen an esou weider géint Incivilitéiten a besonnesch géint d'Gewalt ze schützen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Kartheiser och Merci. Deen éischte Riedner ass den honorabelen Här Kaes.

Débat

M. Ali Kaes *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorabelen Här Kartheiser huet elo grad seng Interpellatioun iwwert d'Problematik vun der verbaler a physescher Gewalt géintiwwer der Police, dem Personal aus dem öffentlechen Transport an aneren Autoritéitspersoune virgedroen.

Ech mengen, et ass wichteg a richteg, dass mir eis eng Kéier an dësem héijen Haus déi néideg Zäit huelen, fir eis intensiv mat dëser Problematik ausenanerzesetzen. Eng Problematik, déi net nei ass an zu där an der Vergaangenheet ganz vill Kolleeginnen a Kolleegen ëmmer erëm parlamentaresch Ufroe gestallt hunn.

Gewalt géint Polizisten an aner Autoritéitspersounen ass u sech e Gesellschaftsproblem, dee sech net reng op Lëtzebuerg begrenzt, mä deen een a ville Länner feststellt a wierklech mat Besuergnis verfollegt.

Dës Problematik ass u sech och net nei, mä dat, wat sech a leschter Zäit awer geännert huet, ass d'Intensitéit vun der Gewalt. Och kann een dës Gewalt, souwuel déi verbal wéi och déi physesch, net méi enger Zort vu Leit respektiv engem bestëmmte Milieu zouschreiwen. Dëse Klischee, Dir Dammen an Dir Hären, gëllt scho ganz laang net méi.

Gewaltbereetschaft an d'Iwwergréff op Persoune kommen u sech an alle gesellschaftleche Schichten a Milieue vir.

Derbäi kënnt, dass sech dës Zort vu Gewalt scho laang net méi just op eis Forces de l'ordre oder op d'Personal vum öffentlechen Transport beschränkt; och aner Beräicher, wéi zum Beispill eis Services de secours, sinn och alt schonn an hirer Missioun behënnert an och mat Gewalt konfrontéiert ginn.

Et mécht duerfir wéineg Sënn, Ursaachefuerschung ze bedreiwen, well déi sinn esou villfälteg wéi d'Acteure vun de Strofdoten. Et ass och schwéier, eng gewësse Mentalitéit an eiser Gesellschaft ze änneren, an d'Politik ass schlussendlech net derfir do, fir d'Leit ze erzéien.

Dat heescht awer elo net, dass mer virun dëser Problematik solle kapituléieren. Am Géigendeel, mir mussen eis Effortë verstäerken, fir dësem Gesellschaftsproblem entgéintzewierken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi rezent traureg Evenementer an der Belsch, wou e Polizist an e Mataarbechter vun de Bréisseler Busservicer an der Ausübung vun hire jeeweilege Beruffer hiert Liewe gelooss hunn, hunn u sech d'ganz Welt schockéiert a gewisen, dass an eiser Gesellschaft laang net méi alles an der Rei ass.

Mir kennen zu Lëtzebuerg d'Zifferen aus de leschte Jore vun den Iwwergréff vis-à-vis vun eiser Police - den Här Kartheiser huet der eng ganz Rei genannt. Ech hunn op der Policegewerkschaft hirer Homepage dann och dës Statistiken duerchgekuckt an hunn nëmme just d'Zuelen zënter dem 1. Januar vun dësem Joer, vun 2012 zréckbehalen: Do waren eleng 26 Rebelliounen an 20 Amtsbeleidegunge géint Polizisten.

Ma glécklecherweis oder Gott sei Dank ass dat, wat an der Belsch geschitt ass, den Ausnahmefall. Mir mussen eis awer och hei zu Lëtzebuerg mat alle Mëttelen, sief et juristescher oder awer och anerer Natur, dergéint wieren, dass esou eng Tragédie an eisem Land virkënnt.

Eppes léisst sech och bei eis feststellen: D'Respektlosegkeet, déi feelend Unerkennung vu staatlechen Institutiounen an déi niddreg Hemmschwell bei der Gewalt géint d'Police, d'Zuchbegleeder, d'Buschaufferen, Pécherten oder Leit aus de Pompjeeën oder dem Rettungswiesen huelen an engem erschreckende Mooss zou.

Fir d'CSV ass dat net tolerabel a si léisst ënner kengen Ëmstänn zou, dass dës Leit, déi am Déngscht vun de Bierger an der Allgemengheet hire Beruff ausüben, riskéieren, verbal oder physesch verletzt ze ginn an am schlëmmste Fall, esou wéi an der Belsch, hiert Liewe musse loossen.

Här President, d'Onzefriddenheet vu verschiddene Leit an eiser Gesellschaft däerf net um Bockel vun aneren onschëllege Leit ausgedroe ginn. Si si ganz kloer kee Fräiwëld, wat ee mir näischt dir näischt einfach esou kann attackéieren, ouni Rücksicht op Verloschter.

Fir dat ze ënnerbannen an ze vermeiden, dass et iwwerhaapt esou wäit kënnt, ass ganz kloer d'Politik gefuerdert, nämlech alles ze ënnerhuelen, fir all dës Leit beschtméiglech an hirem Alldag ze schützen.

Mir musse verhënneren, dass bei de betraffene Persounen an an der Öffentlechkeet d'Meenung opkënnt, dass d'Politik an awer och d'Justice d'Problematik net esou richteg eescht huelen an dës Faiten als Bagatellen oder Beruffsrisiko ganz einfach ofstempelen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis als CSV-Fraktioun bewosst, dass et keng Solution miracle gëtt, mat där all d'Problemer mat enger Kéier géife geléist ginn. Ech hunn an der Virbereedung zu menger Ried gelies, dass jo anscheinend op verschiddenen Niveauen intensiivst un engem Aktiounsplang geschafft gëtt, zu deem den Här Minister eis duerno wäert e puer Detailer ginn, wann et dann esou Virbereedunge fir en Aktiounsplang gëtt.

Ech wollt duerfir vun eiser Säit e puer Iwwerleeunge mat op de Wee ginn, wéi een dës ganz Problematik am Kader vun de Forces de l'ordre, mä awer och am Beräich vum öffentlechen Transport a bei anere Servicer kéint ugoen.

Fréier ass eng Uniform nach respektéiert ginn. Haut ass d'Bild vun der Police e ganz anert, éischter en negativt. D'Police gëtt net méi esou ugesinn, dass se derfir do ass, fir eis ze hëllefen, mä éischter als repressivt Iwwerwaachungsorgan vum Stat. Dorun ass awer sécherlech net d'Police schold, mä éischter d'Politik, well d'Police exekutéiert jo ganz einfach um Terrain nëmme just déi Gesetzer, déi mir hei an der Chamber stëmmen.

Duerfir ass et wichteg, dass mir d'Bild vun der Police duerch Géigemoossnamen an der Öffentlechkeet verbesseren. Dat kann op ville Pläng sinn. Dat kann duerch Broschüren, duerch Porte-ouverten oder den direkte Kontakt mam Bierger sinn. Och sollen d'gesellschaftlech Acteuren oder mir als Politiker, zum Beispill iwwert de Wee vun Informatiounen a Stellungnahmen um Radio, um Fernseh, ëmmer erëm op d'Wichtegkeet vun eiser Police hiweisen an ëmmer erëm och eist Vertrauen an eis Schätzung vis-à-vis vun der Police zum Ausdrock bréngen.

Da muss ee sech och froen: Wéi ass et mat der Ausbildung an der Formation continue vun eise Forces de l'ordre? Gëtt do genuch Gewiicht geluecht op Theme wéi Eegesécherung, Deseskalatioun, Konfliktschlichtung, Selbstverteidegung an nach esou munch anerer? Gëtt den Ëmgang mat verschiddene Gruppe vu Leit, wéi zum Beispill Jugendlecher, alkoholiséiert Persounen oder och Migranten a vill anerer, praxisno geübt?

Misst ee sech net och iwwerleeën, spezialiséiert Unitéiten an der Police ze schafen, déi jee no Aart a Weis vun Interventiounen an de Asaz géife geschéckt ginn? Ech denken do u speziell Antikonfliktteamer oder zum Beispill, wat e bësse méi extrem ass, eng Struktur wéi CRSen a Frankräich. Et stellt sech och d'Fro, ob der Police u sech dat adequat Material zur Verfügung steet, fir an déi eenzel Asätz ze goen.

En anere Léisungsvirschlag si méi streng Strofen. Ass d'Justiz an hiren Uerteeler fir de Moment streng genuch? Dat heescht, misst de Code pénal op verschiddene Punkten net verschäerft ginn, esou dass een eng méi ofschreckend Wierkung hannerléisst?

Täter vu Gewalt géint Polizisten, missten déi net geneesou staark an esou schaarf bestrooft gi wéi aner Gewalttäter? Well de Polizist jo eigentlech per Gesetz derzou verflicht ass, anere Mënschen ze hëllefen. Ass de Polizist, juristesch gesinn, genügend geschützt, wann e bei engem Asaz zum Beispill kierperlech aktiv muss gi respektiv vun der Waff Gebrauch muss maachen?

(Interruption)

Wann de Polizist bei klengsten Interventioune riskéiert…

M. le Président.- Här Kaes, géift Der dem Här Bettel erlaben, lech eng Fro ze stellen?

M. Ali Kaes *(CSV)*.- Selbstverständlech.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Ech wollt just dem Här Kaes d'Fro stellen, e seet, et misst méi streng bestrooft ginn. Duerfir ass d'Rebellioun jo awer do. D'Rebellioun ass jo eng Circonstance am Fong aggravante duerch d'Victime. Dat heescht, do gëtt jo awer schonn eng Distinctioun gemaach.

M. Ali Kaes *(CSV)*.- Mä et muss ee sech d'Fro stellen, ob dat alles duergeet. An ech kommen nach…, ech hunn nach e puer Erklärungen, an da gesitt Der vläicht, wat ech domadder mengen.

Wann de Polizist bei där klengster Interventioun riskéiert, eng Géigeklo un den Hals ze kréien, da soen ech Iech, da wäerte mer an Zukunft massiv Problemer kréien, nach jonk, motivéiert Leit ze fannen, déi dëse verantwortungsvolle Beruff wëllen ausüben.

Dat heescht net, dass de Polizist eng absolut Narrenfräiheet soll kréien, mä eng Garantie, dass hien an der Ausübung vu senger Missioun beschtméiglech um juristesche Plang ofgesécher ass.

Dir Dammen an Dir Hären, fir dass d'Police all hiren Aufgaben a Missioune gerecht gëtt, Missiounen, déi vun Dag zu Dag méi grouss, méi komplizéiert a méi gefäierlech ginn, brauche mir ganz kloer méi Polizisten a brauche mir nach méi spezifesch Ausbildung op déi nei Problematiken, déi si an hirem dagdeeglechen Asaz begéinen.

Ouni wëllen e Polizeistat ze ginn, sinn ech der Meenung, dass mir alles mussen drusetzen, de Beruff vum Polizist opzewäerten, fir dass mir genuch jonk Leit fannen, déi bereet sinn, dës responsabel Aufgab wouerzehuelen.

Dass mir an dësem Land an der Zukunft musse spueren, Dir Dammen an Dir Hären, dat läit op der Hand. Et wier awer falsch, et bei de Forces de l'ordre ze maachen. Hei si mir der Meenung, dass, wa mir mëttel- a laangfristeg an eisem Land wëllen Uerdnung halen a Gewaltakten, souwuel verbal wéi physesch, géigeniwwer Beamte respektiv ganz einfach och vis-à-vis vum Bierger wëllen a Grenzen halen, d'Zuel vun de Poliziste mindestens op d'Zuel eropgesat muss ginn, déi mir schonns eng Kéier festgehalen hunn, an dëst esou séier wéi méiglech. Et geet definitiv net duer, dass pro Joer knapps genuch Beamte vereedegt ginn, fir déi ze ersetzen, déi an d'Pensioun ginn.

A fir kuerzfristeg méi Leit, méi Polizisten op den Terrain ze kréien, wier et sécher eng Alternativ a misst een dat och méi am Detail kucken, fir dach awer eng ganz Rei vun administrativer Aarbecht vun Netpoliziste maachen ze loossen, fir dass déi Beamtinnen a Beamten, déi vereedegt sinn an déi u sech habilitéiert sinn, op den Terrain ze goen, beschtméiglech kéinten op den Terrain goen an esou enger grousser Zuel wéi iergendwéi méiglech.

Här President, sollte mer net, wéi et schonns u sech a villen anere Länner de Fall ass, iwwert d'Schafung vun enger Zort Schnellgeriicht nodenken, wou de Beschëllegten direkt bestrooft gëtt respektiv fir kuerz Zäit inhaftéiert ka ginn, amplaz dass den Täter op fräiem Fouss bleift an eréischt Méint méi spéit, wann iwwerhaapt, fir seng Dot bestrooft gëtt?

Eng kuerz Arrestatioun vun e puer Deeg géif deem engen oder aneren Täter och d'Geleeënheet ginn, iwwer säi Verhalen nozedenken - jo! - a géif vläicht derzou féieren, dass hie fir ëmmer an definitiv kuréiert wier, fir sech vun esou Aktioune fernzehalen.

Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Problematik am öffentlechen Transport ugeet, hu mer am Abrëll 2009 ee Gesetz gestëmmt, wat d'Sécherheet am Allgemenge bei der CFL an dat, wat d'Zuchpersonal ugeet, verbessert. Mir hunn deemools beim Personal e sougenannten Agent agréé agefouert, dee genausou wéi d'Beamte vun der Police an och der Douane d'Recht krut, de Leit hir Identitéit ze iwwerpréiwen, déi sech net un d'Reglementer an un d'Regelen am öffentlechen Transport halen. Nieft der Ausweidung vun de Kompetenze goufen och nach um Niveau vun de Sanktiounen eng Rei Saachen, eng Rei Dispositioune geännert.

Ech wollt an dësem Kontext de Minister froen: Wat huet dat Gesetz bis haut bruecht? Hunn déi verschidde Moossnamen, déi am Gesetz stinn, an der Praxis gegraff? Oder awer: Musse mir net op verschiddene Punkten nobesseren? Ee Problem zum Beispill, deen och net mam 2009er Gesetz geléist ass - jo, deen u sech nach ëmmer besteet -, ass deen, dass just d'Beamte vun der Police an der Douane d'Leit kënne forcéieren, e Bus, en Zuch, eng Gare oder en Arrêt ze verloossen.

Och wann heiansdo, awer dach ze seelen, Kontrolle vun der Police am öffentlechen Transport stattfannen, misst ee sech vläicht och iwwerleeën, ob et bei der Police net eng Cellule misst ginn, déi sech spezifesch an intensiv ëm d'Sécherheet am öffentlechen Transport an ëm de Schutz vun de Beamte vun der CFL këmmert. Dëst ass ënner anerem och eng Fuerderung vun der Chrëschtlecher Eisebunnergewerkschaft, dem Syprolux.

Et kann definitiv net sinn, dass ëmmer méi Beamten, wa se zum Beispill als Kontroller duerch den Zuch ginn, aus Angscht, agresséiert ze ginn, léiwer bestëmmte Persounen net kontrolléieren, de Billjee net kontrolléieren, net zu e soen, si missten d'Féiss uewe vun de Sëtzer erofhuelen an esou weider an domadder also u sech aus Angscht hir Aarbecht net méi korrekt maachen.

Et stellt sech an dësem Kontext dann awer och d'Fro vun de private Busentreprisen, déi fir den RGTR ënnerwee sinn. Wat ass op dësem Niveau an de leschte Jore geschitt, fir d'Sécherheet vun de Chaufferen an u sech deem ganze Personal am RGTR ze verbesseren?

Eng aner Form vu Gewalt am öffentlechen Transport ass de Vandalismus. Mir sinn der Meenung, dass sämtlech Infrastrukturen, ob dat d'Zich, ob dat d'Garen, ob dat Opfangparkingen, ob dat aner Infrastrukture sinn, mussen esou ausgebaut an ugepasst ginn, dass se éischtens ganz hell beliicht sinn a iwwersiichtlech a biergerno gestalt sinn. Eleng doduerch verhënnert een, dass bestëmmte Gewaltdoten u sech geschéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kéint hei nach eng Zäit laang weiderfuere mat Argumenter an Iwwerleeungen zu dëser Problematik. Wichteg ass, dass mir wëssen, dass mer als Politiker ganz kloer gefuerdert sinn, duerch entspriechend Moossnamen all déi Leit ze schützen, déi Dag fir Dag hir Aarbecht gewëssenhaft an engagéiert maachen, fir dass si dëser Aarbecht ënner normale Konditiounen, wat hir eege Sécherheet ugeet, kënnen nogoen. D'CSV wäert sech hei voll a ganz engagéieren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen och dem Här Kaes Merci. Deen nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut eng Interpellatioun (veuillez ajouter: iwwer gewalttäteg Attacke) géint am Fong déi Leit, déi eng Tenue un hunn, eng Autoritéitstenue - esou ass och jo d'Interpellatioun gefrot -, ob dat e Polizist ass, ob dat e Pompjee ass, ob dat e Kontroller am Zuch ass. Mä de Gros vun deene Leit, déi awer vun de Rebelliounen, vun dem Manque de respect betraff sinn - a kommt, mir sinn eis eens! -, ass d'Police.

Mir hunn d'Zuelen. Ech hunn och bei eis gekuckt. Mir hu souguer Pompjeeën - wann Der bedenkt! -, déi de Leit gären hëllefe kommen, déi do och nach geschloe ginn. De Code gesäit vir, dass et Coups et blessures gëtt, dat ass den 398 vum Code pénal. An doweinster selbstverständlech gëtt et jo och déi separat Rebellioun, déi am Titre 5 «Des crimes et des délits contre l'ordre public, commis par des particuliers» ass, deen och virgesäit, wat eng Rebellioun ass.

An Däitschland gëtt jo vun der Police och gären als „dein Freund und Helfer" geschwat. Mä wann ee kuckt, wéi d'Situatioun ass, wann d'Police op verschidde Plaze kënnt a wéi se do considéréiert gëtt, wéi se behandelt gëtt, dann ass dat einfach inakzeptabel.

D'Police ass jo do, fir d'öffentlech Sécherheet ze garantéieren an och fir d'Gesetzer anzehalen a fir dass d'Leit drun erënnert ginn, dat och ze maachen. Dat heescht, all Mënsch huet am Fong Interessi drun, dass d'Police hir Aarbecht och ka maachen. A gleeft mer et, wéi oft gëtt een drop ugesprach, an Dir gitt och alleguerte regelméisseg kontaktéiert, wou Der sot: „Ech hunn d'Police geruff, si ass net direkt komm."

Dat heescht, wann Der Hëllef braucht, sidd Der frou, alleguer, wann d'Police och kënnt. An dat soll een och ni vergiessen.

Trotzdeem, Här President, gesi mir, dass europawäit d'Zuele vun der Gewalt géint d'Polizisten zouhuelen. D'Zuele si scho gesot ginn. Um Site vun der SNPGL stoung nach virun e puer Minutten, dass vum 1. Januar u 26 Fäll vu Rebellioun schonn dëst Joer waren, a mir sinn nach net Enn Abrëll. Dat heescht, mir kommen elo gläich zu Enn Abrëll, mä an deene véier Méint si scho 26 Fäll. A wann ee bedenkt, dass 2009 der 27 waren an engem Joer, kann ee jo ganz genau kucken, wéi an dräi Joer d'Zuel augmentéiert huet.

Bon, plakeg Zuele ginn net duer. Ech hunn och Interpretatiounen. Et waren der, déi hei gesot hunn, dass d'Grenze misste fir déi propper Leit a fir déi éierlech Leit opgemaach ginn. Ech hunn d'Gefill hei, ech hätt Reditë vum Här Kartheiser gehéiert, déi een éischter am Moment a Frankräich héiert tëschent de Kandidate vum éischten Tour, wou déi, déi dat am meeschte gesot huet, elo am zweeten Tour net méi vertrueden ass, wou gesot ginn ass, et muss een d'Grenzen zoumaache fir déi net éierlech Leit.

Ech froen den Här Kartheiser ganz spezifesch, fir eng Kéier op d'Grenz ze goen an zu mir ze soen, wien en Éierlechen ass a wien en Netéierlechen ass. Den Délit de sale gueule - ech si frou, dass mer deen zu Lëtzebuerg net hunn, dass mer da bei de Leit kucke bei der Grenz, deen doten ass en Éierlechen, deen doten ass net en Éierlechen. Ech wier awer gespaant, wéi den Här Kartheiser d'Leit géif astufen, wa se hei gären an d'Land erakommen oder net erakommen.

Esou Proposen, Här President, kann ech net deelen a fannen ech déplorabel.

Une voix.- Très bien!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, ech hu virdru vun Zuele geschwat. Et ass déi physesch Gewalt. An da schwätzen ech emol nach net vun den Injuren. Well Injure ass och eng moralesch Gewalt, wou Der, wann Der fir Är Aarbecht op eng Plaz kommt, och nach vernannt gitt. Dat Schlëmmst selbstverständlech ass dat, wat elo an der Belsch geschitt ass, wou och nach eng Persoun iwwerrannt ginn ass. Mä et geet ganz wäit. Dir kënnt Iech net virstellen, wéi wäit d'Leit kënne goen. Ech hu vu Fäll héieren, wou d'Leit gebass gi sinn, wou den Typ gesot huet: „Ech hunn Aids an elo hues du es och. An du kriss eng Hépatite, an du kriss hei an du kriss do." Jo, eng Hépatite wor dat an deem heite Fall. „Déi hues du elo och. Ech späizen der an d'Gesiicht. Elo bass du krank."

Dat heescht, de Polizist huet just seng Aarbecht gemaach an en huet do während Woche missen zidderen, fir ze kucken, wat dann elo geschitt, an huet missen nees an d'Analysë goen, bei den Dokter misse goen, an d'Bluttanalys goen, fir ze kucken, ob en net iergendeppes opgeraf hat.

Mir hunn awer och eng nei Form vu Gewalt, Här President, déi einfach net akzeptabel ass. Dat ass déi, déi mer zum Beispill haten um Nationalfeierdag, wou mer do Honnerte vu Leit haten, déi op eng Kéier d'Police agresséiert hunn. Honnerte vu Leit!

Do gëtt et dann een Effet, wou op eng Kéier een deen anere ganz staark mécht an een deen anere schléit, an dann nach net nëmme mat der Fauscht. Et gi Fläsche geholl, et gi Staange geholl, an et si souguer Leit, déi Messeren hunn.

Dat heescht, et misst ee sech d'Fro stellen och, Här President, an déi musse mir eis stellen als Politiker, ob d'Police vläicht och e Respektsproblem huet. Dat heescht, dass d'Police net esou respektéiert gëtt, wéi se sollt respektéiert ginn, wa se och op eng Plaz kënnt.

Gëtt hir Autoritéit net méi akzeptéiert? An, ech mengen, do musse mir wierklech kucken, wéi een den Image och vun der Police ka verbesseren. Mä, ech mengen, virun allem hu mer och en allgemenge gesellschaftleche Problem, dee sech stellt, dee vun dem Regele respektéieren, ob am Transport, am öffentlechen Raum, an der Schoul.

Mir haten nach dës Woch eng Diskussioun, Här President, iwwert d'Poubellen. D'Leit maachen, wat se Loscht hunn. Regelen hin oder hier, et ass egal, vläicht gi se jo net erwëscht. Et gëtt eng ganz Zone de non-droit, wou d'Leit mengen, et hätt een hinnen näischt ze soen.

Ech hu Rapporte vun der Police gelies, Här President, wou d'Police dohinner kënnt a wou d'Leit soen: „Dir hutt hei näischt ze soen, hei ass bei eis." Dat ass och inakzeptabel.

Am öffentlechen Transport, wat verschidde Schaffner en Ticket froen a si kréien zréckgemault, an ech soen „gemault", well et ass esou. Si kréien emol net geäntwert, si kréien zréckgemault: „Du kriss keen!" Oder: „Ech hu keen." - an - „Du kanns…!"

Also, Dir kënnt Iech net virstellen, wat fir verschidde Situatiounen et gëtt. A wou de Kontroller, wann en eleng ass, léiwer net op Konfrontatiounskurs geet a léiwer drop verzicht, nach engem en Ticket ze froen, well e seet: „Wann ech deen doten elo nach eppes froen, da ginn ech och nach geschloen."

Dat sinn och Situatiounen, Här President, déi net akzeptabel sinn. An da geet et nach méi wäit, Här President, da gëtt et nämlech verschidde Leit, déi provozéieren d'Police. Wann d'Police bis kënnt, da provozéiere se d'Police, well se wëssen, dass et do nach iergendeng Instanz gëtt, déi IGP heescht. A bei der IGP brauche se nëmmen ze schreiwen, et ass iergendeppes geschitt, an dann ass de Polizist am Fong, dee Victime ka sinn, op eng Kéier en Täter ginn, andeem en…

Do musse mer och eng Kéier seriö driwwer diskutéieren, Här President, mat eiser Regierung, wéi déi Prozedur bei der IGP leeft. Well bei der IGP hutt Der eng Transparence, déi ass gläich bei null. Dir kritt do en „administrative Prozess" - tëschent Guillemeten - gemaach, andeem Der gesot kritt: „Dir hutt dat an dat, a mir maachen de Rapport." Mä Dir kritt keen Ableck, Dir kënnt och ganz schwiereg gesinn, wat een an där enger oder anerer Enquête, déi gemaach ginn ass, ka liesen.

Mir mussen am Fong deene Leit, déi eng Autoritéit hunn, d'Moyenë ginn, och dat ze maachen. Wat ass e Gesetz wäert, wann et net kontrolléiert ka ginn? Wat ass e Gemengereglement wäert, wann et net kontrolléiert ka ginn? Wat ass eng Obligatioun, fir Ticketen ze kafen, wann een net dierf froen? Näischt! Näischt!

Wann d'Leit op eng Kéier hir eege Regelen als Regel hunn, si mer an enger Gesellschaft, wou keng Regele méi zielen. An do ass och e Problem.

A wësst Der, d'Police, mir sinn eis och eens, mir froen och fir déi Incivilitéiten. Well de Problem ass, ech hunn Iech virdru vun deene Containere geschwat, wou d'Leit hir Poubellen dann néierleeën. Mä d'Incivilitéite gi vill méi wäit. Op eng Kéier ass et normal, dass den Hond op der Strooss, um Trottoir dierf seng Besoinë maachen, dass een et net muss oprafen. Da geet et bei de Poubellë weider. A wann een als Kand schonn derbäi ass a gesäit, dass de Papp an d'Mamm egal wat kënne maachen, och wann et verbueden ass, wou soll ee sech da soen duerno: „Firwat muss ech an d'Schoul goen? Firwat muss ech iwwerhaapt en Ticket kafen? A wann ech dat net kréien, wat ech gären hätt, da kritt deen dote Streech."

Dat si keng Wäerter, déi eis Gesellschaft sollt deenen nächste Generatioune vermëttelen. An awer de Risiko, dee besteet, wa mer do net oppassen.

Mir mussen dowéinst a mir froen och - an ech weess, dass den Här Innenminister, den Här Halsdorf, eis och gesot huet, dass en an déi Richtung wéilt goen -, dass zum Beispill d'Agents municipaux verschidde Kompetenze sollte kënne kréien. Ech soen net, dass mer eng Police bis brauchen, mä bei deene klengen Incivilitéiten, vun deenen ech geschwat hunn, déi den Ufank am Fong vum Problem sinn vun dem Non-respect vun de Gesetzer a vun de Gemengereglementer, wier dat eng Méiglechkeet, well Dir kënnt net vun der Police verlaangen, dass se kontrolléiere geet, wéini d'Poubellen erausgeholl ginn, ob den Hond säi Besoin um Trottoir gemaach huet oder net. Mä dat sinn zum Beispill Aarbechten, déi en Agent municipal kéint maachen, deen dat kéint constatéieren, an dat esou och kéint weidergoen.

Et ass jo eng Proposition de loi do vum Här Roth, vum Här Meyers a vum Här Schiltz. An ech wier jo frou, wa mer déi da séier kéinten op den Ordre du jour kréien - Här Kaes -, ob an d'Commission juridique oder an den Intérieur, mä et wier awer wichteg, well Är Kolleegen hu sech esou vill Méi ginn en plus, fir déi ze preparéieren. Et wier schued, qu'elle tombe aux oubliettes. An ech mengen, den Här Roth ass jo President vun der Commission juridique. Dir sidd President vun der Commission de l'Intérieur. Ech ka mer virstellen, dass tëschent Iech zwee den Dialog jo wäert gutt lafen, an dass mer, wann ech dat jo och hei froen, an deenen nächste Wochen dat op den Ordre du jour da kréien.

Une voix.- Mir maachen dat zesummen.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Ech soen Iech Merci. Här President, ech kréie schonn hei bestätegt, dass dat an deenen nächsten Deeg wäert kommen.

(Hilarité générale)

Ech freeë mech.

(Interruptions diverses)

Ech freeë mech. Ech ka mech selbstverständlech nëmmen driwwer freeën.

Här President, et gëtt och eng ganz Rëtsch vu Leit, déi mengen, si kéinten d'Police vernennen, si kéinte maachen, wat se Loscht hätten, well se souwisou net mat Konsequenzen ze rechnen hunn, well se sech soen - zu Hollerech, do hate mir de Fall: „Wann d'Police kënnt, si fannen net, wie mer sinn. A wa mer op de Policebüro kommen, an engem, zwee Joer kënnt vläicht eng Affär op d'Geriicht a bis da gëtt och vläicht klasséiert vum Parquet."

Hei muss ee selbstverständlech de Problem dès le départ kucken. Mä et muss een awer och soen, dass et bestëmmt net gutt ass, dass de Parquet Affäre méintelaang oder jorelaang duerno an eng Sitzung rifft.

Ech weess, dass de Barreau net begeeschtert ass vun der Comparution immédiate, sou wéi et se a verschiddene Länner gëtt. Mä hei wier awer a mengen Ae bei Coups et blessures dat Bescht, eng Comparution immédiate ze hunn. Samschdes hunn ech Dommheete gemaach, méindes kommen ech op d'Geriicht, a wann ech dann eng Woch muss sëtzen oder wann ech 80 Stonnen oder 60 Stonnen Travaux d'intérêt général kréien, da muss ech déi ebe maachen. An net sechs Méint, ee Joer, annerhalleft Joer duerno eng Kéier op d'Geriicht geruff ze ginn an da gesot ze kréien: „Jo, bon, wat hutt Der dann an Tëschenzäit gemaach? Jo, da kënne mer elo net méi direkt esou streng bestrofen." An da kënnt ee mat enger Amende oder mat e puer Stonnen TIG ewech.

Oder - an ech muss et soen, ech fannen dat och wichteg - Prisong mat Sursis, well ech mengen, dass hei Prisong mat Sursis bei Rebellioun, wat schlëmm ass - et ass kee Kavaléiersdelikt, et si scho schlëmm Faiten -, och eng Pressioun ass, wou een da gefällegst huet opzepassen.

De Problem ass och, mir gesi jo och d'Annoncen, wien huet net um Bus déi grouss Affichë gesi vun de Polizisten? Et sinn der zwee, dräi, déi een net esou gutt erkennt, déi vum Déminage an déi vun der USP an déi vun der Biosectioun. Dat sinn déi, déi mam Casque dodrop sinn. Mä all déi aner ganz sympathesch Gesiichter, déi am Fong engem soen: „Kommt bei eis, kommt bei d'Police!"

Tatsächlech! Si brauche Leit bei der Police. A wa se keng nei Leit kréien, da geet et esou weider, wéi et am Moment ass: net genuch Leit op den CPen, net genuch Leit op den CIen. An da muss méi Zivilpersonal agestallt ginn, fir dat eent an dat anert ze kompenséieren. An déi Formatioun ass net déiselwecht. An ech mengen, dass mer schonn eng richteg forméiert Police brauchen, déi och déi Formatioun, déi virgesinn ass, sollt hunn.

Firwat dat wichteg ass? Da kéint een op den Hotspoten - virdrun ass gesot gi vun der Gare, ech wëll keen Terrain och thematiséieren, wou méi Strofdote si wéi bei anerer -, zum Beispill op deene Plazen, wou ee mierkt, dass méi Problemer sinn, eng méi grouss Policepräsenz och hunn, an déi och op méi kriteschen Auerzäiten, wéi um Weekend.

Ech muss Iech just soen, déi Décisioun, déi ech do geholl hat an der Hollerecher Strooss, mat der Police hu mer driwwer zesummen diskutéiert, a säitdeem hu mer och am Moment kee Problem.

Här President, mir hunn och eppes entdeckt op Biller, wat ganz schlëmm war, viru Kuerzem bei der Eisebunn. Dat wor deen Acharnement op enger Victime, dat heescht, eng Persoun, déi scho k.o. ass, déi um Buedem läit, do nach zu e puer dropzeschloen, an der Hoffnung, dass déi Persoun ni méi erwächt.

Dat ass e Fait, an ech sinn och frou, ech hat eng Question parlementaire gestallt, wou den Här Biltgen gesot huet, dass do eng Circonstance aggravante sollt och am Code pénal drastoen, well deen Acharnement ass och net akzeptabel.

Mä dat beweist nach eng Kéier, Här President, wéi wäit verschidde Leit bereet kënne sinn, ze goen. A wéi gesot, dat Schlëmmst, wat ka geschéien, ass dat, wat an der Belsch viru Kuerzem geschitt ass. Mä et soll een net soen, dass dat néierens anzwousch aneschters geschitt. Et ass och hei zu Lëtzebuerg net wäit vun hei ewech um Boulevard Royal e Polizist a senger Aarbecht gefall, an et ass net deen Eenzegen, dee scho gesondheetlech Problemer hätt, well et schwätzt een elo vun Doudesfäll: Et si Leit, déi och mutiléiert sinn, et si Leit, déi en Handicap behale fir e ganzt Liewen. Et si Leit, déi e Schock behalen, et si Leit, déi krank sinn.

Dowéinst menge mer och, dass et immens wichteg ass. An et gëtt, Här President, nach zwou kleng Saachen. Déi éischt Saach ass, et gëtt jo vun där Jurisprudenz vun 1950 geschwat, dass do wéinst den… Also bei all Affär, déi ech um Geriicht hat, huet nach ni ee kënne soen, dass et eng Circonstance atténuante ass, wann ee voll war. Nach ni!

Well d'Jurisprudenz ass normalerweis constante, dass, wann ee voll war oder wann een Droge geholl huet, ee jo selwer sech an deen État gesat huet an dass dat net als Circonstance atténuante soll zielen.

Et ass op jidde Fall déi Jurisprudenz vum Här Klein, déi Jurisprudenz vun der Madame Kontz, déi Jurisprudenz vun der Madame Regenwetter, déi Jurisprudenz vun deene Leit, déi um Correctionnel ëmmer souzen, vun der Madame Jung.

Also, wann elo en neie Moment géif kommen, dass ee seet, dass, wann ee voll ass, dat Circonstance-atténuantë wieren, dat wier net normal, Här President. Well da mécht all Mënsch, ier en iergendengem eng Kugel an de Kapp schéisst, sech voll, en dämpt der zwou an da seet en: „Oh, et ass net meng Schold, ech wosst net méi, wat ech gemaach hunn."

Dat heescht, dat kann et net sinn, Här President. Mir sinn eis eens, dass et net eng Circonstance atténuante ka sinn, wa bei enger Rebellioun oder bei egal wat fir engem Fall ee voll ass oder dass een zou war. Dat ass inakzeptabel. Ech mengen, déi Persoun, déi sech an deen Zoustand brëngt, déi sech esou voll drénkt oder mat Drogen zoumécht, weess jo, wa se se hëlt, a wéi engem Zoustand se duerno ass.

An dann, Här President, leschte Punkt ass, an ech si frou, ech hunn do eng Äntwert och kritt vum Minister, well ganz vill Poliziste woren immens iwwerrascht iwwer eng gewësse Situatioun. An der Zäit, jorelaang, huet een als Polizist, wann een en plus Victime war bei enger Rebellioun, direkt - direkt! - vum Stat en Affekot gestallt kritt. Direkt! Et huet een dem Stat geschriwwen, et krut een direkt vum Stat gesot: „Guer kee Problem, Dir hutt en Affekot, Dir woort Victime." Am Artikel 32 Paragraph 4 vum Gesetz vun '79 steet: «L'État protège le fonctionnaire contre tout outrage ou attentat, toute menace, injure ou diffamation. L'État assiste l'intéressé dans les actions que celui-ci peut être amené à intenter contre les auteurs de tels actes.»

Eng Partie civile ass esou eng Aktioun. D'Partie civile ass esou eng Aktioun, well ech muss jo emol net als Zeie geruff sinn. Ech ka Victime sinn an emol net vum Parquet als Zeie geruff gi sinn. An dat heescht, da misst ech och nach kucken, wéini e Prozess ass an da kréien ech eng Convocatioun vum Parquet. Ech kéint da Schuedenersatz froe goen. An dowéinst ass ëmmer gesot ginn, dass een en Affekot kéint kréien.

Da krute verschidde Polizisten elo op deen Artikel gesot, et steet jo am Text: „Dans la mesure où il l'estime nécessaire, l'État…" Dat ass eng vun de Konditiounen, déi virgesi sinn. An dunn ass gesot ginn: „Jo, Dir wësst, um Tribunal correctionnel fir eng Partie civile brauch ee keen Affekot. Da kënnt Der kucken, selwer eens ze ginn."

Ech muss Iech awer soen, de Polizist, deen net weess, wéi et um Geriicht geet, fir eng Partie civile ze maachen, deen net weess, dass en e Certificat médical muss eraginn, deen net weess, dass en Dommages matériels ka froen, deen net weess, dass en Dommages esthétiques ka froen, deen net weess, dass en en Dommage moral ka froen, deen einfach virum Riichter steet an da gesot kritt: „Wëllt Der da Schuedenersatz?" - „Jo." - „Wéi vill?" - „Ech weess et net!", där Situatiounen hu mer schonn all erlieft, all erlieft!

An ech mengen, et ass eng Flicht. Den Här Kaes huet virdru gesot, fir bei der Police net ze spueren. Ech géif wierklech insistéieren op déi Demanden, well ech hunn hei esou Fäll gehat, da sinn d'Leit bei d'D.A.S. gaangen. An ech fannen et traureg, wa Poliziste musse bei d'D.A.S. goen, fir Rechtsschutz ze kréien. Ech mengen, wann e Polizist am Kader vu senger Aarbecht Victime ass vun enger Aggressioun vun enger drëtter Persoun, da musse mer wierklech hei an der Chamber och unanime averstane sinn, dass de Polizist awer op säi Stat, op säi Patron muss kënnen zielen, dee sech virun e setzt a seet: „Hei, du kriss vun eis en Affekot gestallt."

Net op där Affär Sue wëlle spueren, well dat Schlëmmst ass, deen aneren, dee vis-à-vis vun em steet, dee kritt vläicht Assistance judiciaire! Dee kritt vläicht vum Stat den Affekot bezuelt, an deen aneren, deen der dann nach laanscht d'Bake kritt huet, dee kritt kee Frang vum Stat an dee muss dann nach wa méiglech aus senger eegener Täsch dann esou en Affekot bezuelen.

Duerfir sinn ech frou, ech hunn och mat verschiddene Leit diskutéiert, déi am Ministère do schaffen, déi gesot hunn, dat wor eng Diskussioun mam Minister, an de Bréif seet mer, do misst een au cas par cas kucken. Ech wier frou, wann net au cas par cas géif gekuckt ginn a wierklech do de Polizist d'Garantie huet, dass en, wann e Problemer huet, och op säi Patron kann zielen. An dat ass de Stat.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Bettel och Merci. D'Madame Dall'Agnol kritt elo d'Wuert. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP)*.- Merci fir d'Wuert. Dir Häre Ministeren, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt ee jo d'Gefill net lass, wann een d'Zeitung liest, datt d'Gewalt an eiser Gesellschaft ëmmer méi zouhëlt. Kläppereie virun Diskoen; d'lescht Woch an den Noriichten zwou Fraen, déi vun hirem Partner schwéier verletzt goufen; e belsche Polizist, deen ëmbruecht gouf. An ech kéint mat de Beispiller eigentlech elo esou weiderfueren. Dësen Débat, dee soll jo haut och d'Geleeënheet bidden, fir eng e bësse méi nuancéiert Analys vun dëser aktueller Situatioun ze maachen.

Déi Beispiller, déi ech elo grad opgezielt hunn, déi hu jo och a priori näischt mateneen ze dinn, ausser datt se weisen, datt et offenbar ëmmer méi Leit an eiser Gesellschaft gëtt, déi schnell, ganz schnell d'Beherrschung verléieren an och do net dovir zréckschrecken, fir anerer ze verletzen oder souguer ëmzebréngen. Et ass also wichteg, datt mer och verstinn, wien déi Leit sinn, firwat déi Problemer zouhuelen an och, wat fir Situatiounen dee Gewaltrisiko méi héich maachen.

An trotzdeem, fäerten ech, sinn déi Méiglechkeeten, déi mer hunn, fir dësem Phenomeen entgéintzewierken, leider begrenzt. Wa mer driwwer schwätzen, wien Täter ass, da geet et och net, fir ganz Gruppe vu Leit ze stigmatiséieren. An och, wa Gewalttäter méi oft där enger wéi där anerer Nationalitéit ugehéieren, wa se éischter jonk si wéi al, dann däerfen d'Konklusiounen an der Populatioun net déi sinn, datt all d'Persounen aus engem bestëmmtene Grupp oder mat enger Nationalitéit ënner Generalverdacht stinn. Duerfir musse mer oppassen, wéi déi Diskussioun heibannen, mä och ganz speziell wéi déi Diskussioun dobausse gefouert gëtt.

De Vizepresident vun der Policegewerkschaft, den Erny Kohn, dee genau wéi seng Gewerkschaftskolleeginnen a -kolleege sech ganz vill mam Thema beschäftegt, beschäftege muss, dee sot an engem Interview mam „Lëtzebuerger Wort" heizou, an ech zitéieren en elo: „Viele der Täter haben einen Migrationshintergrund. Das ist eine Diskussion, die wir führen müssen, vor allem auf politischer Ebene. Wir müssen uns mit der Frage auseinandersetzen, warum das so ist. Erst die Ursachenforschung wird es ermöglichen, diesem Phänomen als Gesellschaft erfolgreich entgegenzutreten. Abwarten, bis etwas passiert, ist einfach nur unverantwortlich."

Duerfir, mengen ech, féiere mer jo och haut dësen Débat, dës Diskussioun hei, well mir, d'Politik also, wa mir se net féieren, da gëtt se dobaussen um Béierdësch gefouert, an ech mengen, d'Konklusiounen heivunner, déi kenne mer. An d'Leit mat enger extrem rietser Gesënnung, mengen ech, hunn näischt bis guer näischt an dësem Débat, an dëser Diskussioun ze sichen.

Et gëllt sech also mat den Täter auserneenzesetzen an erauszefannen, wat genau si dozou bréngt, fir géint d'Police ze rebelléieren oder aner Gewaltakten auszeüben, an dann och genau do unzepaken. An ech sinn net mam Här Kaes d'accord, wann e virdru seet, datt mer ebe just keng Ursaacheforschung misste maachen.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Dat bréngt mech dann och zu mengem nächste Gedanken: Wat geschitt dann haut mat Persounen, déi sech enger sougenanntener Rebellioun schëlleg maachen? Wéi a gi se bestrooft? Et gëtt jo haut an de Medien iwwer bal all Geriichtsuerteel in extenso bericht, a vläicht géif et och eppes bréngen, wann de Public an domat och potenziell Täter géife gewuer ginn, wat hinne blitt bei esou enger Dot.

Den Täter muss also gewise kréien, datt en hei eng Linn iwwerschratt huet, déi e besser net nach eng Kéier soll iwwertrieden. An d'Strofen, déi ausgeschwat ginn, déi sollen och pädagogesch wäertvoll sinn a virun allem, do sinn ech mat mengem Virriedner a Frënd Xavier Bettel eens, et kann net sinn, datt Strofen dräi Joer duerno kommen, se mussen esou séier wéi méiglech kommen, wa mer gären hätten, datt mer zur Ofschreckung bäidroen an net zur Noahmung vun esou Gewaltakten.

Dat heiten, dat beschränkt sech elo natierlech net nëmmen op d'Police. Well wéi vill Beamten op alle méigleche Plaze si verbaler Gewalt an Drohungen, an dat geet bis zu Morddrohungen, ausgesat? Ech kennen der op alle Fall eng ganz Partie, an Dir sécherlech och alleguerten.

Elo mag et natierlech sinn, datt deen een oder aneren net ëmmer ganz frëndlech ass, an et mag sécherlech och esou sinn, datt deen een oder deen aneren éischter eng Rebellioun eropbeschwiert wéi en aneren, mä och dat däerfe keng Entschëllegunge fir esou eng Dot sinn. Beamte si vereedegt a se hunn domadder jo och geschwuer, hire Beruff no beschtem Wëssen a Gewëssen auszeüben. An un der Politik ass et domat, derfir ze suergen, datt se eben déi néideg Autoritéit erëmkréien, déi an der leschter Zäit verluer gaang ass.

Wat d'Police ubelaangt, esou kann ech mech nach drun erënneren, wat fir e Gewiicht fréier esou eng Uniform hat. Do stoung d'Uniform um nämlechte Sockel wéi de Buergermeeschter, de Schoulmeeschter. Haut schützt déi Uniform allerdéngs net méi oder dréit zum néidege Respekt bäi; ganz au contraire, et ass éischter de Géigendeel.

A wann, wéi Nationalfeierdag, ech mengen, et war 2010 schonn, mussen zwielef Patrouillen op d'Plaz kommen, well 300 Leit sech dernieft behuelen, an déi Polizisten, déi als Éischt op d'Plaz komm sinn, ugegraff ginn - mat Fläschen an aner Objeten op se geschoss gëtt, emol dovun ofgesinn, datt se verbal beleidegt gi sinn -, dann, mengen ech, weist dat, datt iergendeppes net méi riichtleeft. A wa mer wëssen, datt an esou enge Fäll d'Gruppendynamik sech entwéckele kann an dann dacks Waffen am Spill sinn - Messeren, mä och Schosswaffen -, da mécht dat déi ganz Situatioun ëmsou méi dramatesch.

Mir sollen a mussen awer och bei dëser Diskussioun eis ëm d'Sécherheetsgefill vun der Populatioun Gedanke maachen. Wa Leit Angscht hunn, Affer vu Gewalt ze ginn, wa Leit ufänken, sech onsécher ze fillen, da steet dat, an dat wësse mer, net ëmmer am Verhältnis zum reelle Risiko. Dacks gëtt dat Gefill verstäerkt duerch déi alldeeglech Rücksichtslosegkeeten, an op eenzelner si meng Virriedner schonn agaangen.

Ech kann nach d'haart Musik dobäi soen; den Auto, deen s de einfach emol beim Noper an der Afahrt parks; den Dreck, dat ass scho gesot ginn, deen s de op den Trottoir geheis amplaz an d'Dreckskëscht; de Graffiti, deen s de moies un denger Hausfassad fënns. Alles dat suergt dann och derfir, dass de eenzel Gewaltverbrieche méi staark wouerhëls, an datt eben och Fuerderungen no méi haardem Duerchgräifen opkommen.

Mir däerfen a mir sollen awer trotzdeem net iwwerdreiwen. Ech mengen, datt kee vun eis sécherlech e Polizeistat wëllt, wou op all Eck muss e Polizist stoen, wou och op allen öffentleche Plazen op eng Kéier Videokameraen hänken. An als LSAP wëlle mir sécherlech och keng Gesellschaft, an där all Bierger wéi e potenzielle Verbriecher behandelt gëtt.

Mir mussen dofir déi richteg Mooss fannen, an dofir ass et och wichteg, datt d'Police sech net nëmmen op déi méi schwéierwiegend Forme vu Verbrieche konzentréiert, konzentréiere kann, mä dass se ebe just no um Bierger ass an och kleng Verstéiss eescht hëlt, wa se geheeft optauchen. Et ass ëmsou méi wichteg, wa mer net wëllen, datt d'Kompetenze vun den Agents municipaux, de sougenannte Pécherten also, esou ausgedehnt ginn, datt se quasi Polizeigewalt, Polizeirechter kréien.

Doriwwer eraus muss d'Police awer och an der Lag sinn, schnell anzegräifen; schnell anzegräifen, fir déi Leit ze schützen, déi riskéieren, Affer vu Gewalt ze ginn. An net zulescht mussen d'Polizisten och an der Lag sinn, sech selwer ze schützen, wa se Dag fir Dag mat Risikosituatiounen, wéi mer se alleguerte kennen, konfrontéiert sinn.

Hei musse mer dann och sécherlech d'Diskussioun iwwert de Gebrauch an och en eventuelle Mëssbrauch vu Schosswaffe féieren, d'Gesetz vun 1973 also, dat mer vläicht nach emol mussen op de Leescht huelen. Dat géif elo ze wäit féieren, do am Detail drop anzegoen. Ech wollt et awer just ernimmt hunn, well alles dat heite matenee verbonnen ass. D'Politik kann net nëmme Fuerderungen un d'Police stellen, si muss och déi Rahmebedéngunge schafen, déi et der Police iwwerhaapt erméiglechen, hir Missiounen optimal ze erfëllen.

Dobäi spillt natierlech, dat gouf och scho vun de Virriedner gesot, d'Formatioun eng wichteg Roll. Eis Polizisten haut, déi schaffen an engem extrem schwieregen Emfeld a brauchen dofir eng zolidd Ausbildung, och genuch Erfahrung, a se brauchen natierlech d'Aarbechtskonditiounen, déi där Tatsaach Rechnung droen, datt si eben e ganz schwieregen Job dagan, dagaus maachen.

E groussen Impakt huet dorobber natierlech, et wäert kee wonneren, de Rekrutement. Et mussen natierlech genuch nei Leit agestallt ginn, a virun allem mussen awer och déi richteg Leit agestallt ginn. De Beruff vum Polizist, dee muss erëm méi attraktiv si fir Leit mat engem gudde Schoulofschloss, déi och aner Alternativen hätten an déi sech bewosst fir de Beruff vum Polizist entscheeden.

Dat hänkt zum Deel of vun den Aarbechtsbedéngungen, déi ech virdrun ugeschwat hunn, an och vun de Carrièresperspektiven. Et hänkt awer och of vum Image vun eiser Police, an dat verlaangt natierlech och Effortë vun deene Leit, déi haut am Beruff sinn. An d'Gewerkschaften, de Minister an och d'Direktioun, déi gi jo och net midd, drop opmierksam ze maachen, wéi wichteg et ass, datt all Polizist sech esou behëlt, wéi et vun him verlaangt gëtt, an dat net nëmmen, wann e seng Uniform unhuet.

Well d'Poliziste vun haut, déi prägen den Image vun der Police a bestëmmen och doriwwer, wie muer Polizist wëllt ginn a sech dann och a senger Carrière engagéiert. E gudden Image verbessert och d'Unerkennung an de Respekt, deen de Bierger der Police entgéintbréngt, an natierlech erliichtert dat dann hir Aarbecht.

An d'Politik, déi muss hiert dozou bäidroen, fir genau déi doten Efforten ze ënnerstëtzen. Materiell natierlech, andeems se déi néideg Moyenen zur Verfügung stellt. Mä och soss, andeems se dem Thema, wéi haut de Mëtteg bei dëser Diskussioun hei, ebe genuch Opmierksamkeet schenkt an dann och mat de betraffenen Acteuren driwwer nodenkt, wéi een d'Aarbecht vun der Police méi liicht, besser a besser ka maachen, fir datt déi Ressourcen, déi mer hunn, eben optimal kënnen agesat ginn, an d'Police do op d'Plaz ka kommen an do op der Plaz ka sinn, wou se gebraucht gëtt, ënner anerem, wa Secouristen, Buschauffeuren, Contrôleuren am Zuch, et ass virdru souguer vun de Pompjeeë Rieds gaangen, wann déi mat gewalttätege Leit ëmmer méi konfrontéiert ginn, déi beim éischte falsche Geste riskéieren zouzeschloen.

Och ech wéilt de Minister nach eng Kéier op déi Jurisprudenz vun 1959 opmierksam maachen, wou et heescht, datt bei Rebelliounen, wou Alkohol am Spill ass, den Täter eigentlech manner haart bestrooft géif gi wéi ouni. Laut engem Interview och op RTL Radio Lëtzebuerg am Dezember mat engem Vertrieder vun der Policegewerkschaft géif nämlech dës Dispositioun och nach haut ugewannt ginn. An duerfir dann och meng Fro un de Minister, fir eng Erklärung heizou ze kréien.

Ech mengen, datt dat net onwichteg ass, zemools wann ech d'lescht Woch op der Internetsäit vun der Policegewerkschaft gesinn, datt bis dato op den 1. Januar net manner wéi 26 Rebelliounen an 20 Beleidegunge stattfonnt hunn - an d'lescht Joer der ganzer, oder iwwer 300! -, da waren der do sécherlech och drënner, déi ënner Alkoholafloss geschitt sinn.

An dann zum Schluss och nach eng Fro un de Minister: Wat geschitt dann elo, wa Leit sech bei der IGP oder bei der Direktioun iwwer e Beamte beschwéieren? De Generaldirekter, deen huet an engem Zeitungsinterview vu ronn 200 d'Joer geschwat. Wat geschitt dann do, wa Virwërf gemaach ginn, déi sech herno als net richteg erausstellen? Ausser, bon, datt deem Beamte jo dann näischt virgeworf ka ginn. Wat geschitt mat där Persoun, déi sech beschwéiert huet? Wann déi Persoun Uschëllegungen öffentlech mécht, gëllt dat dann als Verleumdung? An ech schwätzen elo natierlech hei net dovunner, vun engem Agent, deen net frëndlech genuch war. Ech schwätzen hei wierklech vu Virwërf wéi schloen oder Gewalt ausüben also.

Et ka jo eigentlech net esou sinn, datt eenzel Beamten dobausse geschleeft ginn an der Öffentlechkeet an, wann herno déi Virwërf entkräft ginn, datt se widderluecht ginn, datt dat Ganzt dann am Raum stoe bleift an de Beamte weiderhin als den Täter no baussen dosteet, an deen, wou déi falsch Virwërf u sech gemaach huet, weider als Affer dosteet. Ech mengen och, datt dat doten zu deem Autoritéitsverloscht bäidréit, ëm deen déi ganz Diskussioun haut de Mëtteg sech dréit.

Da wéilt ech och nach vum Minister wëssen, ob meng Informatioune richteg sinn, datt de Polizist, de vereedegte Beamten also, bei esou enger Affär als Zivilpersoun ugesicht géif gi wéinst Coups et blessures. Well wann dat esou wier, da kéint de Beamte jo net vu sengem Recht Gebrauch maachen, datt e laut Beamtestatut vum Stat ënnerstëtzt soll ginn, zum Beispill duerch en Affekot, well e jo eben als Zivilpersoun ugesicht gëtt.

E géif am Fong dem Stat seng Interessië vertrieden an duerno géif en awer als Zivilpersoun zur Rechenschaft gezu ginn. A wann dann d'Affär fale gelooss gëtt, da kréich dee Beamten awer eng Inscriptioun am Fichier central, datt hie wéinst Coups et blessures beschëllegt gi war. Ech mengen, datt do de Minister vläicht dat Ganzt kann an de Konzept (veuillez lire: Kontext) setzen.

Voilà, ech fir mäin Deel géif Iech op alle Fall elo Merci soe fir d'Nolauschteren. Ech hoffen, datt dës Diskussioun de Mëtteg kann zu konkrete Moossname féieren, wéi mer eis Beamte besser kënne schützen, an datt se och vläicht dozou bäidréit, fir e bësse manner Gewalt an eiser Gesellschaft ze hunn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Dall'Agnol. Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, kee ka bezweifelen, dass et Problemer an eiser Gesellschaft gëtt beim Anhale vun allgemenggültege Regelen. Dat weist sech net nëmmen an där vill zitéierter Gewalt géint Polizisten oder Buschauffeuren; all Schoulmeeschter a Léierin kann Iech vun Disziplinsproblemer scho vun der Spillschoul un erzielen.

Vandalismus ass net nëmme méi de Privileg vun éischter städtesche Gemengen, mä gehéiert och ewell zum Alldag an den Dierfer. D'Aggressivitéit am Verkéier erliewe mer alleguerten all Dag selwer. An de Respekt virun der Emwelt ass och an deene leschten 20 Joer net méi grouss ginn, wann ech gesinn, wat vu Béchsen a Béierfläschen am Stroossegruef läit. Jo, d'Rebellioun ass anscheinend souguer scho bei der Arméi gelant, wann ech op d'Affär vun de Boxemännercher däerf zréckkommen.

Dës Phenomeener, dat ass och scho gesot ginn, sinn net nëmmen typesch fir Lëtzebuerg. D'Parlamenter an Däitschland an a Frankräich hunn an deene leschte Jore scho méi wéi eng Kéier doriwwer diskutéiert an awer och légiféréiert. Iwwert d'Ursaache vun dësem Phenomeen gëtt schonn 20 Joer gefuerscht, gestridden an diskutéiert.

An et wonnert mech e bëssen, dass de Mëtteg an der Diskussioun awer net méi op déi Ursaachen, déi gesellschaftlech Ursaachen agaange ginn ass, well ech fäerten, wa mer dat awer net maachen, da bleift all dat, wat hei proposéiert ginn ass a wou een och kann driwwer diskutéieren - ech wäert herno dozou kommen -, da bleift dat awer eng Plooschter op en hëlzent Been.

Bei der Analys vun deem Phenomeen sinn eng Rei Leit, déi sinn éischter riets ze fannen. Déi maache sech et relativ einfach, déi soen: Schold un deem ganze Phenomeen ass déi 68er Revolutioun, déi all Grenzen ofgeschaaft huet, all Regelen eliminéiert an all Hemmungen op d'Säit gedréckt huet.

Et wonnert mech guer net, Här Kartheiser, dass Dir mam Kapp wénkt. Et hätt mech gewonnert, wann Dir net zu deene géift gehéieren. Mä, wéi esou oft bei der ADR, maacht Dir Iech d'Liewen e bëssen einfach! Ech wäert probéieren drop hinzeweisen, dass d'Problematik ganz e bësse méi komplizéiert ass, wéi wa mer just dat do als Ursaach géifen ugesinn.

Ech mengen, dass Dir Iech net wonnert, wann ech soen, dass déi gréng net zu deene gehéieren, déi soen, dat do wier d'Ursaach. Ech muss och ganz éierlech soen, dass mir als Gréng frou sinn iwwert déi Errungenschafte vun där 68er Revolutioun: Fräiheet, Toleranz, Transparenz, jo, an och kriteschen Ëmgank mat alle Forme vun Autoritéiten.

An ech soen hei ganz kloer an däitlech: Mir wëllen net do virdrun zréck, mir wëllen net an Zäiten zréck, wou eng Institutioun gesot huet, wat gutt a schlecht wier, nämlech d'kathoulesch Kierch. A mir wëllen och net zréck an Zäiten, wou e Kadavergehorsam géint all Forme vun Autoritéiten d'Regel war. Mir wëssen, wat an der Mëtt vum 20. Joerhonnert dorauser ginn ass!

A mir wëllen och net zréck, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an Zäiten, wou de sozialen Drock géint Minoritéiten esou grouss war, dass déi eng sech verstoppt hunn - ech denken hei un Homosexueller -, an dass anerer verstoppt si ginn - ech denken hei u Leit mat engem Handicap.

Et gëtt genuch Philosophen, Soziologen an aner Wëssenschaftler, déi ganz aner Ursaache gesinn an och net onbedéngt nëmme vun

engem Wäerteverloscht schwätzen, mä éischter vun engem Wäertewandel schwätzen an déi net nëmmen alles negativ gesinn, wat an deene leschte 40 Joer geschitt ass, mä eng ganz positiv Entwécklung hin an eng Richtung zu post-materielle Wäerter.

Et ass awer net ongewéinlech, dass an där Iwwergangsphas eng ganz Rei Leit do sinn, déi nach an där méi klassescher, traditioneller, autoritärer Phas zum Beispill grouss gi sinn, wou se och nach deelweis vun hiren Elteren an esou eng Richtung erzu si ginn, déi haut net méi eens ginn an där glécklecherweis méi fräier, toleranter a méi transparenter Gesellschaft. Ech denken do u ganz vill Jugendlecher, déi deelweis ganz vill desorientéiert sinn.

An net jiddwereen huet an enger Gesellschaft, wou net méi - a glécklecherweis! - déi eng oder aner Institutioun eleng seet, wat richteg a wat falsch ass, wat gutt a schlecht ass, jo, eng Rei Leit hunn do Schwieregkeeten, fir hir eege Regelen ze definéieren an déi Regelen esou ze definéieren, dass se wuel zu hirer fräier Entfalung bäidroen, mä awer net op d'Käschte vun der Fräiheet vun hire Matbierger a -biergerinne ginn.

Et muss een awer och soen, dass mer an enger Gesellschaft liewen, déi sécherlech nach ni esou op Leeschtung a Konkurrenz getrimmt war. An déi Gesellschaft, déi iwwerfuerdert och ganz einfach eng Rei vun hire Memberen! An ënnert dee Leeschtungsdrock fält och deen enorme Konsumdrock, deen iwwer Werbung, Marketing an aner Methoden op eis alleguerten an och d'Kanner vu klengem Alter u gemaach gëtt.

Wéi ech an d'Schoul gaang sinn, du war deen Drock net, dass een huet missen am véierte Schouljoer schonn deen neisten Handy hunn, soss war ee keen, an de Rucksak, deen een um Réck hat, war och relativ egal. An haut wësse mer alleguerten, déi, déi Eltere sinn, wéi grouss de Konsumdrock vun der Gesellschaft, vum Marketing ass. An dee fänkt eben net eréischt bei den Erwuessenen un, mä dee fänkt scho vill méi fréi am Kandesalter un.

An dann ass et awer esou, wa mer an esou enger Gesellschaft liewen, dass déi, déi, aus wellechen Ursaachen och ëmmer, aus intellektuellen Ursaachen, aus finanziellen Ursaachen, net kënne mathalen an dëser extremer Wuesstumsspiral, déi duerch déi technologesch Entwécklungen och ëmmer méi séier dréit, déi si frustréiert. An et muss ee kee Psycholog sinn, fir ze wëssen, dass bal ëmmer virun enger Aggressioun eng Frustratioun war oder eng Unhäufung vu Frustratiounen.

Ech mengen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer net kucken, wou an där dach materiell esou räicher Gesellschaft dee ville Frust an dann hannendrun déi vill Aggressioun hierkënnt, da komme mer net weider an deem Dossier. Da bleiwe mer bei der Symptombekämpfung an da wäerte mer an där Problematik, trotz enger Rei repressiver Methoden, déi hei elo opgeworf si ginn, do net weiderkommen.

Et gëtt, léif Kolleegen a Kolleeginnen, a leschter Zäit ëmmer méi Analysten, déi awer och nach eng ganz aner kloer Ursaach gesinn, wou déi ganz Problematik hierkënnt, nämlech dass ganz vill Elteren an där vu mir beschriwwener Leeschtungsgesellschaft mat hirem Erzéiungsoptrag iwwerfuerdert sinn.

Ech géif jiddwerengem, dee sech wëllt eeschthaft mat der Ursaachefuerschung vun deem Thema beschäftegen, e klengt Buch recommandéieren - et ass relativ séier gelies -, wat mech extrem iwwerzeegt huet, well et a mengen Ae ganz praktesch d'Problematik definéiert. Dat ass e Buch vun engem Sozialpsychiater, dee Michael Winterhoff heescht. An Däitschland huet déi Publikatioun och fir relativ vill Diskussiounen, och positiv Diskussioune gesuergt. Dat Buch heescht: „Warum unsere Kinder Tyrannen werden".

